n°7/ 2025









# GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL
DU 29.9.2025

# maville

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

# COMPOSITION DU CONSEIL COMMUNAL



Dan Biancalana,
bourgmestre LSAP



Loris Spina,
échevin LSAP



Josiane Di Bartolomeo-Ries,
échevine LSAP



René Manderscheid,
échevin LSAP



Claudia Dall'Agnol,
échevine LSAP



Martine Loullingen,
conseillère LSAP



Walter Berettini,
conseiller LSAP



Roby Goergen,
conseiller LSAP



Fabienne Dimmer,
conseillère LSAP



Diogo Costa,
conseiller LSAP



Michèle Kayser-Wengler,
conseillère CSV



Françoise Kemp,
conseillère CSV



Claude Martini,
conseiller CSV



Jean-Paul Gangler,
conseiller CSV



Semiray Ahmedova,
conseillère Déi Gréng



Yves Steffen,
conseiller Déi Gréng



Marc Meyer,
conseiller DP



Rosella Spagnuolo,
conseillère ADR



Carole Thoma,
conseillère Déi Lénk

Éditeur responsable: Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange
Retranscription: C. Colbett / Photos: Ville de Dudelange, Standart.
n°7/2025 - Parution: décembre 2025 - Imprimé au Luxembourg sur du papier recyclé et certifié FSC.

# SOMMAIRE


Rapport sommaire en français 5

Assermentations de Martine Loullingen et Walter Berettini 9

**1. Correspondance** **11**

**2. Approbation du tableau de préséance du conseil communal** **11**

**3. Circulation** **12**
3.1. Modification du règlement général de la circulation – réglementation de la rue Marie Berg-Clausse et de la rue Large
3.2. Approbation du règlement temporaire de la circulation à l'occasion des travaux de pose d'une conduite de refoulement pour eaux usées et de réseaux divers dans la rue de l'Etang

**4. Approbation du devis estimatif relatif à la pose d'une conduite de refoulement pour eaux usées** **14**
dans rue de l'Etang, phase 1, 2e partie (entre la rue Jean Jaurès et la place Am Duerf)

**5. Syndicat du Transport intercommunal de personnes dans le canton d'Esch-sur-Alzette (TICE)** **16**
Approbation de la convention passée entre le TICE, les communes membres du TICE et l'Etat du Grand-Duché de Luxembourg au sujet du financement et de l'organisation de l'exploitation des services de transports publics par le TICE

**6. Urbanisme et constructions – PAP « A Bëlleg »** **25**
6.1. Adoption de la proposition de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Particulier (PAP) « A Bëlleg » concernant des fonds sis à Dudelange aux lieux-dits « rue Triny Bourkel » et « rue Anne Holtz », présenté par le bureau d'architecture « WW+ » pour le compte de la société « FMC Promotions S.à r.l. »
6.2. Approbation de l'avenant à la convention d'exécution du Plan d'Aménagement Particulier (PAP) « A Bellëg », Phase 1
6.3. Approbation d'un acte de vente de terrain et vente en état futur d'achèvement relatif à la construction d'une crèche communale avec Monsieur Marc Pierre Marie HOFERLIN, la société à responsabilité limitée « FMC PROMOTIONS S.à r.l. » et la société à responsabilité limitée « M & F PROMOTION S. à r.l. »
6.4. Approbation du projet définitif (plans et devis) relatif à la construction d'une crèche communale située 3, rue Marion Hammang à Dudelange

**7. Approbation de l'exercice d'un droit de préemption sur la parcelle cadastrale n° 2578/8922** **36**
section A de Budersberg, située au lieu-dit « Rue de la Vallée »

**8. Finances** **37**
8.1. Résiliation du contrat de bail conclu avec l'État du Grand-Duché de Luxembourg concernant la location d'une partie de l'immeuble « Waldschoul » pour les besoins du Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse – Office National de l'Enfance (ONE)
8.2. Résiliation à l'amiable du contrat de bail conclu avec l'État du Grand-Duché de Luxembourg concernant la location d'un immeuble nommé « Pavillon D », sis au n° 20D, rue des Écoles
8.3. Résiliation du contrat de bail commercial de sous-location conclu avec la société MeLord S.à r.l. concernant la sous-location d'un local commercial, sis 77, avenue G.-D. Charlotte
8.4. Résiliation du contrat de bail commercial de sous-location conclu avec la société Kasadalux S.à r.l. concernant la sous-location d'une partie de l'immeuble commercial sis 38, avenue G.-D. Charlotte
8.5. Approbation du devis estimatif relatif à l'aménagement d'un mur de soutènement dans la rue des Ecoles
8.6. Approbation d'un crédit ordinaire spécial pour les festivités « Dem Grand-Duc seng feierlech Tournée »
8.7. Nouvelle fixation de la taxe pour les repas sur roues
8.8. Subsides extraordinaires à allouer

**9. Nomination d'un délégué au comité du SICONA-Sud-Ouest** **46**
(Syndicat Intercommunal pour la Conservation de la Nature du Sud-Ouest)

**10. Désignation d'un membre effectif à l'Office régional du Tourisme du Sud a.s.b.l.** **46**

**11. Remplacement de membres dans les différentes commissions** 51

**12. Personnel** 52
12.1. Création d'un poste de fonctionnaire communal à tâche complète, relevant de du groupe de traitement C1, sous-groupe administratif en surnombre et suppression du poste d'employé communal relevant du groupe d'indemnité B1, sous-groupe éducatif et psychosocial (accueil et réception)
12.2. Création d'un poste de fonctionnaire communal à tâche complète, relevant du groupe de traitement B1, sous-groupe technique et suppression d'un poste d'employé communal de la même catégorie (informatique)
12.3. Création d'un poste de fonctionnaire communal à tâche complète, relevant du groupe de traitement B1, administratif, en surnombre et suppression du poste de fonctionnaire communal de la même catégorie au moment du départ à la retraite du titulaire actuel (ressources humaines)

**13. Acquisition de cargobikes** 53
Motion soumise par la fraction « Déi Gréng »

**14. Résolution de solidarité envers le peuple palestinien** 56
Résolution soumise par la fraction « Déi Lénk »

**15. Questions au collège des bourgmestre et échevins** 63

# RAPPORT SOMMAIRE

**Présents** : Monsieur Dan Biancalana, bourgmestre ; Monsieur Loris Spina ; Madame Josiane Di Bartolomeo-Ries (à l'exception du point numéro 4 de l'ordre du jour) ; Monsieur René Manderscheid et Madame Claudia Dall'Agnol (à l'exception du point numéro 14 de l'ordre du jour), échevins. Madame Semiray Ahmedova ; Messieurs Walter Berettini, Diogo Costa ; Madame Fabienne Dimmer ; Messieurs Jean-Paul Gangler, Roby Goergen ; Mesdames Michèle Kayser-Wengler, Françoise Kemp, Martine Loullingen ; Messieurs Claude Martini, Marc Meyer ; Madame Rosella Spagnuolo ; Monsieur Yves Steffen; Madame Carole Thoma, conseillers. Messieurs Patrick Bausch, secrétaire communal ; Yves Goergen, secrétaire communal adjoint.

Début de la séance publique à 8.00 heures.

En début de séance, Monsieur le bourgmestre procède à l'assermentation de Madame Martine Loullingen et de Monsieur Walter Berettini comme nouveaux conseillers communaux de la fraction du parti politique « LSAP ».
Madame Loullingen prend la relève de Madame Martine Bodry-Kohn qui a démissionné du conseil communal avec effet au 15 septembre 2025 et Monsieur Berettini remplace Monsieur Romain Zuang avec effet au 20 septembre 2025. Après l'assermentation, Madame Loullingen et Monsieur Berettini tiennent leur discours inaugural.

**1 – Correspondance**

Le conseil communal prend connaissance de courriers du 4 août 2025, respectivement du 3 septembre 2025 émanant de Monsieur le Ministre aux Affaires intérieures par lesquels Madame Loullingen et Monsieur Berettini sont appelés à siéger au sein du conseil communal de la Ville de Dudelange.

**2 – Tableau de préséance du conseil communal**

Le tableau de préséance, fixant l'ordre dans lequel les conseillers remplacent, le cas échéant, les membres du collège des bourgmestre et échevins, comme suite à l'installation de Madame Martine Loullingen et de Monsieur Walter Berettini sur leur poste de conseillers communaux, est arrêté comme suit (conseillers par rang) : Madame Michèle Kayser-Wengler, Monsieur Jean-Paul Gangler, Monsieur Claude Martini, Madame Semiray Ahmedova, Madame Françoise Kemp, Monsieur Roby Goergen, Madame Fabienne Dimmer, Monsieur Marc Meyer, Monsieur Yves Steffen, Madame Rosella Spagnuolo, Madame Carole Thoma, Monsieur Diogo Costa, Madame Martine Loullingen, Monsieur Walter Berettini.

**3 – Circulation**

Les décisions suivantes en matière de réglementation de la circulation sont prises à l'unanimité :

3.1. la modification du règlement général de la circulation portant réglementation de la rue Marie Berg-Clausse et de la rue Large visant à permettre aux cyclistes de circuler à contresens ;

3.2. la réglementation temporaire de la circulation dans la rue de l'Etang à l'occasion des travaux de pose d'une conduite de refoulement pour eaux usées et de réseaux divers.

**4 – Pose d'une conduite de refoulement pour eaux usées dans rue de l'Etang, phase 1, 2e partie**

Dans le cadre du développement du quartier « NeiSchmelz », le projet prévoit la pose d'une conduite de refoulement pour eaux usées dans la rue de l'Étang, entre la rue Jean Jaurès et la place Am Duerf (phase 1, 2e partie). Cette conduite PEHD DA 315 mm permettra le transfert des eaux usées depuis la station de pompage centrale du PAP Centre « NeiSchmelz » jusqu'au collecteur derrière le bassin d'orage « Nord » à Dudelange-Burange en limite nord de la Ville. Les travaux incluent également le remplacement des réseaux gaz, eau potable, éclairage public, télécoms et électricité, ainsi qu'un réaménagement complet de la voirie (chaussée, trottoirs, pavés, bordures, siphons).

Un rétrécissement du carrefour avec la rue Jean Jaurès est prévu pour améliorer la sécurité piétonne. Le devis estimatif établi par le bureau Schroeder & Associés, en date du 9 septembre 2025, s'élevant à 1'280'000,- € TTC, est approuvé unanimement par le conseil communal.

**5 – Syndicat du Transport intercommunal de personnes dans le canton d'Esch-sur-Alzette TICE**

Le conseil communal approuve, par 18 voix pour et 1 voix contre (Déi Lénk), la convention de financement et d'organisation de l'exploitation des services de transports publics, conclue entre l'État du Grand-Duché de Luxembourg, le syndicat intercommunal TICE, et les communes membres. Cette convention, prenant effet le 1er janvier 2027, organise la transition vers un nouveau syndicat mixte État-communes. Celui-ci reprendra les missions du TICE, dans un contexte de fort développement de la Région Sud, de hausse attendue du trafic en transports en commun (objectif : 160'000 trajets/jour d'ici 2035), et de réorganisation stratégique du réseau (corridors bus à haut niveau de service, tram rapide, ajustements de lignes).

La convention définit également les modalités de dissolution et de liquidation du TICE, ainsi que les engagements des parties prenantes à entamer les procédures légales nécessaires à cette transformation.

**6 – Urbanisme et constructions – PAP « A Bëlleg »**

6.1. Le conseil communal adopte, par 18 voix pour et 1 abstention (Déi Lénk), la proposition de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Particulier (PAP) « A Bëlleg », concernant des terrains situés à Dudelange aux lieux-dits « rue Triny Bourkel » et « rue Anne Holtz ». Cette modification a pour but de rendre possible la réalisation de toitures

à 2 pans sur les maisons unifamiliales. La modification ponctuelle du PAP concerne seulement certains lots destinés aux logements de type « unifamilial ». Le dossier, présenté par le bureau d'architecture WW+ pour le compte de la société FMC Promotions S.à r.l., a été jugé complet et conforme au PAG, et n'a fait l'objet d'aucune objection durant l'enquête publique. L'approbation a également reçu un avis favorable du Ministre des Affaires intérieures.

6.2. Le conseil communal approuve aussi par 18 voix pour et une abstention (Déi Lénk), l'avenant à la convention d'exécution du PAP « A Bëlleg » – Phase 1. La convention d'exécution de la phase 1 du Plan d'Aménagement Particulier (PAP) « A Bëlleg » a été approuvée le 12 novembre 2021 par le conseil communal et le 1er décembre 2021 par la Ministre de l'Intérieur. L'avenant a été adopté afin de modifier la convention initiale notamment en ce qui concerne le phasage de la réalisation des constructions. L'objectif principal de cette modification est de supprimer la désignation précise des dix lots de maisons unifamiliales devant être construits lors de la première étape de la phase 1, pour permettre une plus grande flexibilité.

6.3 A l'unanimité est approuvé l'acte de vente notarié en état futur d'achèvement aux termes duquel Monsieur Marc Pierre Marie Hoferlin, la société à responsabilité limitée « FMC PROMOTIONS S.à r.l. » et la société à responsabilité limitée « M & F PROMOTIONS S.à r.l. » vendent à la Ville de Dudelange un bien immobilier sis rue Triny Bourkel, place (occupée) bâtiment en état futur d'achèvement, avec une contenance cadastrale de 65 ares 90 centiares et dont le prix de vente s'élève à 5'463'860,- €. L'immeuble en question est acquis par la Ville de Dudelange en vue d'y construire une crèche communale.

6.4 Par un vote à l'unanimité, le conseil communal approuve le projet définitif (plans et devis) pour la construction de ladite crèche communale. Le devis estimatif du 27 août 2025 s'élève à 8'450'000,- €.

**7 – Exercice du droit de préemption – rue de la Vallée**

Le conseil communal décide à l'unanimité d'exercer son droit de préemption sur une parcelle non bâtie située dans la rue de la Vallée, d'une contenance de 4,27 ares, en vue d'y développer un projet de logement. La parcelle sera acquise pour un montant de 45'000,- €.

**8 – Finances**

A l'exception de la décision sub point numéro 8.6, les décisions relatives aux finances communales sont prises à l'unanimité :

8.1 la résiliation du contrat de bail du 22 mars 2021, convenu entre le collège des bourgmestre et échevins et l'État du Grand-Duché, Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse – Office National de l'Enfance (ONE), avec effet au 31 décembre 2025, au sujet de la location d'une partie de l'immeuble « Waldschoul » ;

8.2 la résiliation à l'amiable du contrat de bail du 20 novembre 2014, conclu avec l'État du Grand-Duché, Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, concernant la location d'un immeuble nommé « Pavillon D », sis au numéro 20D, rue des Écoles ;

8.3 la résiliation du contrat de bail commercial de sous-location avec la société MeLord S.à r.l., au sujet de la location d'un local commercial, sis au rez-de-chaussée de l'immeuble 77, avenue G.-D. Charlotte, avec effet au 31 décembre 2025 ;

8.4 la résiliation à l'amiable du contrat de bail commercial avec la société Kasadalux S.à r.l., au sujet de la sous-location du local commercial, sis à Dudelange, 38, avenue G.-D. Charlotte avec effet au 30 septembre 2025 ;

8.5 le devis estimatif et le mémoire explicatif du bureau d'ingénieurs-conseils BEST pour un montant de 310'000,- € relatif à l'aménagement d'un mur de soutènement dans la rue des Ecoles, école Strutzbierg. Suite à l'apparition de fissures dans certains garages dans la rue des Écoles, le bureau d'études a été mandaté pour évaluer la stabilité du mur de soutènement mitoyen. La solution retenue consiste en la mise en œuvre du système d'injections-clouage BST, permettant de stabiliser le mur existant de manière efficace, avec un impact limité sur les structures voisines et une mise en œuvre maîtrisée.

8.6 le conseil communal approuve, à la majorité, 15 oui (LSAP, CSV, ADR), 1 non (Déi Lénk) et 3 abstentions (Déi Gréng, DP), l'inscription d'un crédit spécial de 500'000,- € au budget 2025 pour financer l'organisation des festivités officielles liées à la tournée du Grand-Duc Guillaume à Dudelange, le 4 octobre 2025, à l'occasion de son avènement au trône. Ce crédit couvrira la logistique, l'accueil protocolaire, la sécurité ainsi que les manifestations culturelles et festives prévues. La dépense est financée par le boni du budget initial 2025 ;

8.7 il est décidé, à l'unanimité, de modifier le chapitre XXI du règlement-taxes général, suite à une notification de Servior datée du 29 août 2025 concernant l'augmentation des coûts de production et de livraison des repas sur roues. À compter du 1er janvier 2026, le prix d'un repas sur roues livré aux personnes âgées et/ou invalides est fixé à 20,38- €.

8.8 les subsides extraordinaires suivants sont accordés unanimement : 500,- € à l'a.s.b.l. « Noël de la rue » en tant que soutien financier pour l'année 2025 ; 200,- € à AIKIDO-DOJO Diddeleng, Aéro-Club Diddeleng, APELNB Elterekomité LNB, ASTRONOMES Amateurs du Luxembourg, Badminton Club Diddeleng, Dësch Tennis Diddeleng, Boxing Club Dudelange, Cercle de Billiard Dudelange, Comité Les Bons Voisins (2 stands), LGS-Grupp St Jean Diddeleng, Diddelenger Turnveräin, Fuesverain Knabbermais, Judo et Ju-Jitsu Dudelange, Rugby Club Terres Rouges, Union luxembourgeoise des femmes Baha'ies, Ecole de Théâtre de Dudelange asbl, Harmonie Municipale Dudelange, pour avoir participé à l'édition 2025 de Summer, Spill a Spaass.

**9 – SICONA Sud-Ouest**

Comme suite à la démission de Monsieur Romain Zuang en tant que membre du conseil communal, il revient au conseil communal de procéder à son remplacement comme délégué de la Ville de Dudelange au sein du comité du Syndicat Intercommunal pour la Conservation de la Nature du Sud-Ouest, en abrégé « SICONA-Sud-Ouest ».
Deux candidatures ont été présentées, celles de Madame Semiray Ahmedova et de Monsieur Diogo Costa, conseillers communaux. Comme suite au vote secret effectué conformément à la loi, Monsieur Costa obtient 10 voix et Madame Ahmedova obtient 9 voix. Monsieur Diogo Cos-

ta, conseiller communal, est nommé délégué de la Ville de Dudelange au comité du « SICONA-Sud-Ouest » en remplacement de Monsieur Romain Zuang.

**10 – Office régional du Tourisme du Sud a.s.b.l.**

Comme suite à la démission de Madame Martine Bodry-Kohn en tant que membre du conseil communal, il revient au conseil communal de procéder à son remplacement en tant que membre effectif de l'Office régional du Tourisme du Sud a.s.b.l.. Deux candidatures ont été présentées, celles de Monsieur Walter Berettini et de Monsieur Marc Meyer, conseillers communaux. Comme suite au vote secret effectué conformément à la loi, Monsieur Berettini obtient 10 voix et Monsieur Meyer obtient 9 voix. Monsieur Walter Berettini, conseiller communal, est désigné membre effectif de l'Office régional du Tourisme du Sud a.s.b.l. en remplacement de Madame Martine Bodry-Kohn.

**11 – Commissions consultatives**

Par des votes séparés, le conseil communal, approuve à l'unanimité les changements suivants dans la composition des commissions consultatives communales :
1. Commission pour la Promotion du centre commercial Membre City Manager Claude Bizjak remplace Claude Leners
2. Commission de l'enseignement musical- Membre LSAP Roby Goergen remplace Martine Bodry-Kohn
3. Commission des finances, du budget et de l'économie - Membre LSAP Roby Goergen remplace Maximilien Marinov
4. Commission de la culture - Membre LSAP Martine Bodry- Kohn remplace Eric Antoine
5. Commission des subsides pour études secondaires et post-secondaires - Membre LSAP Romain Zuang
6. Commission des actions sociales - Membre LSAP Eric Antoine remplace Martine Loullingen, Membre LSAP Sonja Loullingen-Ludovicy remplace Walter Berettini
7. Commission pour l'aménagement communal et le programme d'action local (PAL) - Membre LSAP Roby Goergen remplace Romain Zuang, Suppléant LSAP Diogo Costa remplace Roby Goergen
8. Comité de pilotage du pacte communal du vivre-ensemble interculturel - Membre LSAP Walter Berettini remplace Martine Bodry-Kohn
9. Comité d'accompagnement sur le suivi des processus participatifs - Membres LSAP Diogo Costa remplace Martine Bodry-Kohn
10. Pool des Remplaçants: Membres Déi Greng Madame Karolina Markiewicz.

Avec 15 voix et 4 abstentions sont ensuite approuvés les changements suivants :
1. Commission du vivre ensemble interculturel - Président LSAP Walter Berettini remplace Martine Bodry-Kohn
2. Commission de la culture - Président LSAP Martine Loullingen remplace Martine Bodry-Kohn
3. Commission du jumelage et du tourisme - Président LSAP Walter Berettini remplace Martine Bodry-Kohn
4. Commission des subsides pour études secondaires et post-secondaires - Président LSAP Martine Loullingen remplace Romain Zuang
5. Commission de la famille - Président LSAP Martine Loullingen remplace Roby Goergen
6. Commission de surveillance de la restauration scolaire et des crèches - Président LSAP Josiane Di Bartolomeo-Ries remplace Romain Zuang

**12 – Personnel**

Les décisions suivantes en matière de personnel communal sont prises à l'unanimité des voix :

12.1 Création d'un poste de fonctionnaire communal à tâche complète, relevant de la catégorie de traitement C, groupe de traitement C1, sous-groupe administratif en surnombre, pour les besoins du service accueil et réception et suppression du poste d'employé communal corrélatif relevant de la catégorie d'indemnité B, groupe d'indemnité B1, sous-groupe administratif ;

12.2 Création d'un poste de fonctionnaire communal à tâche complète, relevant de la catégorie de traitement B, groupe de traitement B1, sous-groupe technique, pour les besoins du service informatique et nouvelles technologies et suppression du poste d'employé communal corrélatif de la même catégorie d'indemnité ;

12.3 Création d'un poste de fonctionnaire communal à tâche complète, relevant de la catégorie de traitement B, groupe de traitement B1, sous-groupe administratif en surnombre, pour les besoins du service des ressources humaines et suppression du poste de fonctionnaire communal relevant de la même catégorie au moment du départ à la retraite du titulaire dudit poste.

**13 – Acquisition de Cargobikes**

– Motion soumise par la fraction Déi Gréng –

La fraction « Déi Gréng », par sa motion, désire e.a. inviter le collège des bourgmestre et échevins à procéder à l'acquisition de deux Cargobikes et d'un abri sécurisé en 2026, pour encourager leur utilisation dans la flotte communale et leur prêt aux commerçants, en collaboration avec le City Manager. L'initiative est inspirée de la pratique d'Esch-sur-Alzette. Après avoir échangé les opinions sur la motion, et recueilli les avis de toutes les factions politiques représentées au sein du conseil communal, le conseil communal, après délibération, rejette la motion soumise par 10 voix (LSAP) contre 9 (CSV, Déi Gréng, DP, Déi Lénk, ADR).

**14 – Solidarité envers le peuple palestinien**

– Résolution soumise par la fraction Déi Lénk –

La fraction Déi Lénk, par sa résolution, désire inviter le conseil communal de la Ville à exprimer sa solidarité envers le peuple palestinien. Après avoir échangé les opinions sur la résolution, et recueilli les avis de toutes les factions politiques représentées au sein du conseil communal, le conseil communal, après délibération, approuve la résolution soumise en faveur des droits humains et de la solidarité internationale, à la majorité, 12 voix pour (Déi Lénk, LSAP, Déi Gréng), 1 contre (ADR) et 5 abstentions (DP, CSV).

Le conseil communal de Dudelange, (1) condamne fermement le raid du Hamas du 7 octobre 2023, tout comme les attaques sans mesure du gouvernement d'Israël contre la population civile palestinienne ; (2) exige un cessez-le-feu immédiat dans la bande de Gaza, la libération de tous les otages et prisonniers de guerre et un accès sans

restriction à l'aide humanitaire ; (3) condamne tous les projets d'annexion unilatéraux du gouvernement d'Israël ; (4) exprime sa solidarité envers le peuple palestinien ; (5) souhaite exprimer cette solidarité en levant le drapeau palestinien sur la place de l'Hôtel de Ville jusqu'à un cessez-le-feu dans la bande de Gaza.

**15 – Questions au collège des bourgmestre et échevins**
Les questions suivantes ont été soumises au collège des bourgmestre et échevins : (1) fraction Déi Gréng – automatisation du versement de l'allocation de vie chère aux personnes y ayant droit ; (2) fraction Déi Gréng – communication autour de la journée de la mobilité ; (3) fraction Déi Gréng – éclairage du complexe scolaire Strutzbierg. Le collège des bourgmestre et échevins exprime répondre par écrit aux questions lui soumis dans le délai d'un mois, ceci conformément aux dispositions de l'article 25 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988.

La réunion se poursuit ensuite à huis clos. Fin de la séance vers 14.00 heures.

***

# GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 29.09.2025



**Assermentatioun vun der Madame Martine Loullingen an dem Här Walter Berettini als nei Gemengeconseillere vun der politescher Partei LSAP**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Voilà, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, léif Vertrieder vun der Press, léif Gäscht vu baussen, häerzlech wëllkommen hei an eisem Gemengerot, deen elo no der Vereedegung vun zwee neie Gemengeconseilleren a senger Kompositioun komplett ass. Et ass jo och ëmmer esou, wann en neie Gemengeconseiller, eng nei Gemengeconseillère d'Mandat untrëtt, och d'Geleeënheet huet, e Maiden Speech ze maachen. An dofir géif ech dann d'Wuert direkt weiderginn un d'Martine Loullingen.

MARTINE LOULLINGEN (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Här Buergermeeschter, léif Schäffen, léif Conseilleren, léiwe Gemengesekretär, léif Leit heibannen, fir d'éischt wëll ech menger Virgängerin, dem Martine Kohn, vu ganzem Häerzen e grousse Merci soen. Hatt huet an deene leschten aacht Joer mat vill Passioun an Asaz d'Interesse vun eiser schéiner Stad Diddeleng vertrueden. Mat senger Aarbecht huet hatt wichteg Impulser ginn, Projeten ëmgesat a sech fir d'Wuel vun eise Biergerinnen a Bierger agesat. Fir mech ass et eng grouss Éier, seng Nofolleg unzetrieden a meng Ambitioun ass et, dës Aarbecht a sengem Sënn weiderzeféieren. Op dëser Plaz wëll ech dann och dem Roby Goergen häerzlechst felicitéieren zu senger Ernennung zum neie Fraktiounssprriecher, souwéi dem Walter Berettini, deen dem Romain Zuang säi Mandat iwwerhuele wäert. Iwwert eise Romain Zuang wäert de Walter Berettini herno nach e puer Sätz soen. Ech muss soen, datt ech mech jiddefalls immens freeë mat dëser Ekipp zesummen ze schaffen.

Haut sëtzen ech, déi éischte Kéier als Conseillère ënnert Iech, fir mäi Mandat unzehuelen, wat aus dem Vertraue vun de Biergerinnen a Bierger erwuess ass, fir politesch Verantwortung am Numm vun de Wielerinnen a Wieler ze iwwerhuelen. Fir mech war et ni nëmmen eng Fro vu Politik, mee et ass eng Fro vu Léift zu eiser Stad. Diddeleng ass meng Heemescht, eng Plaz, déi ech a mengem Häerz ze droen. Dowéinst hunn ech och d'Entscheedung getraff, mech politesch anzebréngen. Ech wëll, wéi mir all hei am Sall, dat Bescht fir eis Stad a fir all d'Generatiounen. Als Enseignante läit eng vu mengen Haaptprioritéiten natierlech ganz kloer bei eise Kanner a bei eiser Jugend. Meng deeglech Aarbecht mat de Schülerinnen a Schüler weist mir, wéi wichteg et ass, déi richteg Weiche fir d'Zukunft ze setzen. Ech sinn all Dag mat dëse Jugendlechen zesummen, déi net nëmmen d'Zukunft vu muer sinn, mee och schonn haut present sinn an eis brauchen. Si sollen iergendwann eis Gesellschaft droen.

Ech spieren all Dag déi Verantwortung, déi mir hunn, fir hinnen déi bescht méiglechst Opportunitéiten a Possibilitéiten ze bidden. Si brauche Plazen, wou si sech entwéckele kënnen, wou si eng Stëmm kréien a sech entfale kënnen. Wat mir decidéieren, muss hinnen elo hëllefen an awer och esou nohalteg sinn, datt et och an Zukunft Bestand huet. Well déi nächst Generatioune wäerten eis op d'Decisioune vun haut beurteelen an dovu musse mir gewëssenhaft handelen. Vill geléiert hunn ech och duerch mäi laangjäregt Engagement am Lycée Guillaume Kroll am Kader vum Projet Mosaic, wou mir de base mat Decrocheure respektiv mat Schülerinnen a Schüler schaffen, déi Schwieregkeeten hunn. Dëst huet mir gewise wéi vill ënnerschiddlech Schicksaler hannert all Mënsch stiechen, sozial, familiär oder och perséinlech. Dat huet mech geléiert, Empathie a Gedold ze hunn an ëmmer nees no neie Léisungen ze sichen. Et weist och, datt hannert all Zuel an all Statistik Mënsche stiechen, déi eng Chance verdéngt hunn. A genee dat motivéiert een zousätzlech, sech politesch dofir anzesetzen, datt keen am Stach gelooss gëtt.

Do si mir och direkt bei engem weidere wichtege Punkt, dee mir perséinlech immens um Häerz läit: dat Soziaalt. Eng Stad ass just sou staark wéi hiert schwächste Glidd. Ech wëll mech dofir asetzen, datt Solidaritéit net just e Wuert bleift, mee eng Realitéit ass, déi am Alldag gelieft gëtt. Ee vu menge perséinleche Mottoen ass: Sief hëllefsbereet. Haut brauch vläicht een aneren Hëllef, muer awer schonns kéints du selwer dee sinn, dee se brauch. Well eng Gesellschaft, déi dëse Geescht vun Hëllefsbereetschaft lieft, ass eng Gesellschaft, déi och an Zukunft staark bleift a sech fir sozial Gerechtegkeet asetzt. Ech liewen dës Prinzippien och a mengem Alldag. Ech si schonns eng Zäitche sozial aktiv, och iwwert d'Grenze vu Lëtzebuerg eraus. Dëst probéieren ech och menge Schülerinnen a Schüler virzeliewen, andeems ech zum Beispill mat menger Aarbechtskolleegin am Lycée d'Activité parascolaire Action sociale ubidden. Et ass wichteg, deene Jonke soziaalt Engagement virzeliewen, well si um Beispill léiere kënnen. Wa si gesinn, datt mir eis Zäit an Energie fir d'Allgemengwuel asetzen, da versti si, datt Verantwortung iwwerhuelen eppes immens Wäertvolles ka sinn. Doduerch ginn d'Wäerter wéi Solidaritéit, Respekt, Empathie an Zesummenhalt net nëmmen an der Theorie geléiert, mee och wierklech gelieft. An genau dat mécht aus Jonken déi engagéiert Bierger vu muer.

Ganz wichteg ass mir och en tolerant Zesummeliewen. Mir liewen an enger pluralistescher Gesellschaft, déi vu verschiddenen Nationalitéiten, Hautfaarwen, Reliounen a sexueller Orientéierung gepräägt ass. Wa mir deene Jonke weisen, datt Respekt, Oppenheet, Fairness an Toleranz net nëmme Wierder, mee virun allem kloer Haltunge sinn, léiere si och aner Mënschen esou unzehuelen, wéi se sinn. Dat stäerkt de sozialen Zesummenhalt an hëlleft Virurteeler, Diskriminatioun a Rassismus aktiv ze bekämpfen. Well mir

all zesumme maachen Diddeleng aus, eis Diversitéit ass eis Stäerkt. An ech wëll mäin Deel derzou bäidroen, datt mir an Harmonie a Respekt zesumme liewe kënnen. Eng weider Prioritéit fir mech ass d'Natur an d'Nohaltegkeet. Dës Welt gehéiert net just eis, mee mir mussen och un déi nächst Generatiounen denken. Dat si mir eise Kanner a Kandskanner schëlleg. Mir si gefuerdert, verantwortungsvoll mat eise Ressourcen ëmzegoen an d'Natur ze schützen. All Schratt zielt. A mir mussen deene Jonke virliewen, datt och si duerch hiert Handelen d'Zukunft positiv beaflosse kënnen. Ech perséinlech denken, datt wann ee senge Wäerter trei bleift, also mat Courage a Konsequenz virlieft, een dann net nëmme seng eegen Integritéit stäerkt, mee och aner inspiréiert, verantwortungsvoll a fair ze handelen. Diddeleng ass e klengt Zännrad a Lëtzebuerg. Lëtzebuerg ass e klengt Zännrad an Europa. Europa e klengt Zännrad an der Welt. Mee och kleng Zännrieder kënnen eng grouss Wierkung hunn.

Wat mir hei maachen oder och net maachen, huet en Impakt. Mir mussen hautzudaags ëmmer erëm fir eis Wäerter an och eis Demokratie astoen. Déi aktuell Weltlag weist eis méi wéi däitlech, Demokratie ass keng Selbstverständlechkeet méi. Si lieft awer dovunner, datt mir si all Dag liewen, schützen a verdeedegen. An enger Demokratie hu mir Fräiheeten, d'Recht, eis Meenung ze soen, eis ze informéieren oder zesummenzekommen. Mir hunn d'Chance, selwer matzebestëmmen a fir eis Zukunft Verantwortung ze iwwerhuelen. Dofir musse mir och weiderhin eis Stëmm erhiewen. Well et ass eis Flicht, mam gudde Beispill virzegoen. Net nëmmen hei fir eis Biergerinnen a Bierger, mee och als Deel vun enger demokratescher Traditioun, déi méi grouss ass wéi mir selwer.

Erlaabt mir awer elo nach zum Schluss e ganz perséinlecht Wuert ze soen. Et deet mir immens déck, datt mäi Papp, de Guy Loullingen, dëse Moment haut net méi materlieft. A menge Gedanken ass hien awer bei mir, an ech wëll och hien an Zukunft weiderhin houfreg maachen. Ech hoffen, datt et mir geléngt, mengem neie Mandat gerecht ze ginn, mat Respekt, Éierlechkeet a mat engem oppenen Ouer fir all Biergerinnen a Bierger. Ech wëll mir a menge Wäerter trei bleiwen an dee Mënsch bleiwen, deen ech sinn, mat all mengen Ecken a Kanten. Ech freeë mech op eis gemeinsam a konstruktiv Zesummenaarbecht zum Wuel vun eiser schéiner Stad Diddeleng. Ech soen Iech e grousse Merci fir d'Vertrauen an d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Villmools merci dem Martine Loullingen, dat och Abléck ginn huet, wat deng Prioritéite sinn. An ech ginn dann d'Wuert weider un de Walter Berettini.

WALTER BERETTINI (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter. Här Buergermeeschter, léif Schäffen, léif Conseilleren, ech freeë mech erëm als LSAP-Member Deel vun onsem Gemengerot ze sinn. Sou wéi d'Martine et schonn erwäänt huet, wëll ech och fir d'éischt mengem Virgänger, dem Romain Zuang, e ganz häerzleche Merci ausdrécke fir säin aussergewéinlechen Engagement a säi villfältege Bäitrag zum Wuel vun eiser Stad Diddeleng. Seng Aarbecht war beispillhaft an ech setzen alles drun, fir hien esou gutt wéi méiglech ze ersetzen. Also u sech hunn ech eppes wéi en Déjà-vu, an eng ganz Partie vun Iech warscheinlech och. In der Tat ass et esou, dass bis op zwee Deeg genau, ech viru véier Joer meng Untrëttsried schons gemaach hunn. Déi elo ze widderhuelen, wier zwar einfach gewiescht, mee och langweileg, och warscheinlech fir Iech alleguerten. Dir kënnt Iech dach bestëmmt nach erënneren, wat ech deemools gesot hunn. However, war, sinn ech, a bleiwen ech Italo-Lussemburgese, och wann ech mech munchmol éischter aus Lëtzebuerger gesinn, kënnt munchmol dat italieenescht Blutt zum Virschäin. Mir hunn et entre-temps am Grëff, woubäi mol méi, mol manner.

Wat huet sech an deene véier leschte Joer bei mir gedoen, wouvun ech zwee Joer d'Chance hat, am Gemengerot ze sinn? Ma virun allem huet sech op der politescher Säit duerch eeben de Fait Gemengerots-conseiller gewiescht ze sinn, esou Munches gedoen. Ënner anerem sinn ech a verschidde Verwaltungsréit, wéi de CIGL, Club Aktiv Plus an awer och am Syndicat d'Initiative Dudelange et Tourisme. Beruflech sinn ech nach ëmmer bei der Chambre des Salariés am Beräich vun de Formatiounen fir Delegéierter, ob gewerkschaftlech gebonnen oder neutral, aktiv. Duerch d'Moderniséierung vun de Formatioune vu frontal op interaktiv, voire praxisorientéiert, hu mir et fäerdegbruecht, déi jonk Generatioun vun Delegéierte besser op hir Aufgaben um Terrain virzebereeden.

Entretemps participéieren ech aktiv un de Coursen, fir de Bols bei den Deleguéen ze fillen, dëst virun allem fir erauszefannen, wou de Schong am Moment an hire jeeweilege Betriber dréckt. Well, mir wësse jo, et ass kee Geheimnis, dass verschidde Patronen a Ressources-Humainen, wann et heescht Gesetzer oder Recommandatiounen ze ëmgoen, hirer Imaginatioun fräie Laf loossen. Nach schlëmmer ass, dass op nationaler Ebene ons momentan Regierung alles an d'Weeër leet, fir de Sozialdialog an de Betriber, zwëschent Patronen an Delegéierter, an allen Hisiichten ze schwächelen. D'Fransouse géife soen: Et je pèse mes mots. Déi lescht Sozialronn, de September, ass jo e klore Beweis. Also un eis als CSL erauszefannen, wéi mir schnellstméiglech den Deleguéë kënnen op d'Spréng hëllefen, fir datt si hir Salariéë kënnen a Schutz huelen, voire verteidegen.

Deen zweete Job ass deen, deen ech schonn deemools bei Husky gemaach hunn, nämlech am Beräich vun der Ausbildung, an zwar déi kommend Generatiounen ze encadréieren. Hei representéieren ech a ville Beruffskommissiounen an deene verschiddensten Ekippen, vun Équipe curriculaire iwwer Équipe évaluation bis hin zu der Valorisation des Acquis par l'expérience tatkräfteg d’Chambre des Salariés. An dësem Kontext ass et mir wichteg, dass jiddereen eng anstänneg Ausbildung ka maachen, fir dass och alleguer, ob Fra oder Mann, eng Aarbechtsplaz fannen. Onst Land brauch weiderhi gutt Leit mat Beruffofschlëss an dëst an allen Domänen.

Ech weess, dass ech kengen Drësseg méi sinn an dass ech op dat Duebelt histeieren, mee et mécht mir ëmmer erëm Spaass, der Jugend kënne mat Rot an Dot bäizestoen, fir ënner anerem op hir Suergen oder Erausfuerderungen, déi si meeschtens am Alldag bewältege mussen anzegoen.

Dëst war och erëm de Fall d'lescht Woch beim Léierplazendag am Shoppingzenter op der Cloche d'Or. Et sief trotzdeem bemierkt, dass et net nëmme méi Jugend ass, mee och ganz vill Jonker tëschent zwanzeg a fënnefandrësseg Joer, déi op der Sich sinn no enger Aarbecht, no enger Ausbildung, an dat egal a wéi enger Nationalitéit et sech handelt. All dës Tâchë probéieren ech bannen- am Duerchschnëtt zweeanenhallwen Dag pro Woch- ze absolvéieren. Ech sinn nämlech säit Mee 2024 an der Preretraite progressive, fir eebe méi Zäit zu fir mech, meng Famill oder mech nach méi fir d'Allgemengwuel anzesetzen. Zum Thema Preretraite progressive sief mer Follgendes erlaabt ze soen. Ee vun de wichtegsten Haaptgrënn, dëse Wee ageschloen ze hunn, war, dass dës Moossnam et erlaabt, Leit aus dem Chômage oder Sozialplang nees an d'Aarbechtswelt ze integréieren. Folglech eng konkreet sozialistesch Approche, déi ech gäre voll ënnerstëtzen. Mee et zielt och den Engagement politique. Wou ech gefrot gesinn, ob ech bereet wier, mäin Engagement fir d'LSAP a fir Diddeleng de Posten als Conseiller erëm ze iwwerhuelen, do war ech u sech ganz kuerz iwwerrascht, well ech déi Eventualitéit guer net méi um Radar hat.

Déi ugeschwate Preretraite progressive, an de Fait zimmlech schnell zréckgeruff ginn ze sinn, an dëst fir am Déngscht vun de Matbierger kënne mech anzesetzen, war zum gréissten Deel den Ausléiser vu menger Entscheedung nach emol wëllen am Gemengerot als LSAP -Conseiller matzeschaffen. Well in der Tat, wann ech wärend dem Rescht vun der leschter Mandatsperiod, zwee Joer, nawell gutt a positiv Resultater ervirbrénge konnt, an dat obwuel ech e Fulltimejob hat, da sollt et jo elo mat der Preretraite progressive mindestens grad esou gutt, wann net nach besser ginn. By the way, zu de positive Resultater aus der leschter Mandatsperiod zielen ënner anerem follgend Sujeten. Mat der Kommissioun vum Jumelage hate mer ons Partnerstied op d'Ouverture vun engem vun onse Chrëschtmäert invitéiert. Och wann im Nachhinein déi eng Stied technesch an anerer a leschter Instanz krankheetshalber hu missen ofsoen, an nëmmen esou ons Kolleegen a Kolleegen aus Lebork komme konnten, war et nawell en interessante politeschen, kollegialen a gudden Austausch. Oder d'Ënnerstëtzung vun den Handballsmeedercher vu Berane beim Youth Cup. Oder mat der Sécherheetskommissioun d'Verdeelung vun 900 Rauchmelder am Kader vum Nationale Preventiounsdag.

D'Planung, d'Ëmsetzung vum Floater, deen als touristesch Attraktioun haut nach ëmmer e grousse Succès ass. Oder dat neit Police-Reglement, wat hei am Gemengerot gestëmmt gouf. Sief vermierkt, dass niewent all dësen elo grad genannte Beispiller nach vill aner Projeten a Sujete beschwat an ëmgesat goufen. However, aus dësem kuerzen Iwwerbléck héiert een eraus, wéi eng Richtung meng politesch Ambitioune ginn. Meng Devis vu vir véier Joer huet sech net geännert : Être riche ne se mesure pas à ce que l 'on possède, mais à ce qu'on sait donner. Ech wëll meng Energie, meng Kenntnesser a meng politesch Iwwerzeegung am Déngscht vun den Diddelenger stellen. Zesumme mat onsem neie Fraktiounssprriecher Roby Goergen an dem ganzen LSAP-Team.



Meng politesch Prioritéite si kloer definéiert. Éischtens d'Zesummeliewen an Integratioun. Initiativen, déi d'Zesummeliewen an d'Integratioun vun alle Communautéite fërdere sollen nach méi gestäerkt ginn. Jugend- a Seniorenpolitik. D'Jugend soll Perspektiven an Ënnerstëtzung kréien. Seniore sollen aktiv um geschäftleche Liewen deel huelen. Mobilitéit, Ëmwelt a Sécherheet, eng nohalteg Mobilitéit, Ëmweltschutz an eng sécher Stad bleiwe wichteg Ziler. Last but not least, ech gesinn et awer och als meng Aufgab, Projeten aus der Schäfferotserklärung aktiv ze begleeden a mat mengem Wëssen an Erfarung zur Ëmsetzung bäizedroen. Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Och dem Walter Berettini Merci, fir seng zweet Untrëttsried, déi en hei konnt halen. A wéi gesot, weider mat him op eng gutt konstruktiv Zesummenaarbecht am Interêt vun der Stad Diddeleng.

# 1. KORRESPONDENZ

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Voilà, ech géif proposéieren, dass mer op den Ordre du jour vun eiser Reunioun iwwerginn. Ënnert Korrespondenz hu mer lech pro forma déi Courriere vun der Demissioun respektiv vum Inneministère, wat elo déi nei Prestation de serment ugeet, bäigeluecht. Soss hu mer weider hei, ech kucken op d'Kolleege vum Schäfferot, näischt ënnert Korrespondenz.

# 2. APPROBATIOUN VUM TABLEAU DE PRÉSÉANCE VUM GEMENGEROT

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: An da géife mer op den zweete Punkt iwwergoen, dat ass d'Approbatioun vum Tableau de Préséance. Ech mengen, dass dat e Klassiker ass. All Kéiers wann eng nei Vereedegung hei am Gemengerot ass, changéiert och den Tableau de Préséance an dréit natierlech engersäits der Nominatioun vum Schäfferot an och der Nominatioun vun de jeeweilege Conseillèren, Conseilleren, en Fonctioun, wou se en Fonctioun getruede sinn, och deementspriechend Rechnung. Voilà, dat dozou. Froen? Neen. Sidd Der domat averstanen? Kee Choix. Villmools merci. Neen, et ass reng formal technesch. Gutt, da villmools merci dozou.




# 3. CIRCULATIOUN

**3.1. Modifikatioun vum Allgemenge Verkéiersreglement – Reglementatioun vun der Rue Marie Berg-Clausse an der Rue Large**

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Jo, merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Am Februar 2021 hat de Gemengerot op dëser Plaz schonn d'Decisioun geholl, fir an alleguerten eisen Tempo 30-Zonen, do wou e Sens unique ass fir de Verkéier, datt mer do eebe géifen d'Einbahn fir de Vëlo ophiewen. An elo misste mer awer op dëser Plaz haut nach zwou Plazen nofügen. Firwat? D'Rue Marie-Berg-Clausse op der Lenkeschléi, déi war deemools nach am Chantier, dofir hu mer se net mat erageholl, dat hat kee Sënn gehat, an d'Rue Large zu Biereng, déi hate mer deemools iwwersinn an et schéngt och hei kengem opgefall ze sinn.

Wa mer dat elo hei stëmmen, da kënnen natierlech d'Vëlosfuerer, an dofir maache mer et jo, wéi op deenen anere Plazen och, déi mer, wéi gesot, schonn 2021 hei gestëmmt hunn, am Contre-sens duerch déi Stroosse fueren. D'Deliberatioun an d'Verkéiersreglement hat Der an Ärem Dossier leit. An ech menge wa lo nach Froe sinn, dann ass de Pit Demuth, de Chef de Service jo och hei, fir Iech gären drop ze äntwerten. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci, Claudia. Et sinn hei zu Remarken, Froen?

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Dat schéngt net de Falls ze sinn. An da géif froe sinn, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat dëser Modifikatioun averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools merci an da komme mer op den nächste Punkt iwwer.

**3.2. Approbatioun vum temporäre Verkéiersreglement wéinst Aarbechte fir eng Schmotzwaasserdrockleitung a verschiddene Reseauen an der Rue de l'Etang ze verleeën**

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Jo, den nächste Punkt, dat ass u sech den 3.2 an de 4, déi gräifen aneneen. Dofir ass och de Vertrieder vu Schroeder & Associés hei, fir herno de Projet virzestellen. U mä ass et, d'Verkéiersreglement awer elo zum Projet ze erklären. An zwar, Dir wësst, datt mer am Kader vu NeiSchmelz mussen eist Ofwaassernetz ausbauen. Dee Kanal, dee mer hunn, deen ass aktuell ze kleng fir dat zousätzlecht Waasser gravitär, dat heescht also, datt mer am Kader vu NeiSchmelz mussen eist Ofwaassernetz ausbauen. Dee Kanal, dee mer hunn, deen ass aktuell ze kleng fir dat zousätzlecht Waasser gravitär, also, dat heescht mat engem liichte Gefäll oflafen ze loossen a Richtung Kläranlag. Et muss dann eeben eng Schmotzwaasserdrockleitung vun NeiSchmelz duerch ganz Diddeleng bis bei de Réckhaltebecken an d'Rue du Nord geluecht ginn.

Ech mengen dat hat ech Iech schonn deemools hei alles erkläert, wou mer den éischten Deel gemaach hunn. An ech hat Iech deemools och gesot, datt dee Projet muss realiséiert ginn, éier déi éischt Haiser op NeiSchmelz gebaut hunn. Deemools, wann ech Iech soen, ech hunn Iech dat hat schonn erkläert, dat war 2022/2023. Den éischten Deel, dat war d'Rue Grande-Duchesse Charlotte an d'Plaz Am Duerf. An ab Januar 2026 nom Congé collectif wëlle mer dann eeben elo dat zweet Stéck vun der Rue de l 'Etang, dat heescht vun der Plaz Am Duerf, eebe wou mer deemools opgehalen hunn, bis op den Eck Rue Jean Jaurès weiderleeën. An déi Aarbechten, déi wäerte ronn sechs Méint daueren.

D'Rue de l 'Etang gëtt dann zwëschent der Plaz Am Duerf an der Rue Jean Jaurès sektiounsweis komplett gespaart. Et gëtt op der Kräizung mat der Plaz Am Duerf ugefaangen a mir schaffen eis dann a Richtung Rue Jean Jaurès lues a lues weider. Dir wësst, do sinn och Haiser. A fir den Accès zu den Haiser an der Rue de l'Etang eeben ze garantéiere gëtt beim Stéck vun der Plaz Am Duerf bis e Rue Jean Jaurès de Sens unique opgehuewen. D'Awunnerinnen an d'Awunner, déi hunn iwwernuets och ëmmer Accès bei hir Haiser. Mir probéieren do och ëmmer Placken dann ze leeën. Daagsiwwer geet et och, eebe just grad net dann, wann eebe virun dengem Haus geschafft gëtt. Mee ech mengen dat ass näischt Neies. Dat ass bei all Chantier de Fall. Wann d'Siichten net gi sinn, da fir sécher an de Parking respektiv erauszefueren a Richtung Jean Wolter, da gëtt do de Verkéier och mat roude Luuchte gereegelt. Alles dat fannt Der och am Verkéiersreglement dran.

De Parking Am Duerf soll déi ganzen Zäit operationell bleiwen, mat enger eenzeger Ausnam. Dat ass wann de Koffer an de Belag gemaach ginn. Hei däerf da keen aus dem Parking fueren. Mee dat ass eng Saach vun zwee, dräi Deeg fir de Stroossekoffer an ee bis zwee Deeg fir de Belag anzebauen. An dat wäert och ganz um Schluss vum Projet réischt de Fall sinn. Fir d'Awunnerinnen an d'Awunner, an ech betounen dat hei och just fir d'Awunnerinnen an d'Awunner vun der Plaz Am Duerf, kucke mer fir e gesécherten Accès an de Parking ze kréien, wärend deen awer zou wäert si fir de Public. Aktuell gëtt elo d'Situatioun analyséiert, fir duerch déi kleng Gässel vun der Rue Jean Jaurès aus bis bei de Parking ze fueren. Ech si frou, datt d'Martine Kohn elo haut net méi hei ass.

Op der Plaz selwer géifen dann aus Sécherheetsgrënn Barriären opgestallt ginn. A fir de Fall, wou eventuell keng Liwwerunge méi kéinte vun der Rue de l'Étang op d'Plaz Am Duerf kënne gemaach ginn, schreiwe mer och eng provisoresch Liwwerplaz um Motosparking niewent dem Why Not an eist Verkéiersreglement, soudatt mer déi dann och kéinten amenagéieren, wa se gebraucht ginn. Fir ze vermeiden,

dass Camione méi wäit wéi d'Plaz Am Duerf fueren, gëtt an der Entrée vun der Rue de l'Etang, also op Héicht vun der Grande-Duchesse Charlotte, e Fuerverbuet fir Gefierer iwwer 3,5 Tonnen dann opgestallt, mat Ausnamen eebe wéi ech elo just sot, fir Liwwerungen op d'Plaz am Duerf, soulaang et méiglech ass.

Den Trafick, dee wäert wärend dem Chantier duerch d'Niddeschgas an duerch d'Gafelt deviéiert ginn. A jee no Zäitschinn, kann eventuell d'Conduite iwwert d'Kräizung Jean Jaurès eraus ewechgeluecht ginn. Dowéinst géif dann de südlechen Deel vun der Rue de l'Etang, dat heescht vun Haus Nummer 8 bis 28, an eng Sakgaass verwandelt ginn an de Sens unique opgehuewe ginn. An den Trafick misst dann iwwert d'Barrière rue Karl-Marx an d'Route de Thionville fueren. De Projet an och d'Verkéiersreglement, dat hu mer d'lescht Woch an der Verkéierskommissioun diskutéiert a virgestallt. Jidderee konnt seng Froe stellen. A wa lo hei nach weider Froe sinn, da mengen ech, sinn d'Servicer do an och de Bureau d'études an de Projet selwer kritt Der duerno och nach virgestallt, well do musse mer jo och nach den Devis stëmmen.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci, Claudia, fir d'Virstellung vum Verkéiersreglement mat all sengen Implicatiounen, déi e mat sech wäert bréngen. Wann elo nach Remarken, Froen dozou sinn, kënnt Der se gäre stellen.

CLAUDE MARTINI (CSV): Jo, ech wollt am Fong, fir d'éischt emol Merci soen, dass mer dat all esou schéin an der Verkéierskommissioun virgestallt kruten, dat war relativ däitlech, kloer, an déi meeschte Froe konnten och do beäntwert ginn. Dat mat dem Parking, et ass dat d'Fro am Fong, wou ech herno wäert stellen. Wéi kommen ech herno an de Parking eran? Et si jo effektiv just 4 Deeg, wou en zou wäert sinn, a fir déi 4 Deeg musse mer effektiv dann de Leit eng Propositioun maachen, dass se den Auto kënnen dobäi sech do loossen, ouni dass se e Protokoll kréien. Well verschidde Leit, déi fuere jo net moies fort a kommen owes erëm, mee déi wëlle vläicht daagsiwwer iergendwou sech deplacéieren, oder et huet een eng Plaz do gelount, well se am Duerf ee schaffen. Voilà, ech denken, dass dat awer okay ass.

An dann hate mer eis just nach e Kéier d'Fro gestallt gehat, dass och den Deel vum Vëloswee, deen eriwwer geet iwwert déi Strooss do, wéi deen duerno ausgezeechent gëtt. Well wou de Vëloswee déi éischte Kéier agezeechent gouf, dat war net esou ganz glécklech. An ech denken, dass mer dann aus deene Feeler awer vläicht kënne léieren an dat e bësse besser maachen, vun Ufank un, wa mer en direkt anzeechnen. An effektiv, an de Rescht begréisse mer, well mir hu jo ëmmer gesot, dass wann déi Strooss eng Kéier frëschgemaach gëtt, dass se soll attraktiv sinn, fir herno do duerchzefueren, fir dass d'Leit, wa se iwwert d'Barriär fueren, direkt rieds erafueren, dass se Loscht hu fir duerch déi Strooss ze fueren an net duerch d'Duerf, fir de Shared Space Form ze entlaaschten.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, merci fir d'Wuert. Ech schléisse mech am Fong de Merci un, dass déi Verkéierskommissioun ganz vill Opklärung ginn huet zu deem Ganzen. Ech hat eng Fro, wou ech dann elo net weess, ob ech se elo soll stellen oder réischt beim Punkt 4. Wann ech se elo géif zum falsche Moment stellen, se herno géif beäntwert ginn, dann, jo, brauche mer net méi driwwer ze schwätzen. Am Dokument steet, d'Aarbechte wiere fir Toussaint 2025 virgesi lasszegoen. An der Verkéierskommissioun war et mer awer wéi wa Januar 2026 de Stéchdatum gewiescht wier. An do wollt ech einfach froen, firwat do elo zwee Méint méi spéit ugefaange gëtt oder ob dat iergendwéi aner Grënn hätt. Merci.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Jo, ech mengen op de Vëloswee an op Toussaint kann duerno de Mica kuerz agoen. Alles anescht, de Projet gëtt jo herno nach eng Kéier erkläert. Fir vläicht op d'Parksituatioun anzegoen, wou den Här Martini ugesprach huet, fir déi Leit, déi wierklech do wunnen an eng Parkplaz an deem Parking hunn, well déi deene gehéiert. Dofir hunn ech virdrun och esou betount, d'Awunnerinnen an d'Awunner. Et ass net, wann ech wëll an d'Gelateria eng Glace iesse goen, datt ech dann déi fënnef Deeg, wou dee Parking wäert zou sinn, maximum fënnef Deeg eeben, datt ech dann däerf eran an eraus fueren. Mee hei geet et wierklech drëms, datt déi Leit, déi do wunnen, och kënnen Accès op dee Parking kréien.

An dofir si mer amgaang ze analyséieren, d'Police souz och an der Verkéierskommissioun dobäi, ob et eeben eng Méiglechkeet gëtt, vun där klenger Gässel eranzefueren, well s de awer deemno wat fir een Auto s de hues, wann Der d'Situatioun e bësse kennt, relativ schaarf muss dréinen. Dat si mer amgaang mat kucken. Wann elo déi Leit, déi kënnen natierlech hiren Auto zu all Zäit eraushuelen, wann elo do Leit wären, déi keng Vignette hätten, well där ginn et bestëmmt och, da kann d'Gemeng natierlech deenen och fir déi puer Deeg eng provisoresch Vignette ausstellen, fir datt se hiren Auto och kënnen an Diddeleng ofstellen. Mee ech betounen et nach eng Kéier, e wäert zou si fir, wéi soll ech et soen, fir den Otto Normalverbraucher. Mee déi, wou do wunnen, do probéiere mer eeben eng Léisung ze fannen.
Voilà, an da mengen ech de Mica fir de Vëloswee an Toussaint.

MICAEL DA SILVA – COORDINATEUR CHANTIERS TRAVAUX PUBLICS: Merci fir d'Wuert. Also, Toussaint wollte mer a sech ausschreiwen, dass mer Januar ukommen. De Chantier ass wuel vu Januar bis Juli ugesot, 2026. Voilà. Wat de Vëloswee ugeet, do wäerte mer natierlech Deviatioune maachen. Dee Moment, wou mer op der Kräizung Plaz am Duerf, Rue de l'Etang schaffen, kënne mer de Vëlo net derduerch huelen. Dofir wollte mer u sech duerch d'Rue Jean Wolter deviéieren iwwert déi kleng Gässelchen an de Shared Space eran.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Villmools merci, fir de Prezisiounen an Äntwerten. Ech gesinn, dass keng Froe méi sinn. D'Äntwerte si ginn. Da kënne mer zum Vott iwwergoen. Wien ass hei mat deem Règlement temporaire averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da solle mer Iech villmools Merci.



## 4. SCHMOTZWAASSERLEITUNG RUE DE L'ÉTANG

**Approbatioun vum Devis estimatif fir d'Pose vun enger Schmotzwaasserleitung Rue de l'Étang, Phase 1, 2. Deel (têschent der Rue Jean Jaurès an der Plaz Am Duerf)**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Dann hätte mer de Volet Circulatioun ofgeschloss a mir kommen am Fong un den eigentleche Projet, also wéi gesot d'Suite logique. An do ginn ech och nach eng Kéier hei dem Claudia d'Wuert.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Jo, ganz vill gëtt et vu menger Säit elo dozou net méi ze soen. Ech menge wou ech d'Verkéiersreglement virgestallt hunn, hunn ech schonn a graffen Zich gesot, firwat mer dat musse maachen. Mir mussen also elo beim nächste Punkt den Devis vun 1 ,28 Millioune stëmmen. An de Projet selwer an all sengen Detailer wäert de Bureau d'Etudes, de Schroeder & Associés, Iech elo virstellen. A wann dann och nach Froe sinn, mengen ech, da sinn eis zwee Servicer do plus de Bureau d'Etudes, fir kënnen op déi technesch Detailer ze äntweren. Merci.

LEX NOESEN, SCHOEDER & ASSOCIÉS: Gudde Moien alleguer. Mäin Numm ass Lex Noesen an ech si vum Bureau Schroeder & Associés an ech géing Iech dann eng Kéier elo kuerz virstellen, wat am Kader vum Reamenagement vun der Rue de l'Etang virgesinn ass. Wéi virdrun och scho gesot gouf, ass de Projet an der Rue de l'Etang Deel vun engem gréissere Projet, dee sech duerch ganz Diddeleng zitt, an zwar geet et heibäi ëm d'Drockleitung, déi am Kader vum PAP NeiSchmelz bis op déi nërdlech Limitt vun der Gemeng verluecht muss ginn. En Deel dovunner muss eeben och, oder geet duerch d'Rue de l'Etang. Dat ass deen, deen hei rosa markéiert ass. A wa mer do eng Kéier drop zoomen, da gesi mer, dass de Projet an der Rue de l'Etang an dräi Deeler agedeelt ass. Eng Kéier rieds den hellbloen Deel, dat ass deen, deen d'lescht Joer realiséiert gouf. Dann an der Mëtt dee gréngen Deel, dat ass deen, dee mer haut beschwätzen. A lénks den orangen Deel, deen nach zukünfteg realiséiert muss ginn. Wat ass elo an der Rue de l'Etang geplangt? Hei ass et virgesinn, fir de Koffer nei ze maachen, de Stroossebelag nei ze maachen an och alleguerten d'Reseaue fréschzemaachen. Dës weidere sollen d'Bordüren, d'Tuiles de pavéen an och den Trottoir nei gemaach ginn. A laanscht d'Hausnummere 35 bis 38 gëtt den Trottoir och verbreedert. Riets uewen nach eng Kéier eng Foto vun der aktueller Situatioun, wou gutt ze erkennen ass, dass den Trottoir immens schmuel ass an dat géife mer dann och zukünfteg verbesseren.

Dann zu den Reseauen. Do ass et virgesinn d'Reseaue vun der Creos, vun der Post, Eltrona an dem Eclairage public fréschzemaachen. Och d'Gas- an d'Drénkwaasserleitunge sollen nei gemaach ginn. Wéi virdru scho gesot gouf, dann eeben d'Drockleitung op dësem Deel vum Projet an de Mëschwaasserkanal an der Rue l'Etang, dee gëtt net nei, also e gëtt net nei verluecht, mee e gëtt per Inliner sanéiert an dës Mesure ass elo an der Allerhellegevakanz virgesinn. D'Siphone vun der Strooss, déi sollen un d'Diddelengerbaach ugeschloss ginn. An déi besteeënd Stroosselaternen op der Säit vun de Schinnen, déi sollen zukünfteg fortkommen an op d'Säit vun den Haiser, do sollen neier gebaut ginn.

Dann zum Phasage vum Chantier. Insgesamt sinn zirka sechs Méint fir de Chantier virgesinn. Et soll elo Ufank dës Joers am Januar soll et lassgoen an d'Aarbechte solle bis Juli 2026 fäerdeg sinn. Wéi och schonn erwäänt gouf, soll den Trafick iwwert d'Rue Gaffelt geleet ginn an deelweis iwwert de Shared Space. Insgesamt ass de Chantier a fënnef Phasen agedeelt, fir eeben och den Accès zum Parking am Duerf wäitméiglechst opzeloossen. An enger éischter Phas, déi ongeféier 15 Deeg dauere wäert, gëtt am Kräizungsberäich mat der Rue am Duerf do ginn d'Reseauen als éischt fréschgemaach. A fir den Accès awer ze garantéieren, gëtt den Trafick mat roude Luuchten gereegelt.

Dann d'Livraisoune fir d'Plaz am Duerf kënnen iwwert de Shared Space gemaach ginn oder iwwert eng temporär Zone de livraison virum Café Why Not. Dann an enger zweeter Phas géife mer den Deel tëscht der Rue am Duerf an der Rue Jean Jaurès maachen. Dofir sinn ongeféier 91 Schaffdeeg virgesinn, op deem orange markéierten Deel géifen dann och als éischt d'Reseaue fréschgemaach ginn, an dann de Koffer vun der Strooss mat der Binderschicht. Heifir misst d'Strooss dann awer komplett gespaart ginn. Doduerch wier dann och den Accès vun de Leit, déi do wunnen, e bësse limitéiert.

Dann an enger drëtter Phas, déi ass hei gréng markéiert, dat ass den Deel tëscht der Rue Jean Wolter an der Plaz am Duerf. Heifir sinn och nach eng Kéier 15 Deeg virgesinn. Hei mussen d'Reseauen net frësch gemaach ginn, déi goufen am éischten Deel vun dësem Projet d'lescht Joer verluecht. Hei géif da just nach de Koffer vun der Strooss fréschgemaach ginn an d'Binderschicht. Heifir géif d'Plaz am Duerf aus Richtung Norde vun der Rue de l'Etang gespaart ginn. An den Trafick an der rue Jean Jaurès, do géing de Sens unique opgehuewe ginn an a béid Richtungen erméiglecht ginn. An da fir trotzdeem dann den Accès zum Parking, zum Parking am Duerf ze garantéieren, gëtt och d'Rue de l'Etang béidspuereg opgemaach.

Dann hu mer eng véiert Phas. Déi dauert dann och just nach eng Kéier zirka 3 Deeg. Hei géif dann de Kräizungsberäich virun der Rue am Duerf fréschgemaach ginn, also dat heescht de Koffer an d'Bindeschicht vun der Strooss. Fir dës puer Deeg wier dann och den Accès zum Parking, dee

wier dann komplett zou. Dann hu mer déi lescht Phas, déi dauert ongeféier nach eng Kéier zwee Deeg. Hei géife mer dann iwwert iwwert dee ganze Projetsberäich, déi lescht, also de Stroossebelag komplett fréschmaachen. Hei wier dann och nach eng Kéier den Accès zum Parking gespaart. Jo, dat war et gréisstendeels zum Oflaf vum Projet an der Rue de l Etang. A jo, wann Der Froen hutt, da gären.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci, Buergermeeschter, fir d'Wuert. Jo, dass dat heiten néideg ass, ech mengen do brauche mer net hei laang ze diskutéieren, dat muss jo sinn. Ech hunn zwou Froen. Wéi ass et do mat de Subsiden? Dat ass vläicht och awer eppes, wat d'Leit dobaussen och interesséiert. Wéi gi mer do subventionéiert vum Staat? An dann déi zweet Fro ass, wat eis e bëssen erstaunt huet, dat ass, dass dat relativ en héijen Taux ass vun den Honorairë fir de Bureau d'études, deen ass well 15 %. Mir hunn awer elo nach eng Kéier nogekuckt gehat och, dass dat och bei anere Projete mëttlerweil esou héich ass. Ass dat de gängegen Taux? Well mir haten dach so 5 bis 8 %, och nach 10% emol am Hannerkapp. Ass dat den üblechen Taux? Vläicht och interessant ze wëssen, well dat jo awer och dann dee Moment awer och eng net negligent Deierecht vun alle Projeten awer beinhalt. Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, Här Buergermeeschter. Ech stelle mer haaptsächlech Froe wéinst der Breet vun der Rue de l'Etang. Do gëtt gesot, dee Moment gëtt den Trottoir hanne méi breet gemaach. A wann ech dat richteg verstanen hunn, fält dat dann och an eng Phas, wou do soll zweespuereg gefuer ginn an zwou Richtungen. Wéi geet dat mat der Breet op? Well do hu mer jo de Problem mat de Bussen, déi musse laanschtkommen, wann d'Autoen e bësse méi wäit erof stinn, wann d'Barrière zou ass an esou. Ass do dru geduecht, fir mat Luuchten déi Zweespueregkeet ze maachen oder wéi? Merci.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Jo, ech hat Iech virdrun d'Verkéiersreglement jo virgestallt, do stinn och déi Luuchten dran. Ech ginn duerno dem Pit Demuth awer kuerz d'Wuert, fir et vläicht méi technesch ze erklären. Just dat heiten, alles dat wat ech Iech virdru gesot hunn, wat am Verkéiersreglement ass, dat trëtt jo net alles beieneen a Kraaft. Mir huelen ëmmer nëmmen dat eraus, wat mer dee Moment brauchen. Zum Beispill wa mer mussen en Double-Sens maachen, d'Siicht-Verhältnisser net gi sinn a mir musse Luuchte maachen. Mir schreiwen awer ëmmer alles an d'Verkéiersreglement dran an ee Verkéiersreglement, fir datt mer net herno Gefor lafen, iergendeppes vergiess ze hunn a mer da mussen e Règlement d'urgence huelen, well kee Gemengerot ass oder et herno net geneemegt kréien, well mer et ze spéit aschécken. Dofir ass all d'Zenario, dee mir eis kënne virstellen, an dat wat Der och elo opgezielt hutt, Här Gangler ass do dran. An ech mengen de Pit Demuth ka vläicht nach eng Kéier op den Detail da goen.

PIT DEMUTH, SERVICE CIRCULATION: Merci fir d'Wuert. Ech menge wat virdru elo net gesot ginn ass, also wärend der ganzer Bauphas fuere keng Busser duerch d'Rue de l'Etang, déi ginn duerch d'Niddeschgaass deviéiert. Dat heescht, deen Zenario Kräizung, Auto, Bus wäert net virkommen. A mir hunn dat elo nach eng Kéier selwer hei séier gekuckt, Kräizungsberäich, also ech mengen um Kräizungsberäich Rue de l'Etang, Rue Jean Jaurès ass, wéi Der sot, schmuel, ech mengen do musse mer dann einfach mat roude Luuchte schaffen, fir ze soen, wien do ran an eraus kënnt respektiv ab den Haiser hannendrun, wou d'Crèche eigentlech elo ass, ass jo d'Strooss breet genuch, dass en do zwee Autoen sech kënne kräizen. An et fuere jo och nëmme Leit eran, déi eppes do ze sichen hunn. Dat heescht, déi wëssen och wéi enk d'Situatioun ass. An da wäert dat jo och schonn hoffentlech klappen. Wann net, musse mer nach eng Kéier zréck an de Gemengerot kommen an eng Léisung hei presentéieren. Mee ech hoffen net, dass dat de Fall ass.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Et waren nach änner Froen zu den Horairen an zu de Subsiden. Mir kucken do bei eis Servicer. Normaler ass ëmmer eppes virgesi vum Waasserwirtschaftsamt, mee de genaue Montant, weess ech elo net, vläicht wëssen eis Servicer éischter de Montant, vum Subsid, vum Waasserwirtschaftsamt.

MICAEL DA SILVA – COORDINATEUR CHANTIERS TRAVAUX PUBLICS: Merci fir d'Wuert. Also wat d'Subsiden ugeet, kréie mer Subsiden fir d'Drockleitung. Dat ass dee Subsideprojet, deen ass a sech iwwert déi ganz Leitung berechent ginn, vun NeiSchmelz bis an d'Rue du Nord. De genaue Montant hunn ech elo net derbäi, mee et ass a sech iwwert dee ganze Projet, sinn dat déi eenzeg Subsiden, déi mer u sech kréien.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: An ech kann Iech scho soen, Madamm Kaiser, se wäert net allze héich ausféieren. Dat wësse mer systematesch, wa mer effektiv am Déifbau schaffen, grad, ech mengen et ass jo wichteg, dass een als Stad, a mir hu jo rekurrent Projeten hei, wou mer am Déifbau investéieren och deementspriechend an d'Kanalisatioun, dass dat immens wichteg ass insgesamt an eise Quartieren och an engem Phasage, mee dass do, wéi gesot, ëmmer d'Subsiden déi mer kréien, ëmmer méi geréng si wéi d'Subside vun anere Ministèren am Verglach zu anere Projeten.

MICAEL DA SILVA – COORDINATEUR CHANTIERS TRAVAUX PUBLICS: Am Prinzip kritt een och just op d'Reewaasserachs, hei ass et elo eng Ausnam, well et eng Drockleitung ass, voilà, do kréie mer a sech d'Subsiden iwwert de ganze Package, wann de ganze Projet och ofgeschloss ass. Dat heescht, de Projet ass och a puer Phasen opgedeelt an eréischt duerno gëtt gekuckt, wat reell d'Depensë sinn a wat do d'Subsiden a sech erginn.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Ech mengen, dann hätte mer alleguerten d'Froen beäntwert. D'Honorairen, dat sinn déi gängeg.

MICAEL DA SILVA – COORDINATEUR CHANTIERS TRAVAUX PUBLICS: Ech ka vläicht nach eng Kéier zwee Wierder dozou ergänzen. D'Honorairen, déi ginn och ëmmer en Fonctioun vum Schwieregkeetsgrad vum Projet berechent. An eeben dës Mesure mat der Drockleitung, déi sech du-



erch ganz Diddeleng zitt, do kënnt eng weider Contrainte dobäi an deementspriechend si mer dës Kéier op deem genannte Montant, jo.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Et muss ee jo wëssen, dass et um Niveau vum OAI, vum Ordre des Architectes et des Ingénieurs, gëtt et jo eng Tabell, wou och definéiert ass, wat effektiv vun Honorairë fälleg ass en fonction vun der Natur vum Projet. An och soen, dass dat doten eppes ass, wat och ëmmer rekurrent eng Diskussioun ass tëschent dem OAI an dem Syvicol. Mee den OAI huet do esou eng Schabloun, un där e sech orientéiert, wann en u esou Projeten erugeet, sief dat souwuel fir Privater wéi awer och fir den ëffentlech Secteur, ob dat elo Staat oder Gemenge sinn. Dëst gesot, géif ech proposéieren, dass mer zum Vott vum Devis estimatif iwwerginn. Wien ass domadder averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci. An och eise Servicer Merci fir hir Presenz an och dem Büro West.

# 5. TICE

**Approbatioun vun der Konventioun déi tëschtent dem TICE (Syndicat du Transport intercommunal de personnes dans le canton d'Esch-sur-Alzette), de Membersgemenge vum TICE an de Staat vum Grand-Duché de Luxembourg ofgeschloss ginn ass fir de Finanzement an d'Organisatioun vun der Exploitatioun vun de Servicer fir den Ëffentlechen Transport duerch den TICE**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da géife mer op den nächste Punkt iwwergoen. Do geet et ëm d'Konventioun ronderëm den TICE. Do begréissen ech dann och hei den Direkter vum TICE, de Mike Schoos, an aus dem Transportministère, den Här Frank Vansteenkiste. An do maache mer fligende Wechsel, fir dass si sech och vir kënnen installéieren. An da kënne mer eng Rei Erklärunge gi ronderëm d'Konventioun. An där Saach wäert d'Claudia Dall'Agnol sech unhuelen.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Ech géif dann einfach ufänken, well eis Invitéeën, mengen ech, déi kennen d'Konventioun minimum esou gutt wéi ech, wann net esouguer besser, well se waren de ganzen Zäit dobäi.
Ech géif hei emol einfach soen: Was lange währt, wird endlich gut. Well Dir wësst wéi vill Joer mer elo amgaange waren, déi nei TICE-Konventioun auszeschaffen. An d'TICE -Membersgemengen si sech dann elo mam Staat eens ginn iwwert eng Konventioun, en vu eebe vun der Kreatioun vun engem Syndicat Mixte, Syndicat Mixte Gemengen a Staat. Also eng Partnerschaft ënnert den TICE-Gemengen zesummen eebe mam Staat.

A fir datt mer kënnen op dee Wee goen, musse mer haut am Gemengerot awer dës Konventioun stëmmen, déi maximal bis den 31.12.27 soll lafen, ausser an engem Cas de Force majeure. Do kéint se nach eemol 12 Méint verlängert ginn. De Staat schreift dann e Projet de loi iwwert de Syndicat Mixte an e muss och e Finanzéierungsgesetz schreiwen. An déi ginn dann natierlech op den Instanzewee geschéckt. Dat heescht, se mussen hire Wee duerch d'Chamber respektiv de Staatsrot maachen. Statuten, jo, Statute vun engem neie Syndikat, déi mussen dann natierlech och ausgeschafft ginn. Déi mussen natierlech och zum Vott gestallt ginn. Dat méi spéit an de Membersgemengeréit.

Wat steet awer elo an där Konventioun? Bon, ech mengen Dir hat se alleguerten an Ärem Dossier leien. Dofir ginn ech wierklech just op déi grouss Linnen an. A falls nach Froe sinn, si jo dofir och d'Vertrieder vum TICE respektiv och vum Ministère hei an och de Service Circulation. Wat mengen ech wichteg ass awer direkt am Ufank ze soen, dat ass, datt kengem Member vum Personal vum TICE eppes geschitt. Se ginn alleguerten iwwerholl a se behalen och alleguerten hire respektive Statut, sief dat eebe Fonctionnaire, Employé oder Salarié, sou wéi se elo eeben am Moment agestallt sinn. Dat heescht also, datt och hir Karriären an och hir Léin garantéiert sinn a sech näischt ännert. An ech wëll dat direkt am Ufank hei betounen, well an de leschte Wochen an Deeg ganz vill Rumeuren dorëmmer kurséiert sinn, wat deen dote Punkt ubelaangt. An d'ailleurs war dat do, also de Punkt Garantie d'emploi, war dat fir all déi, déi mat un deene Verhandlungen deelgeholl hunn an deene leschte Joren, war dat deen éischte Punkt, deen huet misste kloer sinn, ier mer weider diskutéiert hunn, nämlech d'Garantie d'emploi vum ganze Personal.

Dann och den Numm TICE. Ech mengen dat ass eng Institutioun hei am Süden an deen Numm wäert och behale bleiwen. An och de Siège vum TICE, dee bleift weiderhin zu Esch. De Kommitee. De Kommitee wäert aus 9 Gemengevertrieder an Zukunft bestoen. Dat heescht, aus all Gemeng eng Persoun. An och de Staat delegéiert dann 9 Leit dohin. Dat heescht also en Total vun 18 Leit. Idem wat de Bureau ubelaangt, eng Paritéit Staat-Gemengen, natierlech méi kleng, mat jee dräi Vertrieder. An all dräi Joer wiesselt dann och d'Presidence tëschent dem Ministère de l'Interieur an dem Mobilitéitsministère. D'Vizepresidence, déi bleift bei de Gemengen de ganzen Zäit. An de Vizepresident oder d'Vizepresidentin, déi kann am Fall vun der Absence vum President oder der Presidentin natierlech déi Sitzungen och leeden. Wat dat Finanziellt betrëfft, ech mengen dat ass dat, wat Iech am meeschten interesséiert. An dat ass och ee Grond, firwat déi Konventioun ausgeschafft gouf. Do bleiwen d'Ausgabe vun den 9 Gemengen op 10 Joer op 150 Millioune gedeckelt. An déi vum Staat wäerten awer an der selwechter Zäit iwwer 750 Millioune sinn.

Ofschléissend vläicht nach dat heiten: et war de Membersgemenge wichteg, den TICE ze erhalen, dem Personal eng

Garantie d'emploi ze ginn, eng Garantie och virun allem vun hirem Statut ze ginn. Mee allgemeng hätten déi néng Membersgemengen den zukünfteg gefuerderten Invest, deen hätt misste gemaach ginn, net méi eleng kéinte stemmen. Mir hätten dat einfach net méi gepackt. Firwat? Ma virun allem déi Transitioun op Elektro, dat gëtt immens deier an dat Geld, wat all Gemeng hätt missen an Zukunft fir den TICE virgesinn, hätt op ganz villen anere Plazen einfach gefeelt, bei Projeten, esou ee wéi mer virdru gestëmmt hunn, bei Subsiden, bei Stroossen- a Schoulgebaier bauen, jee, ouni déi staatlech Ënnerstëtzung hätte mer dat, wéi gesot, net méi kéinten aleng stemmen, ouni eebe ganz vill Aneres mussen an de respektive Membersgemengen ofzeschafen oder guer net méi kéinten ze maachen.

Mee, an ech mengen dat ass wichteg ze betounen, deenen 9 Gemengen ass e gudden a sécheren ëffentlechen Transport, nach ëmmer 150 Milliounen Euro wäert, en ëffentlechen Transport, deen an Zukunft sécherlech nach wäert ausgebaut a verbessert ginn. Net nëmmen am Süden, an do wär vläicht niewelaanscht bemierkt, wann ech soen, deenen 9 Membersgemengen ass dat eis nach ëmmer 150 Millioune wäert, da si ganz vill aner Gemengen, déi iwwerhaapt näischt mussen an hire Busreseau stiechen, mee déi dat praktesch vum Staat als RGTR gratis gemaach kréien. Dofir soen ech, an ech betounen dat, deenen 9 Membersgemengen ass dat doten ëmmer nach 150 Millioune wäert, fir den TICE dee mer kennen an dee mer gär hunn, ze erhalen.

Fir ofzeschléissen nach d'Info, datt de Kommitee vum TICE den 22. September, also d'lescht Woch also, dës Konventioun unanime approuvéiert huet, d'Gemengeréit vu Rëmeleng, Esch, Déifferdeng a Schëffleng hunn dat och schonn an de leschten Deeg gemaach. Haut ass eisen Tour. An déi Gemengen, déi nach feelen, déi sinn, wann ech mech net ieren, den 1. an den 2. nach drun, dann huet all Gemeng, all Membersgemeng d'Konventioun gestëmmt. A wann dann d'Konventioun an all deene Membersgemenge bis gestëmmt ass, an eeben déi zwee Gesetzer vum Syndicat mixte, respektiv dat Finanzéierungsgesetz bis gestëmmt sinn, da wäert den 1. Januar 2027 dës Konventioun endlech kënnen a Kraaft trieden. Voilà. Dat war et vu menger Säit. Merci.

CLAUDE MARTINI (CSV): Villmools merci. Ech hu gëschter emol e bësselchen den Tour duerch mäi Büro gemeet an ech hunn d'Archiven e bësselchen erausgeholl an de Stëbs vun den Dokumenter erofgeholl, deen do drop louch. An do sinn ech mer de Budget vun 2018 siche gaangen. A virun 2018, do souz ech jo dann zu Diddeleng am Kommitee vun der CSV ëmmer, an do huet d'Michèle all Joers wann de Budget gestëmmt ginn ass gesot, dass den TICE effektiv eis all Joers méi deier gëtt an dass een déi Fraise misst am A behalen. Nodeems ech 2018 an de Gemengerot komm sinn, do krut ech eng Plaz am Kommitee vum TICE. An do konnt ech am Fong herno och besser novollzéien an och mat an de Kommitee huele wéi esou, dass déi Fraise soll an d'Luucht gaange sinn. Deemools am Dokument vun 2018 effektiv, do hues de d'Zuele vun 2016 dran. Dat war 1 ,5 Milliounen, déi mer bezuelt hunn oder participéiert hunn, fir den TICE. Déi sinn an d'Luucht gaangen an dem Joer an zwee Joer drop scho bal op 2 Milliounen Euro. An déi steige konstant. A fir 2025 hate mer ronn 3 Milliounen drastoen. Woubäi nach eng Kéier eng Participatioun fir de Citybus komm war vun 2,5 Milliounen Euro. Wa mer elo bedenken, wéi d'Zukunft wäert ausgesinn. A wa mer d'Konventioun kucken, do stoungen e puer Schlësselfacteuren dran. Dat war zum Beispill « Considérant que le Plan national de la mobilité bis 2035 a doublé le nombre de trajets en transport en commun de la région du sud ». Dat ass also dat Duebelt.

Da kann ee sech och virstellen, wéi de Präis sech dee Moment wäert entwéckelen. Mir wäerten awer och « considérant le projet de corridor multimodal et le tram rapide répondant à la congestion chronique de l 'autoroute A4 ». Dat heescht also dee schnellen Tram, dee wou kënnt, wou mer och eis mussen uschléissen, wou eis och dann direkt wäert betreffen. Considerant l'objectif d'instaurer plusieurs corridors à haut niveau pour le service pour autobus ». Wéi Der gesitt, et komme ganz Koup Punkte bäi, déi wou net gratis wäerte sinn, also gratis fir de Bierger, mee net gratis fir d'Gemenge wäerte sinn an dann awer e groussen Impakt op eise Budget wäert hunn. Zu deem Ganze kënnt nach dozou, dass déi ganz Flott vun de Busse bis zu 2035 wäert an d'Elektromobilitéit ëmgesat ginn, wat och vill wäert kaschten. A wa mer elo scho kucke wéi enk eis Budgete sinn op der Gemeng, wéi vill Sue mer brauchen, wéi vill Suen, dass mer an den TICE gestach hunn, ass et fir eng Gemeng effektiv an Zukunft ganz schwéier drobar, fir dat doten aleng ze droen.

Dofir si mer frou, dass déi Konventioun hei komm ass, mir si frou, dass mer eng Léisung fannen, wou mer e Konsens hunn, wou och d'Personal ënnerdaach kënnt, mat de selwechte Konditiounen, wou mer Leit am Kommitee wäerten hunn. Wou mer trotzdeem eise lokalen Transport wäerte kënne matbestëmmen, eppes wat mir 9 Gemengen hunn, wat vill aner Gemengen net hunn, wou se sech einfach deliberéieren. Dat heescht also déi 150 Milliounen, wou d'Madamm Dall'Agnol gesot huet, déi sinn eis dat awer trotzdeem nach ëmmer wäert, well mer eis do awer nach ëmmer kënne mat implizéieren.

De Latenightbus, deen ass jo effektiv och ewechgefall gewiescht, mee do hate mer do schonn eng Kéier d'leschte Kéier am Gemengerot doriwwer geschwat gehat, deen ass effektiv ganz, ganz wéineg benotzt gi gewiescht. Dat war e bësselchen eng Dénge wou mer hunn, dass mer soen, mir hätte gär, dass d'Leit sollen den ëffentlechen Transport benotzen. Mee an awer muss ee kucken, wéi ass d'Frequenz dovunner a wéi vill gëtt e benotzt a wat kascht et? An effektiv fir dat, wat mer investéiert hu gouf e ganz, ganz wéineg benotzt. Et si Leit do, déi hunn e benotzt, awer et war effektiv finanziell net derwäert fir dat ze maachen, da muss een effektiv aner Léisunge fannen. Wéi gesot, mir si frou, dass déi Konventioun ënnerschriwwe gëtt. Mir ënnerstëtzen se. A voilà, ech loossen dann den Nospriecher d'Wuert dozou.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, merci fir d'Wuert. Jo, den TICE ass e Syndikat, wat elo scho säit iwwer 100 Joer gëtt, säit 1914, wéi ech dat och gëschter erausfonnt hunn. Dat

ass e Stéck Minettsgeschicht ëm dat et hei geet, engersäits. Anerersäits huet den TICE sech iwwert déi ganz Zäit natierlech fortlafend verännert, fir der Demande vun de Gemengen och iwwert dat Joerhonnert gerecht ze ginn, virun allem hei am Süden, wou sech jo och ganz vill un där Demande verännert huet am Laf vun där Zäit. Déi Konventioun, déi mir haut wäerte matstëmmen, bedeit d'Enn eigentlech vum TICE, wéi e seng Organisatioun da bis ewell kannt huet, hin zu enger Organisatioun, iwwert déi de Staat e Stéck wäit méi och d'Kontroll wäert kréien. Dat mécht och absolutt Sënn fir eis. A fir d'Biergerinne mécht et am Endeffekt keen Ënnerscheed, wéi d'Organisatioun herno selwer strukturéiert ass, esou laang de Bus pünktlech fiert an op hir Demande wäert agoen.

Mat enger Regioun, déi grenziwwerschreidend ëmmer méi bevëlkerungsräich gëtt a geschwënn am Verkéier ënnergeet, wann net eng besser Offer un ëffentlechem Transport an och Mobilité douce kënnt, ass et wuel un der Zäit, deem Rechnung ze droen an en ëffentlechen Transport ze plangen an ze bedreiwen, deen nach méi performant ass.
An an Zukunft, a wéi de PNM 35 et virgesäit, gesi mir schonn d'Zukunft doranner, dass am Süde méi Trajete mussen assuréiert kënne ginn. An dat stoung jo och an eisen Dokumenter. Dës mussen och all, wéi den Här Martini och grad gesot huet, ofgestëmmt mam séieren Tram kënne geplangt ginn a mat sämtlechen aneren Uschlëss an all d'Himmelsrichtungen an eeben och iwwert d'Grenz eraus, fir dass dat Ganzt Sënn mécht an eng gutt Erfarung och fir d'Verbraucher ass.

Dat bréngt Verännerunge mat sech. Ma gutt ass awer ze gesinn, dass an der Konventioun ganz vill Wäert op den Erhalt gesat gëtt vun deem, wat besteet. An et gëtt net alles iwwer Bord geheit, ma esou gëtt de Bestand genotzt u Material an Infrastruktur, awer och um Plang vum Personal.
Wichteg ass et, dass hei keng Verschlechterung vun den Aarbechtskonditioune kënnt. An d'Madamm Dall'Agnol huet och extra Wäert drop geluecht an dat ass eis och immens wichteg, sou stoung et jo och am Dokument, dass genau där Doleance Rechnung gedroe gëtt. Dass och kee Chauffeur an och soss kee Personal seng Plaz verléiert, ass eppes, wat vun Ufank un ëmmer eng Prämiss heifir war.
Eng Fro stellt sech dann allerdéngs, wa mer schonn iwwert d'Zukunft vum Personal schwätzen an a puncto Zefriddenheet, wa mer dat uschwätzen. Do war nach virun zwou Wochen e Protestpiquet um TICE-Sëtz vun der Gewerkschaft, wou op Mëssstänn bei der Zefriddenheet vum Personal higewise gëtt.

Wann an enger vum TICE an Optrag geginnener Ëmfro 71 % vun der Mataarbechter net méi zefridde sinn, dann huet an eisen Aen de Syndicat mixte e kloren Optrag doranner, dass wann d'Zukunft zwar geséchert ass, dass mer dann och sollte kucken d'Opschaffe vun deem dote Sondage och eng en absolutt Prioritéit sollt sinn an Zukunft. Mat Bléck op Diddeleng ass positiv ervirzesträichen, dass d'Gemeng de Citybus weider iwwerhëlt an dass dës flott herno komplett elektresch wäert sinn. Quitt dass dee ganzen TICE herno komplett elektresch wäert sinn, war et och nach eng Fuerderung vun eis, de Citybus esou séier wéi méiglech elektresch ze hunn.

Hei bleiwen eis allerdéngs dann nach zwou, dräi Froen am grousse Ganzen. Mir hunn elo vill iwwert d'Zuele geschwat. Ma et war eis elo net ganz kloer, wéi sech heimat fir eis d'Diddelenger d'Kontributioun un den TICE wäert verännere ren, wann de Citybus elo selwer ze stemmen ass an och wat de Citybus herno kascht a wat den Delta vun deem ass. Dat heescht, wat do elo genau finanziell Zuele sinn. Mir wëssen net, ob et elo nach ze fréi ass, fir dat genau kënnen ze soen. Et géif eis awer op jidde Fall interesséieren. Op alle Fall si mer frou heiriwwer a wéi ech scho virdru gesot hunn, mir wäerten dat hei och matstëmmen. Merci.

ROSELLA SPAGNUOLO (ADR): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Mir approuvéieren och déi nei Konventioun tëschent dem TICE, de Membersgemengen an dem Staat zum Finanzement an der Organisatioun vun de Busservicer hei bei eis am Süden. Mir hoffen och, datt déi nei Konventioun zur Stabilitéit vun de Busservicer an der Regioun Süde féiert. Merci.

MARC MEYER (DP): Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Als éischt emol wëll ech soen, dass et mech freet ze héieren, dass d'Garantie d'emploi vun de Mataarbechter hei ginn ass. Dann ass et natierlech och schéin ze héieren, dass de Montant, deen d'Gemengen an den nächste Joren ze bezuelen hunn, gedeckelt ass, an dëse Betrag wärend dëser Zäit net weider klëmmt a klëmmt, esou wéi den Här Martini et am Passé ëmmer huet missen erëm materliewen, a wat mir jo och an eiser leschter Budgetsried erwäänt haten. Fir mech ass dës Konventioun alles an engem eng ganz gutt Saach. An ech wäert dëse Punkt dofir och selbstverständlech matdroen. Just eng Fro hätt ech dann awer nach. Wann ech mech richteg erënneren, war an der Kommissioun kuerz erwäänt ginn, dass d'Gemeng um Ausgesi vun de Bussen ka matschwätzen. An ech wollt emol froen, ob sech dann och scho Gedanke gemaach gi sinn, fir hei e flotten Design auszeschaffen? Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Här Buergermeeschter, Dir wësst, dass mir eis ganz vill fir den TICE interesséieren. A säit dee leschte Walen hu mer de Punkt op den Ordre du jour vun der Gemengerotssëtzung gesat, eng Motioun zum Vott gestallt a schonn zweemol Froe gestallt, notamment zur Zukunft vum TICE an zum Personal. Elo hu mer dann déi Konventioun hei virleien, déi quasi den éischte Schrëtt duerstellt a Richtung Opléisung vum TICE, sou wéi mer en elo kennen. Et wäert Iech dohier kaum wonneren, dass ech muss e bëssen aushuelen, fir ze erklären, wat dat aus lénker Siicht bedeit a puncto Verwaltung, Service a Personal.
Sou wéi mer dat vu bausse beurteele kënnen, ass den TICE iwwer Joren, wann net Joerzéngten, ouni konkreet Strategie verwalt ginn. Néideg Investissementer, virun allem an d'Elektromobilitéit, goufe beispillsweis schleefe gelooss. Jo, dat wier e konsequenten Invest, mee deen hätt mat Zäite kënnen a missen ageplangt ginn. Iwwert d'Energietransitioun gëtt jo net eréischt säit fënnef Joer diskutéiert. Ech kennen och d'Argument, dat wier aus Plazgrënn net anescht méiglech ginn. A mir krute jo och erkläert, dass den TICE vum Wirtschaftsministère ofhängeg ass, fir weider Terrainen ze kréien. Mee mir haten awer net d'Gefill, wéi wann an deene leschte Joren immens vill Drock ausgeüübt gi wier.

Den Transportsecteur weist dee gréissten $CO_2$-Ausstouss op, an ech menge schonn, dass d'Regierung gezwonge gewiescht wier nozelauschteren, wann een hir erkläert hätt, dass d'Energietransitioun nëmme méiglech ass, wann den TICE déi néideg Moyene kritt, fir sech ze elektrifizéieren. Heiansdo muss een da vläicht e bësse méi Drock ausüben. Elo gëtt dann erkläert, juhu, de Citybus wäert no engem Joer elektresch fueren an och den TICE huet mat der Verklengerung vu senger Flott elo déi néideg Plaz a ka sech elektrifizéieren. Dir sot domadder, dass dank der Privatiséierung vun Deeler vun de Servicer endlech kann an d'Energietransitioun investéiert ginn. Sozial - an Ëmweltkrittäre gi géigeniwwer gestallt, wéi wa se sech géifen ausschléissen. Vun enger sozialistescher Féierung gesi mir dat als politeschen Aarmut.

Parallel zum ëffentleche Service, deen den TICE am Süde garantéiert, gi mir dann elo Zeie vun enger schläichender Privatiséierung. Zu Diddeleng ass scho säit Joren d'Ligne Rue de la Vallée-Rue des Champs déi privat gefuer gëtt, well den TICE net déi néideg Capacitéiten hat, fir déi ze iwwerhuelen. Mir kommen dann zréck op dat, wat ech virdru sot an d'Fro vun de politesche Prioritéiten. Wann een net wëll méi investéieren, da geet et och net. Elo kënnt dann de Citybus zu Diddeleng dobäi, dee komplett privatiséiert gëtt. Jo, de Ministère war net méi d'accord dëse matzefinanzéieren. Alt erëm hätt een do mat Sécherheet kënnen e Kompromëss fannen. Mee wat mech virun allem erschreckt, dat ass, dass dat elo als Verbesserung bezeechent gëtt. De Punkt um Ordre du jour vun der Verkéierskommissioun huet, Zitat, « d'Présentation de l'amélioration du Citybus à Dudelange » geheescht. Dat fannen ech awer schonn eng Ausso. Jo, d'Horairë ginn harmoniséiert. Zum Deel gi se verlängert. Zum Deel och gekierzt. Also moies fueren se méi spéit lass. D'Linnen 8 an 9, déi anscheinend net einfach ze fuere sinn, wéi ech mer soe gelooss hunn, kréie 4 Minutte méi Reserv. A voir ob dat duergeet fir d'Verspéidungen an de Grëff ze kréien. Ech mengen éischter net.

Mee d'Aarbechtskonditioune vun de Chauffere sinn awer ganz anerer. Déi Leit, déi ab 2026 de Citybus zu Diddeleng fueren, hu ganz aner Aarbechtskonditiounen. An dat ass definitiv keng Amelioratioun. Ech hu mer d'Aarbecht gemaach e bëssen ze vergläichen. Hir Ufangsgehälter leie vläicht net esou wäit vun deene beim TICE ewech, mee se progresséiere vill manner, sou dass den Ecart ëmmer méi grouss gëtt. Si hu manner Congéen a Primmen a virun allem eng aner Aarbechtszäit. Am Privé ass et normal Amplitudë vu bis zu 14 Stonnen ze hunn, woubäi da bis zu 4 dovu kënnen onbezuelt sinn. D'lescht Joer, wou mer dat hei ugeschwat hunn, do sot d'Madamm Dall'Agnol et wier net d'Aufgab vun den TICE-Gemengen ze kucken, dass déi privat Buschaufferen anstänneg Aarbechtskonditiounen hunn. Dat ass selbstverständlech richteg. Mee trotzdeem sinn et awer elo TICE-Gemengen, déi hoffen, Suen ze spueren, well eng Rei Linnen an Zukunft vu private Buschauffere mat méi schlechten Aarbechtskonditioune wäerte gefuer ginn. An als Lénk kënne mir dat net matdroen.

De Citybus ass awer net deen eenzege Service, dee privatiséiert gëtt. Och de Schülertransport gëtt privatiséiert. An dat bréngt och ganz reell eng Verschlechterung vun den Aarbechtskonditioune vum TICE-Personal mat sech. Well de Schülertransport zum engen en Tour allégé war, deen den eelere Mataarbechter erlaabt huet méi, tëscht Anführungszeichen, "liicht" Schichten ze schaffen. A gläichzäiteg verkomplizéiert d'Ewechfale vum Schülertransport d'Organisatioun vum Congé beim TICE. Och dorobber kommen ech nach eng Kéier ze schwätzen. Jo, de Citybus an de Schülertransport sinn den TICE deier ginn, well d'Leerfaarten net vum Ministère finanzéiert goufen, mee eng progressiv Gemengen- a Syndikatsleitung hätt sech dofir agesat, eng aner Léisung ze fannen, wéi einfach déi Servicer ze privatiséieren.

De 14. Juni 2024 gouf hei am Gemengerot unanime eng Motioun gestëmmt, mat där de Gemengerot ënner anerem de Schäfferot invitéiert huet, Zitat: „sech géint all Entwécklung ze wieren, déi eng Verschlechterung vun der Offer vum TICE an Zukunft als Konsequenz hät". Nëmmen dräi Méint drop huet de Comité vum TICE, an deem ëmmerhin dräi Leit sëtzen, déi dës Motioun matgestëmmt hunn, mat enger eenzeger Abstentioun, eisen Informatiounen no net vun engem Diddelenger, decidéiert der Delegatioun, déi d'Konventioun mam Ministère verhandelt huet, an an där iwwregens nieft der Madamm Dall'Agnol och den Här Buergermeeschter sëtzt, där Delegatioun d'Mandat ze ginn, d'Ofschafe vum Nuetsbus ze negociéieren. Dat heescht, et ass net esou, dass den Nuetsbus op Demande vum Ministère ofgeschaaft gouf, mee d'Gemengen, dorënner dann och den Diddelenger Gemengerot, waren Demandeur fir den Nuetsbus ofzeschafen, fir Suen ze spueren.

Esou ass et dann och komm, an den Nuetsbus gouf vun haut op muer, ouni vill driwwer ze kommunizéieren an ouni Alternativ ofgeschaaft. Dat ass d'Definitioun vu „Verschlechterung vum Service", an domat huet de Schäfferot sech net un eis Motioun gehalen. D'Argument ass, dee Service wier net vill genotzt ginn. Bei verschiddene Linne stëmmt dat vläicht. Warscheinlech, well déi net un de Besoin ugepasst waren. En anstännegen Nuetsservice ass keng eent zu eent Kopie vun engem Dagesservice. Mee verschidde Linne ware gutt besicht. Ech si reegelméisseg weekends spéit vun Esch op Diddeleng gefuer an ech ka confirméieren, dass déi Busser oft ganz gutt gefëllt waren. Anerer vläicht manner. Mee dat heescht net, dass kee Besoin bestanen huet. Jonker hu se genotzt fir erauszegoen, mee vill Leit, déi Schichte schaffen, waren och op dee Service ugewisen.

Am Februar huet d'Tageblatt hier Temoignagë publizéiert a koum zur Conclusioun, ech zitéieren: „Ob die Fahrgastzahlen ausreichen, um die Linie weiterzuführen bleibt umstritten. Klar ist jedoch Eines: die Menschen, die diesen Dienst in Anspruch nehmen, sind meist darauf angewisen. Wieviel ist Mobilität für alle wirklich wert?" An Zäiten, an deenen den ëffentlechen Transport misst weider ausgebaut ginn, einfach e Service wéi d'Nuetsbusser ze sträichen, ass aus eiser Vue net ze entschëllegen.Iwwert d'Stëmmung beim Personal vum TICE gouf an de leschte Méint vill geschwat. A wann et bis brodelt an engem Betrib vu 500 Leit, da lant ee ganz séier an der Gerüchteküche. An et hëlleft och net grad, dass déi zwou betraffe Gewerkschaften net

zesummeschaffen, mee oft de Contraire vunenee behaapten. Et ass och elo gesot ginn, dass d'Personal wäert integral mat senge Karriären iwwerholl ginn, wat mer selbstverständlech begréissen. Et kann een awer och net einfach ewechwëschen, wa schlecht Stëmmung ass. Och dofir si mir hei responsabel. Virun zéng Deeg war e Protestpiquet beim TICE, un deem ronn 70 Leit deelgeholl hunn.

An ech hunn dovu profitéiert, fir mat Leit ze schwätzen, net nëmme mat der Personaldelegatioun, mee mat einfache Leit, déi do schaffen. An déi Leit, déi si rosen. Si hunn alleguerte gesot, dass d'Stëmmung sech an deene leschten 3 bis 5 Joer gravéierend verschlechtert huet. Virun allem well den Drock wiisst a wéineg kommunizéiert gëtt. Zwee Deeg virum Piquet war eng Infoversammlung. Mee ech soen Iech, deene Leit ass dat net duergaange wat d'Kommunikatioun ugeet. A wann déi Leit sou onzefridde sinn, da muss een dat och eeschthuelen. Si fille sech ënner Drock gesat. Si fille sech kontrolléiert, zum Beispill wa se krank sinn. Mëttlerweil kommen der vill krank schaffen. A ganz éierlech, ech wëll net an engem Bus fueren, wann de Chauffer net fit ass. An en ass warscheinlech oft net fit, well d'Leit och net oft déi néideg Ruhepausen hunn, well se mussen asprangen, wa Kolleege krank ginn an dann natierlech selwer nees méi ufälleg sinn, dat ass jo en Däiwelskrees.

D'Leit hu mer erzielt, wéi komplizéiert hir Congéssituatioun ass. Wien dëst Joer am September Congé hat, dee wäert déi nächst zwee Joer kee Congé an der Summervakanz accordéiert kréien. Net mol eng Woch mat de Kanner wärend der grousser Schoulvakanz verbréngen. Ech weess net, wie sech dat heibanne virstelle kann. A wéi gesot, de Schülertransport huet bis dato d'Organisatioun vum Congé nach vereinfacht. Wärend der Gemengerotssitzung zu Déifferdeng d'lescht Woch huet den Här Altmeisch anscheinend seng Garantie ginn, dass jiddereen dee Kanner an der Schoul huet, sécher Congé wäert an der Summervakanz kréien. Mir sinn da gespaant, ob d'Leedung vum TICE sech wäert dorunner halen. D'Leit fille sech kontrolléiert. Anscheinend sollt viru kuerzem eng Nott erausgoen, dass ee keng Tattooen a mol keng faarweg Hoer méi däerf weisen-am Joer 2025. A guer net dovun ze schwätzen, dass et dräi verschidde Karriäre gëtt, dass d'Leit also ënnerschiddlech Salairen an Aarbechtskonditiounen hunn, fir déi selwecht Aarbecht ze maachen.

D'Ofgäng beim TICE hu sech an deene leschte Jore multipliziéiert. Ass ee fréier nach beim TICE an d'Pensioun gaangen, hunn d'Leit haut keng Loscht méi. Alles dat hunn d'Leit mir erzielt, déi hire Roserei um Piquet Loft gemaach hunn. An ech hunn hinnen net laang misse fléiwen. Si fille sech net eescht geholl, si fille sech net respektéiert. D'lescht Joer, an dat ass schonn ugeschwat ginn, huet eng Ëmfro vun der Personaldelegatioun gewisen, dass 70 % vum Personal onzefridde sinn. An ech fannen, dass mer hei doriwwer musse schwätze, schonn eleng fir dass déi Leit matkréien, dass mer eis dofir interesséieren an dass do eppes muss änneren. Den zoustännegen Escher Schäffen hat ëmmerhin de leschte Freideg d'Gréisst, sech wärend senger Introduktioun beim TICE-Personal ze entschëllegen. Dat hunn ech haut vermësst.

Soit, elo stellt sech d'Fro, wéi geet et weider? Den TICE ass iwwer 110 Joer al. Et ass en Zesummeschloss vun de Südgemengen, als éischt fir d'Leit op d'Aarbecht ze bréngen an elo fir sech mateneen ze verbannen, fir gemeinsam d'Mobilitéitspolitik am Süden ze gestalten. Déi Ära soll elo zum Deel op en Enn goe mat der Schafung vun engem Syndicat Mixte. Ass dat eng gutt Iddi? Ech hunn ufanks gesot, dass den TICE an eisen Aen net immens gutt verwalt gouf, dass et keng Strategie gouf, e komplexe Betrib wéi den TICE mat 500 Leit ze leeden, dat ass net einfach. Vläicht si verschidde Lokalpolitiker der Erausfuerderung net méi gewuess. Ech hunn och d'Personal gefrot, wat si dovun halen, an ech wëll hei eng Persoun zitéieren. «D'Aarbechtskonditiounen hu sech an deene leschten zéng Joer esou verschlechtert, dass een nëmmen hoffe kann, dass et ënner engem Syndicat Mixte wäert besser ginn». E Syndicat Mixte zesumme mat engem Ministère ënner enger CSV-DP-Regierung, déi elo net grad fir hire respektvollen Ëmgang mat de schaffende Leit an hire Gewerkschafte bekannt ass.

Mir hunn als Lénk laang iwwert eis Positioun diskutéiert. Ech kommen zum Schluss. Jo, warscheinlech deet eng méi professionell Leedung dem TICE gutt. Dat nennt een da warscheinlech "selbstverschuldete Unmündigkeit". An trotzdeem kënne mer dës Konventioun net matstëmmen. Och wann aktuell schonn d'Linneféierung vum TICE natierlech mam Ministère ofgeschwat gëtt, kënne mer net domadder d'Accord sinn, dat Stéck Autonomie, dat d'Südgemengen zur Zäit nach hunn, ofzeginn. Mir droen déi Privatiséierung net mat. Mir droen d'Ofschafe vun den Nuetsbusser net mat. A mir droen net mat, dass d'Südgemengen hir Souveränitéit an der Mobilitéitspolitik fräiwëlleg opginn. Laut dem nationale Mobilitéitsplang PNM 2035 a laut dem lokale Mobilitéitsplang SUMP muss den ëffentlechen Transport an deenen nächsten 10 Joren enorm wuessen. An dat geet an eisen Aen nëmmen als staarken ëffentleche Service, bei deem net d'Regierung sech kann hannert de Gemenge verstoppen an ëmgedréint. An dowéinst, et wäert Iech kaum wonneren, stëmme mir géint dës Konventioun. Merci.

FABIENNE DIMMER (LSAP): Dat war jo e Speech. Zum Theema TICE, Busser, et hätt een och einfach kënne soen, mir loossen et sinn, a mir hunn d'Sue méi am Budget. Et hätt een et einfach kënne maache wéi déi aner 90 Gemengen am Land a soen: Mir si raus, et ass okay, mir hunn et elo honnert wéi vill Joer gemaach a mir loossen et sinn an d'Sue si méi am Budget. Mir hunn et awer kloer dofir decidéiert, dass mer dat eeben net maachen. Mir hu kloer decidéiert, dass mer gesot hunn, komm mir kucken eng Léisung ze fannen. A mir wëssen, dass d'Zukunft net einfach gëtt, eeben ëm déi ganz Ëmstellung, awer och ëm déi Gebaier, déi musse gebaut ginn, eebe fir dat Ganzt op en Niveau ze bréngen, dass mer deem entgéintkommen, wat erwaart gëtt. Firwat ass dëst Ofkommes positiv? Ma well mer eng Léisung fonnt hunn. Mir hu misse Waasser bei de Wäi schueden, mee och de Staat huet d'Waasser bei de Wäi geschott, net nëmme mir. D'Sécherung vun den Aarbechtsplazen, et ass kee Mënsch, dee seng Plaz verléiert a jiddweree behält och de Statut, wou en huet.

Zu den Aarbechtskonditioune kann ech soen, ech hunn se gelies an ech war esou, puah, ech mengen ech gi bei

en TICE schaffen. Also ech schaffen am Privatsecteur. Ech mengen, dass vill Leit sech net bewosst sinn, wat se hunn. A vläicht ass dat och eng Saach, déi ëfters einfach mol muss erëm op d'Tapéit kommen, datt se oft net wëssen am Statut, wat se hunn. An ech war och op där Versammlung, an ech war geschockt, wéi verschidde Memberen sech beholl hu vun der Gewerkschaft. Awer ech war geschockt. Déi si blärend duerch de Raum. A wann déi sollen en Deel vertrieden, déi um Bus fueren, ma da wëll ech effektiv net déi doen am Bus sëtzen hunn. Do hutt Der Recht. Do ginn ech Iech Recht. Ech wëll net, dass deen doen e Buschauffer ass. Well sou wéi deen do duerch de Raum gelaf ass a gebläert huet, hoffen ech net, dass en eng Kéier Bus fiert, well deen iwwerrennt soss een. An da kënnt den doudsécher net duerch déi Gässel, déi mer do elo gestëmmt hunn. Dat kann ech Iech soen. Well do kritt en d'Mauer. Also do hutt Der Recht. An ech kann Iech och soen, dass déi aner Gewerkschaft d'Wuert gehalen huet a gesot huet, Dir schwätzt hei net am Numm vun de Gros vun de Leit. Mee Dir waart net op der Versammlung, dofir hutt Der dat net gesinn.

Et si sécher ëmmer Leit, déi net zefridde sinn. Et si sécher Leit, déi e schéint Liewen do haten. A vläicht gëtt elo heiansdo gesot, Dir musst pointéieren. Vläicht ass dat effektiv déi lescht zwanzeg Joer net gesot ginn, datt se musse pointéieren, dass elo d'Stonnen opgeschriwwe ginn oder dass wann se zéng Minutten oder datt se vläicht emol eng Kéier mat Zäiten op der Aarbecht sinn. Natierlech sinn da Leit, wann s de zwanzeg Joer laang e bësse konnts maache wat s de wollts, an elo op eng Kéier gëtt et bësse méi eng kloer Linn gefuer, datt do Leit net zefridde sinn. Dass déi dat warscheinlech op de soziale Medie verbreeden, datt déi dat am Café verbreeden, mee datt se awer net e Bréif schreiwen a mat hirem Kapp a mat hirem Numm do stinn, well et sinn net vill oder ech weess net ob vill Plainten iergendwou erakomm sinn. Ech ka soen, mir hunn net vill héieren. Mir kréie gezielt, dass d'Leit net zefridde sinn, mee wierklech e Bréif an der Hand hunn ech nach kee bis elo gesinn.

Bon, komm mir komme lo mol awer zréck zu deem Ofkommes, wat mer wierklech positiv fannen. Et ass eng Sécherung, wéi ech gesot hunn, vun den Aarbechtsbedéngungen. Kee verléiert sech, jidderee behält se an de Statut bleift. Do wäerte jo déi meescht da frou sinn. Et gëtt eng grouss Planungssécherheet, laangfristeg Investitiounen, modern ëmweltfrëndlech Busser, do wäerten och vill Parteie frou sinn, an eng verbessert Infrastruktur, déi realiséiert ginn. Et kommen awer och Erliichterunge fir d'Gemengen. Mir als Diddeleng iwwerhuelen eebe grad déi Responsabilitéit a mir ginn net eraus a mir loossen dann de Staat alles maachen. Mee mir bleiwen am TICE mat dran a sou bleiwe mer weider an eisem Reseau, dee mer haten, dee mer eeben elo e bëssen ëmänneren an der Hoffnung, dass mer dann och mat den Auerzäiten e bësse méi pünktlech iwwerall ukommen.

Wat elo déi Busser sinn, déi ofgeschaaft ginn, en Nuetsbus, deen näischt bruecht huet, dee minimalistesch Leit, muss ech soen, mir sinn hei zu Diddeleng an ech schaffen nuets, an ech schaffe vill nuets an ech kommen nach ëmmer op meng Plazen, deelweis och ouni Auto. Ech verstinn, wann Der dat elo gesot hätt, wann ech géif zu Ischpelt wunnen, wann Der wësst, wou Ischpelt läit, dat ass op Klierf dräi Kilometer, do ass dee leschte Bus owes um siwe gefuer vum RGTR, vu Klierf erop op Ischpelt owes um siwen. Dat heescht, do hätt ee kënne soen, ma ech kommen net vu Klierf heem, wann ech mam Zuch bis op Klierf kommen. Dat ass eng aner Geschicht. Mee dee Problem, denken ech, hu mer minimal hei an dofir ass deen Nuetsbus och quasi ni benotzt ginn. Dofir hunn ech och kee Problem domadder, dass mer deen Nuetsbus net méi bedreiwen an déi Sue spueren, déi mer da kënnen an eppes aneschters uwent. Esou, ech soen Iech Merci.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Jo, ech weess net, ob vläicht d'Vertrieder vum TICE oder vum Staat direkt wëllen op eppes agoen oder wa mir fäerdeg sinn, do nach iergendeppes ass, dann ass dat selbstverständlech méiglech. Ech fänke vläicht u beim éischte Spriecher. Ech muss vläicht nach eng Kéier preziséieren, ech weess net, ob dat esou erauskomm ass wéinst dem Budget, datt déi Konventioun eréischt ab 2027 gräift. Dat heescht, am nächste Budget fir 2026 wäerten natierlech nach déi Zuelen dra sinn, wéi se bis elo waren. A vun 2027 bis 2036 wäerte mer dann en moyenne 1,95 Millioune fir Diddeleng bezuelen. Ech schwätzen ënner der Kontroll, Dir gesitt, vun de Vertrieder vum Staat a vum TICE, wéi gesot, en moyenne. Et ass och esou, den Här Steffen hat gefrot, wéini deen definitive Budget erauskéim vum TICE. Bon, dee gëtt normalerweis ëmmer am November gestëmmt. An da kritt d'Gemeng dee fir a säi Budget anzesetzen. Dofir ass et effektiv nach e bësse fréi, fir déi genau Chiffere festzeleeën, well d'Finanzkommissioun, ech kucken op den Här Martini, déi trëfft sech den 28. An dat ass dann déi éischte Kéier, wou iwwert d'Zuele gekuckt gëtt. Da kommen déi natierlech nach an de Bureau, an de Kommitee. An da gëtt dee Budget ofgestëmmt a kënnt dann an d'Gemengen eran.

Dir hat dann och nach gefrot nom Citybus. Jo, do hat ech schonn e bëssen an der Verkéierskommissioun driwwer gezielt, datt mer eng Ausschreiwung haten, et huet allerdéngs nëmmen eng Busfirma matgemaach. Hir hunn op, ech kucken op de Pit, op zéng Joer hu mer ausgeschriwwen an de Citybus wäert eis plus minus 2,8 Millioune kaschten. Dat ass awer de Citybus, also all déi Linnen, wou mer bis elo gefuer sinn, plus d'Navette, also den Dudbus 1 mat dran, plus déi Verbesserunge, wou zwar eenzel Membere vum Gemengerot mengen et wiere keng Verbesserungen, mee eeben, wéi gesot, déi Verbesserunge vum Horaire, wou méi gefuer gëtt oder respektiv méi laang gefuer gëtt. Den Här Meyer hat nach nom Design gefrot, dat war effektiv an der Circulatiounskommissioun gesot ginn, mee do handelt et sech just ëm déi nei Citybussen. Also mir kënnen elo net bestëmmen, d'Gemeng Diddeleng kann net bestëmmen, wéi den TICE an Zukunft wäert ausgesinn. Mee mir kënne scho matschwätzen, ob mer wëllen den Design vum Citybus matbestëmmen. An dat, mengen ech, ass amgaang eise Service Publicité, Communication ze kucken. Dat ass och keng Mussesaach, dat muss net gemaach ginn.

Dann zu der Madamm Thoma. Ech mengen do géif et, do kéint ech e ganzt Buch zielen, mee ech probéiere mech dann op dat Weesentlecht ze beschränken. Wann ëmmer

gesot gëtt, datt d'Virwërf kommen, an ech resuméieren déi elo mol esou wéi se an der Zeitung deemools stoungen, et gëtt gesot, restriktiv Moossnamen, Schikane géint d'Personal, Bagatelle géifen zu Ordre de justification féieren. An da muss de Journalist, an et stoung am Wort, da muss deen am August a sengem Artikel, an ech zitéieren, schreiwen: „Konkrete Beispiele fehlen in den Pressemitteilungen der FGFC, die Vorwürfe bleiben vague". Dofir gesinn ech och net an, firwat ech mech hei an deem Gemengerot soll missen entschëllege beim Personal, well ech keng konkreet Virwërf um Dësch leien hunn.

Wann de Journalist dat schreift, da kann ech just soen, dem TICE-Büro an och dem Kommitee, an et sëtzen zwee Leit aus dem Gemengerot hei an deem Kommitee, deene geet et nämmlecht, an deem Kommitee sëtzen iwwregens Vertrieder vun der LSAP, der CSV, déi Gréng an der DP. Am selwechten Artikel huet de Journalist dann och geschriwwen, an ech zitéieren en: „Letztlich lassen sich konkrete Vorwürfe kaum überprüfen, weil die Gesprächspartner anonym bleiben wollen". Wann ech näischt Konkretes um Dësch hunn, da kann ech och net géint eppes Konkretes virgoen. An esou geet et eeben och dem Bureau.

Ech spueren Iech och elo, nach eng Kéier op déi Chifferen anzegoe vun den Ordre de justificationen oder Leit, déi soidisant fir näischt bei de Kontrolldokter geschéckt ginn, well all déi Zuelen, déi kënnt Der offiziell an deenen Zeitungsartikelen och fannen. Dat sinn ëmmer déi nämmlecht. An déi stëmmen, och wann op Piqueten oder an Infoversammlunge gesot gëtt, déi Chiffere wäre falsch, ech weess net, firwat d'TICE-Direktioun soll falsch Chiffere sengem Büro a sengem Kommitee ginn. Dofir gëtt et definitiv kee Grond.
A wat mech dann awer wierklech erschreckt huet, an ech mengen d'Madamm Dimmer ass schonn drop agaangen, datt do Leit, déi de Mikro virun d'Nues gehal kréien, soen, also si kéimen aus dem Privatsecteur a si wäre bei den TICE komm, well deemools d'Aarbecht ënner Gänseféisercher „méi entspaant" gewiescht wär. A wa se dat gewosst hätten, da wären se net bei den TICE gewiesselt. Dat ass e staarkt Stéck. An dat huet deen esou engem Journalist gesot, an dat stoung an der Zeitung am August.

An dann, d'Madamm Thoma huet et selwer gesot, ech verweisen da mol just op déi Amplituden am Privatsecteur. Aleng dat misst eigentlech schonn duergoen, fir datt ech mech hei net misst erklären, wisou d'Konditioune vun engem Fonctionnaire beim TICE besser sinn, wéi déi vun engem Salarié bei enger Privatboîte. A wann dat alles keng sinn, de Loun, de Statut, d'Amplitude, wann dat keng Grënn sinn, fir zefridde beim TICE ze sinn, da stellen ech mir wierklech d'Froen. Vläicht war et fréier méi relax beim TICE, jo, op der Strooss war et och méi relax, et war warscheinlech méi relax fueren, dat stëmmt, mee dës Direktioun an dësen TICE-Büro, an dëse Kommitee, déi musse sech awer och den neie Gegebenheete stellen. Se musse sech upassen un de Verkéier op der Strooss, Leit, déi sech vläicht och éischter beschwéieren, wéi dat fréier mol de Fall war. Fréier has de een um Telefon. Frot emol wéi vill Leit beim TICE all Dag uruffen, déi net zefridde si mam Service vun eventuell engem Fonctionnaire, där ginn et der, a mir musse kucken, datt dee Bus rullt. Well ech soen Iech ganz éierlech, dem Usager ass et zimmlech egal, wat fir eng Faarf dee Bus huet a wat fir ee Statut dee Chauffer huet. Deen hätt gär, datt säi Bus kënnt, deen hätt gär, datt säi Bus mat Zäit kënnt an datt e sech kann drop verloossen, datt säi Bus fiert. An dat probéiere mir alles hei ze realiséieren an deem TICE, respektiv mat där neier Konventioun.

An den TICE-Büro, Madamm Thoma, deen ass och net do fir d'Dagesgeschäft ze leeden, dofir hu mer eng Direktioun, där mer vertrauen. An dofir weist och den TICE-Büro, an dat ass och gesot ginn an engem Interview schonn am August, misst dat gewiescht sinn, all déi Uschëllegungen zréck, wou behaapt gëtt, mir hätten en autoritäre Féierungsstil beim TICE. Wéi gesot, konkreet Beispiller, si se mer bis elo schëlleg bliwwen. An net nëmme mir, mee dem ganze Büro an dem ganze Kommitee. Wéi gesot, nach eng Kéier, mir musse kucken, datt dee Bus fiert, oder besser gesot rullt, an dat an all eise Membersgemengen. A fir datt dat de Fall ass, do muss och all Member vun deem Personal matmaachen, muss jiddereen déi néideg Disziplin un den Dag leeën an et muss ee sech och vläicht kënnen e bëssen den neie Gegebenheeten upassen. Mir wëssen alleguerten, kee Mënsch huet gär Verännerungen. Dat läit an der Natur vum Mënsch. An do si mir all heibanne warscheinlech och guer keng Ausnamen. Mee se sinn awer numol eeben néideg. Se sinn néideg, fir och déi Wäitsiicht ze garantéieren, fir datt mer haut kënnen eng Konventioun op 10 Joer ofschléissen an datt den TICE och doriwwer eraus wäert kënne weiderfueren an datt och doriwwer eraus kee seng Plaz oder säi Statut wäert verléieren.

Wéi gesot, d'Zuele spueren ech Iech alleguerten. Just vläicht eng, et ass e puermol op déi Zefriddenheetsëmfro do higewise ginn. Vläicht huelt Der elo alleguerten emol déi Iwwerleeunge mat eran, déi ech elo genannt hunn, an da wësst Der vläicht firwat déi esou ausgefall ass, wéi se ausgefall ass. An dann awer just eng Ziffer: een Drëttel vum Personal huet do iwwerhaapt guer net matgemeet bei där Ëmfro. En plus war et zu där Zäit, wou déi Ëmfro gemaach gouf, also do wousste mer nach guer net, wat an där Konventioun géif stoe kommen. Et waren nach méi Gerüchter ronderëm, d'Leit waren nervös, d'Leit waren onzefridden. An dat ass, mengen ech, och e bëssen de Problem, datt deemools kee Mënsch wousst, wou d'Schëff géif higoen, datt se och vläicht Angscht haten ëm hir Plaz, Angscht ëm hire Statut an dofir eeben esou, ech soen elo mol ofgestëmmt, ausgefëllt hunn, wéi dat ass.

Fir ze rekapituléieren, vläicht nach dat heiten. De Büro vun deem TICE, dee gesäit déi Delegatioun reegelméisseg, och wann am Gesetz eigentlech steet, mir misste se zweemol gesinn. Mir gesinn d'Delegatioun, mir gesinn déi zwou Gewerkschaften och nach eenzel, déi an deem TICE sëtzen, well Dir hutt et selwer gesot, d'Madamm Thoma, datt déi sech net ëmmer gréng sinn. Dat heescht, mir investéiere wierklech ganz vill Zäit, ganz vill Energie an deen TICE. An dofir mengen ech, ka kee soen, datt sech net géif drëms gekëmmert ginn. De Büro gesäit, wéi gesot, déi Delegatioun reegelméisseg. Mir hunn am Juli, virun der Vakanz, also nach de President vun der Delegatioun agelueden. Mir hunn ëm souguer ugebueden, e kéint bei de Büro kommen ouni d'Direktioun, just Politiker, well en da vläicht méi, wéi

soll ech soen, méi oppe kéint schwätzen.

Wësst Der wat d'Reaktioun war? Schrëftlech krute mer gesot, datt de President vu senger Gewerkschaft géif menge se bräichten eréischt ze kommen nom Piquet vum 19. September. Wa si zwee Méint kënne waarden, fir eis konkreet Virwërf dohinner ze leeën, da mengen ech net, datt et beim TICE esou brennt, wéi se ëmmer behaapten. A souwisou kann ech perséinlech mer net virstellen, datt déi ronn 500 Mataarbechterinnen a Mataarbechter alleguerten esou onzefridde sinn, wéi dat ëmmer duergestallt gëtt. D'Madamm Dimmer huet et gesot, si war do, mir haten och eng Infoversammlung fir d'Personal an do war d'Stëmmung gutt, bis eeben op den Ausräisser, d'Madamm Dimmer huet et gesot, vum President vun der Delegatioun. A mir hate minimum esou vill Leit op där Infoversammlung, déi ganz zefridden erausgaange sinn, wéi si op hirem Piquet. Ech mengen dat seet och eppes aus.

A jidderee war an deem Sall frou ze héieren, datt den TICE eng geséchert Zukunft huet, datt mer géifen investéieren, zum Beispill an en neien Iesssall, den Ausbau vum Atelier, nei Büroen a virun allem, an ech betounen dat nach eng Kéier, ech hunn et haut schonn zéng Mol gesot, virun allem, datt kee seng Plaz a säi Statut wäert bei deem TICE verléieren. Dat ass a bleift, an dat soll och fir eis heibannen dat Allerwichtegst sinn. An ech wëll och nach eng Kéier soen, datt mer hei ëmmer nëmme vun enger Gewerkschaft schwätzen, well déi eeben d'Majoritéit an där Delegatioun hunn. Et sinn awer, an d'Madamm Thoma huet et richteg gesot, zwou Gewerkschaften an där Delegatioun.

An Dir hutt vläicht de Communiqué vun där zweeter Gewerkschaft, dem OGBL gelies, den Dag virum Piquet, an da kléngt dat liicht anescht wéi dat wat um Piquet gesot gouf. Dat ass vill méi nuancéiert an et gëtt op Dialog gesat a se hunn eis souguer nach den Dag virum Piquet, nee zwee Deeg virum Piquet, den Dag vun eiser Infoversammlung hate mer e ganz gudden Austausch mam Mammenhaus a mat de Vertrieder vun där Gewerkschaft an der Delegatioun. Ech mengen elo hätt ech alles dozou gesot. Ech begréissen et fir all déi, déi déi Konventioun matstëmmen. Déi, wou se net matstëmmen, mengen ech hunn ech elo all meng Argumenter gesot firwat dass Der eigentlech awer kéint matstëmmen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER:
Merci och, Claudia. Ech wëll vläicht den Direkter vum TICE nach Saache bäifügen? Wann net, soss géif ech nach e puer Saache soen, wéi Der wëllt. Ech wollt nach vläicht e puer Saache soen, well mäin Numm och gefall ass am Kader vun der Verhandlungsdelegatioun, mee awer och, mengen ech, generell iwwert d'Diskussioun, esou wéi se de Mueren hei gefouert gouf. Ech menge mir stëmmen haut iwwert eng Konventioun of, déi eis de Kader gëtt iwwert d'Ausriichtung vum zukünftegen TICE mat zwee Partner, déi op Aenhéicht an a Vertrauen zesumme wäerte schaffen. Dat ass de Staat an déi néng TICE-Gemengen zesummen.

Elo gëtt natierlech déi Diskussioun, déi mer ronnderëm d'Konventioun, déi de Kader gëtt an déi eis eng Struktur gëtt, déi e bëssen d'Architektur ass vun der Zesummenaarbecht, mengen ech, kommen déi Elementer ra ronderëm déi rezent Protestpiqueten, respektiv ronderëm d'Aarbechtsklima wat per näischt domadder ze dinn huet. An awer ass et intrinsèquement lié. An hei sinn deelweis och heiansdo Vermëschunge gemaach ginn, wann ee stricto sensu am Fong just hätt sollten ëm d'Konventioun schwätzen an d'Ausriichtung vun der Konventioun. A mengen ech wéi se och deementspriechend herno am Kader vun deenen zwee Gesetzesprojeten, déi kommen, sief dat am Kader vum Syndicat Mixte, sief dat am Kader vum effektiv Finanzéierungsgesetz soll kommen. Ech mengen et ass och dorobber, wou een hätt sech sollte kloer fokusséieren.

Mee mir wousste jo, dass d'Diskussioun aneschters géif kommen. An ech mengen et ass och dann normal, no de rezenten Ereegnisser, dass dat och deementspriechend kënnt. Eng Verschlechterung Madamm Thoma, esou wéi Dir se hei duerstellt, wär komm, wann net gehandelt gi wär, dat wëll ech hei ganz kloer betounen. Well wat war nämlech den Ausgangspunkt? Den Ausgangspunkt war viru gutt zwee Joer d'Kënnegung vun der Konventioun säitens vum Staat. Et war d'Farplan-Ännerung, déi stattfënnt Enn dëst Joer. An et war d'Verdueblung en vue vun 2035. An ech mengen do war Handlungsbedarf wichteg säitens vum Staat, zesumme mam TICE a mat deenen néng Gemengen. An dat wat een an Negociatiounе mécht, déi dann evoluéieren, fir effektiv zum Resultat ze komme vun där Konventioun, déi hei virläit, weist mengen ech hei e ganz staarke Message an och e ganz staarke Commitment en faveur vum ëffentlechen Transport hei am Süden. Hei ass de Staat, zesumme mat deenen néng Gemengen, déi weider Responsabilitéit iwwerhuelen, politesch a finanziell, fir eebe grad net zu enger Verschlechterung bäizedroen.

Well, wa mer nämlech hei net gehandelt hätten oder de Status quo bliwwe wär oder gekuckt hätte wéi déi lescht Evolutioun déi lescht Jore war, do wären d'Depensen och eis deementspriechend fortgelaf. An ech hätt hei d'Diskussiounen erwaart hei am Gemengerot, wat déi weider Contributioune ronderëm den TICE gewiescht wären, wann net deementspriechend gehandelt gi wär. Hei gi mer eis eng Finanzsécherheet an awer och eng Sécherheet an der Planung an och am Fonctionnement vum TICE, wéi gesot, mam Staat zesummen, fir eebe funktiounsfäeg ze bleiwen, fir déi nei Vitesse de croisière, déi an de Süden awer kënnt, fir déi kënnen ze gewäerleeschten a fir datt och kënnen operationell ëmzesetzen. An ech mengen déi Enveloppe hei, an dat ass jo och dat, wat elo och zu enger Verbesserung an net zu enger Verschlechterung bäidréit, déi Enveloppe, déi hei sech gi gëtt, engersäits am Vott mat der Chamber vun deene 750 Milliounen Euro, déi gestëmmt ginn, an de Gemengesecteur, deen awer nach 150 Milliounen hei investéiert, déi néng Gemengen, opgeschlësselt op effektiv pro Gemeng.

A mir hunn ech jo virdrun héieren, et sinn 1 ,9 respektiv ronn 2 Milliounen, wat d'Stad Diddeleng en moyenne wäert betreffen. Dat weist, mengen ech, ganz kloer, dass souwuel de Staat, mee awer och déi néng Gemengen nach ganz kloer an den ëffentlechen Transport investéieren. Et gëtt nach eng Gemeng, déi et mécht, dat ass d'Stad Lëtzebuerg an alleguerten déi aner, dat sinn Trittbrettfahrer,

déi profitéieren dovunner. Also ganz kloer hei e staarke politeschen a finanzielle Commitment, dass mer den TICE engersäits verbesseren, dass mer dee weider ausbauen an och zukunftsfäeg deementspriechend och halen.
An ech mengen hei de Commitment vun alleguerten de Parteien, déi sech hei um Dësch geäussert hunn, war ganz kloer an déi Richtung vun enger Verbesserung, ausser, wéi gesot, dann déi Lénk mat hirem Spriecherin, der Madamm Thoma, déi mengt, dass et eng Verschlechterung ass. Op alle Fall eng Vue, déi mer absolutt net deele kënnen.

Dat par rapport zu der Konventioun an zu der Ausriichtung vun der Konventioun. Well am Endeffekt hunn ech awer och ee Constat gemaach, dass méi iwwert d'Aarbechtsklima geschwat ginn hei an dëser Ronn, wéi iwwert d'Architektur vun der Konventioun, déi d'Suite logique wäert sinn, fir engersäits an de Syndicat Mixte respektiv an d'Finanzéierungsgesetz. Dat war hei, an ech hu gutt nogelauschtert, ganz wéineg Diskussioun. Awer dat war d'Kärdiskussioun am Kader vun der Negociatioun, déi mer zesummen haten, déi néng TICE-Gemenge mam Staat respektiv awer och nieft de Finanzen. Dat ass och e Kärelement vun der Diskussioun. Dat ass awer haut, leider, fannen ech, e bëssen ze kuerz komm. Mee si ass awer déi Wichtegkeet.

An dofir stëmme mer ausser elo déi Lénk, sécherlech fir déi Konventioun, ech hunn dat jo och haut hei esou erausheéieren an d'Kolleegen hei vum TICE a vum Transportministère och deementspriechend och. Fir och hei eng Sécherheet kënnen ze ginn, och säitens vun der Stad Diddeleng, dass dat Engagement, dat déi néng TICE-Gemenge sech ginn hunn, dass mer och elo kënne weiderschaffen. Well dat heiten ass elo den Ufank vun enger Aarbecht, déi weidergeet um legislative Plang, fir dass mer dat heiten ab 2027 och kënne weider an dréchen Dicher weiderféieren, sou wéi mer dat och hei an der Konventioun festgehalen hunn. Dofir, mengen ech, ass et och e wichtegen, e staarke politeschen a finanzielle Commitment, dee mer beim Vott vun dëser Konventioun, vun dëser Plaz ausginn. Merci.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Ech wollt eng kleng Prezisioun ginn zu deem, wat ech virdru gesot hunn, well d'Madamm Dall'Agnol vun der Zefriddenheet geschwat huet. Dat wat mir am Fong drënner verstanen hunn, dat ass, dass een einfach soll no vir kucken an där doter Geschicht an d'Zefriddenheet allgemeng, et war nach en Artikel elo am Spiegel driwwer, dass d'Zefriddenheet bei de Leit iwwerhaapt am Moment relativ um absteigenden Ast ass, an dass dat net vun haut op muer gedoen ass mat, dach, et geet der awer gutt. An dass een dann sech awer der Saach och als als Patron oder als Syndicat oder wéi och ëmmer einfach kann entspaant unhuelen an net op eenzel Aussoen da vläicht drop sprangen, mee vläicht einfach soen, voilà, wann elo Verännerungen do sinn, kann ee jo och kucken, okay, d'Konditioune si geséchert, da maache mer nach eng Kéier eng Erhiewung intern a kucke wéi d'Zefriddenheet dann ass. An da ginn et och nach ëmmer, jo, voilà, Formatiounen, Coaching. Ech menge wann ee vill am Trafick ënnerwee ass, da kritt ee ganz villes of, da brauch een e ganz décke Pelz. An ech verstinn awer och an enger Santé-mentale-Perspektiv, dass een et net ëmmer einfach huet an dass een do vläicht och gestäerkt muss ginn, fir dat ze erdroen, wat een do am Alldag erlieft. Dat war éischter op deen dote Volet an net op d'Konventioun ausgeménzt. Ech mengen de Buergermeeschter huet do virdru gutt den Tri vun deenen zwou Ausriichtunge gemaach. Merci.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Bon, ech mengen ech hunn alles gesot zu der sougenannter Zefriddenheet. Wa mir konkreet wësse wou de Schung dréckt, da kënne mir och konkreet drop awierken, datt et dann deene Leit, déi onzefridde sinn, besser geet. Mee wéi gesot, nach musse mer konkreet eppes hunn.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Villmools merci nach eng Kéier, fir déi dote Prezisioun. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat der Konventioun esou wéi se hei virläit averstanen? Dat ass déi Gréng, d'LSAP, d'CSV, d'DP an den ADR. Wien ass dergéint? Déi Lénk. Villmools merci a villmools merci och dem Här Schooss an dem Här Vandsteenkiste fir hir Presenz an och dem Pit Demuth.

# 6. PAP « A BËLLEG »

**6.1. Adoptioun vun der Propositioun fir eng Modification ponctuelle vum PAP « A Bëlleg » fir Fondsen zu Diddeleng op de Flouernimm « rue Triny Bourkel » et « rue Anne Holtz » presentéiert vum Architektebüro « WW+ » fir d'Societéit société « FMC Promotions S.à.r.l. »**

**6.2. Approbatioun vum Avenant fir d'Convention d'exécution vum PAP « A Bëlleg », Phas 1**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Hei geet et ëm de PAP «A Bëlleg». Do hu mer, wéi gesot, véier Punkten drop. Engersäits d'Modification ponctuelle vum Plan d'aménagement général, vum PAP, an och en Avenant zu der Convention d'exécution. Ech géif proposéieren, dass mer déi zwee Punkten zesummenhuelen. An dann an enger zweeter Phas de VEFA, d'Vente en état de futur d'achèvement ronderëm déi nei Gemengecrèche huelen, respektiv dann an och herno de Plang an d'Devise ronderëm d'Gemengecrèche, dass mer am Fong einfach zwee Bléck, well déi all Kéiers zesummenhänken. Dat Ganzt hänkt zwar zesummen, mee einfach vun der Duerstellung hier, dat eent jo méi technesch ronderëm de PAP ass. An dat anert ass de Bau vun der Gemengecrèche.

Dofir begréissen ech awer och fir dee Punkt, och wann en an zwee gedeelt ass, hei an eiser Ronn, vun eisem Service Architecture et domaines, d'Cathy Mambourg an d'Eva Gottschalk. Ech begréissen awer och vum Architektebüro WW+plus den Här Alain Poeckes an d'Madamm Marie Bolzinger. Häerzlech wëllkommen hei an dëser Ronn. Si wäerten och nach eng Rei, wéi gesot, Erklärungen am Kader hei vum PAP, respektiv vun der Crèche deementspriechend ginn. Ech géif mam PAP « A Bëlleg » ufänken. Quitt dass mer och eng Presentatioun och gemaach hunn. Just fir Iech kuerz awer ze soen ëm wat dass et hei geet am PAP « A Bëlleg ». Sou wéi Der och d'Dokument zougestallt kritt hutt, geet et drëms d'Daachform ze änneren am PAP selwer. Ech

mengen dat hutt Der och deementspriechend am Dokument gesinn.

A bei der Convention d'exécution geet et och drëm, op d'Demande vum Promoteur/ Développeur och d'Loten. Dat changéiert en gros de Projet net. Mee déi verschidde Loten, wou déi Eefamilljenhaiser kommen, fir déi aneschters um PAP ze verdeelen, dat erméiglecht och dem Developpeur vum PAP «A Bëlleg» effektiv déi Maisons unifamiliales, wou och eng Demande do ass, kënnen ze verkafen. Dat heescht, quant au fond changéiert dat, wat d'Ausriichtung vum PAP ass, net vill. Et si just d'Loten, déi deementspriechend änneren.

Ech mengen Dir wësst, dass de PAP «A Bëlleg» e Projet ass, wann Der Iech schonn op d'Plaz eng Iddi maache gaange gesitt, dee gutt virukënnt. Dat gesi mer och herno am VEFA-Akt. Dat heescht, de Projet ass am Bau. Et sinn am Fong 178 Unitéiten, déi do gebaut ginn, wou mer jo och als Gemeng, wéi gesot, wäerten och an d'Logement abordable investéieren. A wou och natierlech mer hei wäerten eng Gemengecrèche bauen. Dozou komme mer nach méi spéit. Wat een awer och nach soe kann, net méi spéit wéi am Mäerz dëst Joer, hate mer d'Sessioun vum Domaine Public hei am Gemengerot. Wéi gesot, an haut de Volet ronderëm d'Daachformen, déi ännere wäerten. Bei dëser Mopo vun haut kann ech just soen, dass mer jo eng Enquête publique haten. Do gouf et keng Reklamatioun. An och den Interieur, mengen ech, war der Meenung, dass mer d'Procédure allégée, souwéi mer se agefouert hunn, dass mer do och deementspriechend dat ouni Problem kënne maachen.

Just wat een nach muss betounen, an ech mengen dofir ass d'Konventioun frësch ënnerschriwwe ginn, dass et hei sech ëm 28 Loten handelt an net ëm 27 wéi et effektiv ursprénglech och drastoung. Wat een och nach ka soen, well dat deemools och eng Diskussioun hei am Gemengerot awer war, als Info, d'Spillplaz déi ass op zu der Freed vun de Kanner. Ech mengen och dat ass mengen ech ganz, ganz flott. An, wéi gesot, d'Demande an de Bau an d'Vente vun deene verschiddenen Unitéiten, souwuel d'Maisons unifamiliales wéi och Appartementer geet gutt weider. Dat e bësse méi generell, fir Iech eng Appreciatioun ze ginn, wou mer elo am PAP «A Bëlleg» dru sinn. An da géif ech elo d'Wuert direkt weiderginn un d'Madamm Bolzinger, fir effektiv op d'Modifikatioun vum PAP an och vun der Convention d'exécution kënnen anzegoen. Merci.

MARIE BOLZINGER, WW+ ARCHITEKTUR + MANAGEMENT SÀRL: Bonjour à tous. Merci pour l'introduction. Donc, quelques mots sur la Mopo du PAP «A Bëlleg», réalisé pour FMC Promotion en 2020. Ce terrain se situe le long de la route de Luxembourg à proximité de la voie ferrée. On est en zone Hab 2, Habitation 2, donc avec une certaine densité marquée. Donc un tout petit rappel, c'est un terrain de 4,5 hectares avec 39 lots, 178 unités d'habitation, dont 33 maisons unifamiliales. Donc les maisons se situent ici plutôt au sud du terrain. Donc la modification ponctuelle du PAP concerne uniquement ces lots. Dans ce PAP qui est en vigueur depuis 2020, on remarque sur les coupes, voilà, comme vous pouvez le voir ici, que c'était principalement des toitures plates. Ce n'était pas possible en fait de faire jusqu'à présent des toitures à deux bancs. Donc vous voyez ici sur les perspectives le caractère qui était voulu pour le quartier.



Donc voilà, on a été contacté en début de l'année pour mettre à jour ces lots qui sont indiqués ici, donc tous les lots du sud du quartier, pour pouvoir permettre la réalisation de toitures à deux pans ou plates, donc de laisser la flexibilité pour s'adapter aussi au marché, aux demandes actuelles des potentiels intéressés, des potentiels futurs acquéreurs. On a simplement adapté la partie graphique, la partie écrite sur ce point en laissant cette flexibilité, donc on a défini des pentes de toitures. On a laissé la possibilité donc de faire un niveau sous combles ou un niveau retrait. On a donc adapté les coupes de principe du PAP pour laisser cette flexibilité de toiture plate ou à deux pans.

On a donc dû également adapter certains articles de la partie écrite pour pouvoir permettre également ces toitures, donc également dans les tableaux. Ça se retrouve à différents endroits de la partie écrite. On a défini des hauteurs de corniche, des hauteurs de faîtage, ce qui n'était pas le cas encore dans le PAP en vigueur, en se calquant également sur le PAP-QE de la commune. Et on a défini donc les formes de toiture également en deux pans ici. On a rajouté un article sur les lucarnes-corniches, ce qui n'était également pas encore défini. On a rajouté des définitions également à la fin du document, dans la terminologie, pour permettre la hauteur du faîtage et les étages en retrait.

Voilà, donc la perspective adaptée, vous voyez que ça n'a pas un gros impact urbanistique, mais ça permet en tout cas vraiment une meilleure commercialisation du projet. Juste un dernier mot sur la convention. Donc je reviens sur le plan. La convention d'exécution du PAP qui a été signée lors de l'introduction du PAP, donc peu de temps après. Donc elle est sujet à un avenant actuellement pour pouvoir permettre la commercialisation, enfin la construction de dix lots. Donc, pour l 'instant, dans la convention actuelle, ça concernait uniquement ces dix lots que vous voyez ici en bas du terrain. Et en fait, comme l'intérêt des futurs acquéreurs se porte également sur d'autres maisons et pas nécessairement ces dix maisons ici, donc le promoteur souhaitait qu'on puisse permettre d'avoir une libre implantation de ces dix maisons. Donc on reste sur dix maisons, mais ça peut être l'une ou l'autre de toutes ces maisons concernées par la modification ponctuelle du PAP aujourd'hui. Donc l'idée de ce phasage était de permettre en fait une réalisation progressive du projet, tout en étant lié aux besoins par rapport à l'école Baltzing. Pour, voilà,

pas que le quartier se développe trop vite et qu'on ait un problème par rapport aux places dans les écoles notamment. Voilà pour la MOPO.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci, Madamm Bolzinger, fir nach eng Kéier effektiv och d'Erklärunge ronderëm d'Modifikatioun, respektiv d'Convention d'exécution. D'Diskussioun ass op, wann do Froen oder Remarke sinn, kee Problem.

CLAUDE MARTINI (CSV): Jo, just eng kleng Fro. Merci pour la présentation. Dann eng kleng Fro : Wou kënnt elo nees déi Tendenz dann hier, fir awer nees méi inclinéiert Diecher ze maachen? Bon, ech hunn déi ëmmer ganz schéi fonnt, an ech war e bëssen traureg, dass d'Tendenz an de leschte Jore méi dohinner gaangen ass, fir Plattdiecher ze maachen. Elo gesi mer hei, dass dann awer vläicht d'Nofro nees méi ass. Gëtt et iergendee spezielle Grond fir déi Nofro? Ass et, dass d'Leit méi Stauraum brauchen doheem oder ass et méi den opteschen Aspekt oder ass et awer vläicht méi och duerch d'Problemer, déi do entstane sinn, duerch déi Plattdiech mat sou Fiichtegkeeten oder mat Baukäschten? Gëtt et do iergendwéi eng Ursaach dozou? Well vun der Gemeng hier baue mer jo och ab und zu emol en Haus, dann ass et vläicht net schlecht ze wëssen, wat do Tendenze waren oder d'Ursaache fir d'Diecher erëm méi inclinéiert ze maachen. Merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Ech hätt am Fong just eng Remark. Ech hu keng Fro. Mee eis ass et wichteg ze soen, effektiv och mat den Diecher, fanne mir et immens flott, well dat erlaabt dem Ganzen sech dem Tissu existant esou ze soen, besser ze integréieren. Well effektiv an ale Quartieren, zum Beispill wann nei gebaut gëtt, ass et meeschtens esou méi kubistesch, soen ech dat lo mol, mat flaachen Diecher. An dat entspréicht net onbedéngt dem Tissu urbain, dee schonn do ass. Dofir, ech fannen dee Punkt, dat ass immens pertinent. A vläicht och fir, ech mengen de Service d'architecture ass hei, vläicht och bei anere PAPen dat nach eng Kéier ze revidéieren. Well, wéi gesot, visuell ass dat besser. Fir déi technesch Detailer loossen ech déi zoustänneg Leit dorop äntweren.

A mir fannen et och immens gutt, datt mer do och endlech ufänken. Well iergendwéi war dat esou e Puzzlestick, wat gefeelt huet zu Diddeleng, e vasten Terrain. A lo endlech duerch déi Kreatioun vun dësem neie Quartier schafe mer natierlech eng flott Verbindung zwëschent Norden a Süden a lénks a riets. Natierlech ass eng Coupure do mam Zuch. Mee och dat war e Punkt, deen immens gutt traitéiert ass am ganze PAP vis-à-vis vun de Wunnraimlechkeeten, déi am Quartier entstoe wäerten.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, merci. Just ganz kuerz. Mir hunn am Fong elo keng Remarken zu der Modifikatioun vun der Konventioun a vum PAP. Ech wollt eebe just erklären, vu dass mer eis nach ëmmer elo enthalen hunn, souwuel beim PAP wéi bei der Konventioun, well mer fonnt hunn, dass misst méi dicht gebaut ginn a well mer bedauert hunn, dass de Quartier net autofräi ass, wäerte mer elo aus Kohärenzgrënn eis och weider enthalen. Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci fir d'Wuert. Jo, mir als CSV, mir haten eis och enthalen, net elo wéinst dem autofräie Quartier, obwuel mer dat och net sënnvoll fonnt hunn, dass do esou mini Shared Space vun enger Strooss sollt gemaach ginn an net de ganze Quartier sollt zum Beispill an e Shared Space ëmgenannt ginn oder eebe méi frëndlech si fir Vëloen a Foussgänger. Mee eis hat virun allem gestéiert de Phasage, deen do limitéiert gi war. An dat war e bëssen onkloer och, well mir gesot hu mer, mir hypothekéieren am Fong de Bau, well mir net virumaache mat der Balzenger Schoul. A bon, wéi gesot, elo ass dat hei e bësse modelléiert ginn. Mir kënnen awer elo mat där heiter Ajoute vun der Konventioun awer domat liewen, well et awer elo méi konkreet ginn ass an och well et elo genau drasteet, ass et och méi eng Planungssécherheet fir de Promoteur. Voilà. Merci.

ROBY GOERGEN (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Merci och nach eng Kéier fir d'Presentatioun hei. Duerch d'Zouloossung vun dësen neien Daachformen, nieft deene platten Diecher, déi virgesi waren, besteet och elo d'Méiglechkeet, Suedeldiecher ze schafen. Dës Upassunge bréngen net nëmmen de Promoteuren an de Proprietairen, mee och der Gemeng Virdeeler. Duerch zousätzlech architektonesch Méiglechkeete gëtt de Quartier méi attraktiv. D'Flexibilitéit bei den Daachformen an d'Integratioun vun de Gréngflächen ënnerstëtzen eng equilibréiert an nohalteg Urbaniséierung. Weider ass et och wichteg, datt näischt un der Zuel vun den Unitéiten ännert, wéi gesot, schonn déi maximal 178 wouvunner 33 Eenzelhaiser sinn. An un de Reegele fir d'Parkplazen, d'Gréngflächen, wéi och dem Ofwaasser gëtt näischt geännert. Dës Modifikatioun ass eng räsonabel an zukunftsorientéiert Upassung, déi d'Attraktivitéit vun dësem Quartier erhéicht, d'Architektur méi flexibel mécht an d'Bedierfnisser vun de Bewunner berücksichtegt. Si stäerkt d'Roll vun Diddeleng als eng Gemeng, déi op Innovatioun, Diversitéit an Nohaltegkeet setzt. Ech soe merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci, Här Goergen. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Da géif ech just vläicht zwou Saachen opgräifen. Ech mengen den Här Goergen ass drop agaangen, respektiv d'Madamm Ahmedova. Ech mengen déi Adaptatioun, déi hei gemaach gëtt am Kader vun der MOPO vum PAP, ass eebe fir dass et sech besser an den Tissus existant integréiert. Dat wëll awer net heeschen, dass ee systematesch d'Toiture plate soll ausschléissen. Ech mengen et soll een ëmmer kucke wat sech am beschten urbanistesch agliddert. Da si mer eis eens, dass ee mengen ech net d'office iwwerall soll dat maachen. Mee et soll een ëmmer kucke wéi déi urbanistesch Gegeebenheeten deementspriechend sinn.

Dann, déi zweet Saach, déi kënne mer eis verknäifen, Madamm Kayser, well mer scho méi wéi eng Kéier driwwer d'Diskussioun haten, och wann Der dës Modifikatioun da matstëmmt. Dir wollt ganz kloer als CSV kee Phasage, de Phasage, deen hei ab initio an der Modifikatioun, also am PAP dra war, dat war Phasage, deen och ganz kloer mam Promoteur-Développeur ofgestëmmt war. A mengen ech, deen dat och esou gesinn huet, dass mer esou verfueren.

Also an deem Sënn och keng Kontradiktioun, sou wéi Dir dat hei sot. Dat heescht, mir hunn do net d'Wannen opgemaach, fir dass de Phasage komplett soll opgehuewe ginn. Dat ass schonn am Interêt vun der Entwécklung vum Projet, souwuel, dat betount ech hei nach eng Kéier, wéi ech och an dee viregte Gemengeréit gemaach hunn, souwuel fir de Promoteur wéi och fir d'Gemeng.

Dëst gesot ginn ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. ***Wien ass mat der Modification ponctuelle vum PAP averstanen? Dat ass d'Stëmme vun deene Gréngen, vun der LSAP, CSV, DP an ADR. Wien enthält sech? Dat sinn déi Lénk.***

***Da komme mer op d'Approbatioun vum Avenant vun der Convention d'exécution. Wien ass domadder averstanen? Dat miss normalerweis déi selwecht Logik bleiwen a priori. Voilà, och ugeholl mat jo, wéi gesot, ech betounen nach eng Kéier fir de Procès verbal, wéi gesot, déi Gréng, d'LSAP, CSV, ADR, DP. Wien enthält sech? Dat ass dann déi Lénk.*** Villmools merci.

**6.3. Approbatioun vun engem Acte de vente fir en Terrain a Vente en Etat de futur Achèvement fir de Bau vun enger Gemengecrèche mam Här Marc Pierre Page 2 sur 3 Marie HOFERLIN, der  Société à responsabilité limitée « FMC PROMOTIONS S.à r.l. » an der Société à responsabilité limitée « M & F PROMOTION S. à r.l. »**

**6.4. Approbatioun vum definitive Projet (Pläng an Devis) fir de Bau vun enger Gemengecrèche op 3, Rue Marion Hammang zu Diddeleng**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: An da komme mer op den nächsten Deel iwwer. An do geet et ëm d'Vente en état de futur d'achèvement vun der Gemengecrèche a respektiv och ëm d'Presentatioun vun der Crèche selwer. Wéi gesot, als éischt musse mer den Akt, de VEFA-Akt virstellen, éier mer op d'Presentatioun vun der Crèche kommen, well dat eent hänkt natierlech un deem aneren. Duerfir géif ech méi op de Volet vum VEFA-Akt agoen. An duerno géif d'Josiane Di Bartolomeo-Ries enchaînéiere mat dem Volet vun der Crèche. Hei an eiser Ronn begréissen ech awer och nach, nieft dem Architektebüro WW+ eise Responsabele vun eisem Service Structures d'Accueil, den Ernest Hoffmann.

D'VEFA-Akt vente de terrains en état de futur achèvement. Ech mengen Dir kennt dee Prinzip, well mer e puer Meter méi erop mat der Rue des Champs jo amgaange Logement abordable, mam selwechte Prinzip amgaange sinn ze bauen. Hei effektiv geet et ëm de Bau vun enger Gemengecrèche am Projet «A Bëlleg». An ech muss och soen, dass dat heiten d'Ëmsetzung ass vun engem Punkt an eiser Schäfferotserklärung. An dass dat natierlech och e weideren Invest ass an d'Kannerbetreiung hei an Diddeleng, nieft den Invester, déi mer bis elo gemaach hunn, an d'Maisonrelaisen. An och déi lescht Gemengecrèchen, déi mer gebaut, respektiv och ageweit hu virun net allze laanger Zäit, déi am Quartier Italien. An hei d'Ausriichtung jo ass fir eng Crèche vu 45 Kanner. A fir dat awer kënnen ze realiséieren an och dat Ganzt mat Liewe kënnen ze fëllen an och fir d'Ëmsetzung brauche mer hei dee VEFA-Kontrakt. An de VEFA-Kontrakt ass jo de Prinzip, dass een au fur et à mesure vun der Entwécklung vum Projet, wéi gesot, de Proprietär vum Bau gëtt an do mat verschidden Tranchen dann och all Kéiers substanziell sech do och um Bau bedeelegt.

Ëm dat wat et haut hei geet, an dat gesi mer herno an enger zweeter Phas beim Vott vum Devis. Hei am VEFA-Akt hu mer zwee Elementer, engersäits de Kaf vum Terrain an eis Bedeelegung an der Gemengecrèche, wéi gesot, selwer notamment um Niveau vum Réibau. Ech mengen et ass dat, wat am VEFA-Kontrakt drasteet. Bon, hei am VEFA-Kontrakt deen de 15. September datéiert ass, d'Proprietären ass den Här Hoferlin an d'Societéit FMC Promotions Sàrl déi si Proprietär vum Terrain. An de Vendeur ass M & F Promotion Sàrl. A wéi gesot, mir sinn am Fong dann och de Constructeur, a mir sinn am Fong als Stad Diddeleng Partie acquéreuse, dat heescht, mir kafen et of. Dir gesitt och am Akt de Point de départ vun de Proprietéitsverhältnisser engersäits tëschent dem Här Hoferlin, deen 20,26 % huet a wéi gesot, pardon, FMC Promotions, déi 20,26 % huet, den Här Hoferlin, deen 79,73 % huet, nee pardon, et ass ëmgedréit. An 30, Rue Trini-Buerkel an 3, Rue Marion Hammang, an et ass am Fong eng Plaz, déi 65 Ar an 90 Centi-Ar huet. Mee Dir gesitt am Fong déi ganz Opléschtung och wéi den Historique, wéi déi verschidde Leit och Proprietär goufen. Hei beschäftegt eis, wéi gesot, de Block A, wou d'Gemengecrèche och deementspriechend hikënnt.

Et sinn och aner Bléck, wéi gesot, mir ginn hei an eng Koproprietéit eebe mat eran, wann déi Gemengecrèche do och gebaut gëtt. An d'Baugeneemegung, fir och deen dote Block, wéi och déi aner, déi goufen de 24. Oktober 2024 ausgestallt. A wann Der schonn op der Plaz waart, do gesitt Der jo schonn, dass de Bau insgesamt gutt virugeet. An et ass jo och en Deel monetär, wat de Bau betrëfft, dee jo och hei am VEFA-Akt deementspriechend dran och ass. Wéi gesot, hei am VEFA-Kontrakt ass natierlech och d'Opléschtung vun alleguerten, wéi gesot, wat déi aner Proprietäre betrëfft, mee wou ech elo net drop aginn, well mer hei jo an der Koproprietéit sinn. Dat heescht, ech beschränke mech hei an der Duerstellung just op dat, wat eis als Stad, wéi gesot, Diddeleng och deementspriechend betrëfft.

D'Quote-part, wéi gesot, eis Quote-part, wou mer hei kréien, an da gesitt Der och an der Expertise, déi eis Architektin gemaach huet, dat sinn 183,67 Millièmen. An, wéi gesot, dat deelt sech och deementspriechend op an en Deel Terrain an an en Deel, wéi gesot, Gros-oeuvre fermé. Eis Quote-part um Terrain, dat sinn 2.540.000 an de Gros-oeuvre fermé, dat sinn 2.923.860. Dir gesitt, dass mer do natierlech de Local socio-educatif, deen ass dra vermierkt, awer och Emplacementer bannen. Dat sinn der 4 Stéck, 2 Kelleren an natierlech de Local-poubelle an, wéi gesot, och fir de Local socio-educatif de Volet fir Technik, dee Raum fir Technik. An natierlech um premier étage an um Rez-de-chaussée eeben d'Crèche en tant que tel. Wéi gesot, dat steet och hei am VEFA-Akt deementspriechend dran. A mir gi jo natierlech da Proprietär vun den Ouvragen au fur et à mesure eebe vun der Exekutioun. An Dir hutt dat jo och herno am VEFA-Akt, wéi gesot, drastoen.

De Virdeel vun engem VEFA-Akt, d'Diskussioun hate mer och mat der Rue des Champs, wéi mer do de VEFA-Kontrakt hat ronderëm de Logement abordable, dass mer hei en Delai drasetzen, wat effektiv de Réibau ugeet. Do kréie mer garantéiert, dass dat 540 Deeg si fir d'Parties communes an 300 Deeg fir d'Parties privées. An d'Aarbechten hunn elo den 13. Mäerz 2025 ugefaangen, wat dat ugeet. Voilà, dat heescht wa Modifikatioune sollten och gemaach ginn, da gëtt dat an enker Ofstëmmung och mat der Gemeng gemaach. Dir gesitt am VEFA-Akt, wat de Präis och ugeet, dass et natierlech engersäits de Präis ass vun de Constructions réalisées, dat heescht de Moment gëtt jo scho gebaut, dat si 438 579 Euro. A wéi gesot, da kënnt nach deen Deel dobäi, deen ze realiséieren och deementspriechend ass, 2.124.179. Da komme mer op dee Gesamtpräis vun deenen 2 ,9 Milliounen, déi effektiv hei am VEFA-Akt och stinn, wat de Grous-oeuvre fermé, wéi gesot, ugeet.

Dir gesitt natierlech och do nach eng Kéier d'Opschlësselungen op der Säit, wéi gesot, 23,24, wéi mer dann au fur et à mesure, och Proprietär ginn a wat mer eis engagéieren, all Kéiers dann och an d'Tranchen ze bezuelen. Esou, wéi gesot, dass mer hei dann op e Gesamtmontant komme vu 5.463.860, wat deen dote Volet ugeet. Hei natierlech och eng Garantie d'achèvement, déi am VEFA-Kontrakt muss ofgi ginn, déi och Partie intégrante ass, falls iergente e ...Pattemin ?1:57:28 wär a mer op déi Garantie kënnen dann zréckgräifen, fir dass d'Aarbechte kënnen ëmgesat ginn. Wat mer natierlech net hoffen, well et de Moment awer gutt leeft.

Energieklass A, kann ech och nach eng Kéier hei betounen, gëtt dat Ganzt och deementspriechend gebaut, wat jo och da ganz positiv ass, an natierlech och eng, wéi bei all Bau, eng Garantie décennale, déi spillt, virun allem, wann dann eventuell, wat mer jo och net hoffen, d'Vices cachéë wären. Et gouf och en Aushang, deen ass de leschte Freideg ofgelaf. Do goufen et keng Reklamatioune par rapport zum Commodo immobilier. An ech mengen, dass ech näischt vergiess hätt. Vläicht nach als Prezisioun, jo, 183,67 Millièmen. Dat mécht 1.095,14 m2 am Ganzen. A reng nëmme fir de Local socio-éducatif, wou sech deementspriechend dat ofspillt, dat sinn 890 $m^2$.Ech mengen ech war méi wéi komplett an den Ausféierungen, wat dee VEFA-Kontrakt ugeet.

A wann awer elo Froen a Remarke sinn, kënnt Der ganz gären dat maachen. Merci. Jo, pardon, et ass wéi Der wëllt, mir kënnen dat getrennt diskutéieren oder mir kënnen awer och den Iwwergang maachen, fir direkt op d'Crèche. Et sinn zwou Saachen. Okay, dat ass gutt. Dann, mengen ech, kann d'Josiane Di Bartolomeo-Ries direkt weiderfuere mat der Virstellung vun der Crèche.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Villmools merci fir d'Wuert. Fir d'éischt wëll ech awer och dem Service an och dem Här Erni Hoffmann an dem Här Poeckes merci soen, datt si haut hei sinn. Si hunn eis eigentlech scho wärend enger ganzer Zäit begleet an deem Projet, deen hei zesummen ausgeschafft ginn ass. Den Här Buergermeeschter huet scho ganz vill Detailer gesot.

Dat Ganzt ass den Devis, deen der virleien huet, sinn dräi Phasen. Dat Éischt ass d'Konstruktioun, déi dran ass. An da kënnt d'Phas zwee, alles wat de Banneraum betrëfft. Do muss een awer soen, do hu mer eis vu WW+ begleede gelooss, well hei gi jo keng klassesch Appartementer gebaut, hei gëtt wierklech eng Crèche gebaut. A mir hunn do natierlech déi Erfarung gebraucht. D'Phas 3, an dat sinn all méi technesch Detailer. Dat kënnt Der och ganz kloer noliesen. Ech wëll awer virun allem emol op d'Wichtegkeet vun där Crèche do agoen, ier ech lo an déi technesch Detailer ginn. Ech mengen do kréie mer herno d'Presentatioun gemaach, déi wäert méi wéi detailléiert sinn.

Dir wësst, dass Crèchen eng Mangelware ass, datt ganz vill Leit ëmmer Problemer hunn, fir eng Plaz an enger Crèche ze fannen. Duerfir ass et awer eis als Gemeng ëmmer wichteg, fir ganz vill Structure d'acceuils-Plazen ze schafen, sief dat an der Maison relais oder sief dat och an der Crèche. Ech mengen et ass wichteg. Dir wësst, d'Leit ginn ëmmer méi zu zwee mussen se schaffe goe fir nach hiert Haus finanzéiert ze kréien. An duerfir ass et eis wichteg, déi Leit ze ënnerstëtzen. Och wa se monoparental sinn, ass et och net ëmmer sou einfach. Mir leeë ganz vill Wäert op eng héichwäerteg Betreiung fir eis Kleng. Ech mengen dat ass eppes, wat ëmmer an de Vierdergrond geréckelt gëtt bei eis. Da wëll ech awer och soen, dass, firwat eng Gemengecrèche? Ech mengen Dir wësst ganz genau, datt d'Leit sech ganz oft d'Betreiung net méi kënne leeschten an enger privater Crèche. Bei der Gemeng ass et anescht wéi a private Crèchen. Do froe se 60 Stonnen. Obwuel dann d'Betreiung zwar d'Gratuitéit dran huet vun 0 bis 4 Joer, vun 20 Stonnen, muss ech awer soen, déi 40 Stonnen, déi d'Leit heiansdo musse bezuelen, fir an enger privater Crèche iwwerhaapt eng Plaz ze kréien, dat ass ganz extreem schwiereg. Do geet e groussen Deel vun der Pai déi erakënnt dann an d'Betreiung vun de Kanner. An duerfir, mengen ech, investéiere mir hei och weider.

Ech wëll nach eng Kéier just de Werdegang soen e bësse vun deene leschte Joren. Dir wësst, datt mer 2018 d'Minettsdäpp an d'Nuddelsfabrik iwwerholl hunn. Dat ware 55 Plazen. Mir hunn dunn d'Crèche an Italien 2022 opgemaach. Dat sinn 48 Plazen. An elo baue mer eng Crèche a Bëlleg, déi iwwer zwee Stäck sinn, an dat wäerte 45 Plaze sinn. An ech wëll awer soen, mir sinn net um Enn ukomm. Also et ass elo net esou, wéi wann dann all Problem geléist wär a mir all d'Kanner ënnerdaach géife kréien. Mee et ass natierlech e gudde Schrëtt an déi richteg Richtung. Zesummen, dat hat ech scho gesot, mat WW +, awer och mat der Responsabel vun der Crèche a mam Här Hoffmann, hu mer dës Pläng ausgeschafft. Déi ganz am Detail wäerten elo presentéiert ginn. Mir haten och schonn de Rendez-vous um Ministère. Mir waren am Fong am Februar schonn um Ministère fir en éischten Avis ze kréie vun hinnen, ob mer sollen Ännerunge maachen. A mir hunn hinnen de Projet virgestallt. Deen ass ganz positiv ukomm.

Si hunn eis wierklech gelueft, datt dat direkt vun Ufank u gutt ausgeduecht war. Si hunn eis awer och Recommandatioune ginn, déi ech awer fannen, datt se ganz wichteg sinn. Bis elo hate mer ëmmer Gruppen, neen, 2 Méint bis 18 Méint an dann 18 Méint bis 3 Joer. An dann dee grousse

Grupp 3 bis 4 Joer. Dat heescht, d'Grupperaim waren och deementspriechend esou amenagéiert. Elo hu si eis awer recommandéiert, mir sollen eis do net ëmmer erëm limitéieren an deene Gruppen. Heiansdo huet ee Plaze fräi am klenge Grupp an et ass kee Puppelchen do. An heiansdo huet een am grousse Grupp eng Plaz an et ass keen do. Duerfir hu si eis an deem Fong recommandéiert, d'Säll vun 0, also vun 2 Méint bis 4 Joer ze maachen. Ech mengen dat ass eppes, wat fir eis ganz interessant ass. Do kréie mer méi Ouverture oder méi Flexibilitéit an deene verschiddene Gruppen.

Bon, schwéier, an dat wësst Der alleguer, mir haten et schonn oft driwwer rieds, dat ass och hei schonn oft gesot ginn, dat ass de Grupp vun 3 bis 4 Joer. Nach ëmmer, an ech hunn dat nogefrot, nach ëmmer ginn d'Kanner net onbedéngt aus der e Crèche fort mat 3 Joer, fir an de Precoce ze goen, obwuel mer och Precoce ubidden, do ass et ganz oft esou, datt déi Kanner awer do bleiwen, well d'Elteren eigentlech wëlle vermeiden, also datt se mussen dräi Mol wiesselen. Si komme jo dann an d'Crèche, da gi se an d'Precoce an da komme se an de Cycle 1 duerno. Dat ass dräi Wiesselen an engem Alter vun 2 bis 4 Joer. Dat ass heiansdo ganz vill. Obwuel mir ginn eis immens vill Méi fir d'Elteren ze ënnerstëtzen. Mir hu souguer en Depliant, ech hunn en elo net erausgeprint, wou mer d'Leit ënnerstëtze fir an de Precoce. Nach ass e Gros, deen awer bei eis an der Crèche bleift.

Da vläicht zu de Subsiden. Do wäert et net anescht si wéi et ëmmer, wéi et och an Italie war. Do hu mir d'Gebai bezuelt. An de Staat iwwerhëlt dann 100 % vun de Personalkäschten. Mir kréien awer e premier Equipement. A mir kréien e Subsid op der Spillplaz. An da vläicht e lescht Wuert einfach zum, zum Devis, dee mer virleien hunn, well dat mer wichteg ass. Ech hunn eng Kéier den Devis vun der Crèche an Italien erausgeholl, wat déi eis kascht huet. An ech muss soen, hei ass et zwar wuel méi deier, den Devis ass méi héich, well den Terrain mat dran ass. An Italien huet den Terrain eis gehéiert. Hei ass dat net de Fall. Hei bezuele mer den Terrain mat. Nach muss ech soen, de Cahier des charges oder den Devis, deen Iech virläit, dat entsprécht ongeféier deem dat, wat mer an Italien haten. Dat heescht, do hu mer net vill méi héich Chiffere virleien.

An «A Bëlleg» hu mer dann amplaz, wat mer an Italien nach net hunn, hu mer och nach Stellplazen, Kelleren an och am Sous-sol Lokalitéiten, déi eis zur Verfügung steet. Ech mengen, datt dat hei e ganz gudden Invest ass an Zukunft vun eise Kanner. An ech mengen, ech géif awer elo mol d'Wuert weiderginn un den Här Poeckes, dat hien eis de Projet awer ka weisen. Merci.

ALAIN POECKES, WW+ ARCHITEKTUR + MANAGEMENT SÀRL: Villmools merci. Ech géif Iech elo e bëssen eng Kéier duerch de Projet en tant que tel begleeden, respektiv erläuteren, wéi dann d'Crèche insgesamt op deenen zwee Niveauen do am Quartier «A Bëlleg»opgebaut ass. Wéi mer virdru scho kuerz erläutert hunn, dann, wéi gesot, mir fannen eis op dem Lous 4, respektiv genau am 4A vum Quartier «A Bëlleg», dat heescht e Residenzgebai, wat e Méifamilljenhaus ass, wou dann u sech de Rez-de-chaussée an den éischte Stack der Crèche zougewise sinn. Wéi awer och schonn erläutert ginn ass, huet d'Crèche och nach e Bausseraum. Dat heescht, deen als usance exklusive fir d'Crèche ass. Dat heescht, datt mer do och kënnen en Aménagement extérieur maache mat hinnen, mat der Spillplaz. Dat sinn insgesamt 386 m$^2$.

Hei iwwert deen Text, mengen ech, ginn ech elo e bëssen ewech. Dat hutt Der jo alleguer am Virfeld kritt. Dat ass e bëssen erkläert, e bëssen, ech soe mol, d'Idée conductrice vun deem ganze Projet. Eng Kéier e bëssen d'Key Facts. Also, wéi gesot, dat ass eng Crèche op zwee Niveauen. Dat heescht Rez-de-chaussée an éischte Stack. Mir hunn Nieweräim am Keller. Dat ass insgesamt eng Notzfläch vun 890 m2. Do vu 430 um Rez-de-chaussée a 460 um éischte Stack. 4 Stellplazen a der Déifgarage. Insgesamt eng Capacitéit vu 45 Kanner mat, wéi gesot, eng Altersgrupp vun 0 bis 4, mat 4 Grupperaim, do kommen ech herno nach eng Kéier am Detail drop an, och par rapport zu der Umierkung scho vum Ministère, wéi do d'Opdeelung kéint sinn.

Wéi gesot, da ginn et e puer Besonneschkeete bei der Crèche. Engersäits kréie mer eng pädagogesch Kiche mat engem Refectoire. Et ass eng Regeneratiounskiche virgesinn an der Crèche duerch d'Preparatioune vum Iessen. Et gëtt kleng Waasserspiller, respektiv Naasszell am Crèche-Beräich an e Beweegungsraum. Do kommen ech awer, wéi gesot, an der weiderer Suite vun der Presentatioun e bëssi méi am Detail drop an. Hei eng Kéier an der Iwwersiicht, wéi ech gesot hunn, op, esou mol, zwee Niveaue verdeelt, plus den, de Sous-sol. Am Sous-sol ginn et en e puer Nieweräim, haaptsächlech Kellerrim a Vestiären, sou wéi déi 4 Stellplazen. An dann a Funktiounen ass virun allem op deenen zwee Niveauen déi eenzel Beräicher opgedeelt, wou ech elo am Detail nach eng Kéier géif drop agoen.

Mir hu vun eiser Säit insgesamt 7, soen ech emol, Funktiounsberäicher elo hei ënnerdeelt, fir dann och d'Funktiounsweis vun der Crèche besser kënnen ze erklären, wéi gesot, lokaliséiert op deenen zwee Niveauen. An ech géif déi elo eenzel duerchgoen oder e bësse weisen, wou de Fokus a wat bei eiser Säit u sech vum Entworf hir d'Zil war. Ganz wichteg, an dat ass am ganzen Austausch och mat dem Service SEA vun der Gemeng zesummen, hu mer gesot, mir musse Wäert op d'Zirkulatioun am Sënn vun Openthaltsfäegkeet, och wann d'Eltere moies mat de Kanner kommen, dat heescht en opgeweite Circulatiounsberäich am Rez-de-chaussée, fir datt do eng Waardezon och fir d'Elteren ass, fir datt se zu deenen eenzele GrupperAim, wéi gesot, och d'Méiglechkeet hu sech do opzehalen.

Dann hu mer en internt Trapenhaus, wat déi zwee Niveau matenee verbënnt. Dat heescht, mir kënnen engersäits eng direkt Kommunikatioun zwëschent dem Rez-de-chaussée an dem éischte Stack vun der Crèche garantéieren, hunn awer dann herno um zweete Stack och d'Méiglechkeet, iwwert d'Trapenhaus vum Logementsgebai herno als zweete Fluchtwee ëmmer d'Evakuatioun vum Gebai och ze garantéieren. Um éischte Stack dat selwecht, wann een d'intern Trapenhaus eropgeet, erëm eng Opweitung niewent de Grupperaim, och do als Openthaltsméiglechkeet. Wichteg och eng Wéckelplaz am, soen ech emol an

der Circulatiounsfläch unzebidden, spréch wann d'Eltere moies kommen an nach eng Kéier e Besoin do ass, datt et och do d'Méiglechkeet ass, datt se hir Kand nach eng Kéier kënne wéckelen, respektiv och do méi Openthalsméiglechkeet an der Circulatiounsfläch. An dann ëmmer zum Süden hin, respektiv zum ënneschte Beräich vum Grondrëss, sinn ëmmer méi d'Nieweflächen, dat heescht do hu mer och d'Circulatiounsfläche reduzéiert, fir do net onnéideg Notzfläch ze verléieren.

Da ginn et ëmmer e bësse Stëmmungsbilder, wéi herno déi Circulatiounsflächen ausgesinn, respektiv déi Gäng och mat de Garderoben zu den eenzelne Grupperaim. An da komme mer schonn op d'Thema Grupperaum. Wéi d'Madamm Di Bartolomeo scho gesot huet, no der Entrevue beim Ministère am Februar vun dësem Joer, ass eis conseilléiert ginn, wierklech op déi 0 bis 4 Joer, dat hees eng grouss Spannwäit vun der Altersspann bei de Kanner ze erméiglechen. Nichtsdestotrotz hu mer awer ee Grupperaum, dat ass deen hei uewen am nërdlechen, en 2 bis 4 Joer gelooss, dat heescht, gëtt ee Grupperaum fir déi Grouss, an all déi aner dräi Grupperaim si vun 0 bis 4. Deementspriechend huet mer och d'Amenagement ronderëm gemaach. Déi ganz Grupperaim variéieren zwëschent, soen ech mer, zwëschent 45 an 48 m2, wéi gesot, mat engem Maximum vun 11 Kanner pro Grupperaum. Dat heescht, mir hunn déi zwee Grupperaum hei um Rez-de-chaussée, dat selwecht um éischte Stack, do och, wéi gesot, déi zwee Grupperaim vun 0 bis 4 a, wéi gesot, mat zirka 45 bis 50 m$^2$ grosso modo. Och do war et wichteg, Qualitéit an d'Grupperaim eranzekréien. Et ass déi Haaptopenthaltsfläch, wou d'Kanner sech am Dag jo, wäerten ophalen.

All Grupperaum huet awer dann, jee no Altersgrupp, och säi separate Schlofraum. Do ass et natierlech esou, datt mer bei deene grouss Kanner konnte reduzéieren. Et ass esou, datt déi vun 2 bis 4 Joer halt manner, soen ech emol, Sieste respektiv Ruhefläch brauchen. Deementspriechend konnte mer do e bësse Fläch erausspueren. Bei deenen anere Grupperaum, déi 0 bis 4, ass natierlech en entspriechende Schlofraum do. Och déi variéieren zwëschent 27 an 28 m$^2$. Dat selwecht um éischte Stack, dat heescht ëmmer direkt kommunikativ aus dem Grupperaum gëtt den Accès an de Schlofberäich gemaach, och do war et no villem Austausch de Wonsch, datt dat wierklech als separate Raum geholl gëtt, respektiv aus dem Grupperaum soll zougänglech sinn, mee eeben zwou Funktiounsweisen ëmmer kënne garantéiert sinn, och wa Kanner mol schlofen a vläicht net de gesamte Grupp schléift, ass awer eng Aktivitéit am Grupperaum ëmmer nach méiglech.

Och do nach eng Kéier e bësse Referenzbilder, wéi esou Schlofgeleeënheeten a sou engem Schlofberäich kënnen ausgefouert ginn. Dann och en anere wichtege Punkt ass d'Sanitärberäicher. Och do war de Wonsch, datt d'Sanitärberäicher direkt aus dem Grupperaum aus zougänglech sinn. Do huet all Grupperaum och en direkten ugedockte Sanitärberäich och do rëm un d'Altersgrupp vun de Kanner adaptéiert, spréch bei deene grousse Kanner, och do fänke mer schonn un dann och mat klengen Toiletten ze schaffen. Dat heescht, d'Kanner wäerte sech ugewinnen och op d'Toilette u sech ze goen. An da bei deene klenge Kanner, also bei deem 0-4-Raum, gëtt haaptsächlech de Fokus op d'Wéckelfläch, also d'Table à langer geluecht. An op där anerer Säit hu mer natierlech och d'Sanitärberäicher fir d'ganzt Personal, dat op zwee Niveaue verdeelt. Do war et wichteg, op all Etage u sech béides ëmmer unzebidden, plus och d'Accessibilitéit, dat heescht d'PMR-Toilette, respektiv och eng separat ausgewisen Dusch, sief dat, ech soe mol, en cas d'accident bei de Kanner oder awer och fir d'Personal. Dat heescht, och dat ass virgesinn an dëser Crèche.

Um éischte Stack dat selwecht, am südlechen erëm Deel vum Grondrëss, wéi gesot elo méi déi Personal -Sanitärflächen, respektiv och eng Wäschkichen. Och dee Besoin, mengen ech, ass hei ofgedeckt ginn. An dann am nërdlechen ass eng Naasszell, déi e bësse méi grouss ausfält, déi awer dann fir déi zwee Grupperaim zielt. An do ass dann och d'Iddi, eng kleng Naasszell, respektiv Waasserspill mat unzebidden, sou datt d'Kanner och do d'Méiglechkeet hu mam Element Waasser a Kontakt ze kommen. Plus awer och, wéi gesot, ëmmer erëm d'Ubiddung vun den Tables à langer respektiv de Sanitärflächen. Hei och e bëssen, soe mer Referenzbiller wéi dat kéint ausgesinn, wéi gesot e bëssen dat Waasserspill an d'Element Waasser mat an d'Crèche erabréngen.

Dann d'pädagogesch Kichen, do war de Choix getraff ginn, d'pädagogesch Kiche respektiv de Speisesall op den éischte Stack ze maachen. Dat par rapport zu der Konstellatioun an zu verfügbare Flächen. Deen ass da kommunikativ op zu dem südlech beféndleche Beweegungsraum, dat heescht, et gëtt och d'Méiglechkeet do déi zwee Räim zesummenzeschléissen. Si ginn als zwee indépendant Räim bewäert, kënnen awer, wéi gesot, duerch eng Cloison mobile opgemaach ginn, soudatt mer och e méi grousse Raum zur Verfügung hunn, wann de Besoin do ass. Pädagogesch Kichen, wéi gesot, Kanner och relativ am fréien Alter, et wäert sécherlech fir déi e bësse méi grouss sinn, zwee bis véier, och do, wéi gesot, e bësse mat de Liewensmëttel Verbindung ze bréngen an dann och do, soe mol kleng, entre guillemets, Kachatelieren u sech mat de Kanner ze maachen.

Wéi ech virdru gesot, de Beweegungsraum ugedockt un de Refectoire, dee kënne mer dann opmaachen, mee wéi gesot, dee soll haaptsächlech als Vocatioun hunn, d'Motricitéit vun de Kanner ze stäerken an och e bëssen als, ech soe mol, Auswäichméiglechkeet, och bäi schlechtem Wieder am Banneberäich, wou d'Kanner dann niewent hire Grupperaim kënnen notzen als, jo, als Beweegungsraum. Dann d'Regeneratiounskichen, déi um Rez-de-chaussée läit. Dat heescht do ganz kloer den Accès vu baussen, dat heescht déi ass lassgeléist vum Fonctionnement vun der Crèche, si huet Entrée à Sortie vu baussen, huet hir separat Spullkichen, an da gëtt et e klenge Monte-repas innerhalb vum Gebai, deen dann d'Iessen op den éischte Stack an de Refectoire bréngt.

D'Gesamtkäschten, d'Iwwersiicht, ech mengen dat ass scho kuerz erläutert ginn. Also et ass opgedeelt ënnert dem Pakt VEFA elo, wéi gesot, vum Gros oeuvre fermé, dat an engem éischten Deel. Da gëtt et en zweeten Deel de Parachèvement, also de Bannenausbau vun der Crèche,

deen ass nach eng Kéier gedeelt herno an e klengen Deel mobilier separat. Dann hu mer dee ganzen Technikberäich, dat heescht, mir schwätze vun zirka 500.000 Euro Technikkäschten innerhalb vum Ausbau vun der Crèche, dann de Monte-repas, wéi ech elo grad erkläert hunn, d'Verbindung, deen dann d'Iessen aus der Regeneratiounskichen op den éischte Stack bréngt, an da gëtt et nach eng Kéier separat Bau-Niewekäschten ausgewisen. Sou datt mer insgesamt vun engem Budget vu 5,895 Milliounen TTC schwätzen.

Da gëtt et, wéi gesot, d'Quote-part Terrain, déi elo am Akt VEFA mat dran ass vun 2,5 Milliounen, dann eng Kéier d'Frais d'acte notarié, soudatt mer ronn vun 8,45 Milliounen TTC Budget schwätzen. Dann den Zäitplang, och dat ass scho kuerz erwäänt ginn. Déi Daten, déi hatt elo och am Akt VEFA vum Gros oeuvre fermé vun der Crèche verankert sinn. Dat heescht, mir schwätze vun deene 540 Wierkdeeg elo fir de geschlossene Réibau vun de Surfaces communen a vun deenen 300 Wierkdeeg fir d'Privatflächen. Villmools merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci och, voilà, fir d'Presentatioun an och, voilà, den Abléck an d'Ausriichtung vum Projet. An da gëtt Iech och d'Méiglechkeet, d'Opdeelung vum Devis, de VEFA-Terrain, Réibau, Gros oeuvre fermé respektiv de Bannebau och kloer ze ënnerscheeden. Voilà, lo ass d'Diskussioun, Remarken, Froen op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Jo, d'Madamm Di Bartolomeo-Ries huet et scho gesot gehat d'Wichtegkeet vun de Crèchen hei bei eis zu Diddeleng. D'Waardeléschten, déi gëtt et awer nach ëmmer. Dat muss een dat ëmmer zougestoen. A mir hate jo schonn an der Elteren-, also an der Schoulkommissioun rieds gehat, dass mer am Fong en Opfer vun eisem Succès sinn. Dat ass nach eng Kéier déi Geschicht mat de Precoce-Kanner, déi net an de Precoce ginn, déi awer léiwer an der Crèche sinn. Dat schwätzt am Fong fir d'Ginette a seng Mannschaft, dass se eng ganz gutt Aarbecht maachen an dass d'Leit einfach richteg frou do sinn. An d'Wichtegkeet ass awer och, dass mir kommunal Crèchë weiderentwéckelen, well ee vun den Haaptatouten, nieft dem pädagogesche Gesamtkonzept ass virun allem, an eise Crèche gëtt Lëtzebuergesch geschwat, exklusiv Lëtzebuergesch geschwat.

An dat ass einfach och wichteg am But fir d'Kanner hei ze integréieren och herno an d'Schoul, egal ob se herno Alphabetisation en français oder op Däitsch maachen, awer d'Langue véhiculaire zu Lëtzebuerg ass Lëtzebuergesch an dat ass extreem wichteg. An dofir si mer ganz frou, dass mer elo hei nach eng zousätzlech Crèche kréien. Et ass, wéi d'Madamm Di Bartolomeo gesot huet, mer sinn nach net fäerdeg. Mer hat jo och d'Diskussioun, ob eventuell herno mam Portiershaus bei dem Ribeschpont vläicht eng méi eng kleng Crèche kéint opgoen, wat sécher och en Atout ass. Ech mengen eng grouss Crèche ass eng grouss Crèche. Mee heiansdo hues de och Besoine vläicht fir Kanner, déi besser a méi ganz klenge Strukture sinn. Dat muss een da kucken, ob mer do eng Mikro-Crèche dra maachen. Vläicht eng Kéier fir mat op de Wee ze ginn, vläicht eng Kéier dat mol ze iwwerleeën, wéi eng Méiglechkeete mer hunn, wa mer dat Portiershaus bei der Ribeschponter Schoul vläicht deem eng aner Affektatioun ginn.

Jo, de Präis, mir hunn natierlech och geschléckt. An ech hat effektiv och gekuckt gehat, wat Italie kascht hat. Dat hat en Devis initial, 2016 hate mer 4 ,3 Millioune gestëmmt. An dunn am November 2021 hu mer en Devis remanié gehat, wou mer 1 ,2 Milliounen nogestëmmt hunn. Dat war dann herno 5 ,46 Milliounen. Mir haten awer do d'Explikatioune kritt gehat, deemools vum Architektebüro, wat ganz flott war. Do konnt een och genau novollzéien, dass et net vum Muttwëll war, dass einfach déi Hausse war. Dat war dertëschent d'Corona-Kris och. Dat muss een och bedenken, dat war jo och ëmmer ugi ginn als Moteur vun enger Deierecht, wou och keen dofir konnt an och wat herno och d'Energiepräisser an alles ubelaangt, dass dat alles awer vill méi explodéiert ass an d'Materialpräisser och. Bon, wéi gesot, mir hunn och gesot et ass awer relativ deier. 8,4 Millioune fir 45 Kanner, do schlécke mer eng Kéier.

Bon, d'Saach vum Terrain, dat erkläert natierlech villes. Mir mussen eis Part um Terrain kafen. Wou mir eis awer d'Fro stellen, mir hunn déi 4 Places de stationnement, dat ass véiermol 50.000 Euro, dat sinn 200.000 Euro fir Stellplazen. An d'Fro ass, hu mir dat misse mat iwwerhuelen oder wollte mer dat mat iwwerhuelen? Dat ass vläicht awer eng berechtegt Fro, well et jo awer och e Quartier ass, wou d'Mobilité douce awer soll e bësse promouvéiert ginn. 4 Plaze fannen ech relativ vill. Voilà. Mee mir soen ëmmer, all Invest an eis Kanner ass e gudden Invest. Dofir fanne mer dat hei ganz gutt. Ganz e grousse Merci och dem Alain Poeckes fir déi flott Explikatiounen. Do gesäit een natierlech och, mir hu scho Crèchen hei an der Gemeng a mir wësse wat gutt leeft an de Crèchen a wat manner gutt leeft an de Crèchen.

An ech fannen déi Flexibiliséierung och ganz wichteg vun de Säll. Well effektiv, fir dat esou stuer no Gruppen ze maachen, ass ëmmer schwiereg. Heiansdo hues du den 18 Méint Alen, dee scho babbelt wéi en Zweejäregen an heiansdo hues den Zweejäregen, deen awer nach mol kaum opstoe kann. An dann ass dat flott, wann s de dat vill méi flexibel kanns handhaben. A wat och ganz wichteg ass, ech wollt dat och emol eng Kéier hei soen, dass mir Rücksicht huelen och an eise Crèchen op d'Schlofbedürfnis vun de Kanner. Ech weess an de private Crèchen, ech kréien dat oft vun den Eltere gesot, do ginn um 1 Auer d'Rolllueden erofgemaach an alle Säll an um 3 Auer ginn d'Rolllueden eropgemaach an déi Kanner mussen zwou Stonnen am Däischtere leien. An dass d'Elteren sech do net méi oprecgen, dat verstinn ech net. An dofir fannen ech dat hei extreem wichteg, dass de Grupperaum mat engem separate Schlofraum unenee grenzt an dass een do vill méi flexibel kann op d'Schlofbedürfnisser vun de Kanner agoen. Well déi Elteren, déi da Kanner an esou enger Crèche hunn, déi kréien d'Kand owes natierlech net an d'Bett. Da wonneren se sech. Voilà.

Meng Fro ass och d'Wäschkichen. Dat fannen ech eng gutt Saach. Dat heescht, do ass vläicht och emol eng Parenthè-

se-Fro erlaabt. Wéi maache mer et soss mat eisem Bettgeschier, mat den Handdicher an esou weider? Wéi gëtt dat an deenen anere kommunale Crèchë gewäsch? Dat war emol eng Fro, déi mer sou an de Kapp komm ass. Maache mer dat och sur place? Oder hu mer do Externer, déi eis d'Wäsch maachen?

Pädagogesch Kichen, Regeneratiounskichen. Ech menge mer haten eng Kéier iwwert d'Regeneratiounskiche scho geschwat, wéi mer iwwer d'Balzenger Schoul geschwat hunn. Dat ass dee selwechte Prinzip huelen ech hunn. Voilà. An natierlech begréisse mer explizitt och dee Psychomot-Raum. Mer wëssen, dass ëmmer méi Kanner manner beweeglech sinn a mat hiren Elteren och, oder d'Elteren och heiansdo keng Zäit hu fir mat de Kanner vill spadséieren ze goen an op eng Spillplaz ze goen. Mir begréissen hei explizitt, dass baussen eng kleng Spillplaz ass. Iwwert déi hu mer elo net weider geschwat. Mee ech mengen dat ass jo och eréischt an enger zweeter Phas, wou mer dat méi genau presentéiert kréien. Dass déi och exklusiv fir eis Kanner ass. Dat ass och eng Saach vun der Sécherheet. Well op deem Site ass jo elo déi flott Spillplaz. Wat sécher warscheinlech net ausschléisst, dass de mat deene méi grousse Kanner op déi aner Spillplaz dann och vläicht kanns goen. Mee hei hu mer awer eng Méiglechkeet, d'Kanner och mol dobaussen hinzesetzen. A sief et nëmmen déi Kleng einfach, wa schéi Wierder ass, einfach an de Poussette mol, oder an d'Kutschen, déi ganz Kleng erauszesetzen.

Also mir begréisse virun allem déi Flexibilitéit vun den Opdeelungen. Mir begréissen, dass mer eng Crèche maachen. Dat ass nach laang net all Gemeng, déi op dee Wee geet. Dat kascht eis onmoosseg vill Nerven a Geld. Nerven, wat d'Personalpolitik ubelaangt. Den Erni Hoffmann sëtzt do, deen nickt. A virun allem, mir ënnerstëtzen dësen Invest, och wéi gesot, wann en deier ass. Mee d'Explikatioun ass eeben, wéi gesot, wéi d'Madamm Di Bartolomeo och gesot huet, de Bau u sech ass net esou explodéiert an de Präisser, wat ee lo vergläicht vun 2021. Mam Terrain, jo, dat hu mer dann halt missen esou maachen. Ob dat dann elo esou gutt ass oder ob mer op eng aner Alternativ gewiescht wär, ech weess net, ob eng Emphyteos zum Beispill méiglech gewiescht wär, ech weess et net. Dat ka vläicht och nach ee mer hei beäntwerten. A wéi gesot, CSV steet op jidde Fall hannert deem Projet. Merci.

MARC MEYER (DP): Merci fir d'Wuert. Als éischt emol e grousse Merci fir déi flott an interessant Presentatioun. Ech fir mäin Deel fannen dëse Projet, dës Crèche mat Bausseraum, enger pädagogescher Kichen an deenen diversen anere flotte Raim, déi heimat ageplangt goufen, eng ganz gutt, flott an noutwendeg Saach. Mir wëssen alleguer, dass Crèchen iwwerall an ëmmer erëm gebraucht ginn an zum Deel och feelen, an awer eng wichteg Ënnerstëtzung fir d'Eltere sinn. De Quartier a Bëlleg, wou mat Sécherheet zu engem groussen Deel och vill jonk Leit hi wunne wäerte kommen, kritt jo dann heimadder och eng Plaz, wou hiren Nowuess, wann et da bis esou wäit ass, gutt versuergt wäert sinn. Och op de Präis wëll ech hei elo net agoen, well ech sinn nämlech der Meenung, dass d'Noutwendegkeet, dës Crèche ze bauen, d'Ausgabe vum Terrain a vum Bau bei wäitem iwwertrëfft. A wéi d'Madamm Kayser grad gesot huet, en Invest an eis Kanner ass ëmmer e gutt Invest. Merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Och eisersäits aus e grousse Merci fir déi flott Presentatioun, well et war immens kloer an immens verständlech unhand vun de Pläng, mee awer och vun de flotten Illustratiounen, vun de Referenzbiller. Wann een net onbedéngt Expert ass an esou Crèchë plangen, ass et wierklech flott, fir déi eenzel Biller kënnen ze gesinn, wéi eng Aktivitéiten, wéi d'Kanner kënne schlofen, wéi d'Mobilitéit an deene Raum ausgesäit. Dofir wierklech begréissenswäert. Begréissenswäert ass och natierlech, datt mer eng nei ëffentlech Crèche wäerten hunn. Ech mengen d'Josiane, awer och d'Michèle virdrun hunn et betount. A mir hunn et net nëmmen eng Kéier hei am Gemengerot gesot, wéi wichteg et ass, datt mer weider ëffentlech Crèchen opbauen.

Et kann ee liesen, « considérant la croissance démographique soutenue ». Dat ass och ganz richteg. Dat ass och ganz flott. Mir hunn och hei eng flott Liewensqualitéit. An dowéinst och vill Leit zéien och op Diddeleng. Mee, jo, dat ass awer net e Problem vu gëschter. D'Waardelëscht vun de Crèchen ass ugedeit ginn, a scho laang. Ech muss soen, ech hu selwer déi Erfarung gemaach, datt ech zwee Jore laang op enger Waardelëscht war an ech hu schlussendlech awer keng Plaz krut. An dofir ass et vläicht och elo de richtege Moment, wa mer dat unerkennen, mat der Demografie, datt mer och weider Sitte sichen elo schonn, fir weider ëffentlech Crèchen ze bauen.

Well dat mat der Sprooch, ech komme jo aus engem Raum, wou effektiv doheem net Lëtzebuerg geschwat gëtt, an elo ass mäi Klengen an der Precoce, a jo, e schwätzt awer Franséisch do. An dat fannen ech immens schued. An dofir wollte mer och onbedéngt eng ëffentlech Crèchen, well an de private gëtt awer trotzdeem nach ëmmer weider Franséisch geschwat, also meeschtens. Vun der Architektur hier ass et och immens flott a sënnvoll gewiescht, déi verschidde pädagogesch Räim esou opzedeelen oder esou opgedeelt ze hunn, fir kënne flexibel ze bleiwen an natierlech op de Besoine vun de Kanner ausgeriicht sinn.

Ech hu gemengt ze héieren, datt och Pädagogen do matgeschafft hunn, an dat weist och u sech déi Qualitéit vun der Diddelinger SEA, wat déi do Saachen ugeet a wat d'Pedagogie allgemeng hei zu Diddeleng ugeet. Wat d'Käschten ugeet, 8,450 Milliounen. Am Ufank, wann een dat esou gesäit, kléngt et no ganz vill. Wéi gesot, ech selwer hunn ni richteg am Beräich vun der Konzeptioun vun enger Crèche geschafft. Mee dann hunn ech ugefaangen emol déi verschidde Saachen ze vergläichen. An fir d'Konstruktioun si mer bei 5 Milliounen, ronn 900.000, fir 45 Kanner a fir 981 m2, wann ech dat richteg gelies hunn. An da wiere mer ongeféier bei 4.600 Euro de m2 hors TVA, wat wierklech, wierklech e ganz korrekte Präis ass, awer trotzdeem fir de Bau vun enger Crèche. Ech hu gesinn, datt mer och nom Bauindex vum leschte Joer geschafft hunn. Ech ka mer virstellen, datt de Bauindex à fur et à mesure wäert dann och ugepasst ginn. Wat den Terrain ugeet, ass et effektiv esou, datt mer hei mat engem private Promoteur geschafft hunn. Dofir ass déi Acquisitioun noutwendeg, vun 2,5 Milliounen.

Ech hu par rapport zum Projet virdrun eng Kéier héichgerechent, datt mer hei bei engem Arspräis vun 165.000 Euro leien.

An do wier eis d'Fro: Ass dat e viabiliséierten Terrain oder ass dat wierklech e blanco Terrain? Well 165 mat de Viabilisatiounskäschten ass och e korrekte Präis. Soss wier de Präis awer e bëssi héich, well Diddeleng läit an de Moyenne bei 120.000 Euro den Ar. Dat wier eeben déi Fro, mat oder ouni Infrastrukturen? A wat d'méi konkret Froen ugeet, déi Vëlosstänneren um Plang, do konnt een net richteg erkennen, ob se iwwerdaacht sinn oder net. An natierlech, wann ee wëll déi douce Mobilitéit promouvéieren, ass et méi wéi sënnvoll, datt se iwwerdaachen. Vläicht besteet jo och eng aner Méiglechkeet fir déi Vëloe kënnen am Keller, ech ginn de Geste, dat wier dann eng Fro gewiescht ob ee kann déi Vëloen och raumen? Jo, op déi Fro, ob d'Educateure matagebonne waren an deem ganze Konzept krute mer jo schonn eng Äntwert. An och vläicht net ganz kloer: Sinn d'Miwwele mat an deem Präis dran, de Baupräis oder net? An et konnt een och nach liesen, bei der Zomm vun aacht Milliounen, „prévoyant un crédit de trois millions".
Vläicht kënnt Der eis eng Kéier just erklären, firwat dräi Millioune Kredit a wéi vill Subventiounen et nach ware vum Staat. Also dat stoung esou am Text. Dofir froe mer eebe méi Kloerheet. An natierlech ënnerstëtze mir voll a ganz dëse Projet a mir hoffen op weider ëffentlech Crèchen hei zu Diddeleng. Merci.

ROBY GOERGEN (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Bon, ech wëll hei just kuerz op den Akt agoen. A wéi Der virdru schonn héieren hutt, ass Crèche en Thema, wat d'Martine interesséiert. An hatt wäert och dann zu der Crèche do e puer Wierder soen. Ech schwätzen hei just iwwert den Akt, wat e wichtege Schrëtt ass fir d'Weiderentwécklung vun eiser Gemeng a fir d'Schafung vu qualitativ héichwäertege Kannerbetreiungen. Andeems d'Gemeng hei investéiert, engagéiert se sech, zesumme mam Promoteur FMC Promotions, eng modern Crèche ze bauen, souwéi mer dat an der Schäfferotserklärung jo och scho festgehalen hunn, a wat mer elo probéieren auszeféieren.
Bon, de Gesamtpräis vu 5.463.860 Euro, wouvunner 2.540.000 fir den Terrain sinn, wat wéi de Buergermeeschter et jo och scho virdrun erkläert huet, 183,6713 Milliè-men ausmaachen, souwéi 2.923.860 Euro fir de Bau, ewéi och nach eng Tax vun 9.000 Euro fir eeben déi kollektiv Equipementer.

Dëst gëtt der Gemeng eng juristesch a finanziell Sécherheet, kloer Finanzéierungspläng an eng Garantie, fir datt d'Crèche, egal wat geschitt, och fäerdeggestallt ka ginn. Mir investéieren an eng zukunftsorientéiert nohalteg Crèche, déi d'sozial Infrastruktur an d'Attraktivitéit vun Diddeleng stäerkt. Dës Crèche ass optimal an de Quartier integréiert an iwwert e wichtege soziale Mëttelpunkt. Ech soe Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Merci. Jo, also ufanks kann ech mech all de Virriedner mengen ech uschléissen. Och mir als déi Lénk hunn ëmmer gesot, mir missten am Fong nach méi a Crèchen investéieren. Et ass e Mangel. A mir wëssen, dass Crèchen ëmmer e groussen Invest sinn. Dat ass esou. Mee mir begréissen ausdrécklech och, dass mer hei deen Invest maachen. Well ech mengen eng weider ëffentlech Crèche ass hei zu Diddeleng net vu Muttwëll. Et ass scho gesot ginn, mir hunn nach ëmmer Waardeléschten. An, jo, et ass och scho gesot ginn, dass eis Crèchen Affer vun hirem eegenen Erfolleg ginn. An dowéinst begréisse mer och ausdrécklech dësen Invest.

Par contre, den Här Meyer wollt sech net zum Präis äusseren. Mir mengen awer schonn, wa mer en Devis stëmmen, da geet et virop ëm de Präis. Dowéinst hu mer awer do e puer Froen. A virun allem als éischt emol wollte mer bedaueren, dass mer keng Finanzkommissioun haten. Well dat heiten, wéi et scho gesot ginn ass, et ass awer elo wierklech e groussen Invest. A mir fannen, dass et do wichteg gewiescht wier am Virfeld, eng Finanzkommissioun ze hunn. Dann hätte mer elo eng Rei finanziell Froe vläicht scho kënne klären. Eis éischt Fro wär gewiescht d'Schnëttstell vun engem VEFA op d'Crèche. Mir gi jo dovun aus, well normalerweis an engem VEFA gëtt jo schonn ugestrach, da gi Plättercher geluecht, dass do, mir wëssen net a inwifern do den Architektebüro scho mam Promoteur zesummeschafft. Mir ginn dovun aus, dass do elo net duebel Aarbechten am Fong gemaach ginn, dass déi Schnëttstell wäert fonctionéieren, dass mer net vum Promoteur elo schonn déi Plättercher bezuelen a se duerno dann nach eng Kéier erausshuelen.

Duerno, et ass scho gesot ginn, dass de Budget op den Index vum Oktober 2024 baséiert. Mir haten eis och gefrot, ob de Mobilier virgesinn ass am Devis. Dat ass dann net de Fall. D'Baussenanlagen an d'Spillgeräter baussen, déi hu mer och net fonnt. An da gëtt et natierlech awer e bësse kruckeleg, well also am PPF 2024, do ware 4 Millioune virgesinn. Bon, do war dunn den Terrain net dobäi. Dunn hate mer elo am PPF 2025 7 ,5 Millioune virgesinn. Elo si mer do schonn 13 % driwwer, mat bal 8 ,5 Milliounen. An da kënnt nach de Mobilier dobäi, kommen nach d'Baussenanlagen dobäi, kënnt de Bauindex dobäi. Mir hu keng Reserv fonnt am Devis. Dowéinst wollte mer do eng Kéier froen ob Reserv virgesinn ass a wéi héich. Well mer awer d'Gefill hunn, dass dann awer mer elo eis scho kënnen drop prett maachen, fir de Devis remanié ze stëmmen an e puer Méint oder Joren. Well, jo, sou wéi mer dat gesinn, kommen do awer nach eng Rei zousätzlech Käschten op eis duer. Dat hätte mer ganz gären an enger Finanzkommissioun am Detail geschwat.

An dann déi lescht Fro, ech mengen déi war och elo scho gestallt ginn: Wësse mer scho plus ou moins mat wat fir, also ob mer Subside kréien a wéi héich déi Subside wäerten ausfalen, fir schonn e bëssen dat dann anzeschätzen? Ceci dit, mir wäerten dat heite matstëmmen, mee mir reitéréieren dann nach eng Kéier eis Demande fir an Zukunft esou grouss Investissementer wannechgelift an enger Finanzkommissioun ze beschwätzen. Merci.

MARTINE LOULLINGEN (LSAP): Also, wa mir haut iwwert déi nei Crèche a Bëlleg schwätzen, da schwätze mir net nëmmen iwwert den Terrain, Maueren a Raimlechkeeten.
Mir schwätzen iwwert d'Zukunft vun eiser Stad, iwwert d'sozial Gerechtegkeet, iwwert d'Chancëgläichheet an iwwert d'Attraktivitéit vun eiser Gemeng. D'Zukunft vun en-

ger Gemeng fänkt bei deene Klengen un. Ech mengen dat ass ganz oft gesot ginn. Eng Investitioun an eis Kanner ass eng Investitioun a genau dës Zukunft. Mir maachen eis Plaz méi attraktiv, mir ënnerstëtzen eis Familljen an doduerch och eis Stad. An dat net nëmme wéinst der Noutwendegkeet, mee virun allem och aus Iwwerzeegung, well d'Besoine vun de Familljen eescht musse geholl ginn. Eng modern a qualitativ héichwäerteg Crèche wéi déi, déi mir elo mat A Bëlleg op de Wee bréngen, ass net nëmmen eng Betreiungsplaz, mee och en edukative Raum. Hei léieren eis Kleng zesumme spillen, Konflikter léisen, sech an engem Grupp ze orientéieren an an enger klenger Mikrogesellschaft ze fonctionéieren.

Zu Diddeleng hu mir eng staark Demande no Betreiungsplazen, wéi d'Madamm Josiane Di Bartomeo-Ries scho gesot huet. D'Waardelëscht weist eis däitlech, datt mir nach net do sinn, wou mir misste sinn. Genee dowéinst ass dëse Projet och esou wichteg. Mat dëser Crèche maache mir ee wichtege Schratt, fir datt all Kand eng Plaz kritt, och déi, déi haut nach op der Waardelëscht stinn. Mat de verschiddene Strukturen, wéi der Crèche, Minettsdäpp, Italien oder Nuddelsfabrik hu mir scho ganz vill erreecht. Elo gi mir mat dësem neie Projet deen nächste konsequente Schratt. Eis Stad wiisst an domat och Bedierfnesser. Mir passen eis Capacitéiten un, fir datt all Famill eng bezuelbar a qualitativ héichwäerteg Betreiungsplaz fënnt. Dat ass och scho gesot ginn.

Et ass leider Gottes eng Realitéit, datt vill Eltere sech privat Strukture kaum nach leeschte kënnen, besonnesch wa si op Vollzäitplazen ugewise sinn oder verflicht sinn, eng Vollzäitplaz ze huelen, fir iwwerhaapt ugeholl ze ginn. Dofir ass a bleift et eis Aufgab, hei fir Gerechtegkeet ze suergen. Et kann net sinn, datt Elteren déi schaffe fir sech an hire Kanner eppes opzebauen, e groussen Deel vun hirem Akommes direkt un eng privat Crèche mussen ofginn. Betreiung dierf ni eng Fro vum Portmonni sinn. All Kand huet d'Recht op eng Plaz an all Famill op eng Betreiung, déi ee se sech leeschte kann. Mat dësem Projet bidde mir elo 45 Kanner an hire Familljen eng wäertvoll Alternativ. A genee dat ass och sozial Gerechtegkeet am Alldag. Well och fir d'Elteren ass eng Crèche vill méi wéi nëmmen eng Betreiungsstruktur. Si bitt Sécherheet a Flexibilitéit. An enger Zäit, wou d'Elteren zu zwee musse schaffe goen, ass dës keng Optioun méi, mee eng Noutwendegkeet.

Eng Crèche hëlleft, Famill a Beruff ënnert en Hutt ze bréngen. An dat mécht Diddeleng nach méi zu engem attraktiven a liewenswäerte Standuert fir jonk Familljen. Famillje wëllen dohinner oder do bleiwen, wou se Sécherheet a Perspektive fannen. Léif Kolleegen a Kolleeginnen, jo, et gëtt eis elo deier. Absolut. Mee mat der Crèche A Bëlleg investéiere mir an eis Kanner, an eis Familljen an an d'Zukunft vun eiser Stad. Et ass eng Investitioun, déi sech fir jiddereen ausbezilt. Mir ginn domat erëm e staarkt Signal. Zu Diddeleng steet d'Famill am Mëttelpunkt. An dëse Projet weist kloer, datt mir Verantwortung iwwerhuelen. A Verantwortung iwwerhuele kascht och heiansdo säi Präis. Merci fir d'Nolauschteren.

MARC MEYER (DP): Merci, Här Buergermeeschter. Ech hale mech och ganz kuerz. Just fir nach kuerz op der Madamm Thoma hir Remark ze reagéieren. Also ech sinn net weider op de Montant agaangen, well um Präis elo näischt groussaarteg eppes war, wat mech erschreckt huet. Kuckt ee sech d'Baupräisser un a vergläicht een d'Käschte fir dës Crèche mat änleche Bauten, esou leie mir hei an den Normen, wat ech der Madamm Thoma virdrun och am Privé nach gesot hunn. A wéi ech jo schonn och betount hunn, d'Necessitéit vun der Crèche iwwerweit hei an dësem Fall op alle Fall emol fir mech.

ALAIN POECKES, WW+ ARCHITEKTUR + MANAGEMENT SÀRL: Maja, ech probéieren och emol eng Kéier all Froen eng Kéier zesummenzekréien. Also et ass sécherlech esou, datt mer an der Crèche, ech soen, gi mer vläicht och op d'Diskussioun vum, vun de Baukäschten un. Also et ass schonn esou, datt mir am Budget gewësse Reserve mat virgesinn hunn. Et ass richteg, datt mer och de Bauindex, obwuel dee sech iwwert déi lescht, soen ech mol, d'lescht Joer relativ stabiliséiert huet. Natierlech wäert en och eng Progressioun hunn, awer eng Progressioun, déi mer och aus viru Corona, kennen. Dat heescht eng Progressioun, soe mer, zwëschent 1 an 2 % iwwert d'Joer. D'Zil natierlech vun där ganzer Crèche an der Entwécklung an och vun der Budgetsprojectioun ass natierlech och deen an engem VEFA mat engem Promoteur ze entwéckelen. Dat heescht, mir hunn do gewësse Reserve mat agerechent, fir och Saachen ofzefiederen.

Ech ka soen, datt mer ongeféier eng hallef Millioun Reserv dran hunn am Budget, déi mer a separate Positiounen och dran hunn. Soudatt mer do natierlech hoffen, datt do net ze vill Imprevu kënnt, doduerch datt de Bau schonn ugefaangen huet. A mir och wëssen, ech soen emol, wat d'Projektioun do ass. Wéi gesot, ass do de Risiko lo net enorm. Mee, wéi gesot, et ass eng Reserve mat virgesinn. Dat ass dat eent. Genau, d'Schnëttstell, richteg d'Schnëttstell mam Promoteur. Jo, do sinn et Echangë ginn och am Virfeld, datt mer do keen Doublon dran hunn. Dat heescht dat ganz kloer festgeluecht ass, wou de Gros Oeuvre fermé vu Säite vum VEFA-Akt elo beim Promoteur dran ass a wat herno am Parachèvement. Do sinn et och Schnëttstelle ginn, wou mer en Austausch haten, an do ass keen Doublon virgesinn. Also do ass ganz kloer definéiert ginn, wat ass an deem engem Pak dran a wat ass an deem anere Pak dran. Definitiv. Genau, also et war jo nach d'Fro zum Terrainspräis. Eises Wëssens ass do d'Viabilisatioun mat y compris am Terrainspräis. Mee do, mengen ech, kann och nach den Här Buergermeeschter vläicht nach eppes dozou soen.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Jo, ech wëll am Fong nach just e puer Saache beäntweren. Ech mengen et ass gefrot gi 4 Parkplazen. Hu mer se missen huelen oder wollte mer se huelen? An ech mengen esou wéi et virdru gesot gouf, datt do virgesi war, Appartementer ze bauen. Du koum d'Diskussiounen iwwert d'Crèche. Mir hunn d'Crèche du geholl a mir haten et awer néideg fonnt, an ech mengen et ass néideg, fir awer e puer Parkplazen ze huelen. Mir hu se net alleguer geholl, well da wär et der vill méi gewiescht. Ech mengen dat hutt Der gesinn, wéi vill Appartementer am Fong do sollte gebaut

ginn. Mir hunn der 4 Stéck geholl. Dat ass natierlech ëmmer fir och d'Responsabel. D'Eltere kënnen awer och, déi emol Kand dohinner bréngen, och emol erafueren, wann et misst sinn. Vëloen, och dat ass eppes, wat ee kann am Keller ënnerdaach stellen, wann d'Personal mam Vëlo dohinner sollt kommen. Bon, wéi gesot, also d'Parkplaze waren elo, mir hunn der 4 geholl. Do kënnt jo och dee vun der Kichen heiansdo. Also et sinn ëmmer eng Rei Parkplazen a 4, mengen ech, ass awer eng gutt Zuel. Dann, jo, Iwwerdag hat ech am Fong gesot, d'Miwwelen, dat kënnt eréischt.

D'Wäschkichen, do kann ech am Fong net äntwerten. Dat ka vläicht herno d'Madamm Libardi. Ech wollt awer nach eppes soen zu der Crèche. An dat ass immens wichteg. Mir bauen hei eng grouss Crèche. Wann Der et e bësse verfollegt esou, insgesamt ass et jo mëttlerweil méiglech eng Mini-Crèche ze maachen. Mir haten de Ministère och scho bei eis. Dat war eng ganz flott Reunioun. Dat heescht, do kéinte mer och an Haiser eng Mini-Crèche maachen. Do gëtt elo eng grouss Reunioun vum Ministère, wou ech ugemellt sinn, fir mat emol ukucken ze goen. Mee och dat ass eng Léisung.

An dann e lescht Wuert. Mir schwätzen zwar elo iwwer Crèche. Mir hänke vläicht nach e bëssen hannendran an de Crèche Plazen. Awer mir ginn eis vill Méi. Mir plangen, ëmmer wann en neie Quartier entsteet, plange mer och eng Crèche mat, wou mer soen hei okay, do brauche mer nach eng Crèche. Ech wëll awer och emol soen, eis Structures d'accueil, wou d'Kanner hikommen, do si mer eng vun deene wéinege Gemengen, déi keng Waardelëscht hunn. Waardelëscht bedeit zwar wuel, datt mer kucken, schaffen d'Leit zu zwee oder si se monoparental? All déi Leit hu bei eis hei zu Diddeleng eng Plaz. An dat ass wichteg. Dat ass immens vill wäert fir d'Leit. Gutt, mir hu Waardelëschten, wann Der géift soen, dat bleift net aus, also si schaffen net zu zwee. D'Leit sinn nach op der Waardelëscht. Deem wäerte mer och nokommen. Ech menge mir sinn awer ganz gutt ënnerwee hei an ech wëll dat einfach emol eng Kéier soen hei. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci, Josiane och fir déi dote Prezisiounen. Ech géif nach vläicht op e puer aner Punkten agoen. Vläicht generell mam Vott vun haut, respektiv wat nach wäert nokommen. Hei hu mer jo effektiv keen Devis virleie ronderëm de Mobilier, respektiv och den Amenagement vun der Aire de jeux. Dat wäert separat an engem nächsten, oder iwwernächste Gemengeréit kommen, well dat net elo, hei ausschlaggebend ass. Hei ass et mir jo wichteg, dass mer de Gros Oeuvre fermé stëmmen, respektiv de Parachèvement, well dat eng Suite no där anerer ass. An dann dat anert da kënne weider plangen. Effektiv op d'Schnëttstell ass agaange ginn, respektiv och de Präis pro Ar, deen ass viabilisé. Dat ass mengen ech d'Fro, déi d'Madamm Ahmedova gestallt hat. Awer och als Äntwert par rapport zu der Fro vun der Madamm Kayser, par rapport zu der Emphyteos. Et däerf jo net vergiessen, mir sinn hei Co-proprietär. Mir ginn hei eng Koproprietéit mat dran. Mir si jo net aleng Proprietär vun deem ganze Block. Hei si jo och nach privat Proprietären, déi hu sech jo an d'Appartementer akaaft.

D'Emphyteos wär jo dann d'Bereetschaft vum Proprietär vum Terrain eng Mise à disposition ze maache vum Terrain mat engem Loyer. Dat wär da souwuel un déi Privatleit, déi an Appartementer sinn, wéi dann och un d'Gemeng, mat hirer Gemengecrèche. Mengen ech, hei ass d'Logik, dass et ee Proprietär gëtt, wéi gesot, vum Terrain an och vun der Crèche. Dofir spillt hei d'Dispositioun vun der Emphyteos deementspriechend net. Voilà. An normalerweis ass et jo awer och esou, wéi gesot, dass mer d'Garantie bei der VEFA hunn, dass de Präis gehale gëtt, well virdrun d'Fro opkomm ass, ginn do d'Käschten net an d'Luucht? Ech mengen déi Diskussioun hate mer jo och ronderëm de Logementsprojet an der Rue des Champs. De VEFA garantéiert eis e Präis um Niveau vun der Constructioun an och vum Delai, wou et deementspriechend gebaut gëtt.

Et war nach déi Fro vum Kredit. Jo, mir hunn am Budget 2025 e Kredit virgesinn, emol vun dräi Milliounen Euro, fir de Bau vun der Crèche. Ech mengen Dir hutt jo am VEFA-Akt gelies, dass een Deel direkt ze bezuelen ass no der Adoptioun hei vum Gemengerot an och mat der Retranskriptioun. Ech mengen dat sinn déi 535.000, déi mussen direkt bezuelt ginn. An déi aner, mengen ech deementspriechend duerno. Dofir musse mer einfach emol jo och Kreditter virgesinn. Ech hätt mer net kéinte virstellen, hei an d'Gemeng ze kommen, hei de VEFA-Akt ze stëmmen an 0 Euro am Budget stoen ze hunn. Dofir hu mer einfach emol déi dräi Milliounen dra gesinn. An natierlech am Budget 2026/2027 an och am Kader vum PPF wäerte mer och deementspriechend deemno Rechnung droen. A mir hu jo eng Finanzkommissioun virgesinn an zwou Wochen, wou mer iwwert d'Mise à jour, déi mer am Juli gemeet hu vum PPF, wou een nach eng Kéier deementspriechend do drop kann agoen.

Ech verstinn d'Uleies och vun der Madamm Thoma, fir dat hei nach an enger Finanzkommissioun wëllen unzeschwätzen. Ech doe mech domat awer ëmmer schwéier, well net jiddereen, deen hei am Gemengerot ass, an der Finanzkommissioun ass. An ech mengen d'Primautéit fir mech nach bei esou Projeten d'Leit vum Gemengerot hunn, fir Asiicht ze kréien an den Dossier, duerfir jo och d'Presentatioun, déi Der am Virfeld geschéckt kritt hutt, fir Abléck och deementspriechend ze hunn. Fir heirauser elo aus engem Punkt een informelle Gemengerot ze maachen, Finanz- a Gemengerot wär net duergaangen. Dat heescht, et eng reng Saach organisatoresch an näischt vum schlechte Wëllen. An awer mengen ech, dass d'Gemengerotsmembere bei esou Projeten d'Primautéit vun der Informatioun awer sollen hunn. Well där sidd jo awer déi, déi schlussendlech iwwert Projete mat dëser Envergure deementspriechend och sollen ofstëmmen. Ech mengen ech hätt probéiert op déi verschidde Punkten déi mech concernéieren anzegoen.

GINETTE LIBARDI, RESPONSABLE CRÈCHE “ITALIE”: Jo, also d'Fro war, ob mir an de besteeënde Crèchë Wäschkichen hunn. Jo, mir hunn an all Crèche eng Wäschkiche mat Wäschmaschinnen, souguer e puer, an Trockner. Well jiddereen, dee kleng Kanner doheem huet weess, dass vill Wäsch ufält. Mir hunn och e Plan d'Hygiène an de Crèchen, no deem mir musse fueren. Do gëtt sämtlech Bettwäsch



gewiesselt, déi muss gewäsch ginn, d'Sabbeldicher, d'Läppercher, d'Dicher, also voilà. Also do fält genuch Wäsch un, an dat gëtt dann och vun den Educatricë gemaach. Déi leeft e puermol den Dag.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Villmools merci och nach, fir déi dote Prezisioun. Subsiden, also jo, also Subsiden, par rapport zum Bau, do wäerte mer éischter an déi Richtung goen, wéi mer dat och mat der Crèche am Quartier Italie gemaach hunn, dass mer éischter hei dat heiten als Gemeng zu 100 % subventionéieren. Dat heescht, kee Subsid en charge, also Kréie vum Educatiounsministère, mee dann awer eeben an d'Diskussioun ginn, wat d'rekurrent Fraisen ugeet, wat d'Personal betrëfft. Well dat jo awer méi rekurrent och mat der Zäit sech och zitt a mat Adaptatiounen, dass mer do à moyen-long terme besser ewechkommen. Gutt, da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Dat heescht, zwee Votten, déi mer virhuelen. Wien ass hei mam Acte de vente, de vente en état futur d'achèvement averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci. A wien ass dann hei och mat de Pläng a mam Devis fir de Bau vun der Gemengecrèche averstanen? ***Och dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

# 7. PARZELL « RUE DE LA VALLÉE »

**Approbatioun fir d'Zéie vun engem Virkafsrecht op der Kadasterparzell n° 2578/8922, Sectioun A vu Butschebuerg, um Flouernumm « Rue de la Vallée »**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da géif ech proposéieren, dass mer weiderfuere mat eisem Programm. Mir kommen elo zum Punkt 7, do geet et ëm d'Virkafsrecht, dat mer hei virzéien. An zwar geet et hei an der Rue de la Vallée. Do ass 4 Ar a 27 Centi-Ar. Dir gesitt an Ärem Dossier, dass do de Proprietär Land and more Real Estate ass an de potentiellen Acheteur wär Marques Confort S.A. gewiescht. Bon mir hunn dat matgedeelt kritt am Juli 2025 d'Notifikatioun. Do hu mer och gesot, dass mer d'Virkafsrecht wéilten zéien. Mir hate jo och viru gutt 2 Joer och do schonn en Terrain kaaft. Zwar net iwwert d'Virkafsrecht, mee wéi gesot, mir haten awer do schonn ee kaaft, well mer deementspriechend och e Schéma directeur hei hunn deen och am PAG ausgewisen ass op dem Schärwee  wat eng Zone d'habitation HAB1 ass, sou dass mer hei d'Virkafsrecht zéien. An hei ass de Präis vum Ar 10.539.- Euro.

Dir hutt och de Projet d'acte virleien tëschent deenen zwee Privaten. Do kënne  mer wieder näischt maachen, mussen zu deem Präis kafen. Ass also nach en zimmlech komfortabele Präis, wou een dat do ka kafen en vue vun der zukünfteger Entwécklung vun deem dote Schéma directeur. Do ass den Ament nach näischt geplangt, mee wann eng Kéier mëttel- oder längerfristeg eppes geplangt ass, si mer op alle Fall als Gemeng och do Co-Lotisseur. Also wéi gesot, haut geet et just drëms, d'Decisioun ze huele fir d'Virkafsrecht ze zéien. A wann do de Gemengerot säi Feu vert gëtt, da komme mer an engem nächste Gemengerot zréck, fir dann do dann och de Kafakt en tant que tel ze hunn. Haut geet et am Fong just ëm d'Decisioun. Dat war déi Erklärung, déi ech wollt ginn zum Akt. Ginn et do Froen?

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci. Just kuerz. Also et ass wierklech e ganz, ganz flotte Präis. Also et ass e Präis vu virun 30 Joer. Et wier flott wa mer och nach weider Terrainen zu deem Präis kéinte kréien. Ech wollt just op dëser Plaz eng Kéier froen, mir haten eng Motioun deposéiert, wou mer eebe gefrot haten, ob mer déi Projete kéinte gesinn, wou d'Gemeng d'Préemptioun huet. Ech gesinn Iech mam Kapp wénken. Ech wollt just erënneren, ob mer dat vläicht eng Kéier an der Bautekommissioun vläicht kéinten eng Kéier gesinn? Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, wann ee sou oft meckert, da muss ee jo och soen, wann een eppes gutt fënnt, an dat heite begréisse mer natierlech selbstverständlech, dass d'Gemeng hei hiren Droit de préemption zitt. An iwwert dee Präis ware mer och positiv iwwerrascht. Dat heescht, Felicitatiounen.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Villmools Merci fir d'Zoustëmmung. Op de Präis huet een net ëmmer Afloss, mee mir wëssen awer och, grad eebe wann d'Virkafsrecht gezu gëtt, dass mer och, wa mer Terraine kafen, net zu enger Präisspiral mat bäidroen. Et ass gutt, dass Der mech nach eng Kéier drun erënnert, well ech hat et bei mengen Notten obgeschriwwen, mee ech hu vergiess, et ze soen. D'nächst Woch hu mer Bautekommissioun an do hu mer och zesumme mat eisem Service Architecture et Domaines e Listing gemeet, a mir wäerten deen do presentéieren. Dat ass fir d'nächst Woch. Deen ass prett. An da kënne mer deen och an der Bautekommissioun weisen. An der logescher Suite vun där Motioun, déi mer deemools ugeholl hunn. Ass de Gemengerot hei mam Virkafsrecht averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools merci.

# 8. FINANZEN



**8.1. Resiliatioun vum Contrat de bail mat Staat vum Grand-Duché de Luxembourg fir d'Locatioun vum Gebai « Waldschoul » fir de Besoins vum Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse – Office National de l'Enfance (ONE)**

**8.2. Resiliatioun à l'amiable vun engem Contrat de Bail mam Staat vum Grand-Duché de Luxembourg fir d'Locatioun vun engem Gebai bekannt als « Pavillon D », op der Nr. 20D, Rue des Écoles**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer op d'Finanzen iwwer. Zwou Resiliatiounen, wat de Volet Effektiv Educatioun ugeet. An do ginn ech dem Josiane d'Wuert.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Jo, voilà, villmools merci. Mir hunn zwou Resiliatiounen. Déi éischt, dat ass am Fong dat Gebai, wat mer an der Waldschoul hunn. Dir wësst, datt mer viru Joren den ONE, wat awer en extreem wichtege Partner ass hei fir d'Diddelenger Gemeng, datt mer deenen hu missten nei Lokalitéite sichen. Si si mer deemools mat hinne kucke gaangen. Si haten dunn eng Lokalitéit ënnen an der Waldschoul. Et ass nëmmen deen ënneschten Deel. Mir hunn elo hei eng Resiliatioun virleien. Ech wëll ganz kloer soen, datt den ONE net vun Diddeleng wäert fortgoen an ech ganz frou sinn, datt si hei bleiwen. Si hunn awer ganz aner Lokalitéite fonnt, wou eng absolutt Verbesserung ass och fir si. Si louchen e bësse verstoppt. D'Leit waren zwar ganz zefridden do, mee ech mengen datt se lo an eng aner Lokalitéit hunn. Duerfir sollte mer déi Resiliatioun hei unhuelen.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Den aneren och, well dat hänkt jo zesummen, dat zwee mol d'Éducation nationale, wou e betraff ass.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Da géif ech dat anert mathuelen, an zwar geet et hei ëm dat Gebai, den D um Strutzbierg, Dir wësst, do waren ëmmer Schoulklassen dran, duerno waren elo jorelaang Psychologinnen dran, vun der Direktioun 7. An och hei si léisen dee Kontrakt op, net well se vun Diddeleng fortginn, mee einfach well et esou ass, datt mer d'Direktioun souwuel wéi den ONE wéi eis Psychologen op enger anerer Plaz hei wäerten ënnerkommen. Ech sinn awer ganz houfreg a ganz frou, dass si elo erëm hei zu Diddeleng sinn a neien Lokalitéiten. Duerfir kréie mer elo dat Gebai zréck. Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci fir d'Wuert. Bon, ech wollt just eng kuerz Erklärung ginn. Wann Der, dee gudden Delibéré vun der Gemengerotssitzung vum Abrëll 2021 an do war de Contrat de bail mam ONE, déi Raimlechkeeten an der Waldschoul, wéi elo grad gesot gi war, am Keller, do hat d'CSV sech enthalen. Déi Lénk iwwregens och. An eng vun den Ursaache war, dass mir gesot hunn, domadder hypothekéiere mer dat Gebai, Waldschoul, dee ganzen Areal, do war nach, mir schwätze vun 2021, do ware mer nach net esou wäit an eisen naturpädagogeschen Entwécklungen, déi bis elo, also naturpädagogesche Projeten. A mir hunn awer fonnt, dass dat Gebai géif hypothekéiert ginn, wa mer den ONE do géifen drasetzen. A kokasserweis hat et jo och do geheescht, dat sollt nëmmen eng temporär Bleif, mëttel- a laangfristeg maximal bis zwee Joer sinn. Bon, 2021 bis 2025 sinn awer elo 5 Joer ginn. An do huet et och esou optimistesch geheescht, déi géifen dann op NeiSchmelz goen. Ech mengen awer nach net, dass se op nei Schmelz sinn.

Dofir erlaabt ech mer awer elo nach d'Fro nozeschéissen: Wouhinner huet den ONE sech dann etabléiert? Well effektiv d'Zesummenaarbecht, d'Schoul, ONE, an allgemeng Familljen an ONE, an Office social - ONE, also ech mengen do si vill Interaktiounen, och Schoulmedezin ONE, déi ganz wichteg sinn. An do ass et awer flott ze héieren, dass se zu Diddeleng bleiwen. An d'Fro ass, wouhi se ginn. An och vläicht dann an engems och vun de Psychologen, wou déi dann och eng Plaz och elo fonnt hunn. Et wär vläicht och interessant fir d'Leit dobausse. Mir sinn d'accord mat där Resiliatioun. Ech huele jo un, dass dann den ONE net an eng kommunal Struktur geet, well soss hätte mer jo schonn en neie Contrat de bail warscheinlech hei virleie gehat. Merci.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Ech gëff da direkt op déi Fro agoen. Dir wësst jo, effektiv, d'Waldschoul, dat war ëmmer, kënne mer dann net eppes Anescht man? Ech mengen elo ass et de Moment do. Si gi raus. Et wäert och keen anere méi déi Raimlechkeete kréien. Mir hale ganz fest do drun, souwuel och wéi um Pavillon Strutzbierg, deen elo fräi steet. A sech, mir waren eigentlech laang ënnerwee fir ze kucke fir eis Direktioun an och all déi Partner hei zu Diddeleng ze halen. Ech sinn awer elo eigentlech ganz frou, datt si eng Plaz am Lidl fonnt hunn. Si hunn dee ganze Stack, de Staat huet dee ganze Stack gelount, dee gëtt amenagéiert, en ass nach net fäerdeg. Dofir hunn ech och elo net weider ëmmer driwwer geschwat. Mee si sinn amgaang fäerdeg ze maachen. A si wäerten, ëm November wäert dann alles do zesummekommen. Voilà. Merci. Alles, alles beieneen.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Dat heescht, d'Regionaldirektioun an den ONE ginn zesummen, dat heescht, si deele sech och do d'Bürosraimlechkeet fir d'Kooperatioun, wat och am Interêt vun der Stad Diddeleng ass. An ech mengen, dass dat e ganz, ganz positiivt Zeechen ass. An ech mengen, wat och flott ass, dass mir hunn dat dote jo och aktiv mat begleet, well mer och beméit waren, dass mer déi Strukturen hei engersäits an Diddeleng halen oder erëm op Diddeleng zréck kréien, well se och an engem Provisorium um Krakelshaff waren, d'Regionaldirektioun. Sou dass et mengen ech gutt ass, dass déi

doten zwee staatlech Servicer, wéi gesot, hei zu Diddeleng sech kënne fest usidelen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ma, dat freet eis immens, dat ze héieren. An do gesäit een och, wat e flott Beispill u Public-private-Partnershippen een och kann hunn. Dass effektiv och e private Patron wéi de Lidl, dass deen awer och op de Wee geet, dann eeben och mam Staat Konventiounen ze maachen. A mir begréissen dat do explizit a sinn natierlech frou, dass déi zwou Strukturen hei zu Diddeleng bleiwen. Merci, fir d'Info.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci, ech wëll awer just vläicht preziséieren, dass dat heite kee Public-private-Partnership ass. Well dat ass jo éischter am Kader vun enger Konstruktioun, wou de Staat mat eraklëmmt. Hei ass esou, hei ass et e Privaten, deen eppes gebaut huet, dee Bürosfläche fräi huet an de Staat iwwert seng Loyerskommissioun eebe kucke geet, wou Büroe fräi sinn an do e Contrat de bail dann deementspriechend mécht. Wéi gesot, et ass eng gängeg Praxis vum Staat, wann en net seng eege Gebailechkeeten huet oder d'Gemeng se net ka stellen, dass e bei e Private kucke geet. Also, dat ass just eng kleng Nuance. Mee et ass awer gutt, dass esou zesummegeschafft gëtt. Absolutt.

Da géif ech dann driwwer ofstëmmen. Wien ass mat der éischter Resiliatioun averstan, vum Contrat bei den ONE betrëfft? ***Dat ass unanime.*** Wien ass mat der zweeter Resiliatioun, déi de Pavillon D ugeet, och averstanen? ***Dat ass och unanime.***

**8.3. Resiliatioun vun engem Contrat de bail commercial fir Sous-Locatioun mat der Firma MeLord S.à r.l. fir d'Sous-Locatioun vun engem Geschäftslokal op 77, Avenue G.-D. Charlotte**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Gutt, da komme mer op den nächste Punkt. Do gi mer, déi nächst zwee Punkten, do gi mer eriwwer an eis Diddelenger Geschäftsplaz. Do kann ee soen, dass, jo, Freed a Leed ganz beienee leien. Wa mer voller Freed d'lescht Woch bei der offizieller Ouverture vun der Librarie Ernster waren, dann deet et engem natierlech leed, an ech bedaueren dat ganz, ganz staark, ech fannen ech schued, dass de MeLord, wéi gesot, seng Dieren Enn des Joers hei zu Diddeleng zoumécht. Dat ass ganz schued, well et, mengen ech, e qualitativ gudde Buttek war, dee gutt Wuer hat. Et versteet een awer, a grad wann een e Commerce huet, wann ee méi muss rastieche  fir effektiv dann och e bëssen erauszekréien, dass een dann op laang Siicht sech Froe muss stellen, ob et derwäert ass ze bleiwen.

Ech mengen de MeLord, mir hate jo do e gestaffelte Kontrakt op dräi Joer. Mir haten net méi spéit fir ufanks dëst Joer eng Adaptatioun vum Loyer gemaach, well mer der Meenung waren, do kënnen entgéintzekommen, fir och Adaptatiounen, déi och gefrot goufen, par rapport zu der Wuer, deem kënne Rechnung ze droen. Bon, ech mengen um Niveau vum Chiffre d'affaires ass et net duergaangen. Mir sinn hei an enger Situatioun, wou awer all Loyer, wéi gesot, bezuelt gouf. An awer an engem Gespréich virun der Summervakanz mer déi Decisioun do matgedeelt kruten. An natierlech hei da leider an där Situatioun sinn, wéi gesot, nach op ass, bis den 31. Dezember. A dann eise City Manager schonn amgaangen ass, a sengem Netzwierk ze kucke wat een do zousätzlech kann erëm ab d'nächst Joer kréien. Dat ass dann natierlech net evident, well sech effektiv ze etabléieren als Geschäftsmann, Geschäftsfra, dat decidéiert een net vun haut op muer oder innerhalb vun zwee, dräi Méint. Dat brauch eng gewësse Strategie, souwéi et och hei deementspriechend de Fall war. Wéi gesot, hei leider keen anere Choix, wéi deem Rechnung ze droen. Natierlech och, jo, mat enger Tréin awer am A.

An dofir soen ech och, wann een iergend, also ech wäert dat emol maachen, wann ee mer iergendwéi eng Remark wäert maache: Schued, dass en zoumécht, wäert meng éischt Reaktioun sinn, ob en op d'mannst nach eng Kéier dohanner akafe war oder et a Kaddo maache gaangen ass. Well dat heite wäert awer sécherlech an Diddeleng seng Ronnen dréien. Dofir nëmme mat Bedaueren, schued. Mee et kann een natierlech och novollzéien, dass ee sech iwwert en Zäitpunkt dann och d'Fro stellt, ob et dann och derwäert ass, mat aller Qualitéit, déi een ubitt, nach derwäert ass, de Commerce oprecht ze halen. Voilà, dat dozou.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Just eng kuerz Fro. Wann eppes zougemaach gëtt, gi jo och Aarbechtsplaze verluer. Wësst Der net zoufälleg, ob déi Leit da keng Aarbecht méi hunn? Oder ginn se zréck op Mondorf bei d'Mammenhaus? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Déi ginn zréck. Här Martini.

CLAUDE MARTINI (CSV): Villmools merci. Ech hunn am Fong eng Fro. An zwar haten d'Fränzi an ech virun e puer Joer eng Kéier den Tour duerch d'Niddeschgaass gemeet gehat am Kader vum Shared Space, vun den Ëffnungszäiten, duerchfueren, net duerchfueren. An eis zwee, deemools wou mer deen Tour gemeet haten, do hu vill Geschäftsleit ons gesot, dass d'Verkafszuele géife massiv abriechen, wann d'Strooss zou wär. Ech wëll elo keng grouss Diskussioun hei opféieren iwwert de Shared Space, wou se op sinn oder zou sinn. Ech géif gäre wëssen, ass eng sachlech Analys gemaach ginn, par rapport zu de Verkafszuelen? An hätt eventuell dat Geschäft besser Verkafszuele gehat, wa mer de Shared Space gehale gehat hätten an deem Konzept, wéi en am Ufank geduecht wär. Gëtt et do Zuelen? Ass do e Bericht gemaach ginn? Ass do e Suivi komm? A wéi gesäit d'Zukunft dozou aus?

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, merci fir d'Wuert. Ech ginn net op dem Här Martini säi Souci do vun der zouener Strooss an. Ech hätt am Fong aner Froen dozou gehat, an zwar och, dass mir et immens schued fannen, well mer och deemools fonnt hunn, dass déi doten Offer, déi dat Geschäft am Fong ugebueden huet, dass dat immens complementaire zu deem war, wat och hei zu Diddeleng nach gefeelt huet bis zu deem Zäitpunkt. D'Fro wier elo e bëssen esou déi, wat fir eng Analys gëtt gemaach, u wat loung et? Well et ass jo awer trotzdeem e Kleeder-  a Schongbuttek

wou et awer trotzdeem eppes ass, wat et brauch. An do wier einfach d'Fro, ech mengen Dir hat et virdru schonn ugedeit, dass de City Manager och schonn dohannert ass, fir ze kucken, do iergendwéi ze kucke wat eeben dohinner kéint kommen. Quitt dass dat doten elo eppes ass wat an eiser Offer feelt, wann een deen dote Buttek elo zouméicht. Dat war am Fong déi eenzeg Fro, déi mer haten. Et ass effektiv duebel schued, engersäits fir de Geschäftsmann, och fir eis als Gemeng, a jo, merci.

FABIENNE DIMMER (LSAP): Merci fir d'Wuert. Und täglich grüßt das Murmeltier, Här Martini, immer wieder. Also ech weess net, ob Dir oft am Duerf sidd, mee et sinn immens vill Leit ëmmer am Duerf an och an de Geschäfter. Et ass immens traureg, ëmmer erëm ze liesen an ze héieren, dass d'Geschäfter zouginn, mee et ass wierklech eng Problematik, déi net op Diddeleng ass, mee déi allgemeng, mengen ech, weltwäit ass. An ech hunn nach virun een, zwee Deeg am Radio och héieren, wou se eebe genau doriwwer geschwat hunn. Well eeben iwwert déi Sonndesaarbecht an alles an hei an do geschwat ginn ass. A wou se eeben och gesot hunn, déi grouss Konkurrenz vum online. An da kënne mer eis vläicht all emol mat der eegener Nues huelen a kucken, war ee vun eis iwwerhaapt an deem Geschäft, ënner anerem, oder an engem anere Geschäft, hei an Diddeleng, ausser beim Ernster, wou ech weess, dass Der all higitt.

Voilà, ech kann awer och soen, zu Rëmeleng zum Beispill ass keng Geschäftsstrooss, an ech weess, de weltberüümte Schungbuttek, deen do ass, deen huet och seng Schwieregkeeten. An dat war ee Buttek, wou se aus, vun Ëlwen erofkomm sinn, wann Der wësst wou Ëlwe läit, da wësst Der wéi wäit dat ass. Do si se vun Ëlwen erofkomm, bei d'Zanni op Rëmeleng. Ech mengen, wie geet soss op Rëmeleng? Mee si sinn awer, also wann den Här Haen mech elo héiert, also ech ginn heiansdo op Rëmeleng. Mee ech wëll awer domadder, Ech wëll awer domadder wierklech soen, dass effektiv d'Leit si vun Ëlwen erof op Rëmeleng komm, fir Schung ze kafen. An och dat huet nogelooss, och dohinner, an dat ass einfach en allgemengen Déngen, an ech mengen et läit net dorunner ob eng Akafsstrooss op oder zou ass. Et deet eis all immens leed an ech fannen et och extreem traureg. An, voilà, ech hoffen, datt et eng Léisung fonnt gëtt. An ech wënschen eiser Ekipp ronderëm de City Manager bonne Chance.

MARC MEYER (DP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Ech hale mech dann och ganz kuerz. Ech hat viru Kuerzem nach mat eisem City Manager iwwert dat Lokal geschwat an ech hat en do gefrot, ob en eventuell schonn en Neien un der Hand hätt, dee bereet wär, hei op Diddeleng ze komme fir eis Geschäftswelt ze beräicheren. Zu deem Zäitpunkt huet en dat misse mat Neen beäntwerten. Dat ass natierlech awer schonn erëm e puer Deeg hier. An ech wollt elo den Här Buergermeeschter da froen, ob en eventuell do Neiegkeeten an deem Dossier huet, ob dann elo schonn en neie Commerçant Interessi gewisen huet. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci. Nach wieder Froen? Ok, dat ass net de Fall. Gutt, da géif ech op déi verschidde Punkten agoen. Par rapport zu der genereller Analys, wat dat heite betrëfft, huet et sécherlech mam Flux vun der Clientèle an och mat der Kafkraaft vun der Clientèle ze dinn an net onbedéngt d'Ausspille Shared Space géint Foussgängerzon. Well, mengen ech, och déi dote Fro vun der Foussgängerzon absolutt guer keen Ënnerscheed gemeet huet par rapport zum Chiffre d'affaires. An ech mengen et ass och dat, wat den Här Musti jo eis am Gespréich och ganz kloer gesot huet.

An dann eeben esou déi Legend, déi Legend, déi d'CSV ëmmer hei virbréngt, dass duerch Foussgängerzon dann de Chiffre d'affaires bei de Geschäftsleit erofgeet. Ech weess just eppes, eise viregte City Manager, deen elo a senger wuelverdéngter Pensioun ass an eisen aktuelle City Manager, wann deen dann a senger Professionalitéit, an en huet jo e professionelle Rôle, dann och déi Geschäftsleit dann och freet, dass se dann dat och weise sollen, da kréie se, hu se allen zwee bis elo eng Fin de non recevoir kritt. Ech menge wann een dat dote monéiert, da muss een och kënne seng Chifferen op den Dësch leeë fir dat ze bezeugen. A wéi gesot, dat huet bis elo kee wollte maachen. An dofir, wéi gesot, tëschent engersäits soen, de Chiffre d'affaires geet erof a wierklech d'Zuelen op den Dësch setzen, sinn hei ganz kloer Diskrepanzen an der Duerstellung an am Narrativ, wéi gesot, vun der CSV. Dofir, dass ech dat doten net kann deelen, dass een hei soll e Shared Space géint eng Foussgängerzon och ausspillen. An et ass jo keng komplett Foussgängerzon, mueres ass ëmmer op, an da mëttes ass et zou, an dat wärend de Summerméint. An all de Rescht vun der Zäit spillt jo d'Foussgängerzon och eebe grad am Wanter. Dofir ass mengen ech déi doten Analys net déi richteg.

Mee déi richteg Analys miss éischter sinn: Wat ass d'Zukunft vum Commerce an enger Stad oder an der véiertgréisster Stad? Wann een och kuckt, wat d'Zukunft vum Commerce iwwerhaapt hei zu Lëtzebuerg ass an de Banestied. Do ginn et jo och eng Rei Analysen, déi gemaach goufen um Niveau vum Wirtschaftsministère, um Niveau awer och, wat ronderëm ass vu gréissere Komplexer, déi oppe sinn, opgaange sinn. Dat ass éischter déi Fro, déi mer eis musse stellen an net kuerz Mikro, wéi gesot, dat eent géint dat anert Konzept auszespillen. Dann, par rapport zu, dat hat ech am Ufank gesot: Kënnt do en neien eran? Oder wie kënnt elo eran? Ech hat virdru jo kloer gesot, mir sinn hei mat enger Decisioun befaasst ginn, déi zimmlech rezent ass. An eisen neie City Manager, deen aktivéiert seng Reseauen.

Mee e Commerce opmaachen, dat decidéiert een net vun haut op muer. Déi falen net einfach esou vum Himmel. Et ass net esou wéi Äppel, déi räif sinn, déi einfach roffalen a soen, okay, elo installéiere mer eis hei zu Diddeleng. Grad Dir als Vertrieder vun der DP, Här Meyer, Dir misst jo wëssen, wann een als Independant sech lancéiert a sech selbststänneg mécht, wéi eng Analysen ee mécht, éier et een de Choix mécht eeben Independant ze ginn an Elementer, d'Strategie, déi ee sech gëtt an och effektiv Analysen, déi ee mécht. Dat heescht, mir hunn hei natierlech en Netzwierk, wou eise City Manager amgaangen ass. A mir hoffen natierlech, dass d'nächst Joer een dohinner kënnt.

Mee, wéi gesot, de Choix ze maachen engersäits Independant ze gi fir deementspriechend e Commerce opzemaachen. Oder awer d'Strategie, wéi soll ech soen. Ech ginn dat beschte Beispill.

An dat ass mer d'leschte Kéier bei der Diskussioun, déi mer ronderëm d'Ouverture vun der Librairie Ernster haten. D'Gespréicher, déi d'Stad Diddeleng mat der Librairie Ernster haten. Dat waren 2016, 2025 huet d'Librairie Ernster Decisioun geholl, sech an Diddeleng nidder ze loossen. Dat heescht och déi Strategie sech e puer, oder nei Standbeener ze ginn. Ça doit être mûrement réfléchi géifen d'Fransouse soen. Dat mécht een, wéi gesot, net vun haut op muer, grad eeben am Commerce. Mee et ass awer wichteg, dass mer e liewege Commerce effektiv an eiser Stad hunn. An ech hoffen, wéi gesot, mat alle Reseauen, déi do aktivéiert ginn, dass mer an nächster Zukunft och ech erëm en attraktive Commerce kënnen hunn. Well vun der Surface hir ass et net oninteressant fir do kënne säi Commerce ze etabléieren.

Dëst gesot, géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass nolens volens mat dëser Resolutioun averstanen? Okay, villmools merci, ***dat ass unanime.***

### 8.4. Resiliatioun vun engem Contrat de bail commercial fir Sous-Locatioun conclu mat der Societéit Kasadalux S.à r.l. fir d'Sous-Locatioun vun engem Deel vum Geschäftslokal op 38, Avenue G.-D. Charlotte

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da géif ech op déi nächst Resiliatioun iwwergoen. Dat ass och e Geschäft, wou mer, d'selwecht wéi hei beim MeLord, Locataire sinn an an d'Sous-locatioun gaange sinn. Dat war, wéi gesot, e Contrat de bail mat Kasadalux, S.à.r.l. hei vertrueden duerch den Här Kasindi. Dat war jo just op ee Joer. Do sollt de Kontrakt den 31. Dezember jo auslafen. Do ass och, virun allem och duerch de viregten, mat de Versich vun eisem viregte City Manager an och mat eisem aktuellen, festgestallt ginn, dass och do d'Aktivitéit, sou wéi se ausgeduecht war, net méi richteg dréint. Dat heescht och dee Challenge, dee sech do gesat och gouf vun deem dote Betrib. Hei effektiv och d'Kleeder mat Hand, well et e bëssen eng Nisch war, wou ee probéiert huet, nei Dieren opzemaachen, net esou gefruucht huet, wéi dat hätt sollte sinn. Bon, mir hate just e Kontrakt vun engem Joer. Se sollt Enn des Joers oflafen. A bon, do si mer de commun Accord eeben zu der Decisioun komm, dass mer hei de Kontrakt deementspriechend opléisen.

Well dat heite, contrairement zu MeLord, wou et méi etabléiert ass, nach méi wierklech innovativ war an nach méi schwiereg och war. Dofir dann eeben d'Decisioun, hei virzäiteg de Kontrakt och de commun Accord opzeléisen. An och hei ass, wéi gesot, eise City Manager an Diskussiounen a sengem Netzwierk. An, voilà, do ass, mengen ech, eng Äntwert, dass en neien erakënnt méi no wéi virdru beim MeLord. Wéi gesot, ech kann Iech elo nach net ze vill soen, well d'Diskussiounen nach lafen. Sou dass mer do dann och kënnen hoffentlech geschwënn en neie Commerce hunn. Froen dozou? Dat ass net de Fall.

Da géif ech och zum Vott iwwerginn. Wien ass mat där doter Resiliatioun averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

### 8.5. Approbatioun vum Devis estimatif fir den Amenagement vun engem Mur de soutènement an der Rue des Ecoles

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer op den nächste Punkt iwwer. Dat ass de Mur de soutènement an der Rue des Écoles. A vu dass et am Schoulberäich ass, géif ech hei dem Josiane Di Bartolomeo-Ries d'Wuert ginn. An ech begréissen awer och vun eisem Service Gestion et Maintien du Patrimoine, den Ingenieur, den Nic Krumlovski an de Mica Da Silva, déi responsabel ass ronderëm d'Travaux publics.
JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Villmools merci. Mir hunn hei en Devis virleie vun 310.000 Euro. E bëssen d'Erklärung. Ech muss soen, ech hu gëschter ganz vill geléiert, well wann een all déi Detailer, eng Kéier déi technesch Detailer do duerchgeet, an e sech dat ukuckt, da weess een, vu wat een hei schwätzt. Den Devis ass fir eng Mauer, déi beim Strutzbierg d'A-Gebai, do wou och de Preau ass an d'Beem stinn, fir hei eng Stabiliséierung ze maachen. Ech mengen den Här Krumlovski, bei enger Visitt hu se festgestallt, datt Fissurë waren un de Garagen. An do hu mir am Fong de Bureau Best beoptraagt dës Stëtzmauer eng Kéier ze analyséieren an dann eis och Proposen ze maach oder Optiounen ze proposéieren, fir wéi mer dat kéinte maachen.

Ech mengen Dir hutt e ganz detailléierte Rapport vun hinne virleien, mat Fotoe souguer. Ech muss soen, dat ass richteg gutt gemaach. Si hunn eis dräi Optioune proposéiert. Dat éischt, dat wär eng Mauer niewendrun ze bauen, fir dat ze stabiliséieren. Mee dat ass mat engem immensen Aarbechtsopwand verbonnen. Do missten eventuell, wann dat vun där Säit vum Schoulhaff gemaach géif ginn, do kéint et och sinn, datt do misste Beem wechgeholl ginn oder och Arbechten am Schoulhaff, deen eréischt erneiert ginn ass, misste gemach ginn. Dat wär schonn erëm en extreemen Opwand, soudatt dat eigentlech keng Optioun wär.

Déi zweet Solutioun, dat ass eng Bëtonsschuel bauen. Also ech hu mer dat emol eng Kéier duerchgekuckt, wat dat dann ass. Do géif am Fong eng zweet Mauer gebaut ginn an déi géif da verankert ginn. Dat gëtt awer vun där anerer Säit vun de Garagë gemaach. Do ass et awer esou, datt mer géife relativ vill Plaz an de Garagë selwer verléieren, doduerch datt mer eng nei Mauer géife bauen. An dann déi drëtt Solutioun, dat war e Verankerungssystem. Dat ass eng däitsch Firma, déi mécht e Verankerungssystem. An dat kann awer gemaach gi vun där anerer Säit, sou datt weeder Plaz, also datt weeder Plaz bei de Garagë verluer geet, wéi och insgesamt grouss opwenneg Aarbechte géife maachen. Si proposéieren eis dee System. An dofir misste mer awer elo deen Devis hei stëmme vun 310.000 Euro fir dës Aarbechten ze maachen.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci, Josiane. Ech kucken hei, ob den Nic Krumlovski, de Mica da Silva, ob si nach wëlle Prezisioune ginn? Wann net, soss

géif ech d'Ronn opmaachen.

NIC KRUMLOVSKY, INGÉNIEUR DE LA VILLE: Ech géif soen, et ass alles gesot ginn. Et steet och am Rapport dran, zimmlech explizitt, ëm wat et geet. Vill Choix hu mer net. Déi Mauer, wou d'Josiane gesot huet, déi ass op privat Terrain, dat kënne mer net maachen. Dat anert géif mat sech bréngen, dass mer beim Preau, wou d'Beem sinn, d'Beeme ewechhuelen an dann do baue fir eng Mauer, e Voile dohinner ze maachen, e Betonsvoile. Sou dass déi drëtt Méiglechkeet, déi och am präisgënschtechsten dann awer ass, fir do mat deenen Dübelen dat Ganzt ze stäipen. An dat am mannsten Opwand ass an och am präisgënschtechsten ass.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci fir d'Wuert. Merci och fir deen detailléierte Bericht. Ech hu mech do e bëssen derduerchgekämpft. Ech hunn och net alles verstan. Mee bon, dat ass jo net wichteg. Ech ka jo net vun alles eppes kennen. Mee wat eis e bësse komesch erschéngt, dat ass, mer hu jo awer do dee ganzen Areal nei gemaach. Ass dat virdrun net opgefall? Wär dat net eng Méiglechkeet gewiescht, dass mer bei dem Amenagement vun deem ganze Site do direkt kéinte maachen? An zweetens hunn ech elo grad héieren, déi Mauer ass privat. Ass et dann net um privat Proprietär, fir dat an d'Rei ze maachen? Dat ass awer och vläicht interessant gewuer ze ginn. Merci.

NIC KRUMLOVSKY, INGÉNIEUR DE LA VILLE: Jo, et ass esou, dass, wann ech direkt kann äntwerten, d'Mauer dat ass e Mur mitoyen. Dat heescht d'Mauer dat ass hallef-hallef. A mir hunn als Gemeng de Preau drop gesat, wat elo net esou glécklech ass. Mir hunn, also de Rass, dee war virdrun do, mir hunn dat och gesinn. Et huet awer och elo déi Zäit gedauert fir ze kucke wat iwwerhaapt ka gemaach ginn. Wat sécher war, dat ass, mir kënnen net d'Beem ewechhuelen, dat wousste mer, fir do e Bëtonsvoile ze maachen. Dann hu mer och musse kucke wéi mer do mam Proprietär niewendrun eens ginn, well soss wa mer do aus Bëton géissen, da verléiert hien och déi Plaz. A wärend der Zäit, wou déi Garagen net verlount ginn, huet en dann och do Perten, et cetera, et cetera.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Ech hätt e puer Verständnisfroen. Kënnt elo en Drainage oder kënnt elo keen Drainage, fir den Drock ze entlaaschten? An hutt Dir wierklech eng kloer Iddi vun der Fondatioun, sou wéi se am Moment ass? Oder ginn et vläicht Iwwerraschungen, wa mer ufänke mat den Aarbechte maachen? An ech hat och elo net richteg verstanen, ob déi Beem dann ofgerappt ginn oder vu que datt mer mat Epinglage wäerte fueren, ob mer kënnen awer duerch d'Wuerzelen duerchgoen? Jo, dat wier nach eng Fro. An de Schoulhaff gëtt jo wärend der Zäit vun den Aarbechten u sech, mengen ech, net impaktéiert, oder? Jo voilà. Okay, merci.

NIC KRUMLOVSKY, INGÉNIEUR DE LA VILLE: Also et ass esou, de Schoulhaff, dat ass richteg, deen ass net impaktéiert, dat ass am Fong d'Iddi gewiescht vun där heiter Variant. D'Wuerzelen, do kucke mer bei de Beem fir do net direkt wou de Bam steet ze bueren, wuelwëssend dass d'Wuerzelen iwwerall ginn. A wat war elo nach gefrot ginn? A jo, den Drainage, do gëtt keen Drainage geluecht. Et kënne Réier geluecht ginn dass d'Waasser weiderleeft zum Proprietär, mee et ass net virgesinn, Drainagen ze leeën.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci. Sinn nach Froen do? Gutt, dann ech mengen d'Froe wiere beäntwert ginn. Déi géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat deem heiten Devis averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools merci. An och dem Här Krumlovski, dem Här Da Silva, merci, fir hir kuerz an effikass Presenz.

### 8.6. Approbatioun vun engem Crédit ordinaire spécial fir d'Festivitéiten « Dem Grand-Duc seng feierlech Tournée »

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Gutt, da géife mer op den nächste Punkt iwwergoen. Dat ass e Crédit ordinaire spécial, dee mer op den Ordre du jour gesat hu fir d'Festivitéite vum Grand-Duc senger feierlecher Tournée. Bon, Dir wësst, dass den 3. Oktober Lëtzebuerg en neie Staatschef och kritt. Dir wësst, dass en de 4. Oktober hei zu Diddeleng Halt mécht. An natierlech hate mer deen dote Montant, dee mer hei an den Devis gesat hunn, vun enger hallwer Millioun, deen hate mer net am Budget drastoe, wa mer dat zu deem Zäitpunkt och net woussten. Ma och virun der Summervakanz si mer jo och gewuer ginn dass d'Visitt de 4. Oktober hei zu Diddeleng wäert sinn. Nieft der Visitt vun anere Stied. Dofir ass et eis wichteg, och am Kader, voilà, vun der Transparenz a vu Kreditter, déi een net huet, dass een dat awer, wéi gesot, hei soll drasetzen.

Ech mengen Dir wësst, dass am spéiden Nomëtten vu 17:40 bis 18:40, déi Stonn den neie Staatschef hei zu Diddeleng ass. An dass mer do ronderëm, a mer hu jo och e Flyer en Toutes-Boîtes an Diddeleng gemaach, d'Leit hu sech och schonn ugemellt hei am Gemengerot, fir de 4. Oktober dobäi ze si bei der offizieller Delegatioun d'accueil. Do ronderëm mueres e Programm gemaach, respektiv awer och am Nomëtten an och deementspriechend owes, fir och dann e Volleksfest ze maachen. Dat heescht, bon, ech mengen dee Montant vu 500.000 Euro, wéi gesot, dréit am Fong deem interessanten a villfältege Programm Rechnung. Dat baséiert sech am Fong op Offeren, déi eis Servicer, déi dee Moment op Héichtouren och schaffen, probéiert hunn anzekréien, andeems se déi verschidde Leit gefrot hunn, och wéi gesot, fir ronderëm d'Sécherheet, fir awer och ronderëm d'Logistik, ronderëm awer och virun allem déi Animatioun culturelle, ronderëm d'Concerten, déi an deem Kader stattfannen. Wou fir Erwuessener ass, awer och fir Kanner. Mat enger Kiermes, déi och virgesinn ass fir d'Kanner. Also, wéi gesot, e zimmlech villfältege Programm.

A wéi gesot, déi Zuelen, mer hunn dofir ee Montant vu 500.000 Euro dragesat. Ob mer déi all brauchen, wësse mer nach net. Wéi gesot, organisatoresch schaffen eis Servicer op Héichtouren. A mir haten eng kuerz Planungszäit. Mee et war eis awer wichteg, eis dorunner ze orientéieren, eeben och am Verglach mat där Envergure, déi dat heiten huet, gläichzestellen, zwar net um Niveau vun der Sécherheet, mee vun der Organisatioun, mat enger Fête de la Musique oder mat engem Usina, do huet ee jo Richt- an

Erfarungswäerter, soudass mer am Fong,dat hei an de Gemengerot wollte bréngen, fir dat och da propper stëmmen ze loossen. Ech ginn net an den Detail vum Programm eran, dee kennt Der. Mee dofir awer mengen ech, dass mer déi néideg ordinär Kreditter virgesinn, fir dann och déi Kënschtler, déi hei optrieden an deen Animatiounsprogramm, dee mer hunn, dass mer och dann do déi Sue kënnen un déi Leit ausbezuelen. Dat zu den Erklärungen zu deem doten zousätzleche spezielle Kredit am ordinäre Beräich

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, merci fir d'Wuert. Ech ginn zou, ech hu mech net einfach gedoe mat dësem Punkt. Engersäits verleet et dozou, d'Diskussioun opzemaache vun der Staatsform Monarchie versus Republik, an ob ee prinzipiell dofir ass, fir d'Monarchie Suen an d'Hand ze huelen oder net. Anerersäits ass et eng eemoleg Bün fir Diddeleng, kënnen Deel ze si vun engem Trounwiessel, wat e Generatiounen-Event ass, dat beim Monarchie-Fans uechtert d'ganz Welt wäert suivéiert ginn. Ech si perséinlech zum Fazit komm, dat Faass vun der Staatsform net opzemaachen, well et ganz einfach bei dëser Diskussioun a mengen Ae just bedéngt dorëms geet, wann ee gefrot gëtt, Deel vun engem Generatiounen-Event ze sinn, fir eist Land, dann ass dat a mengen Aen eng Éier gefrot ze ginn. Da weist et, dass eis dat zougetraut gëtt, e Fest vun esou enger Envergure ze organiséieren.

Da weist et, dass eis zougetraut gëtt, eisem Ruff als national Kulturhéichburg gerecht ze ginn, an da kann a soll een a mengen Aen och net déi Geleeënheet ausschloen, mee sech driwwer freeën, zu engem vun den Aushängeschëlder vum Nation Branding ze gehéieren. Et confirméiert, dass Diddeleng an de regionale Kulturzentrum ganz Villes richteg maachen. Och wann een de Programm kuckt, stellt ee fest, dass mat engem quasi komplett lëtzebuergesche Lineup vu Musek iwwer Danz d'Theema getraff ass. Dem John Rech a senger Ekipp e grousst Kompliment op dëser Plaz an engem ganz chargéierte Kalenner, dee se esou schonn hunn, och nach mat dëser, awer dach kuerzfristeger Demande esou ëmzegoen. Och de concernéierte Gemengeservicer, der Musek, der Danzschoul, dem CNA an och deene ville benevole Clibb an Associatiounen e grousse Merci, dass si hei all eng Hand mat upaken am Virfeld, awer och den Dag selwer. An do hunn ech elo bestëmmt nach deen een oder aner vergiess.

Sou vill op jidde Fall zu deem euphoreschen Deel. An ech hat e bësse vu mengem Dilemma bei deem Punkt geschwat. Eng hallef Millioun ze stëmmen, net virgesinnen Ausgaben, bei enger Tendenz, wou mir an de leschte Joren haten, wou mir reegelméisseg missten op Emprunten zréckgräifen, fir kënnen e Boni am Exercice ze hunn, do ass et awer schwiereg fir mech, dëse Posten trotz aller Wäertschätzung esou einfach kënne just duerchzewénken. Hat ech bei menger Budgetsried d'lescht Joer nach Kritik um Käschtepunkt vum Usina ausgeüübt an allgemeng un den Ausgabe fir eenzel Eventer och de generellen Overkill u Manifestatiounen am Joer ugeschwat. Fir de Sweet Event als Beispill net ze nennen, esou feiere mir eis gefillt quasi all Weekend alt een bis zwee oder dräimol souguer weider an eis Schold. Certes, et ass onpopulär bei Manifestatioune wëllen ze spueren, mee mir kënnen och net soen, mir musse spueren a schloen dann awer weider am ganz grousse Stil op d'Tromm.

Well ech awer virdru gesot hunn, dass et esou Geleeënheete ginn, bei deenen ee schlecht Nee soe kann, well et A) eng Wäertschätzung soll sinn, dass mir gefrot gi sinn, kulturell kënnen ze glänzen, an et och B) eng Saach ass, wou ee soll Responsabilitéit huelen als national Kulturinstanz, gi mir de Prinzip absolutt mat, sech vun der beschter Säit ze weisen als Diddeleng op deem historeschen Dag. D'Fester soll ee feiere wéi se eebe falen. Ma dofir si mir gespaant op de Budget fir d'nächst Joer an ob mir hei gesinn, ob dësen, awer deieren Imprevu en Impakt wäert hunn op e finanziell raisonnabele Manifestatiounskalenner 2026.

Bis heihi wiere mir nach op engem Punkt, wou e gesot hätt, vum Prinzip hier kann een dat Ganzt matstëmmen. Allerdéngs fir eng hallef Millioun en Imprevu ze stëmmen, misst een och am Virfeld wësse wéi dee Präis zustane kënnt. A bis op d'Deliberatioun an den Toutes-boîtes mam Programm hunn eis dofir sämtlech Zuele gefeelt, och wat eventuell den Haff oder de Staat iwwerhëlt. Ob een eppes zréckkritt oder net. Wat eventuell Investissementer si fir de Site laangfristeg ze verschéineren, wou mir dann och an Zukunft eppes dovun hunn. Do hunn ech gëschter gesinn, dass wann ee sech do laanscht de Site beweegt, do gesäit een, dass sech do scho vill gedoen huet. Bleift dat esou? Beim Pomhouse, do ass iergendwéi esou dee Kräsi ganz schéi riicht gezu ginn. Definitiv gesäit et dann awer och erëm net aus. Och net wéi gutt, dass dat altert, well do waren och schonn erëm Spueren derduerch vun deene Maschinnen, déi duerno derduerch gefuer sinn.

Den Drot ass fort, ass awer elo duerch e mobilt d'Gitter ersat ginn. Wéi gesäit dat den nächste Weekend aus? Wéi gesäit et d'Woch drop aus? Ass dat e laangfristegen Event? Oder gëtt an e puer Joer mat NeiSchmelz erëm alles geännert? An iwwerhaapt zielen déi doten Investitiounen iwwerhaapt zu deem Budget hei vun de Feierlechkeeten oder net? Bedeelegt sech hei den Haff oder de Staat dorunner? Dat weess een alles net. Sou, elo kéint ech nach weiderfuere mat all deene Froen. Ma hei wier elo an der Preparatioun wichteg gewiescht, einfach méi Infoen ze hunn. An do, sorry, mee dat kënne mir esou blanne Männsches net matstëmmen. Wat eigentlech schued ass, dass d'Informatiounen do just dem Schäfferot virloungen. Deemno enthale mir eis. Awer just der Form hallwer bei dësem Punkt. Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Also mir bei der CSV, mir wëllen elo net d'Diskussiounen iwwert d'Monarchie opféieren, mee schlussendlech ass dat hei e Volleksfest. Dat ass Panem et circenses. A mir mussen eppes fir d'Vollek maachen, well mer, ob mer fir de Grand-Duc sinn oder net, mee dat ass an deem Sënn eng ganz gutt Saach. D'Finanzement, do ginn ech dem Här Steffen Recht, do kann een driwwer diskutéieren. A meng Interventioun ass éischter e bësse marginal, an zwar geet déi ëm de Catering. Fir de Catering si mengen Informatiounen no zwee Sportsveräiner gefrot gi fir d'Gedrénks an dräi Scouts-Veräiner, fir d'Iessen. D'Diskussioune mat de Gemengeservicer waren net einfach,

hunn ech mer soe gelooss. Do ass et op zimmlech Onstëmmegkeete komm. An elo ass sech schlussendlech awer zu eppes gëeenegt ginn, wou alt erëm, soe mer mol, d'Vollek awer da soll Profit dervun hunn. Et ass awer esou, dass an där doter Optik déi Veräiner, déi do benevole impliziéiert sinn, loosse mer dat mol roueg soen, dass déi vu moies 11:30 bis owes 23:30 engagéiert sinn. Et läit no, dass ee sech an d'Gedanke kann zréckversetze vu jonke Leit, déi vläicht och emol gär do bei eng Bün gaange wieren an do e bësse matgefeiert hätten.

Mee leider ass den Engagement esou grouss, dass net vill Jonker vun de Veräiner dat dierfte kënnen erliewen. A meng Interventioun geet einfach dorop hin a Bezuch op zwee Punkte méi wäit, de Subside extraordinaire, dee mer zum Beispill erausgi fir Veräiner, déi bei Summer Spill Spaass matginn, ob mer net kéinten einfach hei an deem risege Package vun där hallwer Millioun och e klenge Subside extraordinaire géife fräimaache fir déi Veräiner an Associatiounen, déi do benevole sech engagéieren, fir deenen, soe mer mol e klenge Geste ze ginn, wéi wäertvoll dass dat eis awer ass, dass si do fir d'Wuel vum Vollek suergen. Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Merci. Dat hei ass dat beschte Beispill, firwat oft Froen un de Schäfferot esou spéit eréischt erakommen, well mir haten am Fong schonn eng Fro dozou preparéiert, well mer eebe wollte froen, wéi dat mat de Finanzen ass. An do hu mer geduecht, komm mir waarde emol of, well normalerweis misst jo do nach eppes gestëmmt ginn. An elo, wou dee Punkt um Ordre du jour war, hu mer dann eis Froen net erageschéckt. Da profitéieren ech, fir déi elo ze stellen. Eis Fro wier nämlech gewiescht: Wien huet decidéiert, dass Diddeleng Deel vun dësem Tour de Luxembourg, nenne mer elo mol esou, gëtt? Huet Diddeleng sech do gemellt? Oder ass dat einfach decidéiert ginn, dass Diddeleng dat mécht? An déi lescht Fro, wéi ass et mat de Käschten? Ass dat elo, also déi hallef Millioun bezilt Gemeng, ass dat d'Käschte vun deem ganzen Dag? Oder ginn och nach aus aneren Däppe Sue bäigeluecht? Dat wären eis Froe gewiescht.

An dann zu der Stellungnam. Et ass e richteg flotte Programm, deen op d'Bee gestallt ginn ass. Domadder wëll ech mol ufänken a wierklech Felicitatiounen un all d'Servicer, an et ass scho gesot ginn, all déi Ekippen, déi elo kuerzfristeg do hu missen asprangen an op de leschte Stëppel, et war jo kuerzfristeg, e Programm zesummestellen. Ech ka mer virstellen, dass do vill Aarbecht op se duerkomm ass an un eis Servicer hu jo normalerweis scho genuch ze dinn. Dat heescht do wierklech Felicitatiounen. Mee et ass natierlech net esou, wéi wann hei ni eppes lass wier, hei zu Diddeleng. An ech mengen Diddeleng brauch am Fong net de Grand-Duc fir ze feieren. Mir hunn e bëssen en Onwuelsinn, a mir wäerten och elo net d'Diskussiounen iwwert d'Staatsform hei opmaachen, mee mir fillen awer, mir hunn e bëssen esou e Gefill vun Anachronismus. De grousse Monarch kënnt op den Troun an e léisst sech dann erof, bei d'Vollek ze goen, fir sech da vum Vollek eng Kéier feieren ze loossen. An d'Vollek ass ganz begeeschtert, dass de Monarch erofkënnt an et organiséiert dann e grousst Volleksfest als Begréissung. An interessanterweis hunn ech mer och "Brot und Spiele" opgeschriwwen. Ech hätt net geduecht, dass d'CSV an ech hei déi selwecht Meenung deelen, mee anscheinend schonn.

De Präis vun deem Volleksfest ass eng hallef Millioun. Fir de Monarch ass dat näischt. Dat ass manner wéi säi Joresgehalt, sengem Papp säi Räichtum, dat ass néng dausendmol sou héich, also eng hallef Millioun, ech mengen elo net, dass de Monarch sech bewosst ass, wat dat heescht.Fir de normale Bierger, déi dat Volleksfest bezuelen, ass et awer nawell derwäert. Et ass en Drëttel vum Budget, dee mir hei d'ganzt Joer iwwer fir eis Fester feieren. Also wann een déi ganz Opléschtung am Budget duerchliest, dat maachen ech elo net, mee ech zéien der just e puer eraus, Celtic, Fête de la Musique, Usina, Chrëschtmaart, Like a Jazz Machine, alles dat zesumme wat mir d'Joer iwwer feieren, dat sinn 1,3 Milliounen. An dat Fest, dat mer elo hei bezuelen, dat ass d'selwecht deier wéi zwee Deeg Usina plus d'Fête de la Musique.

Ech mengen, dass een dat awer eng Kéier muss an de Kontext setzen. An dat an engem Kontext, wou eis Schold déi lescht Joren ëmmer weider gewuess ass. Virun zwee Méint, och dat ass scho gesot ginn, hu mer eréischt en Emprunt vun 20 Milliounen opgeholl. Dann ass et awer e bësse schwiereg fir eis dat heite matzestëmmen. Als Lénk wënsche mir all de Leit, déi sech op de Weekend freeën, dass se e flott Fest hunn. Se solle just drun denken, dass dat Fest vun hinne bezuelt ass an net vun deem grousse Monarch. A mir wäerten dëse Kredit net matstëmmen. Net der Form wéinst, mee wéinst dem Prinzip. Merci.

MARC MEYER (DP): Merci fir d'Wuert Här Buergermeeschter. Nëmmen nach e puer Deeg a mir kréien en neie Staatschef. An dass eisen zukünftege Grand-Duc Guillaume op Diddeleng kënnt, fir zesumme mat eis ze feieren, ass vu mengem Point de vue duerchaus eng ganz grouss Éier fir Diddeleng. An et sinn och scho vill Bierger, déi sech geäussert hunn a sech immens freeën, dass en de Schratt hei mécht, fir op Diddeleng ze kommen. Ma wou ech de Montant fir d'Festivitéite gesinn hunn, hunn ech awer mol grouss Ae gemaach. Natierlech weess ech, dass esou en Event net mat just enger Handvoll Euroe kann organiséiert ginn, ma eng hallef Millioun, dat ass nun awer mol en décke Pak Geld. An ech hat dann och mat Bekannte mol driwwer geschwat an déi gefrot, wat si da géife schätzen, wat dat Event géif kaschten. Ma de Maximum, wou dobäi erauskomm war, dat war d'Hallschent dovunner. An dass eeben exakt Detailer, wéi de Betrag zustan komm ass, net dobäi loungen, dat hat d'Saach fir dee Montant do ze schlécken, och net vill méi einfach gemaach.

Bei eiser leschter Budgetsverteidegung hei, respektiv bei eisem leschte Budget hei, hat ech den eise Schäffen, den Här Spina zitéiert, deen emol eng Kéier gesot hat, Diddeleng feiert gutt, vill a gären. An ech hat deemools do nach dozou gefüügt, dass mer awer mussen oppassen, well vill Feiere kascht och vill Suen. A mat deene ganze Scholde wou mer schonn hunn, ass et net fir dass déi Eventer fir ze feieren, ëmmer nach weider prinzipshalber an d'Luucht geschrauft ginn. Nichtdestotrotz muss ech soen, als een, deen awer zu eisem Grand-Duc an der groussherzoglecher

Famill steet, dass ech frou sinn, de Weekend däerfen hei matzefeieren. Mee wat de Montant ugeet, wäert ech mech dann awer trotzdeem enthalen, well ech denken, dass do eventuell och kéinten e puer Su agespuert ginn. Merci.

DIOGO COSTA (LSAP): Merci fir d'Wuert. Jo, iwwert d'Monarchie kann een effektiv denke wat ee wëll. An trotzdeem ass en Trounwiessel, dat gouf elo scho e puermol gesot, eppes wat eis no bausse weist an och eng Chance fir e Wiessel. E Wiessel vun eisem Staatschef an domadder vläicht och de Stil vun eisem Monarch. An ech hat d'Chance kënnen op verschidde Geleeënheete mam Prënz Guillaume zesummenzeschaffen a kann nëmme soen, dass ech mer denken, dass mir, wann ech e bëssen aner Staatschef uechtert d'Welt kucken, mam Ierfgroussherzog mengen ech ganz gutt gefall sinn. Mee dorëm soll et elo net goen.
Diddeleng ass eng vun de fënnef Stied, déi ausgesicht gouf fir eng Visitt vum neie Grand-Duc. An dat soll eis als Stad éieren. Diddeleng ass, jo, dat weist och, dass mir ausgewielt goufen, eng Stad mat enger déiwer Geschicht an eng Stad a Beweegung. Eng Stad mat grousser kultureller Offer an eng inklusiv Stad.

An dat spigelt sech och am Programm of, deen de 4. Oktober an eiser Stad proposéiert gëtt. Mat villen Animatiounen, Concerten a Visuelle weise mir dem Rescht vum Land, an och doriwwer eraus, eis Stad. Dat mat dynameschen an inklusive Choreografien, déi eeben eis modern Stad weisen. Danz, Akrobatik, Freerunning, Perkussioun, Zirkus, Sprooch a verschidde Museksstiler, jo esou gëtt déi Show beschriwwen. An ech denken, dass dat et eis als Gemeng derwäert muss si fir dës aussergewéinlech an historesch Manifestatioun, déi jo hoffentlech déi nächst Joerzéngten net méi virkënnt, ze ënnerstëtzen. An dofir sti mir hannert deem Projet a stëmmen de Budgetsposten och mat. Den Här Buergermeeschter huet et gesot, do ass nach Marge an deem Posten dran. Et ass net gewosst, ob déi ganz Zomm wäert opgebraucht ginn. Trotzdeem, wéi gesot, ass dat eppes, wou mer dohannert stinn. A mir felicitéieren all de bedeelegte Servicer a virun allem och de sëllechen Diddelenger Veräiner, déi sech deen Dag och gréisstendeels benevole engagéiert, wéi dat och scho gesot gouf. Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Wann ech just ganz kuerz dierft noschéissen, de Slogan vum Geschäftsverband aus den 80er Joren: Der Weg nach Düdelingen lohnt sch.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Dir kommt mer zevir. Merci fir den Hint. Dat ass net de Fall. Da géif ech op eng Rei Punkten agoen a géif et och do an herno den Här Spina nach op de Volet vun de Veräiner agoen. Also ech hat ugangs gesot, an ech mengen den Här Costa huet domadder opgehalen, dee Montant, dee mer hei stëmmen ass eng hallef Millioun. Ob mer dee Kredit ganz brauchen, ass eng aner Saach. Op d'mannst hu mer de Meritt, dass mer dee Kredit haut stëmmen. Ech ka mech an eng Diskussioun erënneren, déi de Moment an enger anerer Stad gefouert gëtt, wou kee Montant gestëmmt gëtt en vue vun deem doten Avénement. An ech mengen et ass déi Stad, déi no der Stad Diddeleng kënnt de 4. Oktober. Also mengen ech weise mer hei ganz kloer och deementspriechend Transparenz. A wéi gesot, dofir fannen ech et och wichteg, dass mer dat heiten op den Ordre du jour gesat hunn.

Et ass effektiv net de Moment fir iwwert d'Staatsform ze diskutéieren. Ech mengen do huet jidderee seng Meenung. Nach, mengen ech, kënnt eisen neie Staatschef, den neie Grand-Duc op Diddeleng. An dat ass keen alldeegleche Moment. Sou wéi och dës Depense. Et ass keng rekurrent Depense. Et ass eng Depense, déi unique ass, well mer jo och net all Dag respektiv all Joer en neie Staatschef kréien, wou mer géifen all Joers en neien Event maachen, well en all Kéiers op Diddeleng kënnt. Et ass wierklech e Moment unique, deen een och dann deementspriechend hei als Volleksfest feiere soll. Mir hätten och kéinten de Choix maachen, an ech hat dann d'Diskussioun hei ofgewaart am Gemengerot, just déi Stonn, wou den neie Grand-Duc op Diddeleng kënnt, just dat ze organiséieren. Dann hätte mer gesot kritt: Schued, dass et just op déi Stonn limitéiert ass an dass ee sech net d'Geleeënheet gëtt, do ronderëm awer eppes ze maachen, fir deementspriechend awer méi e Volleksfest ze hunn. Ebe grad well den neie Staatschef op Diddeleng kënnt.

A vläicht awer och ze soen, firwat Diddeleng? Et war eng Propos, fir op Diddeleng ze kommen. A mir huet och gesot: Jo, mir feelen eis geéiert. Well mer eeben och dat Leitmotiv vum Wandel vun der Industriestad a Kulturstad ganz staark bewältegt hunn an och ëmgesat hunn. An ech mengen et ass och an deem Zeechen, wou jo och d'Visitt steet an och de Choix op Diddeleng gefall ass. An, mengen ech, dee Montant, dee mer hei stoen hunn, dat ass dee Montant fir dee ganzen Dag. Ech verstinn natierlech hei, wann déi Gréng an d'DP engersäits wëlle virschwätzen an awer sech herno enthalen, bon, da kënnt Der herno gudde Gewëssens an der offizieller Delegatioun da mat dobäisinn, Dir hutt jo net dergéint gestëmmt. Da kënnt der dann dobäisinn, wann de Grand-Duc kënnt. Ech verstinn natierlech do, wéi dat Schlingunge gemaach huet. Et ginn aner Leit, mengen ech, déi wäerten da méi konsequent sinn an hirem Vott hei dofir oder, wéi gesot, dann dergéint. Ech mengen, dass dat dann effektiv den Ni-Ni ass dann, well ee sech dann enthält, fir dann awer herno kënnen dobäizesinn. Mee jiddweree muss dat da mat sech, wéi gesot, dann ausmaachen. An dofir ass et jo gutt, dass een déi Diskussioun hei huet, dass een awer ganz kloer gesäit, wie wou deementspriechend steet.

Ech mengen datt heiten ass, wéi gesot, en Deel, deen natierlech just hei Diddeleng betrëfft. Natierlech ass och dee ganzen Deel, wat déi Stonn do betrëfft, do ass en Deel, wou natierlech iwwert d'Maison du Grand-Duc leeft, wou si dat natierlech och bezuelen. An deen heite Montant ass eeben deen, wat eis Festivitéiten deementspriechend och uginn.
Op där anerer Säit mengen ech wäert och kokass gewiescht, an ech hätt alt dat och verstanen, wann elo de Montant méi kleng gewiescht wier a mir eis just op eng Stonn limitéiert hätten, dann hätt Der net mer gesot, et ass schued, dass Der näischt méi draus maacht. Mee am Fong déi ganz Installatioun an déi ganz Sécherheet wär jo alles op der Plaz gewiescht. Dat ass och dat selwecht. Mir hu just hei eise Rahmeprogramm ginn, fir dass mer eis e flott Volleksfest maachen. An ech mengen dass d'Echoen

dobaussen awer an deem Sënn ganz, ganz positiv sinn. An dass mer och als Stad Diddeleng hei eng ganz flott Bün kréien. A wann ee kuckt, wéi vill Veräiner sech och schonn ugemellt hunn, fir do kënne mat dobäi ze si beim Startschoss, mengen ech, ass dat scho ganz, ganz flott. An ech mengen hei geet et och ëm d'Identitéit vun der Stad Diddeleng, fir dat wat mer stinn. An och fir dat, wat mer bis elo ëmgesat hunn.

Wéi gesot, dat ass keen alldeeglech Moment. Dat ass keng rekurrent Depense. An ech mengen, dass awer hei dee Montant, dee mer hei agesat hunn, och wann elo, wéi gesot gouf, net alleguerten d'Detailer do sinn, awer eis Servicer no beschtem Wëssen a Gewësse probéiert hunn, déi Offeren hei mat eranzekréien, fir dass mer deen heite Programm deementspriechend kënnen ëmsetzen, wou d'Aarbechten op Héichtoure lafen. Dat zu den Erklärungen heizou. An ech mengen do géif de Loris Spina nach op deen een oder anere Punkt agoe wat d'Veräiner ugeet.

LORIS SPINA (LSAP – 1. SCHÄFFEN): Jo, merci, Här Buergermeeschter, léif Frënn aus dem Schäffen- a Gemengerot, ier ech op d'Subsiden-Demanden aginn, wollt ech awer och nach eng Kéier vu menger Säit, bezéiungsweis vun eis alleguerten nach eng Kéier confirméieren, dass mer awer eis geéiert fillen, fir bei esou engem historesche Moment dierfen dobäi ze sinn. An dat ass keen Zoufall. Ech mengen den Här Buergermeeschter huet elo nach eng Kéier de Resümmee gemaach, firwat se d'Diddeleng gewielt hunn. Den Här Costa huet et nach eng Kéier gezeechent. An ech mengen dorobber kann ee schonn awer houfreg sinn als Stad. An ech hunn och dee Feedback vun de Leit kritt, dass se sech ganz vill freeën a sech och geéiert fillen, dass den neie Grand-Duc, dass den Trounwiessel eeben och mat Festivitéiten hei zu Diddeleng verbonne gëtt, dass se eeben dierfen dobäi sinn, dat kënne materliewen.

A mir sinn och erausgesicht ginn, well do, wou Diddeleng drop steet, do ass och Diddeleng dran. An ech mengen dat éiert eis och alleguerten, déi iwwert déi leschte Joren un deem Image, un deem Diddeleng, un deem modernen a weiderentwéckelten Diddeleng geschafft hunn. Deementspriechend si mir frou, dass dat dëse Weekend hei zu Diddeleng wäert stattfannen. Ech hunn awer och mat engem bëssen e Schmunzelen nogelauschtert, wat den Här Steffen an den Här Meyer esou vu sech ginn hunn a wierklech all Facettë vun där Thematik do e bësse beliicht hunn, fir sech dann eeben esou ze positionéieren oder eeben net ze positionéieren. Dat ass schonn heiansdo ganz, ganz interessant.

Jo, Här Gangler, effektiv si mer frou, dass mer Veräiner fonnt hunn, déi jo dach awer relativ kuerzfristeg zougesot hunn. Jo, firwat kuerzfristeg? Jo, well mir eeben och aus deenen Informatiounen, wou mer dann eeben esou kréien aus der Stad, an deem heite Kontext, och konnten deementspriechend eréischt reagéieren, wa mer e Gesamtbild kritt hunn. Dat war hei e bëssen, e bësse kuerz gaangen. Mir hunn déi Veräiner, eeben déi dräi Scouten- an déi zwee Sportsveräiner gefrot, well mer wëssen, dass déi am Prinzip assuréieren an dat kënnen. Dat schonn iwwert déi lescht Joren esou gewisen hunn. Et ware méi spannend Diskussiounen, effektiv. An ech mengen de Konsens, dee mer awer elo fonnt hunn, deen ass esou, dass d'Veräiner op kee Fall op iergendwelleche Fraise solle sëtze bleiwen. Ech mengen dat ass emol flott, dass mer hinne logistesch an och materialistesch eeben esou gutt wéi et geet d'Saachen zur Verfügung stellen, wat esou kuerzfristeg méiglech ass.

Ech menge mir hunn eng gewëssen Enveloppe elo. A wann do sollt herno iergendwou  iergendee Veräin op eppes sëtze bleiwen, ech mengen da sollt een déi doten Diskussioun nach eng Kéier opmaachen. Ech mengen de Subside extraordinaire fannen ech eng sympathesch Iddi. Falls do eppes sollt am roude Beräich am Dekont iwwreg bleiwen, ech mengen da si mer bereet déi Diskussioun do matzehuelen, wann de Gemengerot eis dann déi Suen, déi Enveloppe budgétaire elo zur Verfügung stellt. Dat gesot awer nach eng Kéier all deene Benevollen déi wäerten am Asaz sinn, Merci soen, dass se esou kuerzfristeg dat erméiglechen. Well dat ginn effektiv ganz vill Stonnen, déi do alt erëm op se duerkommen.

Op jidde Fall mat hinnen zesummen an all deenen, jo, deene Servicer vun der Gemeng, et ass schonn e puermol ugedeit ginn, ronderëm de Centre culturel, eise FEMA, de GMP an eeben och déi extern Partner, déi iwwert déi lescht Méint awer och et fäerdegbruecht hunn, deen Diddelenger Akzent an der Programmatioun e bëssen duerchzesetzen, dat war vun Ufank un net esou evident. Ech mengen déi lëtzebuergesch Kultur war vun Ufank un ugeduecht ginn, e bësse manner déi Diddelenger Artistinnen an Artisten. An ech mengen dofir sinn ech immens frou, dass mer eis do awer konnten och op dat eenegen. A wéi gesot, ech freeë mech op den nächste Weekend.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Ech wollt nach eppes noschéissen, fir beim Här Spina lo unzekrämpen. Et ass schlussendlech eng Valorisatioun vum Benevolat dat hei, duerfir war meng Iddi an déi Richtung gaang, vun deem Subsid. Och wann d'CSV soss fir déi regulär Subsiden e bësse méi schwéier ze decidéieren ass. Awer hei wiere mer awer voll dohannert. Merci.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, merci fir d'Wuert. Just eng kleng Prezisioun, well mer elo am Fong zweemol ernimmt gi sinn hei bei eiser Enthalung, an déi esou duergestallt ginn ass, esou wéi e gewësse Schlingerkurs, fir awer da kënnen derbäi ze sinn. Ech mengen den éischten Deel vu menger Ried war jo schonn drop opgebaut, wéi vill Wäertschätzung an deem doten Event draläit. Deen zweeten Deel ass awer op dat, wat Är als Transparenz duerstellt, wat ech éischter als Intransparenz duergestallt hunn, vu Säite vum Schäfferot, dee weess, iwwert wat sech déi Suen herno zesummestellen, dee Montant vun där hallwer Millioun. An iergendwéi kann een net gudde Gewëssens iwwer eng hallef Millioun, wou dem Bierger seng Suen dann awer iergendwou sinn, decidéieren, wann een net weess, wéi durabel ass dat doten. Ech hat d'Infrastruktur sur place ugeschwat a wou een dann och ebe wierklech guer keng Infos huet. An dofir denken ech ass eng Enthalung och en Zeechen a Richtung vun deem, wat de Schäfferot eis heihinner geluecht huet, fir ofzestëmmen an net géint den Event selwer. Ech soe Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci, Här Steffen. Intransparent wär gewiescht wa mer am Fong kee Montant hei presentéiert hätten a wéi gesot eng aner Approche gehat hätten, déi 16 Kilometer hei ewech ass. ***Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwergинn. Wien ass mat där hallwer Millioun hei averstanen? Dat si Stëmme vun LSAP, CSV an ADR. Wien enthält sech? Dat sinn déi Gréng an d'DP. Wien ass dergéint? Dat ass déi Lénk.*** Villmools merci.

**8.7. Nei Fixatioun vun der Taxe fir de Repas sur roues**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da géife mer op den nächste Punkt iwwergoen. Dat ass de Repas sur roues. An do kritt der René Manderscheid d'Wuert.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – 3. SCHÄFFEN): Jo, merci, Här Buergermeeschter. Ech ka mech ganz kuerz faassen. Dir gesitt, an der Ordre du jour, Nouvelle fixation de la taxe pour le repas sur roues. Dat ass bedeit meeschtens dann näischt Guddes, ënner Gänseféiserchen, soll heeschen, eng Erhéijung vun enger Tax. A Servior huet eis dann effektiv matgedeelt Enn August, dass se missen de Präis fir de Repas sur rouee erhéijen. Dir gesitt an engem Dossier, ab 1. Januar 2026 wär dann de Repas sur roues 13,96 Euro an d'Livraison à domicile 6,42. Dat mécht dann de Gesamtpräis vun 20,38. A si begrënnen dat dann, wéi meeschtens an der Vergaangenheet, mat Präishéichten, zum Beispill bei den alimentaire Präisser. Frais du personnel awer och, vu dass eng nei Convention collective ënnerzeechent ginn ass, an och dann d'Hausse vum Salaire minimum, alles dat sinn Ursaachen, déi dozou gefouert hunn, dass Servior eis dann informéiert, dass de Präis géif dann erhéicht ginn.

Ech wëll awer nach soen, dass de Repas sur roues eng Déngschtleeschtung ass, déi mer zesumme mat Servior eise Leit ubidden. Et ass keng sozial Mesure. De Repas sur roues ass am Fong geholl geduecht fir déi Leit, déi temporär net kënne selwer kachen, respektiv eeler Leit, déi net méi kënne kachen aus, wat wéi Grënn och ëmmer. Sou dass mer déi Déngschtleeschtungen do schonn an de 70er Joren ugebueden hunn. An et ass och esou, dass ronn 90 bis 100 Leit pro Mount dee Service an Usproch huelen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci, René Manderscheid fir déi doten Erklärungen. Sinn do nach Froen, Remarken? Dat ass net de Fall. Kënne mer dann doriwwer ofstëmmen? ***Dat ass unanime.*** Villmools merci.

**8.8. Extraordinair Subsiden déi ze vergi sinn**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer eriwwer zu de Subsides extraordinaires. Doriwwer hu mer kuerz geschwat, dofir hei e Subsid, wou mer wëlle gi vu 500 Euro fir d'Asbl Noël de la rue. Déi jo an e puer Méint do eng wichteg Aktioun och starten als Benevole, virun allem dann effektiv wärend dem Joer an awer och ronderëm Chrëschtdag. Dat heescht e Subsid vu 500 Euro. An dann ee Subsid vun 200 Euro un déi Veräiner, déi beim Summer Spill a Spaass 2025 matgemeet hunn.

Ech hunn elo nach eng Kéier e kuerz Listing hei. Dat ass den Aikido, den Aeroclub, den Elterecomité, dat ass d'Amateurs astronomes, de Badminton, den Dëschtennis, de Boxingclub, de Billard, de Comité des bons voisins, d'LGS Groupe Saint-Jean, den Diddelenger Turnveräin, de Fuesveräin d'Knabbermeisen, de Judo Jiujitsu, de Rugbyclub, d'Union luxembourgeoise des femmes Bahai, d'Theaterschoul Diddeleng, d'Harmonie municipale. Dat sinn am Fong déi Veräiner, déi bei der Editioun 2025 matgemeet hunn. Ass de Gemengerot mat deene Subsides extraordinaires averstanen ? ***Dat ass unanime.*** Villmools merci.

## 9. SICONA-SUD-OUEST

**Nominatioun vun engem Delegéierte fir de Comité vum Syndicat Intercommunal pour la Conservation de la Nature du Sud-Ouest SICONA-Sud-Ouest**

## 10. ORT SUD

**Designatioun vun engem Member fir den Office régional du Tourisme du Sud a.s.b.l.**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Voilà, da komme mir op den nächste Punkt. Dat ass Punkt 9 d'Nominatioun vum SICONA. Do ass et jo esou, do war de Romain Zuang Vertrieder dran no deenen Diskussiounen, déi mer no de Gemengewalen haten, wou mer eis jo opgedeelt hunn, wien a wéi ee Syndikat och deementspriechend geet. Vu dass den Här Romain Zuang jo demissionär ass hei am Gemengerot, läit eng Kandidatur fir vum Här Costa an awer och déi vun der Madamm Ahmedova.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech wollt eppes Allgemenges soen. Okay. Zum Punkt. Jo, nee, ech wollt just eng prinzipiell prise de position maache vun der CSV. Mat Erstaunen si mer gewuer ginn, dass de Romain Zuang säi Mandat am Gemengerot opgëtt, an zwar si mer dat gewuer ginn, wéi mer den Ordre du jour vun dësem Gemengerot virun enger Woch geschéckt kritt hunn. Erlaabt mer ganz kuerz, am Numm vun der CSV ze bedaueren, dass de Rom eis verlooss huet, well mir hunn hien ëmmer immens respektéiert a geschätzt. Seng Dossiere Logement, Social, Schoul huet hien ëmmer aus dem Effeff kannt, eise grousse Respekt vis-à-vis vum Romain. Voilà, dat just als Parenthèse. An och de Sicona louch dem Rom um Häerz, well dat huet och e bëssen agespillt a säin Engagement, wat d'Schoul ubelaangt, wat d'Alimentatioun an der Schoul ubelaangt, wat eis Kantin ubelaangt. Do war hien ëmmer op där gudder Plaz an do krute mer och ëmmer e positive Feedback.

Wat eis awer dunn e bësse mürresch gemaach huet, dat ass, wéi mer dunn heiriwwer do gewuer gi sinn, dass de Romain Zuang net méi Member vum Gemengerot ass, dass mer do automatesch dann eng Kandidatur, déi mer awer net hei virleien hunn, et steet en Numm an enger Deliberatioun, wou keng Kandidatur derbäi läit, presentéiert kritt hunn. An zwar steet dann och am Delibéré, dass e Member an engem Syndikat steet explizitt hei: « Chaque Commune

est représentée au sein du Comité vum SICONA, par un délégué choisi parmi les membres élus de son conseil communal ». Et steet net dran, parmi les membres de la majorité. Dann ënnendrënner steet, an deem éischten Delibéré, dee mer kritt hunn, « Vu la candidature de Monsieur Diogo Costa », déi mer iwwerhaapt net virleien hunn. An doropshi krute mer dunn e puer Deeg drop, awer eng ganz fondéiert a flott Kandidatur vum Semiray Ahmedova virgeluecht, dat postuléiert fir dee Posten ze kréien am SICONA.

Also wat eis erëm do immens enttäuscht, dat ass erëm keen Zeeche vun Transparenz an Demokratie, fir net emol awer vläicht, éischtens emol eis ze informéieren dass de Romain Zuang geet. Bon, wéi gesot, dat ass dann eeben esou, wat mer awer traureg fannen, dass dat esou geet. Den Här Zuang, mir waren immens besuergt. Mir hu geduecht, wat ass elo mam Rom lass?  Gott sei Dank hu mer de Romain Zuang awer begéint an en huet eis gesot, et géif him awer gutt goen an e wollt e bësse méi lues trëppelen a wat mer och duerchaus verstinn.

Mee wéi gesot, wat mer net gutt fannen, dass do net vläicht awer mol eng Kéier gefrot gëtt, an dat soen ech all Kéiers, ech kann et och nach eng Kéier bei deem nächste Poste soen, dass emol net gefrot gëtt ënnert de Conseilleren, ob vläicht een interesséiert ass, dee Posten ze iwwerhuelen. De Sicona, dat ass awer eppes, wéi gesot, d'Madamm Ahmedova wäert dat och elo nach eng Kéier soen, wou mir awer och aner Leit hei am Gemengerot hunn, déi scho laang hei dra sinn, déi awer vläicht och do mat där néideger Envergure géifen dee Poste besetzen. A wéi gesot, ech verstinn net, dass mer hei iwwer eng zweet Kandidatur hei kënnen ofstëmmen, wou mer keng Kandidatur virleien hunn. Ech hunn a mengem Dossier eng eenzeg Kandidatur hei leien. Dat ass déi vun der Madamm Semiray Ahmedova. Voilà!

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Ech wollt eng Kéier erklären a meng Motivatioun erklären, firwat ech eng Kandidatur deposéiert hunn. Ass dat opportun elo oder wollt Dir vläicht virdrun eppes soen? Jo, merci fir d'Wuert dann, Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll haut effektiv wéi ech schonn ugedeit hunn, e puer Wuert dozou soen, fir meng Decisioun ze ënnerstëtze mech, fir déi fräi Plaz, am Kommitee Sicona ze kandidéieren. Op dëser Plaz wëll ech awer och dem Här Zuang Merci soe fir säin Engagement. Sief et an der Gemeng, sief et am Kommitee, iwwerhaapt allgemeng. An et ass immens schued, datt en awer seng Decisioun geholl huet. An dat ass aus private Grënn, wéi d'Madamm Kayser dat scho gesot huet, an datt natierlech ënnerstëtze mir voll a ganz. Ech si mer bewosst, datt dëse Posten an der interfraktioneller Sëtzung no de Gemengewale verdeelt gouf an datt déi aktuell Majoritéit aus dëser demokratescher Verdeelung ervirgaangen ass. Ech respektéieren dës Decisioun souwéi d'Wäerter vun eisem politesche System.

Mee duerch déi rezent Demissioun huet sech awer trotzdeem eng nei Méiglechkeet opgedoen. An deem Kontext fannen ech et opportun, meng Kandidatur virzeschloen. D'Haapttheeme vum Sicona konzentréiere sech op d'Ëmwelt an den Naturschutz, Kärberäicher vun der grénger Politik, mat deene mir eis schonn zënter Joren intensiv beschäftegen. Si hunn en direkten Impakt op eis Liewensqualitéit an op d'Zukunft vun eiser Gesellschaft. Och wann ech an der Oppositioun sinn, heescht dat net, datt ech mech géint d'Entwécklung stellen a per se géint déi ganz LSAP-Politik sinn. Au contraire.

Ech wëll meng Fäegkeet, mäin Engagement a meng Energie asetze fir konkreet a praktesch Léisungen ze fannen an de Beräicher vun nohaltege Moossname géint de Klimawandel, Ressourcëverschwendung, landwirtschaftlech Entwécklung, Gréngzonen am PAG zum Beispill, Biodiversitéit, fir der nëmmen e puer ze nennen. Meng Kandidatur ass keng Fuerderung no Muechtgewënn, dat muss ech awer betounen, mee eng Initiativ fir éischter Zesummenaarbecht. Ech fille mech verantwortlech, mäin Deel dozou bäizedroen, datt eis Gemeng eng ëmweltfrëndlech an nohalteg Strategie verfollegt, fir eis selwer, mee awer och fir déi nächst Generatiounen. Ech hoffen, datt mir, datt Dir, meng Kandidatur, net als Provokatioun gesitt, mee éischter als eng seriö, transparent a konstruktiv Offer fir eis Gemeng Diddeleng, an dësem Geescht vum Respekt vu Gemengewalen.

Merci fir Är Opmierksamkeet an ech hunn elo weider keng Intro gemaach, firwat ech kandidéiert hunn, well d'Madamm Kayser huet et ganz gutt erkläert, datt schlussendlech e Member am Gemengerot gewielt gëtt an datt et net per se een aus der Majoritéit wäert sinn. Merci.

DIOGO COSTA (LSAP): Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Jo, och ech wëll elo kee laangen Discours maachen. Mir hunn an der Fraktioun vun der LSAP natierlech och bedauert, dass de Rom seng Demissioun agereecht huet. Mir sinn awer, mengen ech, frou mat deene Leit, déi noréckelen, dass do d'Aarbecht an enger Kontinuitéit wäert geschéien. An och déi Kontinuitéit wëlle mer am Beräich vum Sicona weidermaachen. Wéi ech schonn a menger Untrëttsried gesot hu virun engem Joer, ass de Beräich Ëmwelt een, dee mir ganz um Häerz läit a fir deen ech mech och gär asetzen.

De Rom huet säin Engagement do am Sicona jorelaang exemplaresch gemaach. Ech wier frou dat am Sënn vun der Kontinuitéit an eeben d'Propositioun dem Gemengerot hei ze maachen, déi Plaz ze iwwerhuelen. Wéi gesot, de Sujet Ëmwelt, deen ech och op anere Syndikater a Kommiteeë maachen. An ech wär frou, dat kënnen dann och am Sënn hei an am Numm vum Gemengerot kënnen ze maachen. Merci.

ROBY GOERGEN (LSAP): Jo, merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Dir kënnt mech elo eppes Neies beléieren. Ech sinn och nach nei a menger Fonctioun elo als Fraktiounssprriecher. Mee wann ech dat richteg verstanen hunn, ass an enger interfraktioneller Versammlung festgeluecht ginn, zesumme vu sämtleche Parteien, wéi déi Poste besat ginn. An doropshi sinn och scho Poste fir d'Oppositioun fräigemaach ginn, wou ech awer och wëll soen, dass a ville Gemengen am Land dat net de Fall ass, déi Méiglechkeet net besteet. Déi mir awer hei da schonn opgemaach hunn. Doropshi wëll ech hei soen, dass mer duerch déi zwou Demissiounen am Fong geholl just nei Poste besetzen. Dat heescht, mir besetze jo elo net, mir schwätzen dat Theema net nach eng Kéier un, wéi dat dann där Interfraktioneller da jo anscheinend gesot ginn ass. Wéi gesot, ech war do net derbäi. Mee, dat hunn ech awer esou zréckgesot kritt.

An dofir mengen ech, wann och an esou Versammlungen, do musse mer dann awer och Demokrat sinn. Wann et do e Wuert gëtt, an dass mer déi Poste mat deene Leit besetze vun deene Parteien, da sinn ech der Meenung, dass mer dat och esou solle maachen. An da kënnt och nach dobäi, ech mengen et sinn och elo nei Leit am Gemengerot, déi sech och wëllen engagéieren, an deene solle mer dann awer och d'Chance ginn, déi Posten ze besetzen. Ech mengen dat ass elo, wéi gesot, ech loosse mech ëmmer gär eppes Nees beléieren. Mee wann dat do de Fall war, dann ersetze mer just Posten, déi deemools schonn eng Kéier festgehale gi sinn. A wa mer eppes festgehalen hunn, och wann d'nächste Kéier, mengen ech, een aus der Oppositioun géif ophalen, da géif dee Posten och duerch deem seng Fraktioun ersat ginn. Dat ass fir mech awer ganz demokratesch a logesch. Ech soen Iech Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Also, merci. Ech wëll awer och ganz genau, ech war bei där Sitzung do derbäi, an ech hunn ëmmer gesot gehat, et ass net verbueden, awer och eng Kéier erëm eppes opzemaachen. A virun allem, et muss ee jo och den Artikel 7 kucke vun de Syndikater : « Chaque commune est représentée au sein du comité par un délégué choisi parmi les membres élus de son conseil communal », net « parmi les membres de la majorité » an net ad aeternam enger Partei zougehéiereg. Da muss een dat awer och richteg maachen, dass een dann awer e Vott zur Verfügung stellt. A wat eis hei stéiert, mir hu keng Kandidatur virleie vum Här Diogo Costa. Mir hunn eng Kandidatur virleie vun der Madamm Ahmedova. An do ass eeben d'Fro, ass dat net eng gewëssen Arroganz, wann ech einfach direkt ënnert den Ziedel schreiwen, jo, la candidature de Monsieur Diogo Costa, fäerdeg. Net géint den Diogo, gell?

Mee et ass eng Prinzipiesaach. Mir fannen dat net transparent a virun allem och net demokratesch. A wéi gesot, fir dat ze soen, dat ass ënnert eis esou, da kritt deen Nächste vun eis dann dat an deen an dee Posten. Ech mengen Dir wësst genau d'Diskussioun bei de Presidencen, déi kënnt herno d'selwecht. Do halen ech mech nach eng Kéier drun a soen ech nach eng Kéier dat selwecht. Fir mech fänkt d'Biergerbedeelegung a Participatioun heibannen un, Dialog, wéinstens wär wichteg gewiescht ze soen, hei, lauschter, sidd der averstanen domat, dass mir ee proposéieren? Dat wär zum Beispill fräi gewiescht. Da wäre mer gewuer ginn, dass de Rom gaange wär. Mer wäre gewuer ginn, dass een Diogo Costa virstellt, proposéiert.

Mee mir hu mol keng Demande. An dat ass eng Arroganz, fir einfach ze soen, majo, am Ziedel steet dann einfach „vu la candidature de Monsieur Diogo Costa“, da wiele mer deen. Neen, esou geet et nun awer net. Mir sinn awer an enger Demokratie. A wéi gesot, et ass awer och wichteg, dass awer och een anere kann eng Kandidatur stellen, engem deem dat hei och um Häerz läit. A virun allem gesot, ma da kritt deen nächsten et an der Rei. Jo, esou leeft et awer net. Also ech hunn en anert Verständnis vun Demokratie a vu Participatioun a Biergerbedeelegung. Bon, wéi gesot. Loosse mer mol kucke wéi et geet.

ROBY GOERGEN (LSAP): Ech hu just nach eng Fro zu deem Ganzen. Muss et eng schrëftlech Kandidatur sinn? Ass dat iergendwou festgeschriwwen? Dat ass dat Éischt, wat ech froen. Well an den Dossieren ass jo dran, dass den Här Costa d'Demande gestallt huet. A meng zweet Fro ass vläicht elo e bësse méi blöd oder naiv, soen ech mer. Mee en huet seng Demande jo elo hei gestallt. Zielt dat net? Et kéint natierlech elo och nach all anere seng Demande stellen. Dat ass kloer. Mee dat ass awer eng Fro, déi ech stellen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Hei steet, „vu la candidature“, mee mir hunn déi net gesinn. Soss hu mer all Kandidatur ëmmer, vun all d'Posten dee mer kreéieren, vum Portier bis d'Educateuren oder d'Ingenieuren, hu mer eng Demande do. Ech fannen, dass awer de Minimum vun Héiflechkeet, well amplaz eis just esou e Wësch ze ginn, wou dann hei steet, d'Kandidatur ass do op, Dir wénkt dat jo souwisou duerch. De Minimum vun Héiflechkeet ass eng motivéiert Kandidatur ze stelle fannen ech, dat gehéiert sech einfach esou. Da vläicht fir déi nächste Kéier.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer vläicht nach un d'Madamm Ahmedova da kéint ech och vläicht reagéieren an da gi mer och zum Vott iwwer, well mir hunn nach e puer aner Punkten. Madamm Ahmedova

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Dat ass just eng Reaktioun zu dat, wat elo grad gesot ginn ass. En huet elo grad seng Kandidatur presentéiert, mee huet een net e gewëssenen Delai? Well ech hat gemengt, ech hat bis e Mëttwoch den Owend Zäit fir meng Kandidatur eranzereechen, wat ech och respektéiert hunn an och gemaach hunn. Dat heescht, dat wat elo hei haut geschitt, reng theoreetesch ass een nom Delai.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci. Séance tenante kënnen ëmmer Kandidature gestallt ginn. Wann een hei eng Kandidatur wëll stellen, kann en dat roueg maachen. Do musse mer de Bulletin de Vote adaptéieren an da mengen ech kann och iwwert dräi, véier Leit ofgestëmmt deementspriechend ginn. Ech wëll vläicht eng generell Remarque maachen. An dat huet mat Prinzippien a mat Spillreegelen ze dinn. An dofir sinn ech absolutt guer net, awer och absolutt guer net mat der CSV respektiv mat der Madamm Kayser averstanen. Ech soen, der Ma-

damm Ahmedova an och, wéi gesot, dem Här Costa nach eng Kéier och Merci, dass se hei Séance tenante hir Motivatiounsgrënn gesot hunn. D'Spillreegel, 20. Juni 2023. Informelle Gemengerot, wou mer gesot hunn, mir deelen eis Syndikater op. Dës Majoritéit mécht eng Ouverture vis-à-vis vun der Oppositioun, wou se eng ganz Rei Syndikater kënne mat och besetzen. Ech mengen dat war kee Problem. Déi éischt Ouverture hu mer 2017 gemaach. A mir hunn dee Prinzip 2023 och bäigehalen. Ech mengen dat war fir eis absolutt keen Theema an och absolutt guer kee Problem. An am September 2023 sinn déi Syndikater an d'Gemengekommissioune besat ginn. Ech wëll just soen, da kënnt Der an Ären Dokumenter nokucken, do huet keen eng Kandidatur gestallt. Do war de Prinzip vun der Opdeelung festgehalen. A souwuel d'Majoritéit wéi och d'Oppositioun huet am Projet vun der Deliberatioun déi Leit drop gesat, déi effektiv mer och deementspriechend festgehalen hunn.

A vu dass mer dat deemools esou festgehalen hunn, den 20. Juni 2023, an där doter Opdeelung, bleift mengen ech och, an dofir ännere mer d'Spillreegel en cours de route net, ech mengen dat ass dat nämlech wat d'CSV hei ganz kloer och wëll maachen. Bon, d'Madamm Ahmedova war méi nuancéiert an hire Proposen. Da wäerte mer déi net en cours de route deementspriechend änneren, well mer eis deemools e Kader ginn hunn, wéi mer eis iwwert déi nächst fënnef Joer beweegen. An de Fait, dass mer am September 2023 déi verschidde Leit vun der Majoritéit a vun der Oppositioun unanime gestëmmt hunn an der Opdeelung vun de Syndicaten, weist jo, dass mer eis e Prinzip an ee Kader ginn hunn, an deem mer eis deementspriechend beweegen.

An et kënnt jo herno nach e Punkt iwwert den ORT Süden, wou mengen dat selwecht am Fong gëllt. Duerfir schwätzen ech elo fir déi doten zwee Punkten. Duerfir mengen ech an där doter Logik vun deem, wat mer och festgehalen hunn, an ech mengen, mir hunn eis do gesot, e Wuert ass e Wuert, mir hunn dat och esou ëmgesat, dann ass eeben net en cours de route, wann ee sech e Kader setzt, dass een do deementspriechend en cours de route d'Spillreegelen an och de Kader ännert. A mir haten nach d'Diskussioun eeben hei vun, an ech hunn, wéi gesot, ech wousst jo, dass dat heite géif komme mat anere Buergermeeschteren nach eng Kéier d'Diskussioun gefouert. An do sinn eng ganz Rei Gemengen, déi si ganz wäit ewech par rapport zu där Pratique vun der Ouverture, sou wéi mir se hei och deementspriechend handhaben a mengen ech, déi fir eis och ganz gutt an och deementspriechend ganz wichteg ass.

A voilà, Madamm Kayser, et kann een natierlech ëmmer de Fokus setzen op dat, wat een net huet, an ausblenden dat, wat een huet. Déi Ouverture, mengen ech, déi dréit der Oppositioun och Rechnung, dass se kann an de Gemengesyndikater och ganz kloer present sinn an och do kucken, wat do geleescht gëtt. Respektiv dann och, wann déi néideg Budgete gestëmmt ginn, och an de Syndikater, déi deementspriechend hei, wéi gesot, ëmzesetzen. Ech mengen der Oppositioun, dat mierken ech awer och ëmmer hei raus, ass et jo ëmmer wichteg, dass een de Kader anhält oder dass dës Majoritéit de Kader anhält. Bon, well ech mengen et arrangéiert si dann éischter hei elo, dass mer dee Kader net méi esou genau huelen, Madamm Kayser, well et ass dat, wat Der hei an Ärem Narrativ ganz kloer skizzéiert hutt, dass dee Kader, an dat Wuert, dat mer eis am September 2023 ginn hunn, a wéi gesot, de Vott am September 2023 war unanime, dass mer dee sollen opbriechen.

Ech mengen et ass ganz kloer dat, wat Der hei sot, an Dir schwätzt ëmmer vun Transparenz, mee an Äre Propose si Der net transparent. Dofir bréngen ech dat hei nach eng Kéier ganz kloer och deementspriechend eran. Wéi gesot, jidderee kann natierlech seng Kandidatur hei stellen. Mir sinn, no deem Wuert, wou mer eis ginn hunn tëschent Majoritéit an Oppositioun an där Interfraktioneller, war et fir eis kloer, dass mer do e Wuert halen. An den Här Goergen ass mengen ech op eppes Wichteges agaangen. Eis géif et och net am Dram afalen, wann elo vun der Oppositioun ee géif an engem Syndikat ophalen, dass mer do ee vun der Majoritéit géifen hisetzen. Da kuckt dir ënnert iech eens ze ginn, ee vun der Oppositioun dohinner ze setzen. Dat ass e Kader, mengen ech, awer vun engem géigesäitege Vertrauen an Ofkommes, dat ee sech gëtt. An Dir, Madamm Kayser, hutt hei ganz kloer dofir geschwat, dass dat net méi vill wäert ass, soss hätt Der, déi doten Ausféierungen, sou wéi Der se lo haut de Mueren hei gehalen hutt, net gemaach. Voilà, mir hunn zwou Kandidature virleien an ech géif elo.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Just nach eng Kéier, wéi ass dat, musse mer dann net eng schrëftlech Kandidatur vum zweete Kandidat hunn?

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Neen, déi musse mer net hunn, well eis de Prinzip vun der Form, dee war dee mer als Ofkommes haten am September, wéi gesot, 2023. Do muss ee keng offiziell Kandidatur hunn. Mir hunn awer elo zwou Kandidaturen an da stëmme mer iwwert déi zwou Kandidaturen of. Wéi gesot, am September 2023 huet kee seng Kandidatur gestallt, wëll ech soen, keen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Deen een ass jo net méi do. Dat ass jo dann en neie Moment. Neen. Okay. Gutt.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Mir gi vum Prinzip aus, vum Ofkommes wou mer haten, wou Dir mengt, dass een dat konnt opbriechen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Da misst een den Delibéré awer änneren. Da muss ee soen, mir an der LSAP, mir proposéieren deen neie Kandidat. An net soen « par un délégué choisi parmi les membres élus de son conseil communal ». Dann hätt Der den Delibéré vläicht och kënnen eng Kéier anescht maachen. Dann ass dat méi kloer.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Bon. Hei hu mer elo zwou Kandidature virleien an mir hunn d'Saache preparéiert. Wann elo en Drëtten nach mengt e misst, da kënne mer dat och nach maachen. Wéi gesot, dat ass hei e Vott, deen an där Traditioun vun deem, wat mer festgehalen hunn an eis Interfraktionell wëlle weiderféieren. Wéi gesot, dofir mengen ech hei awer zwou Kandida-

turen an da stëmme mer driwwer of. Sou wéi d'Gemengegesetz dat virgesäit.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Ech géif proposéieren, dass mer mat deem nächste Punkt weiderfueren, dass mer dann eng kuerz Ënnerbriechung maache fir dass kann ausgezielt ginn. Da gi mer herno op d'Kommissiounen eriwwer, fir dass mer eng gewësse Fluiditéit behalen.

Da fir d'Gemengesyndikater respektiv, dat ass zwar kee Syndikat, den Office régional du Tourisme, ASBL, ass eng ASBL an der Südregioun, wéi gesot, et ass kee klassesche Syndikat. Ech mengen och dat mengen ech an deem, wat ech virdru gesot hunn, reit sech an dat wat mer och zesummegehalen hunn an der interfraktioneller Fraktioun. Och hei hu mer zwou Kandidature virleien, nodeems de Martine Bodry-Kohn jo demissionéiert huet hu mer hei effektiv d'Kandidatur vum Här Berettini a Kandidatur vum Här Meyer, déi erakomm ass. Bon, ech widderhuelen net nach eng Kéier dat, wat ech virdru gesot hunn. D'Madamm Kayser och net.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech widderhuelen och net nach eng Kéier alles. Mee et ass awer nach eng Kéier dat selwecht vun der Argumentatioun.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da géife mer hei nach eng Kéier och ofstëmmen. An da wär et vläicht net schlecht, wa mer, mer stëmmen elo alleguerten hei of, dass vläicht ee vun der Majoritéit an ee vun der Oppositioun bei der Zielung mathëlleft iwwert den ORT Süden. Wéi gesot, ausserhalb. Just d'Kandidaten natierlech net. Jo, wann nach een eppes wëll soen zu senger Kandidatur kann dat ganz gäre maachen, Här Berettini, Här Meyer, dat steet Iech fräi natierlech, wéi virdrun och. Just dass d'Madamm Kayser an ech näischt méi soen.

MARC MEYER (DP): Villmools merci, Här Buergermeeschter. Ma wou ech dat respektiivt Dokument zum Punkt zéng vum Ordre du jour vun haut um Sharepoint gesinn hunn, war ech erfreet aus dësem Dokument erauszeliesen, dass d'Plaz vun engem effektive Member aus dem besoten Office régional du Tourisme vakant ginn ass. Eng Plaz, déi mech duerchaus méi wéi interesséiert, eng Plaz, op déi ech als Mënsch dee vill an eisem Ländchen ënnerwee ass, an dëst besonnesch an eisem schéine Minett, an nach méi hei zu Diddeleng, deen iwwerall am Land an och déiersäits de Grenze pauselos Reklamm fir eis Géigend mécht, sech gutt géif gesinn. Bei all Geleeënheet schwäermen ech ëmmer erëm vun eiser schéiner Stad Diddeleng, der Natur déi se ëmgëtt, de Seeënswierdegkeeten hei am Süden, ma och emol vum Rescht vun eisem Land, a leeschten onermiddlech Iwwerzeegungsaarbecht, dass een eis Géigend onbedéngt muss besiche kommen. Als Frënd vun der Geschicht vu Lëtzebuerg an als Member vun enger scho quasi éiweg hei usässescher Famill, gi mir d'Argumenter an och interessant Geschichten heizou ni aus. Alles an engem sinn ech och dovun iwwerzeegt, dass ech déi richteg Persoun sinn, fir dëse Posten ze bekleeden. Erstaunt war ech dann awer, dass dat besoten Dokument schonn esou opgestallt war, wéi wann dem Här Berettini dëse Poste längst sécher wier.

Ech war der Meenung, dass eng fräi Plaz als éischt ausgeschriwwe gëtt, jiddereen, deen Interessi huet, déi Plaz ze kréien, sech da kéint mellen an zu gudder Lescht am Gemengerot da géif ofgestëmmt ginn.

An dësem Dokument steet dann och dran, ech liesen et hei vir, „vu la candidature, de Monsieur Walter Berettini, Conseiller communal", an esou weider. Ma bei all den Dokumenter, déi op dem Sharepoint waren, hat ech dës Demande net gesinn. A wann eng Demande existéiert, ass da vergiess ginn, se dem Gemengerot dann eeben ze schécken? Soit, dëst war ee vun de Grënn, wisou ech mäin Hutt an d'Ronn werfe wollt. Bei dëser Geleeënheet géif ech aus Virwëtz da gär awer och wëssen, ob den Här Berettini, ob deen iwwerhaapt eng Demande huet däerfe stellen, well hien, op alle Fall mol dräi Deeg am Virfeld, an ech hat gemengt dat wär den Delai, ben soit, ech sinn eppes Bessere beléiert ginn, nach kee Member vun eisem Gemengerot war.

Selbstverständlech géif ech dann och, falls ech Äert Vertraue geschenkt kréien, d'Madamm Spagnuolo, déi jo hei Membre suppléant ass, permanent iwwer alles wat den Office régional du Tourisme du Sud ugeet, informéieren an um lafenden hale géif. Eppes, dat bis elo, aus mir onerklärleche Grënn, op alle Fall mol net gemaach gouf. Well wéi soll d'Madamm Spagnuolo dann am Fall, wou se eng Kéier misst asprangen, dann effektiv kënne schaffen a reagéieren, wa se net gewuer gëtt, wat do leeft? Léif Kolleegen hei am Gemengerot, fannt dann elo meng Kandidatur déi eenzeg valabel a recevabel ass, dat jo scheinbar net de Fall ass, déi am Raum steet, bieden ech de Gemengerot an domadder och d'Kolleege vun der Majoritéit, déi awer mëttlerweil schonn ofgestëmmt hunn, mir als Kandidat fir de Poste vun engem effektive Member vum Office régional du Tourisme du Sud Vertrauen ze schenken a meng Demande ze ënnerstëtzen, fir dass de besote Poste schnellstméiglech erëm ka besat ginn an ech déi wichteg Aarbecht, nämlech alles drun ze setzen, méi Touristen an eis Regioun a besonnesch op Diddeleng ze lackelen, kann ophuelen.

Ma och, falls haut awer nach eng aner Demande sollt fir gülteg erkläert ginn, wat jo de Fall ass, géif ech mech trotzdeem ëm Äert Vertrauen an Är Ënnerstëtzung freeën, well ech der Meenung sinn, dee Kandidat ze sinn, dee mat sengem Engagement, senger Energie a sengem Wëssen, eng Beräicherung fir den Office Regional du Tourisme du Sud wier, fir de Süde vu Lëtzebuerg a fir eis Stad Diddeleng, déi mir dach all heibannen ëmmer erëm wëllen héichhalen a gemeinsam no vir bréngen. Merci fir d'Nolauschteren.

WALTER BERETTINI (LSAP): Jo, merci fir d'Wuert. Ma et ass esou, ech schwätze lo keng Leit u mat Nimm, mee ech war jo virun zwee Joer am Gemengerot an ech war och déi Zäit President vum Jumelage et Tourisme, wou ech iwwregens och schonn am ORT war. Du au fait que, dat ech du net méi gewielt gesinn, huet ech mech aus dem ORT erausgemellt, gouf du vun engem aneren iwwerholl, hu mech awer an e Syndicat d'Initiative Dudelange an d'Tourismus eragemellt, well ech an deem Beräich wollt weiderféieren. Punkt eent. Punkt zwee gesot, bei den ORTen, wou ech et dobäi war, hu mer vill Aktioune gestart, ob dat elo iwwert

de vewa war, ob dat elo iwwert de Floater war oder vill aner Saachen, déi gemaach gesinn hunn, ob déi ech net aginn, well ech dat net muss maachen, dat gesinn ech net an, war et fir mech kloer, datt wann ech erëm zréck an d'Gemeng kommen, den ORT ee Punkt wär, un deem ech gären interesséiert wier ze maachen, well ech e scho gemaach hunn a well ech do eng ganz Partie Leit kennen. Iwwregens, den Här Bracquet hätt och kënnen der Madamm Spagnuolo eventuell déi eng oder aner Saach soen, well den Här Bracquet ass och am ORT. Méi hunn ech dozou net ze soen.
MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, pardon, dann ass ech nach eng Kéier nerven. Mee mir kruten eng Convocatioun den 21. September, an et ass dat wat den Här Meyer gesot huet, an do steet « vu les candidatures de Monsieur Walter Berettini, Conseiller communal ». Dee war dee Moment kee Conseiller communal. Dofir ass dat eng Fro. Wéi ass esou eppes méiglech, dass an enger Deliberatioun schonn en Numm drasteet, deen awer emol nach net vereedegt ass? Et hätt jo ëmmer nach eppes kënnen dertëschent kommen oder esou. Ech fannen dat, dat ass net kloer. En plus hu mer och keng schrëftlech Kandidatur virleien. Also ech fannen déi Aart a Weis, wéi dat hei gehandhaabt gëtt, zumindest onglécklech. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci, Madamm Kayser. Merci och dem Här Meyer an dem Här Berettini nach eng Kéier, fir, wéi gesot, hir Stellungnamen. Ech menge generell, wann ee sech gäre wëll informéieren, den Här Meyer ass drop agaangen, wéi et am ORT Süde leeft, ech mengen do ginn et Rapporte vum Kommitee, do kann een en och uruffen a sech och deementspriechend informéieren. Dat e bësse méi zu enger genereller Informatioun. Ech gesinn dat net esou wéi d'Madamm Kayser, dat gesäit respektiv den Här Meyer. Ech mengen, dass e Gemengerot, dee legalement constitué ass, deen ageruff gouf a wou zwee nei Membere gefrot goufen dass se sollen untrieden. Dat hu se och bekräftegt. An dofir hu se natierlech och déi Méiglechkeet, hir Kandidatur ze stelle fir an engem Gemengesyndikat, wa se effektiv dorunner interesséiert sinn.

Dofir maachen ech do eng ganz aner Lektür, wéi d'Madamm Kayser respektiv den Här Meyer, dass wann een nach net Member ass vum Gemengerot, dass ee keng Kandidatur ka stellen. Si jo convoquéiert gi fir effektiv heihinner ze kommen a sinn och alleguerten d'Dokumenter zur Verfügung gestallt kritt, fir och hei kënnen deementspriechend matzemaachen. Dat nach eng Kéier zu den Erklärungen. An ech widderhuelen dann hei nach eng Kéier, dass hei mer de selwechte Prinzip gewahrt hunn, vun der Logik vun der interfraktioneller Reunioun, déi mer am Juni haten an dem Vott, dee mer am September 2023 hei am Gemengerot haten, wat d'Opdeelung ass tëschent Majoritéit an Oppositioun, wat d'Gemengesyndikater ugeet. Elo géif ech proposéieren, dass mer eng kuerz Ënnerbriechung maachen, fir dass mer kënnen auszielen an da géife mer weider fueren.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Voilà, léif Kolleeginnen a Kolleeginnen, no enger kuerzer Ënnerbriechung an och effektiv de Vott, dee gezielt gouf, géif hei de Loris Spina, dee mat der Madamm Kaiser zesummen, effektiv d'Resultater, d'Analys gemaach hunn, Da kënne mer hei de Vott verkënnegen.

LORIS SPINA (LSAP – 1. SCHÄFFEN): Voilà, ganz genau, Här Buergermeeschter sinn ënnerstëtzt gi vun der Madamm Loullingen an der Madamm Kayser. An den Delegué am Sicona ass dann e 10 zu 9 zu Gonschte vum Här Costa ausgefall. Domadder géif hien dann d'Stad Diddeleng am Sicona vertrieden. An am ORT Süden, do ass et en änlecht Resultat, bezéiungsweis en nämmlecht 10 zu 9 fir den Här Berettini. Domadder géif den Här Walter Berettini eis als Stad am ORT Süden vertrieden.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Okay, villmools merci. Voilà, fir déi doten Informatioun, déi déi doten zwee Punkten dann definitiv ofschléisst.

# II. KOMMISSIOUNEN

**Remplacement vun de Memberen an deene verschiddene Kommissiounen**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: An da géife mer op den nächste Punkt iwwergoen. Dat ass och eng Rochade, wat d'consultativ Kommissiounen ugeet, säitens vun der LSAP.

D'Commission du Vivre ensemble interculturel, do ass et den Här Berettini, deen d'Madamm Bodry-Kohn ersetzt um Niveau vun der Présidence.

Den Enseignement musical. Et ass den Här Goergen, deen ersetzt d'Madamm Bodry-Kohn als Member.

An der Finanz- an der Budgetskommissioun. Den Här Goergen ersetzt do den Här Marinov.

An der Kulturkommissioun ass et d'Madamm Loullingen, déi d'Platz vun der Presidence vun der Madamm Kohn anhëlt, an d'Madamm Kohn ersetzt den Här Antoine als Member.

An der Kommissioun vum Jumelage an Tourismus ass den Här Berettini, deen d'Presidence vun der Madamm Kohn iwwerhëlt.

An der Kommissioun vun de Subsiden, Études secondaires et postsecondaires, ass d'Madamm Loullingen, déi d'Presidence vum Här Zuang iwwerhëlt. An den Här Zuang bleift an där Kommissioun.

An der Familljekommissioun ass et d'Madamm Loullingen, déi d'Presidence vum Här Goergen iwwerhëlt.

An der Commission des Actions Sociales ass den Här Antoine, deen ersetzt d'Madamm Loullingen als Member. An d'Madamm Sonia Loullingen-Ludovici, ersetzt den Här Berettini als Member.



An der Commission pour l'aménagement communal et le programme d'action local, de PALL, do ersetzt den Här Goergen, den Här Zuang als Membre effektiv. An den Här Diogo Costa ersetzt den Här Goergen als Suppleant.

An der Commission de surveillance de la restauration scolaire et des crèches, do ersetzt d'Madamm Josiane Ries den Här Zuang, um Niveau vun der Presidence.

Am Comité de pilotage du pacte communal et du Vivre ensemble interculturel ersetzt den Här Berettini d'Madamm Kohn. An am Comité d'accompagnement iwwert de Suivi des processus participatif, do ersetzt den Här Diogo d'Madamm Kohn als Member. Voilà, dat zu de Modifikatiounen an de Kommissiounen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Hei emol eng Kéier eppes ganz aneschters. An der Commission Surveillance Cantine, do wollt ech just froen, do huet et ëmmer geheescht, do kënnt och en Eltere-Representant dran. An do ass meng Fro, musse mer deen net och dran nominéieren? Dat war just eng Fro, déi ech hat. Oder geet dat duer, wa mer schreiwen ee Representant vun de Schoulen? An et war och gesot ginn, do kënnt och ee vun den Elteren aus de Crèchen. An do ass meng Fro, ob mer do eng Wal gemaach hunn oder wéi mer dat gemaach hunn? Jo.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Neen, mir hu keng Wal gemaach, do huet ee sech gemellt, gell. Mir haten am Fong en Opruff gemaach an do huet ee sech gemellt an deen hu mer dann och geholl.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci fir déi Prezisioun. Ech wollt awer och nach natierlech, och nach ganz kuerz eppes soen zum Prinzip. Wéi gesot, mir hate jo ëmmer gesot gehat am Règlement d'ordre interne, do steet dann dee gudde Saz dra bei de Kommissiounen, dass « le conseil communal nommes les présidents des commissions qui doivent faire partie du conseil communal », do steet och dran, dass dat net onbedéngt muss e Member vun der Majoritéit sinn. Mee bon, den Här Buergermeeschter brauch elo net nach eng Kéier säin Discours ze huelen, well ech muss awer soen, sou wéi dat hei steet, dass d'LSAP Leit proposéiert, dat ass jo och méi transparent. Wann Der dat gemaach hätt, och bei den zwee Posten an deene Syndikater, da wär dat och méi kohärent gewiescht.

Also wat eis e bësse gestéiert huet, dat war eeben, dass do Leit drastoungen, wou keng Demande do virläit, keng Propositioun vun der LSAP, mee einfach am Delibéré stoung, deen an deene stëmme mer. Ech géif awer hei nach eng Kéier bieden, mir haten dat och schonn déi leschte Kéiere gemaach, well d'CSV mat deenen einfach automatesche Successiounen an de Presidencen net esou zefridden ass, dass mer vläicht e Vott separat maache fir d'Poste vun de Presidencen an dann déi aner Posten, wann dat méiglech wär. Mir haten dat déi leschte Kéieren ëmmer esou gemaach.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Dat ass richteg, jo.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Soss nach Remarken? Dat ass net de Fall. Okay, da géif proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Ech huelen awer net nach eng Kéier elo alleguerten duerch. Ech hunn et jo scho gemaach. Ech maache just, wien ass fir de Vott vun de Memberen? Da setzt se als Member an da setzt se um Niveau vun der Presidence. Ech halen et einfach esou an deem Generique. Okay, dat ass gutt. Da géife mer ufänken.

***Wien ass dofir wat d'Ersetze vun der LSAP als Member an de Kommissiounen? Dat ass unanime. An ersetzen um Niveau vun der Presidence. Wien ass do dofir? Dat si Stëmme vun der LSAP, vun der DP, vun ADR, vun déi Lénk a vun déi Gréng. Wien ass dogéint? Wien enthält sech? Dat ass d'CSV.***

# 12. PERSONAL

**12.1. Kreatioun vun engem Vollzäitposte fir e Gemengebeamten am Groupe de traitement C1, Sous-groupe administratif a Surnombre a Suppressioun vum Gemengenemployés-Posten aus dem Groupe d'Indemnité B1, Sous-groupe éducatif et psychosocial (Accueil et réception)**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Do ass engersäits d'Kreatioun vun engem Posten als Fonctionnaire communal am Service Accueil et Réceptioun, dat en surnombre. An d'Suppressioun vum Poste d'employé communal vum Groupe d'indemnité B1. Ech mengen, mir hunn dann och deen dote Poste jo och am Huis clos, wou eng Mataarbechterin, déi jo de Moment ëmklasséiert war am Employé-communals-Posten, déi do an der Receptioun geschafft huet. Mee dofir musse mer awer hei de Posten, mir wollten hei erëm e Fonctionnaire-communals-Poste kreéiere fir an do an de Service. An dofir maache mer en en surnombre, fir dann herno de Poste vum Employé communal effektiv dann ofzeschafen. Dat ass en Exercice, dee mer hei maachen.

Ass de Gemengerot domat averstanen? ***Dat ass unanime.*** Villmools merci.

**12.2. Kreatioun vun engem Vollzäitposte fir e Gemengebeamten am Groupe de traitement B1, Sous-groupe technique a Suppressioun vun engem Gemengebeamteposte an därselwechter Kategorie (Informatik)**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Dann de Poste vun engem Fonctionnaire communal kreéieren an d'Suppressioun vun engem Poste vun engem Employé communal. Dat hu mer och herno am Huis clos. Mir hunn eng Mataarbechterin am Service Informatique, déi als Employé communal agestallt war, déi awer alleguerten d'Exame gemaach huet an déi och gepackt huet, fir Fonctionnaire communal ze ginn am Service Informatique. A bon, vu dass se dat jo och gemaach huet, gepackt huet, si mer der Meenung, dass mer dee Posten do sollten ëmwandelen, vum Employé communal an de Fonctionnaire communal.

Ass de Gemengerot och domadder averstanen? ***Dat ass unanime.*** Villmools merci. An natierlech gëtt de Posten ofgeschaaft vum Employé communal. Dat ass ëmmer de Corollaire.

**12.3. Kreatioun vun engem Vollzäitposte fir e Gemengebeamten am Groupe de traitement B1, administratif a Surnombre a Suppressioun vum Gemengebeamteposte an därselwechter Kategorie wann den aktuellen Titulaire an d'Rent geet (Ressources humaines)**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Dann, jo, e bëssen de Prinzip, dee mer och scho virun an engem vun eise leschte Gemengeréit haten, wat eis Mataarbechter ugeet, déi a Pensioun ginn. A fir effektiv dann och ze hoffen, dass dat Wëssen, datt se hunn, awer nach ka weidergi ginn an och deementspriechend un nei Mataarbechterinnen, Mataarbechter respektiv am Service bleiwen. Hei si mer am Service Ressources humaines. Do ass e Mataarbechter vun eis, deen deemnächst wäert an d'Pensioun goen, deen och Fonctionnaire communal ass.

An dofir ass hei och dann d'Propos en surnombre dee Posten ze schafen, fir dass mer do en neie Mataarbechter, Mataarbechterin an de Ressources humaines kënne rekrutéieren, dass déi dann och kann ugeléiert ginn. An et ass wann een no eisen, wéi gesot, Mataarbechter an d'Pensioun geet, dass natierlech dee Posten do vum Fonctionnaire communal, dass mer dann eng Suppression de poste deementspriechend maachen.

Ass de Gemengrot och domadder averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech villmools Merci. Da wäre mer hei, wat d'Personal ugeet, duerch.



# 13. KAF VU CARGOBIKES

**Motioun vun der Fraktioun « Déi Gréng »**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: An da komme mer op den nächste Punkt. Dat ass eng Motioun vun deene Gréngen, wat d'Cargobikes ugeet. Ech kucken do op d'Prozedur. D'Auteure kréien Zäit, fir d'Motioun virzestellen. Dann eng kuerz Stellung am Numm vum Schäfferot. Dann déi aner Parteien. Dann nach eng Kéier d'Auteuren. Dann nach eng Kéier de Schäfferot an dann de Vott. Dat ass esou wéi et soll lafen. An dofir ginn ech den Auteure vun der Motioun ganz gären d'Wuert. Här Steffen, Madamm Ahmedova. Ech weess net, wéi Dir Iech opgedeelt hutt, mee Dir hutt elo d'Wuert.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Majo, merci fir d'Wuert. Ech géing dann op eis Motioun agoen, wou heescht Cargobikes fir Trajete vun der Gemeng a Mise à disposition heivu fir d'Diddelenger Geschäftsleit. De Gemengerot stellt fest, dass Cargobikes Véloe sinn, déi et erméiglече mat oder ouni Elektromotor Gidder, Déieren oder Persoune virun, respektiv hannert dem Fuerer ze transportéieren. Dat ass eng zimmlech dréchen Definitioun vun deem, wat e Cargobike ass. Et ass deemno méiglech, kleng, mëttelgrouss Objete vum Atelier op d'Gemeng, an d'Sportshal oder op eng Interventioun matzehuelen. D'Geschäfter kéinten et an dësem Fall notzen, fir hire Service um Client. D'Cargobikes sech dozou eegenen, praktesch séier an ëmweltfrëndlech Trajeten an Diddeleng an driwwer eraus ze assuréieren. Ëmweltfrëndlech brauch ech, denken ech, hei elo an dësem Kontext net ze erklären, vu dass et ëm d'Mobilité douce geet.

Bei praktesch a séier denken ech ass et virun allem de Volet, dass ee keng Parkplaz muss sichen, dass ee virun der Destinatioun ka stoe bleiwen an op- an oflueden, wat schonn e grousse Virdeel par rapport zum Auto ass. Och de Volet vum direkte Wee ass hei ze consideréieren. Do evitéiert een dann awer mol d'Stauen, virun allem well een awer mat de Preparatiounen, mir hunn nach grad iwwert grouss Chantieren am Déifbau geschwat, deen usteet an den Impakt wäert hunn op de Verkéier. Hei erméiglecht et bidirektionell duerch d'Stroossen ze fueren, och doriwwer hu mer haut scho geschwat, wou dat mam Auto net erlaabt ass, wat awer zu geschounten Nerven, manner Zäitverloscht an eeben och duerch den Asaz vun engem Cargobike "den Auto manner" op der Strooss bäidréit.

Da stelle mer fest, dass d'Regierung de Kaf vu Cargobikes ënnerstëtzt, andeems dës duerch eng Prime staatlech subventionéiert ginn. Dëst ass säit leschtem Oktober déi lescht staatlech Subventioun fir all d'Bierger, vu dass et bei den normale Vëloen an E-Vëloe Krittäre ginn, wéini een hei nach eligibel fir eng Subventioun ass. Bei de Cargobikes ass dat net de Fall. Déi huet all Bierger zegutt. Da stelle mer fest, dass d'Gemeng Diddeleng de Kaf vu Cargobikes ënnerstëtzt, andeem dës duerch eng Prime vun der Gemeng op Vëloe subventionéiert ginn. Andeems d'Diddelenger Gemeng sech un d'Prime vum Staat souzesoen drunhänkt, fërdert d'Gemeng d'Uschafe vu Cargobikes bei de BiergerInnen. Da stelle mer fest, dass d'Gemeng Diddeleng, andeems se good Practice virlieft, de BiergerInnen d'Virdeeler vun dëser Form vun duusser Mobilitéit ka virliewen. Dat denken ech ass mat dee wichtegste Considerant a mengen Aen.

Wann d'Gemeng Diddeleng iwwerzeegt ass, an dat schéngt se jo ze sinn, andeems se Primen drop gëtt, dass Cargobikes eng Plus-value si fir d'Mobilitéit an Diddeleng an och ronderëm Diddeleng, da gehéiert et och zu engem kohärente Verhale vun enger Gemeng, sech beim Ëmklammen op déi douce Mobilitéit, ech betounen et extra, fir déi Trajeten, wou et méiglech ass, och selwer net draus erauszehuelen. An déi douce Mobilitéit ass och e Kärelement vun eisem nohaltege Mobilitéitsplang vun Diddeleng, dem SUMP. Da stelle mer fest, dass d'Gemeng Esch zwee Cargobikes am Gebrauch huet, déi se och hire Geschäftsleit gratis zur Verfügung stellt. Dozou hat ech Iech an der Annex 3 de Site gesat, wou Der och Detailer derzou fannt, wéi dat bei hinne funktionéiert. Do kann een da kucke wéi dat ausgesäit. Do sinn zwee Cargobikes am Fong an enger Bikebox. Heifir an zu där Box gehéiert dann eng App, iwwert déi d'Geschäftsleit da kënnen de Vëlo reservéiere fir de Moment, wou ee se brauch oder eebe spontan kucken ob een disponibel ass.

Dëst wär dann och de Grond, wisou mir an der Motioun vun zwee Cargobikes schwätzen, an och heifir plädéieren, well mer deen zweespuerege Modell am Fong ganz vill Virdeeler ofgesinn. Esou kann ee gudde Gewëssens als Gemengeservice drop zréckgräifen, ouni de Geschäftsleit de Vëlo souzesoen ewechzehuelen andeems en e selwer notzt. Da géife mer de Schäfferot invitéieren, d'Uschafung vun zwee Cargo-Bikes an der passender Bike-Box am Budget 2026 virzegesinn. Wisou mir déi zwee dra geschriwwen hunn, hat ech grad erkläert. Mat der Bike-Box si mer der Meenung, dass d'Gemeng Esch hei als Good-Practice-Beispill dénge kann, dass eng securiséiert Bike-Box mat der passender App et och erméiglecht, de Commercen ausserhalb vun den Ëffnungszäite vun der Gemeng op d'Offer zréckzegräifen. Wat bei engem anere Modell, wou ee se an engem Atelier oder an engem Schapp géif ënnerstellen, wou een drop ugewise wier, dass e Mataarbechter géif hëllefen, dat ze verléinen, do wier een dann eebe mat der Contrainte vun der Ëffnungszäit.

Dann invitéiere mer de Schäfferot d'Notzung vun dësem am Gemengefuerpark och ze promouvéieren. Heimat ass gemengt, dass de Schäfferot d'Notzung bei de Servicer och promouvéiert, dass u sech duerch d'Eegennotzung vun de Cargobikes fir den ugebuedene Service och Reklamm gemaach gëtt. Dann als lescht géife mer de Schäfferot invitéieren, d'Modalitéite fir d'Verléinen un d'interesséiert Geschäftsleit zesumme mam City Manager an dem Geschäftsverband ze definéieren. Hei géif et ëm den Detail da goen. Wou kënnt déi Box hi stoen? Wéi kann ee se léinen? Wat sinn Do's and Dont's bei där ganzer Geschicht? Kann ee Commerce se och reegelméisseg léinen, wann e beispillsweis wëll testen, ob dat eppes fir säi Geschäft ass oder säi Restaurant oder wat och ëmmer? Ier en sech selwer esou en Deel uschaaft, wou et awer och fir d'Commercen heiansdo schwéier ass ze fannen, wou een deen hisetzt, dass een do einfach eng Kéier gesäit, wat ee sech konkreet drënner muss virstellen.

Wéi kéinten d'Butteker eventuell Virdeeler doduerch hunn, par rapport och zum Onlinehandel? Mir hate virdrun driwwer geschwat. Do kann een u Modeller denken, moies bestellt ee seng Blummen e Buch, e Brëll, Schong oder wat och ëmmer iwwer Telefon oder am Laanschtgoen an et kann ee sech dat bequeem heem liwwere loossen, an da géing et méi séier goen, wéi wann een dat online géing bestellen. Dëst sinn awer alles Iddien, déi, wéi ech drun erwäänt hunn, mat de Geschäftsleit a mam City Manager ze kläre wieren. Dat war elo e klenge Brainstorming einfach vun eiser Säit. An da freeën ech mech iwwert Är Retouren an ech géing Iech invitéieren, dat einfach matzestëmmen. Merci fir d'Opmierksamkeet.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – 3. SCHÄFFEN): Wéi ech déi Motioun gesinn hunn, hunn ech mech dann awer seriö domat beschäftegt an ech hunn awer och eis verschidde Servicer mat an d'Boot geholl, fir dann dem Schäfferot respektiv dann haut dem Gemengerot e klenge Rapport zu deem Sujet do ze ginn. Et war dat d'Service écologique, et war den Développement économique an eise GMP, de Gestion et Maintien du Patrimoine, déi dräi Servicer hu sech da mat mir zesummen ëm déi Motioun hei bekëmmert. A Follgendes hu mer erausfonnt, dass effektiv schonn d'Klimabündnis Lëtzebuerg am Februar 2020 schonn esou eng Demande un d'Gemeng Diddeleng gemaach huet, well si e Pilotprojet mat Cargobiken ausgeschafft haten a se wollten de Klimabündnisgemengen déi Biken zum Testen zur Verfügung ze stellen. Dat Zil war effektiv, dass lokal Entreprisen an d'Servicer vun der Gemeng mat deem Cargobike géifen duerch Diddeleng fueren.

De Service écologique huet déi Demande och un de GMP an och un de Geschäftsverband direkt weiderginn an huet nom Interesse gefrot. De Geschäftsverband hat keen Interesse dorun, well keng Memberen dovunner wollte profitéieren an och, wéi gesot, kee Member vum Geschäftsverband hat Interesse dorunner. Eise GMP hat och kee Bedarf fir esou ee Service, well de Volume vun den Aarbechten, déi se leeschte vill ze vill kleng ass. Dat heescht, d'Material passt net ganz op de Vëlo, sou dass si gezwonge waren op d'Camionnette auszewäichen. An déi Leit, déi Servicer, déi sech konnte virstellen, mat engem Cargobike ze fueren hu sou wéineg Material, dass se kee grousse Vëlo gebraucht hunn, do ass eisen normalen E-Bike duergaangen. Dir wësst, dass eis Servicer du E-Biken ugeschaft hunn, fir kënnen duerch Diddeleng ze fueren. 2024 ass de Vëlo

Diddeleng mat der selwechter Iddi op d'neit un d'Gemeng erugetrueden, mee wéinst Manque d'Interêt an enger klorer Definitioun vun der Gestioun an Organisatioun ass dee Projet do net weidergefouert ginn.

Et muss ee wëssen, dass e Cargobike mat engem Transportvolume vun ronn 180 Liter a gudder Qualitéit, dee kascht haut um aktuelle Marché têschent 3.000 a 6.000 Euro, dat kann natierlech och nach méi héich ginn, deemno wéi performant dat Gefier ass. Den Escher Cargobike, hu mer eis soe gelooss, huet plus minus 11.800 Euro kascht. D'Stad Esch huet an hirem Conseil op Demande vun deene Gréngen dann och en Devis gestëmmt vu 50.000 Euro, fir kënnen déi zwee Cargobiker an der Uelzechtstrooss ze installéieren an der Geschäftswelt zur Verfügung ze stellen. A bei de Briller Schoul hu si eng Garage opgeriicht vun 3,5 op 5 Meter, fir kënnen déi Véloen ënnerdaach ze setzen.

No Récksprooch mat dem Responsabele vum Projet zu Esch, dee réischt viru kuerzem effektiv ugefaangen huet, seet hien eis, dass dat alles kee Selbstläufer ass a schwéier ëmzesetzen ass. Nëmme wéineg Geschäfter géife vum Cargobike profitéieren, dofir kënne se eis och nach keng konkreet Erfarungswäerter matdeelen. D'Haaptplaz, wou esou eppes zu Diddeleng sënnvoll wier ass ganz kloer d'Niddeschgaass bis bei d'Gemengeplaz an d'Plaz am Duerf. Do sinn nämlech déi meescht potentiell Geschäfter. Bei der Gemeng si keng Garage méi fräi, wou mer kënnen esou ee Cargobike ënnerstellen, soudass eng Garagebox muss ënner anerem op enger Plaz opgeriicht gi fir déi Véloen ënnerdaach ze kréien. Déi eenzeg Plaz, wou nach eventuell eng Méiglechkeet wier, wier am Park Mayrisch, e Stéck hannert der Kierch, mee do ass se och aus dem Bléckfeld vum Public, wat mer och net wëlle maachen.

De President vum Geschäftsverband gesäit nach haut och ëmmer keen Nëtzen dran, dass seng Memberen dat wëllen. An en huet mat hinne geschwat a si hunn och nach haut keen Interêt drun, d'selwecht wéi 2020. Eisen Agent de la Ville huet och eng änlech Ausso gemaach, betreffend eis Presenz vun der Gemeng, och net domadder ze fueren, ze kleng, onhandlech an ze opwenneg. An och wann elo eng Plaz fir d'Garage a Modell Vëlo definéiert wier, bleiwen nach vill Froen, déi musse gekläert ginn, sou wéi de Projet hei zu Diddeleng kéint ëmgesat ginn.

Follgendes misst gekläert ginn: Wéi kann ee esou e Cargobike reservéieren? Online, bei engem Gemengeservice? Wie mécht den Entretien, d'Gemeng, de Geschäftsmann oder vläicht en drëtten Ubidder? Wéi kann een d'Benotze kontrolléiere fir Abusen ze verhënneren? Zum Beispill ze schwéier Stécker transportéieren, Persounentransport ze evitéieren an der Këscht zum Beispill? A wou ass de Vëlo drun? Wou gëtt en ofgesat? Wie kënnt op fir déi Käschten? De Kaf, d'Assurance, d'Promotioun, den Entretien an de Stroum? Wéi kréie mer am beschten dëse Projet un d'Geschäftsleit an un d'Personal vun der Gemeng vermëttelt? Och dat ass eng Iwwerleeung, déi ee misst ugoen.

Well de Projet aktuell nach an de Kannerschung stécht zu Esch, an dowéinst nach keng Erfarungswäerter do sinn, mécht et net vill Sënn, einfach elo een, zwee Cargobiker ze kafen, se bei iergendenger Plaz verstëbsen ze loossen, vu dass keen se hëlt. Mir sollten och de Projet vun Esch net einfach kopéieren an op eisen eegene Projet hei realiséieren. Dofir sinn déi Maschinne vill ze vill deier. Aus dësem Grond gi mer en negativen Avis fir d'Aféiere vun engem Cargobike zu Diddeleng, fir d'Geschäfter an d'Personal vun der Gemeng. An dat ass ënnerzeechent vun eisem City Manager, eisem Service Ecologique, eisem GMP an och eisem Service Circulation. Dat ass dann déi offiziell Stellungnam vum Ëmweltschäffen un de Gemengerot.

Ech géif mer awer erlaben, meng perséinlech Meenung hei anzebréngen. Nodeems dass mer haut rëm eng Motioun hätten, wou se an enger anerer Gemeng geknäipt hunn, nodeem mer an der leschter Gemengerotssitzung eng Motioun hate wou se rëm geknäipt hunn an enger anerer Gemeng fir net Esch ze nennen, erlaben ech mer hei ze soen, wann déi Gréng keng eege Visiounen hunn, wann déi Gréng keng eegen Iddien hunn, wannechgelift haalt op, an anere Gemengen eppes knäipen ze goen an eis zu Diddeleng am Gemengerot eis Zäit ze verhonzen, fir esou Motiounen ze stëmmen. Dat ass meng perséinlech Meenung.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Voilà, dat nieft der politescher dann déi perséinlech Meenung, well elo nach hei déi aner Parteie wëlle Stellung dozou huelen, da kënne se dat natierlech maachen. Madamm Kemp.

FRANÇOISE KEMP (CSV): Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir begréissen d'Iddi vun der Uschafung vun zwee Cargo Bikes an enger passender Bikebox, fir d'lokal Logistik méi nohalteg an effizient ze gestalten. Dës Cargo Bikes sollen integréiert ginn an de Gemengefuerpark inklusiv all néideg Lade- a Maintenance-Infrastrukturen an aktiv un d'Geschäfter an d'Verkéiersservicer promouvéiert ginn. Zesumme mam City Manager an dem Geschäftsverband sollen d'Modalitéite vum Verléinen un interesséiert Geschäftsleit festgeluecht ginn. Duerch dëse Service kënnen d'Geschäfter an Diddeleng hir Wueren zouverlässeg a flexibel liwweren, ouni Käschte fir Bensinn oder $CO_2$-Emissiounen ze verursaachen. D'Cargo Bikes bidden eng Charge bis zu 100 Kilogramm, déi een transportéiere kann, wat d'Liwweren an de Stroossen a Geschäfter vun Diddeleng weesentlech vereinfacht. Dëse Service stäerkt d'Konkurrenzfäegkeet vun de lokale Geschäfter, fërdert e positiven Image als nohalteg an zukunftsorientéiert Gemeng a reduzéiert de motoriséierte Verkéier an de Stroossen. Mat der Implementatioun vun de Cargo Bikes positionéiert d'Gemeng sech als innovativ an ëmweltbewosst, déi gréng Mobilitéit praktesch ënnerstëtzt a seng Bierger an Händler aktiv profitéiere léisst. Merci.

MARC MEYER (DP): Merci fir d'Wuert. Als Member vun der DP, déi jo bekanntlech och déi douce Mobilitéit ënnerstëtzt an och fir d'Geschäftswelt steet, hunn ech mir d'Motioun vun déi Gréng ganz opmierksam ugekuckt. En effet, kléngt d'Iddi vun der Beschafung vun zwee Cargobikes, déi de Geschäftsleit hei zu Diddeleng sollen zur Verfügung gestallt ginn, ganz interessant. Ufanks duecht ech nach, dass et mat engem Vëlo och géif duergoen, ma fir dass wann dann e Geschäft oder Servicer vun der Gemeng méi oft sollten op dëse Vëlo zréckgräifen, wier et dach nëmme

schued, dass dofir aner Geschäftsleit, bei der Reservéierung dee Moment vum Cargobike just ëmmer géifen e „pas disponible“ als Äntwert kréien. Wann ech bedenke wéi vill Euro d'Sta Diddeleng järlech fir de Projet Vël'OK ausgëtt, fält d'Beschafung vun dësen zwee Bikes jo vergläichsweis och net grad esou an d'Gewiicht. An dofir denken ech, dass mir dës nei Iddi sollten ënnerstëtzen. Am Fall wou mir da stëmmen, fir eis dës zwee Vëloen unzeschafen, kéint een dee Moment jo no zwee Joer oder no engem Joer e Bilan vun der Notzung presentéieren, wou een da gesäit, ob dës Iddi sech bewäert huet oder eeben net. Fir mäin Deel wäert ech dëse Punkt op alle Fall matdroen. Merci.

FABIENNE DIMMER (LSAP): Merci fir d'Wuert. Cargobikes. Ech hunn iergendwéi d'Gefill, wéi wann op Biegen a Brechen, iergendeppes muss duerchgesat ginn, wou bis elo nach keen een derno gefrot huet. Weeder haut nach gëschter, nach virun engem Joer, nach virun zwee Joer, an awer kommen ëmmer erëm déi selwecht Froen. Mir hunn eng kleng Geschäftsstrooss, mir hunn e Busreseau, mir hunn e Flexbus, deen d'Saachen och de Leit virun d'Dier féiert. Mir hunn Hiwwelen, also ech wëll elo net soen, mir hätte Bierger, mee ech gesinn awer schlecht ënnen den Elektrobuttek e Frigo vun 100 Kilo, de Keeler Bierg eropfuere mat engem Cargobike, wou e säi Frigo dann iergendwéi op dee Cargobike gemaach huet.
Dat heescht, et ass einfach emol keng Demande do. Wär elo schonn eng grouss Demande do gewiescht, hätte mer jo verstanen. Mee et ass keng Demande do. Et si 50.000 Euro, wou et Esch kascht. Zu Esch nogefrot, hu se eis gesot, et gëtt am Moment quasi net benotzt. Et ass e Budget vu 50.000 Euro, pardon, deen Esch gestëmmt huet derfir. Et gëtt dauernd geschwat iwwer Budget hei, iwwer do, dass keng Suen do sinn, an da komme mer mat enger Motioun, wou keen Hunn duerno kréint, an dann hu mer awer op eng Kéier Sue genuch fir 50.000 Euro auszeginn. Mir wäerten dës Motioun net matstëmmen.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools merci. Ech mengen net, dass een ëmmer muss esou nombrilistesch sinn a vu sech selwer nei Iddien hunn. Heiansdo sinn och bausse gutt Iddien an da kann een déi jo och ophuelen. Ech mengen, dass dat elo net onbedéngt negativ ass. Virun allem kann ee jo da vum Retour d'expérience oder vun de Best practices vun deenen anere Gemenge profitéieren, déi da vläicht schonn dee Wee gaange sinn. Zum Beispill kann een hei wéi d'Assurancen, all déi Froen, ech mengen déi hunn d'Escher sech jo scho gestallt an dovunner kéint ee profitéieren. Dowéinst mengen ech, dass et net per se ass, wann een heiansdo kuckt wat aner Gemengen esou maachen. Ech hunn dat och gekuckt. Ech hunn et virun allem witzeg fonnt, well si hire Video fir d'Promotioun hunn, wou se mam Cargobike duerch d'Uelzechtstrooss fueren an et däerf ee guer net mam Vëlo duerch d'Uelzechtstrooss fueren. Dat hunn ech witzeg fonnt.

Ech hat och d'Chance mam Projetsleeder ze schwätzen. Ech hat ëmmer geduecht, dee wär esou genannt ginn, deen ass awer warscheinlech och net déi selwecht Persoun, mat där d'Servicer geschwat huet, well deen heiten ass scho méi laang do an deen ass quasi vun der Gebuert vum Projet do. An deen huet mer och gesot, dass et de Moment net einfach ass, an de Projet nach net esou richteg rullt. Hien huet mer awer erklärt, dass dat virun allem dru louch, dass nach net déi néideg Mëttelen an och déi néideg Zäit do waren, fir eng Sensibiliséierungscampagne, eng Promotiounscampagne ze maachen, fir wierklech ze informéieren, wat dat elo do fir Méiglechkeete sinn, wéi dat fonctionéiert a wat do d'Méiglechkeete fir de Geschäftsverband sinn.

Hien huet mech och drop opmierksam gemaach, an ech mengen dat sollt ee sech och am Hannerkapp behalen, dass déi Vëloen immens imposant sinn an dass een do och net einfach esou drop klëmmt. Also si hu scho geplangt, och do eng Formatioun ze maachen, fir dass een net direkt an den éischte Luuchtepotto an der Uelzechtstrooss domadder knallt. Mam Cargobike dierf een anscheinend schonn duerch d'Uelzechtstrooss. Soudass mir awer scho mengen, dass et eigentlech e flotte Projet ass. A vläicht misst een einfach emol ufänke mat enger Promotiounscampagne, an e bësse kucken, okay, wat kéint den Interêt hei zu Diddeleng sinn? Ech menge wann ee lo einfach eng Kéier bei d'Geschäfter froe geet, braut Der dat? A se soen Neen. Mee vläicht kéint een do sech e bësse méi Zäit huelen an nach eng Kéier kucken, wat ass de Besoin? Och bei de Gemengeservicer mengen ech awer schonn dass et kéint interessant sinn. Mir wëllen deenen awer och elo näischt opzwénge wann déi dat op kee Fall wëllen.

Vum Budget, 50.000 Euro, also ech hunn e bëssen eng Héichrechnung gemaach. Ech menge mir sinn éischter bei deem Duebele wéi deem Véierfachen. Et ass schonn e seriöe Budget, mengen ech, deen een do muss eranhuelen.
Mir wären awer bereet fir dee matzestëmmen, well mer mengen, dass et e flotte Projet ass, deen och kann eis eng Plus-value ginn. De Virdeel, wann d'Gemengepersonal dat géif benotzen an och mat deene Cargobikes géif duerch d'Géigend fueren, dann hätten se och andauernd eng Visibilitéit. Ech mengen de Moment ass zu Esch dat Ganzt elo esou e bëssen an engem Down, well d'Vëloe stinn do, an et gesäit een zwar déi flott Bikebox mat deem Corporate Design, mee se fueren ni a si ginn net benotzt. An dann ass dat ganz schnell am Kapp vun de Leit, dass dat ee Projet ass, deen net fonctionéiert. A wann ee bis eng Kéier net fonctionéiert, da wäert en och net fonctionéieren. Ech mengen dowéinst, wa mer dat dote wëlle maachen, da musse mer prett sinn, soubal mer dat stëmmen a soubal dat do ass, dass dat dann och genotzt gëtt an dass dat da fonctionéiert.

Mir wollten d'Motioun matstëmmen. Ech menge mir wäerten se och matstëmmen. Mir hunn awer e bësse schlecht Gewësse fir elo hei géint den Avis vun esou ville Gemengeservicer ze goen. Mir hunn eis dat ugelauschtert. Mir verstinn dat. Mir wëllen dat net iwwert hire Kapp decidéieren. Mir mengen awer, dass ee scho mol kéint de Budget virgesinn. Dat heescht jo net, dass mer se scho viru vollendet Tatsaache stellen. A mir mengen och, dass mer déi Notzung scho kënne promouvéieren. An et steet jo och do, dass d'Modalitéiten nach solle gekläert ginn. Dat heescht, mir stellen eis elo iwwer kengem säi Kapp ewech a mir wäerten dat doten dann awer ënnerstëtzen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Nach

weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Da gi mer nach eng Kéier un d'Auteuren d'Wuert zréck, an dann nach de Schäfferot, an da gi mer zum Vott.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Da soen Iech Merci fir d'Wuert. Ech soen och Merci fir déi sachlech Ausféierunge vun deem, wat d'Servicer zréckgespillt hunn. D'Fro stellt sech dann allerdéngs, wann et op dee perséinlechen Deel duerno geet. Wéi ass mat deene Servicer geschwat ginn? Wann dat do déi perséinlech Astellung ass, wéi mat der Oppositioun ëmgaange gëtt, wann et ëm eng Visioun geet, eng Visioun vun Diddeleng, wou am SUMP op Hochglanz erausgeprint no méi Mobilité douce jäizt, dann awer iergendwou sech d'Kaz selwer an de Schwanz bäisst, wann et dann ëm d'Ëmsetzung dovu geet. Ech huelen e bëssen aus, fir dat duerzestellen, well ech mengen dat Thema Cargobikes ass eppes, do muss een de Leit iergendwou d'Atoute weisen, ier se et gesinn.

Ech huelen d'Beispill vun Transport vu Kanner mat Cargobikes bei Schoulen. Dat ass och eppes, do hätten nach viru 5 Joer d'Leit gesot: Mee hues du sech nach all? An haut stinn deelweis dräi bis véier Cargobikes do an d'Leit reege sech op bei de Schoulen, firwat keng Parkplaze fir déi grouss onhandlech Vëloen do sinn a firwat dat net méi promouvéiert gëtt, dass déi Saachen, déi eng hallef Parkplaz ewechhuelen an dräi Familljen transportéieren, déi net zegutt hunn. D'selwecht ass et bei där heiter Saach. Et geet drëms de Commerçanten, a mir hunn, dat ass e bësse witzeg, well et sech dann awer widderschwätzt mat deem, wat mer virdru gesot hu mam Onlinehandel. Ech hunn Iech e konkreet d'Beispill opgefuer, wéi een et kéint attraktiv maache fir Liwwerungen innerhalb vun Diddeleng séier an effikass an e Virdeel ze hu vis-à-vis vum Onlinehandel. Wann een dat komplett ausblent an einfach d'Fro stellt: Brauche mer dat, brauche mer dat net? Neen, an den Eck a fäerdeg, dann ass et vum Dësch.

Ech weess net, wéi Der et gefrot hutt, mee wann Der dann där heiter Aart a Weis duergeluecht hutt, wéi Der eis et grad duerleet, dann hätt ech mech als Service och net wierklech getraut, do dergéint ze goen. Quitt. Ech stellen allerdéngs dann och fest, dass déi ganz Mobilité douce, wéi se gelieft gëtt op anere Plazen, an do huelen ech d'Beispill vum Ernster, well mer et virdru genannt hunn. Déi hunn esou e Cargobike an der Stad mat deem se Liwwerunge maachen. Déi hunn en eegene Cargobike dofir. Dann ass et d'Fro, wéi den Här Manderscheid gesot huet, vun der Visioun vun Diddeleng. Ech mengen net, dass mir eis d'Visioun ofkucke ginn, just bei aner Leit. Ech denken, dass mir Good-Practice-Beispiller kucke se fir Diddeleng applizéieren a wuel e Potenzial gesinn.

Mir stelle fest, dass Är Visioun vun Diddeleng, wann ech mer erlabe kann ze soen, hei beim Vëlosummer dee Fiasko virun der Gemengeplaz duerch de Kapp goe loossen, mat deene Parkplazen, déi verschwonne sinn, wou dräi Blummebacke dohinner geraumt gi sinn als begrünte Leitplank fir dass keen erarennt. Da stellen ech och do fest, dass vum Jardins ephémères zu Diddeleng net vill ze gesi war. Do war den Toun: Léif Gréng, mir maachen dat, mir brauchen Är Motiounen net. An, ja, d'Resultat hu mer dann awer gesinn, an dat war relativ schwaach. Nu gutt, Där braucht dat doten och net. Mir kucke weider op déi aner Stied ronderëm, wat do gutt leeft, wat zu Diddeleng besser kéint lafen. Mir wéilten dann awer och nach eng Kéier kuerz de Recapitulatif maache vun de Moien, wou et drëms gaangen ass, wou mer just iwwerdaachte Parkplaze gefrot hunn, wou Der Iech un de Kapp gegraff hutt an de Kapp geréselt hutt, firwat mir iwwerdaachtene Parkplazen an engem verkéiersberouegte Quartier froen an enger Gemengecrèche, wou et dach awer iergendwéi zum Reflex misst gehéieren, wann een d'Bierger dann awer dozou bréngt a seet, hei huelt de Vëlo, huelt de Bus, maacht hei huelt keen Auto. Dat ass einfach net kohärent. A sorry, mee et geet och do net duer.

An och wann Der e Kommiteesmember vu Vëlo Diddeleng, Dir hutt virdrun den Numm an d'Spillwuert Vëlo Diddeleng, hei sëtzt e Kommiteesmember, deen da géint Cargobikes schwätzt, wou ech mech dann awer och froe vun der Kohärenz, vun deem Engagement op där anerer Plaz. Quitt et geet net duer, sech op de Vëlo ze sëtze fir d'Foto beim Mixer op der Journée de la Mobilité, et geet och drëms couragéis d'Visioun vum Vëlo zu Diddeleng ze promouvéieren. An dat geet heiansdo mat engem Risiko ervir, dass een dann einfach muss e Cargobike oder muss iergendwéi an d'Mobilité douce investéieren an dat einfach virliewen. Quitt, mir huelen zur Kenntnis, dass dat hei elo net de Fall ass. Mir fannen et schued, wäerten Iech awer warscheinlech an Zukunft weider Zäit klaue mat Motiounen déi inspiréiert si vun anere Stied, wou Saache gutt lafen a wou vläicht méi open-minded Decideuren um Hiewel setzen. Merci.

FABIENNE DIMMER (LSAP): Ech huele ganz kuerz d'Wuert. Ech hunn ëmmer d'Gefill, wéi wann een eppes, wann et net duerchgeet, wat déi Gréng soen, datt se da schrecklech beleidegt reagéieren. Ech hunn ëmmer erëm dat Gefill an ech fannen et einfach schued. Jo, ech si Member am Kommitee vu Vëlo Diddeleng an ech fuere ganz vill Vëlo an ech soe jo och net hei, et ass komesch, dass d'Hallschent vum grénge Gemengerot permanent mam Auto fiert an déi gesinn ech och ni Vëlo fueren. Just saying.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Jo, ech hu just eng Remark ze maachen. Wann een hei ëmmer vu Good Practicen aus anere Gemenge schwätzt, dann ass et awer komesch, datt déi Good Practicë vun de Gréngen ëmmer just kommen aus Gemengen, wou grad ee Gréngen am Schäfferot ass a genau dat da kopéiert gëtt. An dat ass hei erëm eng Kéier de Fall. Hei war e grénge Circulatiounschäffen, deen dat doten an d'Spill bruecht huet an da muss dat mordikus kopéiert ginn a mir musse mordikus genau dat nämmlecht maachen, amplaz emol ze waarden, wéi do d'Erfarungswäerter wäerte sinn an dann domat ze kommen. Wann Der bis gewuer gitt, datt d'Erfarungswäerter do gutt sinn an datt et gutt ugeholl gëtt, da mengen ech wäert een och hei eng Léisung fannen. Mee hei gëtt einfach virun de Won oder virun d'Lastenrad gelaf, fir da beim Thema ze bleiwen, an dat mengen ech kann et net sinn.

An zu all deem, wat an der SUMP steet, do sti mir, do steet dee Schäfferot a sécherlech och d'Majoritéit heibannen,

mee et muss een awer net mordikus nach eng Kéier, soen ech, virun de Won sprangen.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – 3. SCHÄFFEN): Bon, ech deelen d'Meenung vun der Madamm Thoma, dass gutt Iddie vun anere Gemengen, déi soll ee roueg unhuelen an och hei zu Diddeleng da projezéieren. Dat ass jo net d'Thema. Hei geet et jo um d'Knäipe vu Saachen, déi net klappen, déi net gutt sinn. Mee bon, dat ass eng anere Point de vue. Ech bleiwe bei menger Ausso vun der éischter Phas. Ech wëll awer soen, an ech hunn et schonn d'leschte Kéier gesot, ech invitéieren nach eng Kéier déi Gréng esou Saachen, hat ech gesot gehat, kéint een an enger Ëmweltkommissioun bréngen. An da kéint d'Ëmweltkommissioun elo laang a breet iwwert dee Projet schwätzen.

A wie verhënnert dann d'Ëmweltkommissioun bei d'Klimabündnis ze goen an do en E-Bike vläicht mol ze léinen an dee Projet dann hei mat klorem Kapp a Fouss op d'Been ze setzen. An dann eréischt, wa mer gesinn, dat kéint eppes ginn, dass een dann eréischt, ech hat gesot gehat, mat Kanounen op Spatze schéisst, dann de Gemengerot konfrontéiert mat engem seriöe Projet, mat engem seriöe Budget, an da geet dat och duerch. Awer dat hei ass einfach esou aus der Hëft geschoss, géif de Mars soen, dat bréngt et net. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Gutt, voilà. D'Diskussioun ass ofgeschloss. An da géif ech elo proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn, fir dës Motioun hei ofzestëmmen. ***Wien ass mat dëser Motioun averstanen? Dat sinn natierlech déi Gréng, déi d'Auteure sinn, d'DP, ADR, déi Lénk an d'CSV. Wien ass dergéint? Dat ass d'LSAP.*** Voilà, villmools merci.

# 14. SOLIDARITÉITSRESOLUTIOUN MAT DEM PALÄSTINENSESCHE VOLLEK

**Resolutioun vun der Fraktioun « Déi Lénk »**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Dann, no der Motioun kënnt d'Resolutioun vun déi Lénk, wat Palästina ugeet. An da géif ech do der Autrice der Madamm Thoma Wuert ginn.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools merci, Här Buergermeeschter. Am leschte Gemengerot virun der Summerpaus hate mer eng Motioun agereecht, fir de Schäfferot ze invitéieren, e Kontakt mat de lokalen Autoritéiten zu Jenin opzehuelen an d'Méiglechkeete vun engem Partenariat ze sondéieren. Ech wäert elo haut net méi op déi ganz Diskussioun agoen. Mee mir haten awer festgestallt, dass d'Majoritéit dës Motioun u sech net aus politeschen, mee éischter organisatoresche Grënn ofgeleent hat. Mëttlerweil gëtt et zwee nei Momenter. Éischtens, Lëtzebuerg erkennt de Staat Palästina zënter leschte Méindeg formell un. An zweetens, d'Enquêtëkommissioun vun der UNO huet an hirem Rapport d'Conclusioun gezunn, dass déi israeelesch Regierung definitiv amgaangen ass, e Genozid um palästinensesche Vollek an der Gazasträif auszeüben.
De Moment gi mer alleguer live und in Farbe Zeie vun engem Vëlkermord. Opgrond vu Social Media komme mer net dolaanscht, mir hunn d'Biller gesinn, mir wëssen, dass d'Leit express erhéngere gelooss ginn, dass Hëllefsgidder blockéiert ginn an dass déi eklatant Majoritéit vun den Affer an der Gazasträif Zivilisten a Kanner sinn.

D'Situatioun ass mëttlerweil esou grave, d'Attacke vun der israeelescher Arméi esou schlëmm, dass Médecins sans frontières ugekënnegt hunn, hir Aarbecht a Gaza City mussen aus Sécherheetsgrënn anzestellen. Kee kann duerno soen, en hätt et net gewosst. Als Gesellschaft hu mer net d'Recht, näischt dozou ze soen. An aus deem Grond hu mir haut dës Resolutioun abruecht fir als Gemengerot vun der Stad Diddeleng en Zeechen ze setzen, dës Verbriechen ze condamnéieren an dem palästinensesche Vollek eis Solidaritéit auszeschwätzen. Et ass net fir d'éischt, dass mir dat op dëser Plaz maachen. Am Mäerz 2022 huet dëse Gemengerot, wann och an enger anerer Besetzung, unanime déi russesch Attacken op d'Ukrain condamnéiert an der Bevëlkerung seng Solidaritéit ausgeschwat. Säitdeem hänkt den ukrainesche Fändel dobaussen op der Gemengeplaz an erënnert all Dag un d'Leed vum ukrainesche Vollek. Mir hu probéiert, eisen Text änlech wéi déi deemoleg Resolutioun ze formuléieren, och wa mer dee ganzen Deel iwwer finanziell a logistesch Hëllef erausgeholl hunn, mir wollten nämlech net, dass alt nees eng Resolutioun aus organisatoresche Grënn verworf gëtt.

An eiser Resolutioun erënnere mer drun, dass eis Gemeng déi international Solidaritéit héichhält, an dass och déi lokal Autoritéiten eng Responsabilitéit hunn an Zäite vun humanitäre Katastrophen. An där Logik huet, wéi ech elo grad sot, den Diddelenger Gemengerot scho virun dräi Joer eng Solidaritéitsresolutioun mat der Ukrain unanime gestëmmt. Mir stelle fest, dass d'Enquêtëkommissioun vun der UNO zum Schluss komm ass, dass zurzäit e Genozid an der Gazasträif amgaangen ass. Zur Info, an der Vëlkermordkonventioun si fënnef Tatbestänn definéiert, vun deene just ee muss erfëllt sinn, fir dass e Vëlkermord virläit. D'Enquêtëkommissioun huet der véier festgehalen. Och wann de Konflikt am Noen Oste vill méi al ass, an de Krich net de 7. Oktober 2023 ugefaangen huet, esou stelle mer awer fest, dass d'Situatioun sech säit deem gravéierend verschlëmmert huet.

Mir schreiwen dowéinst an de Considerant, dass d'Hamas mat hirem degueulassen Iwwerfall virun zwee Joer all Reegele vum internationale Recht gebrach huet, awer och, dass dat net kann e Genozid entschëllegen. Schlussendlech erënnere mer och un déi illegal Siidlungspolitik vun der israeelescher Regierung am Westjordanland. Mat all deene Consideranten, op deene mer eis hoffentlech majoritär kënnen eens sinn, proposéiere mer dem Gemengerot souwuel den Iwwerfall vun der Hamas wéi och déi demesuréiert Attacke vun der israeelescher Regierung géint déi palästinensesch Zivilbevëlkerung ze condamnéieren. Mir fuerderen en direkte Waffestëllstand, d'Befreiung vun all de Geiselen an d'Schafung vun humanitäre Korridoren, fir den Accès op Hëllefsgidder ze erméiglechen. Mir propo-

séieren och dem Gemengerot, déi illegal Siidlungspolitik vun der israeelescher Regierung ze condamnéieren an dem palästinensesche Vollek eis Solidaritéit auszeschwätzen. An därselwechter Logik, wéi mer dat bei der Ukrain gemaach hunn, bedeit dat, dass mer och de palästinensesche Fändel op der Gemengeplaz ophänken.

Mir sinn eis bewosst, dass dat hei reng Symbolik ass, et verhéngert kee Kand manner a Gaza, well mir dat hei condamnéieren an de Fändel eraushänken. Mee, wéi gesot, si mir der Meenung, dass et eis Responsabilitéit als Gemengerot ass, en Zeechen ze setzen an net just nozekucken, wa mer kloer wëssen, dass e Genozid amgaangen ass. D'Zivilgesellschaft versteet mëttlerweil net méi, firwat d'Politik esou roueg ass. Säit zwee Joer demonstréieren eng Honnert Leit all Samschden, Woch fir Woch an der Stad. Net méi spéit wéi gëschter war déi gréisste Manif bis elo mat Dausende Leit, zu där 49 ONGe vun Amnesty International iwwer Catch a Smile bis zum Mouvement écologique zesumme mat der Gewerkschaftsfront a politesche Parteien opgeruff hunn. An dräi Lëtzebuerger Residenten hu sech op de Wee gemaach, fir Richtung Gaza ze seegelen an Hëllefsgidder op déi Manéier ofzeliwweren. Gaza ass zu engem Symbol gi fir d'Versoe vun der Politik, déi et net fäerdegbréngt, déi israeelesch Regierung ze sanktionéieren an hir Verbriechen ze stoppen.

An dofir wier et esou wichteg, dass mer heibanne Stellung bezéien. Mir hu probéiert all organisatoresch Schwieregkeeten aus dem Wee ze schafen, fir dass mer einfach kënnen eng politesch Stellungnam huelen. Dat eenzegt Praktescht, wat mer d'Gemeng froen, dat ass e Fändel erauszehänken. De Fändel ze kréien, dat dierft elo net méi esou komplizéiert sinn, well Palästina ass elo mëttlerweil en offiziell unerkannte Staat. Ech hunn och nogekuckt, an et sinn nach genuch Afaassungen am Buedem, fir weider Fändelsstaange virzegesinn, also dat dierft och net de Problem sinn. Ech ka mer awer virstellen, dass elo eng Fro wäert opkommen. Wa mer elo e palästinensesche Fändel eraushänken, wou fänke mer dann un a wou hale mer op? Et gëtt sou vill Krisen a Konflikter op der Welt, mir kënnen net e Fändellabyrinth op eiser Gemengeplaz opbauen.

Jo, et gëtt vill Kricher a Konflikter op der Welt an all eenzegen ass eng Katastroph. Mee am Noen Osten ass net grad iergende Konflikt amgaangen. Do fënnt grad e confirméierte Genozid statt. Déi israeelesch Regierung ass amgaangen e Vëlkermord un de Palästinenser am Gaza ze maachen. De Genozid ass e Verbrieche géint internationaalt Recht a quasi de Crime vun de Crimen. E kann deemno net mat anere Konflikten oder Kricher gläichgesat ginn. Mir mengen net, dass ee kann eng kloer Prozedur opstellen, wéi eng Konditioune mussen erfëllt sinn, fir dass mir hei e Fändel eraushänken. Dat sollt ëmmer eng extraordinär Situatioun bleiwen.

Den ukrainesche Fändel hänkt dobaussen, well et quasi eis Nopere betrëfft, well e Krich um europäesche Kontinent fir eis all eng speziell Envergure huet. Mee e Vëlkermord huet och eng speziell Envergure. Dat eent ass net mat deem aneren ze vergläichen. Mee mir hu Plaz dobausse fir béid Fändelen nieft deem lëtzebuergeschen an deem



europäeschen opzehänken. A schlussendlech, wa mer vum europäesche Kontinent schwätzen, da musse mer eis och an Erënnerung ruffen, dass de Konflikt am Noen Osten enk mat der Geschicht vun eisem Kontinent verflecht ass. Mir sinn net responsabel, mee mir droen eng Verflichtung dofir, eis ze positionéieren, par rapport zu deem, wat de Moment geschitt. Voilà! Domat stelle mer eis Resolutioun zur Diskussioun. Mir si selbstverständlech oppe fir Ëmformuléierungen, falls dat sollt néideg sinn. A mir sinn da lo mol gespaant op d'Diskussioun. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci, Madamm Thoma. Ech géif proposéieren, dass mer, quitt dass dat an eisem Réglement d'ordre intérieur jo net virgesinn ass, mee dass mer, wat d'Resolutioun ugeet, mer schwätzen einfach elo iwwert d'Form, herno iwwert de Fong, d'selwecht verfuere wéi bei der Motioun: kuerz Stellungnam säitens vum Schäfferot, dann eng allgemeng Diskussioun, dann nach eng Kéier Stellungnam vum Schäfferot, respektiv wann Ëmformulatioun ass, dass mer dann zum Vott deementspriechend iwwerginn. Ech wéilt einfach emol domat ufänke fir der Madamm Thoma Merci ze soen, fir dës Resolutioun. D'Resolutioun ass jo eng Opfuerderung, déi de Gemengerot selwer sech gëtt. Dat ass jo den Ënnerscheed par rapport zu der Motioun. An dofir nach eng Kéier Merci, dass Dir dat heiten esou formuléiert hutt. Bon, ech mengen Dir wësst et, d'LSAP ass säit jeehier eng Friddenspartei. An och als aktuell Oppositiounspartei hu mer vun Ufank un dat gefuerdert, wat leschte Méinden stattfonnt huet virun der UNO-Vollversammlung, dass Palästina als Staat unerkannt huet. Déi aktuell Regierung huet sech do méi Zäit gelooss, wou aner Kräften, nieft der LSAP och nach aner, mengen ech, Parteien sech dofir staark och gemaach hunn. An ech mengen do ass jo eng zimmlech large Majoritéit, ech mengen et sinn 150 vun 193 Länner, déi där Reconnaissance effektiv nogaange sinn, där Unerkennung nogaange sinn. Elo weess een natierlech, déi Unerkennung, déi huet e symbolesche Charakter. An ech mengen do ginn et jo och verschidde Vuen.

D'Unerkennung, an och aus Lëtzebuerger Siicht aus, an och vun anere Länner, déi et gestëmmt hunn, ass dat den Ufank vun engem Prozess. Et mussen nach eng Rei Saache kommen. An et sinn eng ganz Rei aner europäesch Länner, mee net nëmmen, déi d'Unerkennung als Schluss gesi vun engem Prozess. Do sinn am Fong verschidde Vuen. Also och wa mer dat symbolesch, och wann dat unerkannt gouf, wësse mer dann ëmmer net, wéi d'Portée schlussendlech wäert sinn, wat dann och d'Unerkennung ugeet, de Palästina als Staat mat sengen Institutiounen, mat de Walen, déi organiséiert ginn, mat deenen Diskussiounen, déi och

lafen, fir eng nei Regierungsbildung och ouni den Hamas. Dat si mengen ech och kloer Diskussiounen, déi am Raum och deementspriechend stinn. Mee ech mengen déi Unerkennung ass schonn e ganz, ganz wichtege Schratt, fir dat och ze maachen. A Richtung vun enger Unerkennung och vun zwee Staaten, Zwee-Staaten-Léisung. An Dir hutt et ugeschwat, et sinn eng Rei Manifestatiounen, déi stattfannen. Effektiv gëschter war déi gréisst, déi bis elo hei am Land stattfonnt huet, fir och do, mengen ech, ganz kloer e Message vu Solidaritéit a vun internationaler Solidaritéit ze weisen. Dofir kann ech elo mol soen, dass mer déi dote Resolutioun och wäerte matdroen. Et kënnt nach déi eng oder déi aner Modifikatioun, déi wäert een nach deementspriechend mat abréngen.

Effektiv d'UNO huet eng Rei Constate gemeet. A mir wëssen, de Fridde gëtt et nëmme wann och déi zwee Staate sech der Saach unhuelen an och um Fridden och deementspriechend schaffen. Ech hunn och e  bësse gekuckt, wéi et am Ausland leeft. Bon, do ginn et natierlech méi Prescriptioune wéi hei zu Lëtzebuerg. Ech muss e bësse kucken, e Bléck a Frankräich, do war net méi spéit wéi d'lescht Woch e ganz interessanten Artikel am Monde, wou eng 90 Buergermeeschteren de gauche de palästinensesche Fändel gehisst hunn, dat trotz dem Verbuet vum Inneminister. Dat hu se gemaach. Ënner anerem Seine-Saint-Denis, Malakoff, Rouen, Paräis huet et e bëssen aneschters gemaach. An natierlech ginn et och Stëmmen, déi soen e Fändel hissen, dat war hei mengen ech dat, wat virgefouert gouf, stricto sensu ass et da just de Fändel vun där Natioun, däers de zougehéiers, vun deem Land, deem s de zougehéiers, respektiv den europäesche Fändelen.

An ech sinn och ganz bei Iech, dass mer elo net sollen eng Panoplie vu Fändelen, well et ginn aner Biergerkricher an och Victimmen, wann ee kuckt, och an Afrika, déi scho säit Joren undaueren, déi vläicht net dann déi Lobby hunn, wéi de Moment d'Ukrain a Gaza duerch déi Mobilisatioun déi och stattfënnt, wou awer och verheerenden Impakt huet op d'Demokratie, d'Demokratieverständnis, op d'Walen. Wou deelweis och Diktature sinn a wou och Leit an Zivilbevëlkerung an Infrastruktur an ëffentlecher Natur zuschued och deementspriechend kommen. Dofir hei och d'Propos engersäits, ech soen et einfach elo mol hei vun hei aus, fir awer nach eppes an d'Consideranten, an da maachen ech d'Diskussioun op fir déi aner Memberen hei aus dem Gemengerot, fir awer nach e Considerant eranzebréngen. Et muss een et vläicht e bësse méi grouss maache fir dass een dat och gesäit. Den Yves an de Patrick maachen dat elo, dass mer en Ajout erabréngen, wann d'Technik da fonctionéiert. Also mir wollten nach an d'Consideranten en Element erabréngen, dass rezent d'UNO am Gazasträif d'Hongersnout deklaréiert huet. Et schéngt mer einfach wichteg, dat awer och nach als Statement am Considerant mat eranzebréngen.

An dann eebe beim Punkt 5, « souhaite exprimer cette solidarité en levant le drapeau palestinien sur la Place de l 'Hôtel de ville jusqu' à un apaisement de la situation dans la bande de Gaza ». Bon, « un apaisement », dat ass zimmlech waste. Dofir géif ech soen, « jusqu' à un cessez-le-feu », wa mer dat och hunn. Dat ka beschtefalls schnell goen. Dat kann natierlech och e bësse méi laang goen. Mee ech menge mir soe jo och virdrun, « exige un cessez-le-feu immédiat ».Ech mengen et ass och dat a Richtung Fridden, wou mer eis jo orientéieren, dass mer dat ëmformuléieren, dat drasetzen. Ech wollt awer och soen, ech mengen, dass et och wichteg ass, an Dir hutt et och virdru gesot, mat de Fändelen, et schéngt mer awer och wichteg ze sinn, wa mer deen dote Fändel aus där doter internationaler Solidaritéit hissen, dass mer och, voilà, de Friddensfändel hissen, dass mer deen dobäisetzen. Ech mengen, dass et och e staarke Message ass insgesamt an der Diskussioun, déi mer féieren, dass mer dat och deementspriechend maachen.
Voilà, dat d'Propos vun dëser Säit aus. An d'Diskussioun ass op.

ROSELLA SPAGNUOLO (ADR): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. D'Lëtzebuerger Regierung huet elo kierzlech jo zu New York de Staat Palästina unerkannt, datt et am Noen Osten zu enger Zweestateléisung kënnt. Mir si selbstverständlech fir de Fridden am Noen Osten, mee mir gesinn awer net d'Noutwendegkeet als Gemeng Diddeleng, fir do speziell Aktiounen ze maachen. Ech soen Iech Merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci, Här Buergermeeschter. Fir d'éischt natierlech och Merci un déi Lénk, d'Carole, fir dës Resolutioun an och fir de klore Kontext, deen s De gesat hues. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, haut si mir virun enger Aufgab, eis zu enger Resolutioun ze positionéieren, déi am Aklang mam laangjäregen Engagement vun der Stad Diddeleng am Beräich vun de Mënscherechter, der internationaler Solidaritéit an der sozialer Gerechtegkeet steet. Mir liewen an enger Zäit, déi vu ville mënschlechen Tragedië gepräägt ass. An esou Situatiounen ass et eis Verantwortung als Vertrieder vun der lokaler Politik, net ewechzekucken. Haut geet et net drëms, an engem ganz komplexen a schmäerzhafte Konflikt Partei ze huelen, mee eis Solidaritéit mat engem Vollek auszedrécken, dat onmënschlecht Leed erdréit. 2022 hu mir kloer gewisen, datt mir hannert dem ukrainesche Vollek stinn, dat vun engem ongerechte Krich betraff war. Haut maache mir dat selwecht fir dat palästinensescht Vollek am Liicht vun der schockéierender Feststellung vun der Enquêtëkommissioun vun de Vereenten Natiounen.

Mir verurteelen ganz, ganz kloer déi schrecklech Dote vum 7. Oktober 2023, genee esou wéi déi vill Gewalt, déi zënterhier d'Leit am Gazasträif getraff huet. Eis Stëmm ass bescheiden. Dat ass och ganz richteg. Mee si dréit awer dozou bäi, Bewosstsinn ze schafen an en Appell un de Fridden, d'Gerechtegkeet an d'Würd vun alle Volleke ze riichten, ouni Ausnam. Nach gëschter huet déi Manifestatioun mat ronn 5600 Leit gewisen, wéi vill d'Solidaritéit hei zu Lëtzebuerg vis-à-vis vum palästinensesche Vollek duerstellt. An dësem Geescht wäerte mir dës Resolutioun zur Solidaritéit mam palästinensesche Vollek ënnerstëtzen a si frou am Fong héieren ze hunn bis elo, datt et op eng breet Akzeptanz an dësem Gemengerot gestouss huet. Merci.

CLAUDE MARTINI (CSV): Villmools merci fir d'Wuert. Mir hunn d'Resolutioun vun deene Lénke gelies gehat, mir hu se am Kommitee diskutéiert gehat. An de Knackpunkt vun

eiser Diskussiounen, dat war haaptsächlech de Fändel. De Fändel, well mer eis och ënnert anerem d'Fro gestallt hunn, wéi vill Blutt muss fléissen, bis mer e Fändel ophänken. Et ass dat e bësselchen den Haaptdéngen. Virun e puer Joer do war e ganz schrecklecht Evenement an Afrika mat Boko Haram, wou e ganz Koup Meedercher entfouert goufen. A mir kéinten esou weiderfuere mat Evenementer. An, jo, ech weess, dass Palästina mat enger gewëssener Lobby ze dinn huet och am Moment, wou dat lo effektiv och sech no vir spillt. Awer reng ethesch gesinn deet et mer awer schonn e bësselchen, net wéi, ech wëll dat lo net pejorativ ausdrécken, mee ech fannen awer schonn e bësselche mulmeg fir dann, jo, deen do hänke mer elo eraus, well déi eng Lobby hunn an op anere Plazen, wou ganz schrecklech Saache geschéien, doriwwer gëtt net emol méi geschwat.
A wann Der scho vum Friddensfändel schwätzt, froen ech mech, ob elo net de Friddensfändel aleng géif duergoe fir ee Symbol ze setzen? Dat ass virun allem meng perséinlech Meenung, awer och déi vun ons, vun onser Sektioun.

An dann hätte mer en zweete Volet, deen ech net ze vill grouss wëll schreiwen, mee mir hate vun e puer Joer eng Kéier gesot, dass mer eis haaptsächlech mat lokale Problemer géifen auserneesetzen, dass mer net eng Chamber bis wären. An ech fannen, dass dat heiten e Sujet ass, deen haaptsächlech an enger Chamber diskutéiert gëtt, wou s de eng national Positioun hëls. An dat maache mir net. Ech fannen dass mir e bëssen ze wäit aus eiser Funktioun erausginn. A jo, ech wollt déi zwee dee Messagen deelen. Vläicht si mer oppe fir eng Diskussioun oder fir e Retour vun Iech, Här Buergermeeschter. Ech hu gesot, vu que dass ech déi zwee Punkten elo ugeschwat hunn, vläicht wëllt Der e Retour dozou ginn, wéi Der dozou stitt? Well mir hu gesot, mir si keng Chamber bis hei, mir géife sou Sujeten am Fong net onbedéngt hei uschwätzen, déi an der Chamber scho laang diskutéiert goufen.

MARC MEYER (DP): Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Selbstverständlech verurteelen ech zudéifst d'Attack vun der Hamas op Israel am Joer 2023 a fannen et schrecklech an onmënschlech, dass si d'Geiselen, déi si deemools gekidnappt hunn, zum deels nach ëmmer net all fräigelooss hunn. Genau esou fannen ech et ganz schlëmm, wéi déi palästinensesch Bevëlkerung leit a si hu mäin déifsten a vollstent Matgefill. Ma hätt d'Hamas d'Geiselen erëm fräigelooss, wier d'Situatioun am Noen Osten elo warscheinlech eng aner an d'Attacke vun Israel hätten eventuell souguer scho längst opgehalen. Wéi jiddereen heibanne weess ech och, dass d'Bevëlkerung déi ass, déi meeschtens ni dofir kann, an awer am meeschte wärend arméierte Konflikter leit. An ech wënsche mir och vu ganzem Häerzen, dass endlech Rou a Fridden an dëser Regioun, nämlech dem Noen Osten, antrëtt. Ma ech wënsche mir de Fridden och fir de Rescht vun der Welt. Arméiert Konflikter, Krich, Barbarei an ethnesch Säuberunge ginn et och nach an anere Regiounen op dëser Äerd. Och wann op dës net ëmmer mat groussen Artikelen an eisen Zeitungen opmierksam gemaach gëtt.

De Fändel vu Palästina, hei virun eiser Gemeng opzehänken, gesinn ech net an. Da misste mir nämlech och nach vill nei Fändelsstaangen opstelle fir d'Fändele vun all deenen anere Länner, an deenen Ongerechtegkeete geschéien. Jo, den ukrainesche Fändel hänkt virun eiser Gemeng. Ma d'Ukrain ass als souverän unerkannte Staat mat enger demokratesch gewielter Regierung ënnert engem komplett absurde Virwand vu Russland attackéiert ginn, ouni offensichtlech Provokatioun, mam Zil, dat Land komplett ze iwwerhuelen an déi ukrainesch Identitéit ze zerstéieren. Dat Eenzegt, wat een der Ukrain virwerfe kann, ass, dass si selwer wollten decidéiere wou a wéi si hir Zukunft gesinn. Des Weidere kann een hei och erwänen, dass d'Ukrain och zënter mëttlerweil iwwer dräi Joer, nämlech säit Juni 2022, en EU-Bäitrëttskandidat ass. Den 23. Juni, fir genau ze sinn. Egal wéi, ass et fir mech onvertrietbar, de palästinensesche Fändel hei virun eiser Gemeng opzehänken, esou laang och nëmmen nach eng israeelesch Geisel vun der Hamas festgehale gëtt, och wann d'Hamas net dat ganzt palästinensescht Vollek representéiert, ma trotzdeem. Merci.

FABIENNE DIMMER (LSAP): Merci fir d'Wuert. Mir begréissen als LSAP Diddeleng, dass Lëtzebuerg Palästina als Land unerkennt. De Fändel auszehänken, ass e symbolesche Solidaritéitsgeste, als Zeeche vu Solidaritéit mat der palästinensescher Zivilbevëlkerung. D'Integrated Food Security Phase Classification, kuerz IPC, ass e System dee vun UN -Agenturen an ONGs benotzt gëtt, fir d'Ernärungssécherheet anzeschätzen. Den 22. August 2025 ass d'offiziell Hongersnout, IPC Phas 5 an der Gaza confirméiert ginn. Eng UNO-Enquête-Kommissioun, Independent International Commission of Inquiry on the Occupied Palestinian Territory, ass de 16. September 2025 zur Conclusioun komm, dass Israel e Genozid géint d'Palästinenser am Gazasträif mécht. D'Zil ass et, d'Wäerter vun der Mënschewürd, dem Fridden an dem Vëlkerrecht ze ënnersträichen. Mir mussen eis bewosst sinn, datt de Fridden am Noen Osten nëmme ka bestoen, wann d'Recht an d'Dignitéit vu béid Vëlker respektéiert sinn Dëst ass e klore Message vun Humanitéit, Fridden a Solidaritéit, dee mer de Biergerinnen an de Bierger schécken. Dës Symbolaktioun ass ausdrécklech kee politeschen Akt, a mir statuéieren eis och net an dësem politesche Konflikt, mee eng humanitär a friddlech Solidaritéitsgeste fir d'Zivilbevëlkerung.

Perséinlech ganz kuerz zu deenen dräi Lëtzebuerger, déi op deene Booter sinn. Et waren der ëmmer nëmmen zwee. Et waren der ni dräi. Déi eng Persoun ass éischter heemgeflunn. Vun deenen zwee ass nach een um Boot. An deem säi Boot ass d'lescht Nuecht ënnergaang. Et ass Waasser an d'Boot komm. Ech selwer si permanent a Kontakt mat him, well ech säin Emergency-Kontakt sinn. Ech war och elo am September a Bosnie rëm iwwert eng Woch op enger Plaz, wou ech vill Palästinenser a souguer Leit aus der Gaza getraff hunn, déi ënnerwee sinn an Europa. Ech si gespaant wéi Europa se elo erëm ophëlt. Ech soen dat ganz kuerz derzwëschent. An dofir ass et fir mech och immens wichteg, an ech sinn och immens frou, dass mer dës Resolutioun matdroen an de Fändel aushänken. Vill vun Iech si sech oft net bewosst a ware warscheinlech nach ni op Plazen an hu warscheinlech nach ni mat Leit geschwat, déi iwwerhaapt emol aus engem Krichsgebitt kommen.

Kee vun Iech. Oder déi Allerwéinegst. An déi zwee Jongen, déi ech aus Gaza elo am September getraff hunn, ech hu se

ugekuckt, sot ech: Wéi, dir kommt aus Gaza? Wéi hutt dir dat da rausgepackt? Well si hunn der rausgepackt, well se am November aus Gaza gaange sinn, d'lescht Joer. Si waren an der Türkei déi lescht Méint an hunn eeben elo de Wee fonnt. Do niewebäi hunn ech duerno nach zwou Famillje mat klenge Kanner aus dem Westjordanland getraff, déi elo eréischt virun zwee Méint fortgaange sinn, well d'Konditiounen inhuman sinn. Doduerch, ech wëll dat just als kleng Bemierkung nach dertëschent ginn, a mir droen dës Resolutioun mat. Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools merci. Ech soen e grousse Merci un d'LSAP an un déi Gréng, dass se déi Resolutioun hei esou ënnerstëtzen. Déi Ännerungsvirschléi, déi d'LSAP proposéiert, domadder kënne mer méi wéi liewen, dat ass tipptopp an der Rei esou fir eis. Als kuerz Reaktioun op d'CSV an op d'DP. Neen, de Gemengerot ass keng Chamber bis, ech menge mir hunn dat schonn e puermol hei gesot, mee et ass jo net fir d'éischt, dass mer elo esou eng Solidaritéitsresolutioun stëmmen. A wéi ech gesot hunn, ech mengen heiansdo verlaangt d'Gravitéit vun der Situatioun, dass jidderee Stellung bezitt, egal op wéi engem Niveau, ob dat op lokalem, op nationalem oder regionalem Niveau de Fall ass. Wat de Fändel ugeet esou, jo, et gëtt e gewëssene Lobbyismus vun de Palästinenser.

Dat ass eng Cause, déi international immens héich ass a wou et immens vill Notioune gëtt am Bewosstsinn vun der Bevëlkerung international, dass dat doten e wichtege Fall ass. Wéi ech ugeschwat hunn, et ass e Symbol ginn, e Symbol vun awer e bësse Versoe vun der Politik, déi nokuckt, wärend jiddereen op TikTok an op Instagram gesäit, wat lass ass. An zu der Unzuel oder de Fändelen. Ech hu probéiert a menger Introduktioun dorobber anzegoen. Selbstverständlech gëtt et enorm vill Misär op der Welt. Mee e Genozid ass awer ëmmer nach e Schrëtt, en Tick driwwer. Ech mengen et gëtt näischt méi Schlëmmes als Crime wéi e Vëlkermord. An dat sollte mer net relativiséieren.

An och mäin zweete Punkt, mat der Verantwortung vun Europa, sollt een awer och net ignoréieren. Ech mengen, dass mer do eng gewësse Verantwortung awer och droen. Un d'DP, ech mengen net, dass ee kann de Fall vun der Ukrain a vu Palästina matenee vergläichen. Déi si sou ënnerschiddlech, ech wéisst net, wou een do géif ufänken déi zwee mateneen ze vergläichen. An d'Fräiloossung vun de Geiselen exigéiere mer expressément an eiser Resolutioun. A selbstverständlech, mengen ech, sti mer do och all dohannert. An dëst gesot, mir sinn d'accord mat deenen Ännerungsvirschléi a wieren da frou, wann déi Resolutioun, sou wéi se elo proposéiert ass, mat den Ännerunge vun der LSAP, kéint gestëmmt ginn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci nach eng Kéier, Madamm Thoma, fir Är Ausféierungen. Ech wéilt elo net nach eng Kéier widderhuelen, wat ech virdru gesot hunn. Ech wëll just soen, ech mengen, och wa mer nieft dem palästinensesche Fändel och, wéi gesot, de Friddensfändel mat aushänken. Ech mengen, et ass jo och e Clin d'oeil, symbolesch, fir och all déi aner Konflikter, déi op der Welt sinn. Ech mengen, dass mer op deem dote Wee och e staarke politesche Message als Stad Diddeleng ginn. Et ass jo net esou, dass een als Gemeng oder als Stad sech net soll kënnen zu der internationaler politescher Situatioun soll äusseren. Dat kann een absolutt maachen. An dat soll een och maachen. Dat heiten ass jo och, dat Dokument, dat mer hei virleien hunn, wou mer ofstëmmen, dat ass jo och eng Resolutioun. An dat ass jo och eng Resolutioun, dofir hunn ech dat am Ufank gesot, och vun der Form hier, wou mer eis als Stat Diddeleng selwer an d'Responsabilitéit huelen. Selwer d'Responsabilitéit, dass mer international Solidaritéit bekundegen.

Virdrun ass dat Wuert vun der Ukrain gefall. Do hate mer eng Motioun, déi hu mer weiderginn un d'Regierung. D'Resolutioun hei, déi bleift hei an der Stat Diddeleng. A mir bekunden doduerch natierlech, eng ganz Rei Aussoen, déi mer hei maache fir den Enn vum Krich, fir d'Fräiloossung vun den Affer an och fir d'Krichsgefaangenen, respektiv dann och fir de Fändel, fir och déi Solidaritéit ze weisen.Ech sinn absolutt bei Iech, Här Martini. Mir waren ni eng Chamber bis. Mir wäerten och keng ginn. Dat verhënnert awer net, dass mer zu gegeebene Zäitpunkten och international Solidaritéit an och international Gréisst weisen. An dat hu mer gemaach 2016, wéi mer de Foyer pour Demandeurs de protection internationale opgemeet hunn. Dat hu mer deemools hei mat der Ukrain gemeet. A maache mer awer och elo an dësem neie Moment vun der Unerkennung vu Lëtzebuerg vum Palästinenserstaat, andeems mer och hei vun der véiertgréisster Stad awer och e staarke politesche Message ginn och wat d'Mënscherechter ugeet effektiv am Kader vu Konflikter, déi stattfannen. Dat nach vläicht dann zum Ofschloss vun der Diskussioun. An da wann och fir d'Madamm Thoma do déi Formulatiounen, Ëmformulatiounen an der Rei sinn, dat ass jo dann och gutt. An da, jo, géif proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn.

CLAUDE MARTINI (CSV): Also mir géife se am Fong ganz gäre matstëmmen, mee de Punkt 5, deen ass fir eis awer en Hindernis fir se matzestëmmen. Ganz kloer. An ech denken, dass dat, also déi aner schwätze fir sech, mir schwätze fir eis. Also de Punkt 5, wa mer dee kéinten eraushuelen, dann hätte mer guer kee Problem domadder. Mee fir de Rescht hu mer wierklech en ethesche Problem domadder, dass mer net wëssen, wou fänke mer un a wou hale mer op? MatÄren Argumenter, wou Der gesot hutt, mee wéi gesot. Up to you, hein? D'hänkt u jidderengem fir sech ze entscheeden, wéi Der mat. Et wär e staarkt Zeechen, wa mer eis awer géifen alleguer eens ginn iergendwéi, mee, voilà.

MARC MEYER (DP): Genau wéi den Här Martini sinn ech och dofir, dass mer e Friddensfändel hei ophänken, fir en Zeechen ze setzen. Well ech menge mir si jo fir Fridden iwwerall op der Welt. Deemools, wou d'Geisele gekidnappt gi sinn an déi Onmass u Leit ëmbruecht gi sinn hu mer jo och keen israeelesche Fändel opgehaangen. An et ass genau wéi den Här Martini gesot huet: Wéi vill Blutt muss dann elo fléissen, fir dass een et verdéngt huet e Fändel hei virun eis Gemeng ze kréien? A mat engem Friddensfändel, ech mengen domat wäre mer bestëmmt dach alleguerten averstanen an da kéinte mer dat heite geschlossen an zesumme stëmmen, wat jo awer wierklech als Diddelenger Gemeng e grousst Zeeche wär. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Pardon, Madamm Spagnuolo, an da géif ech mengen ech d'Diskussioun zoumaachen, well ech wëll lech hei nach eng Kéier kloer betounen, ech hunn um Ufank gesot, vun der Form hier hale mer dat an, wéi bei der Motioun. Ech maachen net nach eng Kéier d'Diskussioun hei op. Dat war lo schonn eng Ausnam, Här Meyer, mat lech. Madamm Spagnuolo, Dir kritt och nach d'Wuert. An da gi mer zum Vott iwwer.

ROSELLA SPAGNUOLO (ADR): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Jo, ech wollt mech och nach ganz kuerz halen a mech uschléissen der CSV an och der DP. Wann de Punkt 5, wa mer dee kéinten ewechloossen oder de Friddensfändel ophänken, dat wier ok. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer zum Vott iwwer mat der Propositioun, der Modifikatioun par rapport zu der Resolutioun, sou wéi se hei virgestallt gouf, well ech wëll nach eng Kéier och hei festhalen, dass ech elo vun der Autrice vun der Resolutioun keen anere Message kritt hunn. Voilà, ech mengen dat ass jo och wichteg, well et ass d'Madamm Thoma déi Autrice ass vun dëser Resolutioun. Gutt, da géif ech zum Vott iwwergoen. ***Wien ass mat der Resolutioun averstanen? Dat si Stëmme vun déi Gréng, LSAP an déi Lénk. Wien ass dergéint? Den ADR. Wien enthält sech? Dat ass d'DP an d'CSV.*** Gutt, merci. Jo, et ass jo notéiert am Déngen. Mir hunn eng Majoritéit, jo.

## 15. FROEN UN DE SCHÄFFEROT

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Gutt, dann nach den nächste Punkt, do hate mer dräi Froen, déi wäerte mer am Laf vum Mount beäntwerten. Dat waren dräi Froen, déi vun deene Gréngen erakomm sinn. Déi wäerte mer am Laf vum Mount beäntwerten, sou wéi d'Gemengegesetz eis dat effektiv och vu Méiglechkeet gëtt. An déi aner Fro wou och nach eng Rei Recherchë mussen och gemaach gi vun eise Servicer, soudass mer dat wäerten dann am Laf vum Mount noreechen. An da komme mer och schonn an de Huis clos, voilà. Villmools Merci och der Press fir hir Präsenz.

**Déi Gréng - Questions au sujet de l'éclairage extérieur du complexe scolaire Strutzbierg**

Monsieur le Bourgmestre,
Mesdames et Messieurs les échevins,

Au nom de déi gréng Dudelange, nous vous prions de bien vouloir prendre position quant aux questions suivantes lors du prochain conseil communal. Lors de nos passages à proximité du complexe scolaire Strutzbierg, nous avons constaté que les luminaires extérieurs restent allumés toute la nuit. Leur intensité paraît assez forte, pour ne pas dire excessive. Nous comprenons bien que le facteur sécurité joue un rôle essentiel, mais nous souhaitons également attirer l'attention sur les effets négatifs possibles en termes de pollution lumineuse et sur la biodiversité nocturne. À ce



titre, nous aimerions obtenir des explications sur plusieurs points :

1. Était-il initialement prévu que l'éclairage extérieur reste actif avec une telle intensité pendant toute la nuit ?

2. Ces installations sont-elles équipées de systèmes permettant de réduire l'intensité (éclairage dimmable) ou de les adapter à certaines périodes de l'année ?

3. Si oui, est-il possible que ces dispositifs ne fonctionnent pas correctement actuellement, par exemple en raison de la période de misaison ?

4. Enfin, ne pourrait-on pas envisager, pour une meilleure gestion énergétique et environnementale, la mise en place d'un éclairage dynamique avec détecteurs de présence dans les zones de passage, combiné à un variateur crépusculaire pour les espaces de repos et de rencontre ?

Nous souhaiterions avoir des précisions sur les intentions du collège à ce sujet, et savoir si des ajustements sont envisagés afin de concilier sécurité, confort et respect de l'environnement.

Dans l'attente de votre réponse, veuillez agréer, Monsieur le Bourgmestre, Mesdames et Messieurs les échevins, l'expression de notre parfaite considération.

Semiray Ahmedova Yves Steffen

***Réponse du collège des bourgmestre et échevin·es***

Madame, Monsieur,

Le parti « Déi Gréng » a remis le 23 septembre 2025 (date de la lettre : 29 septembre 2025) au collège des bourgmestre et échevins une série de questions concernant les luminaires extérieurs du complexe scolaire du Strutzbierg. Vous trouverez ci-dessous les réponses du collège des bourgmestre et échevins à ces questions.

Question 1 : Était-il initialement prévu que l'éclairage extérieur reste actif avec une telle intensité pendant toute la nuit ?

Dans le cadre du projet, il avait effectivement été prévu que l'éclairage extérieur demeure en fonctionnement durant toute la nuit, et ce à une intensité conforme aux

exigences de sécurité. Cette décision repose sur plusieurs considérations :

• Sécurité des usagers : la présence régulière de citoyens, notamment en lien avec les activités en soirée au centre sportif Strutzbierg, nécessite un niveau d'éclairage suffisant afin de prévenir tout risque d'accident ou d'agression.

• Normes et recommandations : le dispositif d'éclairage a été conçu en tenant compte des prescriptions de la norme européenne EN 13201 relative à l'éclairage public, ainsi que des recommandations luxembourgeoises en matière de sûreté des espaces publics.

• Accessibilité continue : l'éclairage permanent garantit une circulation sécurisée des piétons, cyclistes et usagers motorisés, particulièrement durant les heures nocturnes. Présence d'un système d'éclairage de sécurité : certains luminaires assurent également une fonction de sécurité minimale en cas de coupure de courant ou d'évacuation d'urgence, ce qui impose un certain niveau d'éclairage constant, indépendamment de la fréquentation.

En conséquence, le maintien d'un éclairage nocturne complet répond à une obligation de sécurité publique et correspond à une conformité réglementaire.

Question 2 : Ces installations sont-elles équipées de systèmes permettant de réduire l'intensité (éclairage dimmable) ou de les adapter à certaines périodes de l'année ?

Les installations sont en effet équipées d'un système de régulation. Chaque soir, l'éclairage est automatiquement réduit à 50 % de son intensité entre 23 h et 6 h du matin afin de limiter la consommation d'énergie tout en garantissant la sécurité des usagers.

Question 3 : Si oui, est-il possible que ces dispositifs ne fonctionnent pas correctement actuellement, par exemple en raison de la période de mi-saison ?

Les dispositifs fonctionnent correctement. La programmation est directement intégrée dans les ballasts des luminaires. A noter que le « dimmage» n'est pas perceptible à l'œil nu, sauf si l'on se trouve exactement au moment du changement entre les deux niveaux luminosité, devant le luminaire.

Question 4 : Enfin, ne pourrait-on pas envisager, pour une meilleure gestion énergétique et environnementale, la mise en place d'un éclairage dynamique avec détecteurs de présence dans les zones de passage, combiné à un variateur crépusculaire pour les espaces de repos et de rencontre ?

Une telle solution n'est pas réalisable avec l'éclairage actuellement en place, car les installations existantes ne sont pas compatibles avec un système dynamique à détecteurs de présence ou un variateur crépusculaire.

De plus, la présence d'un système d'éclairage de sécurité impose un éclairage minimum continu, y compris en l'absence de passage, afin d'assurer une visibilité suffisante en cas de situation d'urgence.

A toutes fins utiles, les services communaux interviendront sur site pour procéder à une mesure précise de l'intensité lumineuse à l'aide d'un luxmètre, ce qui permettra de disposer de données techniques fiables. Les services communaux ont aussi été invités à étudier d'éventuelles pistes d'amélioration envisageables. Dans une logique de service public et de responsabilité, le collège des bourgmestre et échevins privilégiera l'option technique la plus appropriée pour garantir une réponse efficace, durable et conforme aux besoins exprimés, notamment en matière de sécurité.

Veuillez agréer, Madame, Monsieur, l'expression de notre très haute considération.

Pour le collège des bourgmestre et échevins,
le bourgmestre, Dan Biancalana
le secrétaire communal, Patrick Bausch

**Déi Gréng - Questions au sujet du versement de l'allocation de vie chère aux personnes y ayant droit**

Monsieur le Bourgmestre,
Mesdames et Messieurs les échevins,

Conformément à l'article 25 de la loi communale, le groupe déi gréng Diddeleng souhaite introduire la question écrite suivante à traiter lors du prochain conseil communal du 29 septembre 2025.
À la suite de la récente décision gouvernementale d'automatiser le versement de l'allocation de vie chère aux personnes y ayant droit, la question se pose quant à une éventuelle application d'un automatisme similaire au niveau communal. Dans le communiqué de presse du ministère compétent, il est indiqué : « Dans le but de lutter également contre le non-recours des prestations sociales communales, le Fonds national de solidarité (FNS) communiquera à l'avenir d'office aux communes les données des bénéficiaires de l'allocation de vie chère résidant sur le territoire des communes respectives. De cette manière, les administrations communales auront la possibilité d'introduire également un automatisme de versement des aides communales calquées sur l'allocation de vie chère. » Dans ce contexte, nous aimerions obtenir des précisions de la part du collège échevinal concernant les points suivants :

1. Combien de personnes résidant sur le territoire de la Ville de Dudelange figurent actuellement sur la liste transmise par le Fonds national de solidarité?

2. Quelle est l'ampleur des allocations sociales communales versées: par bénéficiaire (montant individuel), ainsi qu'au total (montant global annuel)?

3. Existe-t-il actuellement un automatisme de transfert de l'allocation communale aux personnes ayant droit, sur base des données transmises par le Fonds national de solidarité? Dans la négative : pour quelles raisons cela n'a-t-il pas été mis en place?

4. Le collège échevinal envisage-t-il de recourir à un tel automatisme à l'avenir, notamment dans un contexte où le taux de pauvreté est en croissance?

Dans l'attente de votre réponse, veuillez agréer, Monsieur le Bourgmestre, Mesdames et Messieurs les échevins, l'expression de notre parfaite considération.

Semiray Ahmedova Yves Steffen

***Réponse du collège des bourgmestre et échevin·es***

Madame, Monsieur,

Le parti « Déi Gréng » a remis le 23 septembre 2025 au collège des bourgmestre et échevins une série de questions concernant le versement de l'allocation de vie chère aux personnes y ayant droit.

Vous trouverez ci-dessous les réponses du collège des bourgmestre et échevins à ces questions.

Question 1 : Combien de personnes résidant sur le territoire de la Ville de Dudelange figurent actuellement sur la liste transmise par le Fonds national de solidarité? La dernière liste du Fonds National de Solidarité, reçue en juillet 2025, comprenait 843 dossiers. Il convient toutefois de préciser qu'il ne s'agit pas de personnes individuelles. En effet, les inscriptions dépendent de la composition des ménages concernés, qui peut évoluer au fil du temps. Par ailleurs, le Fonds National de Solidarité se limite à indiquer sur cette liste uniquement le destinataire principal, sans mentionner l'ensemble des membres du ménage.

Question 2 : Quelle est l'ampleur des allocations sociales communales versées :

• par bénéficiaire (montant individuel) ?
Le montant individuel par bénéficiaire n'est pas constant, car les aides communales dépendent de la composition du ménage demandeur. La Ville de Dudelange accorde une allocation compensatoire correspondant à 50 % de l'allocation de vie chère versée par le Fonds National de Solidarité, ainsi qu'une allocation supplémentaire pour la prime énergie équivalente à 25 % de cette même allocation. Les montants alloués sont inscrits au budget communal, soumis au vote du conseil communal. En outre, une prime est attribuée pour chaque élève fréquentant un établissement scolaire post-primaire, en supplément de ces aides.

• ainsi qu'au total (montant global annuel) ?
En 2024, 950 ménages ont bénéficié de l'allocation compensatoire, pour un montant total de 1'105'367,- €, auxquels s'ajoutent 64'912,50- € de prime énergie ainsi que 27'700,- € de prime de scolarité destinée aux enfants de plus de 12 ans effectivement scolarisés. La liste de janvier 2025, transmise par le Fonds National de solidarité comprenait 430 dossiers pour un montant total de 559'830,- €, dont 480'517,50- € d'allocation compensatoire et 79'312,50- € de prime énergie. Pour l'année 2025, le budget approuvé par le conseil communal prévoit un crédit de 1'500'000,- € à ces dispositifs.

Question 3 : Existe-t-il actuellement un automatisme de transfert de l'allocation communale aux personnes ayant droit, sur base des données transmises par le Fonds national de solidarité? Dans la négative : pour quelles raisons cela n'a-t-il pas été mis en place ?

Le dispositif automatique de traitement des dossiers est déjà en partie opérationnel. La première liste reçue en janvier 2025 a été intégrée avec précision par l'Office social de Dudelange dans son système interne, ce qui a ainsi permis un versement automatique des aides aux ménages concernés. Cependant, une seconde liste reçue en juillet 2025 présente certaines complexités. Plusieurs dossiers y figurent en double en raison de l'évolution de la composition des ménages — notamment l'ajout de partenaires, enfants, parents, etc. — ainsi que l'apparition de nouvelles demandes REVIS depuis janvier 2025. Cette situation rend difficile l'identification claire des nouveaux bénéficiaires. Afin de garantir la transparence et la bonne gestion des aides, il est demandé aux personnes ou ménages qui ne figurent pas sur la première liste de se présenter directement auprès de l'Office social pour soumettre leur demande.

Question 4 : Le collège échevinal envisage-t-il de recourir à un tel automatisme à l'avenir, notamment dans un contexte où le taux de pauvreté est en croissance?

La Ville et l'Office social restent néanmoins en attente d'un retour du Fonds National de Solidarité afin d'obtenir une liste actualisée permettant d'identifier précisément les nouveaux bénéficiaires inscrits depuis le début de l'année. Cette liste est essentielle pour assurer une gestion transparente et efficace des aides. Comme un automatisme de transfert est déjà largement en place, le Fonds National de Solidarité transmet ces informations sur une base semestrielle, ce qui impose aux autorités communales de s'organiser en conséquence pour garantir un suivi. L'Office social et la Ville de Dudelange restent pleinement mobilisés pour optimiser l'utilisation des données reçues et améliorer continuellement le dispositif d'attribution des aides.

Veuillez agréer, Madame, Monsieur, l'expression de notre très haute considération.

Pour le collège des bourgmestre et échevins,
le bourgmestre, Dan Biancalana
le secrétaire communal, Patrick Bausch

**Déi Gréng - Froe ronderëm d'Ëffentlechkeetsaarbecht zur Journée de la mobilité vum 20. September 2025**

Här Buergermeeschter, Dir Damme Schäffinnen,
Dir Häre Schäffen,

Am Numm vun déi gréng Diddeleng biede mir Iech an der nächster Gemengerotssitzung zu follgende Froe ronderëm d'Ëffentlechkeetsaarbecht zur Journée de la mobilité vum 20. September 2025 Stellung ze huelen. D'Social Media

Accounts vun der Stad Diddeleng gi mat ëffentleche Gelder finanzéiert. Dat engersäits mat der Bezuelung vun der Agence Standart, déi d'Fotoe mëscht, anerersäits duerch d'hausintern Kommunikatiounsekipp, déi ënner anerem d'Posts op de Reseaue mëscht. D'Finalitéit vun dësen digitale Kanäl ass et, d'Follower iwwer d'Liewen zu Diddeleng z'informéieren, dëst an enger politescher Neutralitéit.

Mär stelle fest, dass de Méindeg 22. September 2025 e Post op Facebook iwwert den offiziellen Account vun der Ville de Dudelange zum Kannerfloumaart an zum Mobilitéitsdag verëffentlecht ginn ass. An dësem stécht engersäits d'Präsenz vum "Didi the devil" ervir, anerersäits de Fait, dass de Gemengerot ausschliisslech vun LSAP-Politiker vertrueden ass. De Post dokumentéiert op 20 vun 32 Fotoen de Mobilitéitsdag. Vun dësen 20 Fotoe sinn der direkt 9 mat LSAP-Conseillere respektiv dem Schäfferot.

1. Gouf et en offiziellen Deel um Mobilitéitsdag, zu dem och den "Didi the devil" ageluede war? 1a. Am Fall wou: wisou wosst d'Oppositioun net Bescheed vun dësem Moment? 1b. Am Fall wou net: wéi kënnt et, dass den Tour vun de Schäffen- a Gemengeréit vun der LSAP vum Fotograf begleet ginn ass, dee mat ëffentleche Gelder bezuelt gëtt?

2. Ass de Schäfferot der Meenung dass esou Posts der politesch neutraler Informatioun vun de Bierger*Innen Rechnung droen?

An der Erwaardung vun Ärer Äntwert verbleiwe mer mat beschte Gréiss,

Semiray Ahmedova Yves Steffen

***Äntwert vum Schäff*innerot***

Madame, Monsieur,

D'Fraktioun "Déi Gréng" Diddeleng huet den 23. September 2025, am Virfeld vun der Gemengerotssitzung vum 29. September 2025 a geméiss dem internen Uerdnungsreglement vum Gemengerot vun der Stad Diddeleng, dem Schäff*innerot Froen zoukomme gelooss zum Thema "Ëffentlechkeetsaarbecht zur Journée de la mobilité vum 20. September 2025". Hei ënnendrënner fannt Dir d'Äntwerte vun eisem Schäff*innerot op Är Froen.

Fro 1 - Gouf et en offiziellen Deel um Mobilitéitsdag, zu dem och den "Didi the devil" ageluede war? 1a. Am Fall wou: wisou wosst d'Oppositioun net Bescheed vun dësem Moment?

Bei der Journée de la mobilité vun dësem Joer war keng offiziell Ouverture geplangt an och keen offizielle Moment. D'Servicer Circulation a Fêtes et Manifestations hate follgend Informatiounsstänn, respektiv Animatiounen organiséiert: Parcours d'initiation au vélo, Monowheel, Informatiounsstand vun der Police, Smoothie bike, Visites guidées à vélo, Géocaching. Den "Didi the devil" war vu kengem Gemengeservice agelueden. Deemno berout seng Präsenz op Eegeninitiativ. Wéi een och um Instagram Account didisenfttourdefrance vum "Didi the devil" gesäit, war heen och um Tour de Luxembourg an och um Basket zu Diddeleng.

1b. Am Fall wou net: wéi kënnt et, dass den Tour vun de Schäff*innen- a Gemengeréit vun der LSAP vum Fotograf begleet ginn ass, dee mat ëffentleche Gelder bezuelt gëtt? D'Membere vum Schäff*innerot waren op der Journée de la mobilité an um Kannerfloumaart präsent, well de Schäff*innerot fir d'Organisatioun vun den Eventer verantwortlech ass.

De Service Communication et Relations Presse hat e Fotograf beoptraagt Fotoe vun den Eventer ze liwweren. De Fotograf huet bei senger Interventioun, wéi ofgemaach, d'Evenementer fotographesch festgehalen, an ass dobäi och op d'Gemengerotsmemberen agaangen, déi zu deem Zäitpunkt präsent waren.

Fro 2- Ass de Schäff*innerot der Meenung dass esou Posts der politesch neutraler Informatioun vun de Bierger*Innen Rechnung droen?

De Service Communication et Relations Presse këmmert sech ëm d'Posten op de soziale Medie vun der Stad Diddeleng a publizéiert interessant Informatiounen, déi d'Ambiance op den Eventer vun der Gemeng erëm ginn. De Fotograf schléisst keng Gemengerotsmemberen op de Fotoen aus a kritt och keng esou Instruktiounen. De Service Communication vun der Gemeng traitéiert deen Dossier, wéi och de ganze Rescht vun der Aarbecht, en bon·ne père·mère de famille an ouni Zensur. Deemno ass de Service Communication et Relations presse de Kontakt fir all Reklamatiounen a net déi extern Gesellschafte mat deenen d'Gemeng zesummeschafft an déi den Optrag kruten.
Mat beschte Gréiss,

Fir de Schäff*innerot vun der Stad Diddeleng,

de Buergermeeschter, Dan Biancalana
de Gemengesekretär, Patrick Bausch




Depuis quelques mois, la Police constate une forte augmentation du nombre de **cambriolages** dans les **caves** et **garages communs.**

# MIEUX VAUT PRÉVENIR !

**N'ouvrez pas sans vérification** la porte d'entrée principale de la résidence ;

**Verrouillez** toujours **l'accès** aux caves et garages privés ;

**Ne gardez aucun objet de valeur** dans les garages et caves ;

**Sécurisez** les vélos **de manière supplémentaire** dans les caves et garages ;

Si vous rencontrez des **personnes étrangères** à la résidence, n'hésitez pas à les **interpeller;**

**Alertez** immédiatement la Police en cas d'observations suspectes.

Pour plus d'**informations** et de **conseils,** renseignez-vous gratuitement auprès du service de prévention de la Police :

## SERVICE NATIONAL DE PRÉVENTION DE LA CRIMINALITÉ

(+352) 244 24 40 33
prevention@police.etat.lu
www.police.lu

Cité Policière Grand-Duc Henri
1 A-F, rue de Trèves
L-2632 Luxembourg

# Noël à Dudelange



**5. - 14.12.**

*Marché de Noël traditionnel*

Pl. Hôtel de Ville

**5. - 14.12.**

*Marché de Noël médiéval*

Place Kinnen

**22.11. - 14.12.**

*Marché d'Hiver*

Place Am Duerf

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

F.C.A.D

SYNDICAT D'INITIATIVE ET DU TOURISME DUDELANGE

RTL

RADIO DIDDELÉNG FM 103.6

Canon